n°8/2024

GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 11.11.2024

#maville

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL

Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP

Loris Spina,
échevin LSAP

Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP

René Manderscheid,
échevin LSAP

Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP

Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP

Romain Zuang,
conseiller LSAP

Roby Goergen,
conseiller LSAP

Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP

Diogo Costa,
conseiller LSAP

Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV

Françoise Kemp,
conseillère CSV

Claude Martini,
conseiller CSV

Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV

Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng

Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng

Marc Meyer,
conseiller DP

Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR

Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Rita Schmit / Photos: Ville de Dudelange, Standart, Studion.
n°8 / 2024 - Parution: janvier 2025 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé et certifié FSC.

SOMMAIRE

Rapport sommaire en français 05

1. CORRESPONDANCE 09

2. CIRCULATION 09
2.1. Modification du règlement général de la circulation du 13 juillet 2018
– réglementation de la rue Milly Steinmetz-Ludwig
2.2. Modification du règlement général de la circulation du 13 juillet 2018
– règlementation de la rue G.-D. Adolphe, rue Henri Bessemer, rue Aloyse Kayser,
rue du Stade J. F. Kennedy, rue Dominique Lang, rue de Lauenburg, rue Ribeschpont,
rue Jean Schortgen et rue de la Vallée
2.3. Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion des travaux de réaménagement
de la route de Boudersberg et de la rue du Mont Saint Jean
2.4. Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion des kermesses 2025

3. FINANCES 15
3.1. Approbation du devis estimatif relatif à l'aménagement des chemins et passages mixtes
pour piétons et cyclistes aux croisements route de Luxembourg / rue Abbé Lemire / rue Jean Simon
– rue Lentz / rue Edison – route de Zoufftgen / rue des Genêts / Um Kräizbierg
3.2. Nouvelle fixation des indemnités à allouer aux formateurs
1) des cours de formation informatique et internet et 2) des cours de langues
3.3. Approbation du devis estimatif relatif à la rénovation des fenêtres au Foyer Diddelfamill,
sis 145, rue des Minières
3.4. Approbation du contrat de fermage avec les époux Peter-Hoffmann concernant une parcelle
de terrain au lieu-dit « Menkeswies »
3.5. Vente d'une parcelle de terrain sise à Dudelange, rue de Hellange, aux époux Remy Albert Bernard
Berchem et Beata Barbara Szczepaniak
3.5.1. Reclassement de la parcelle de terrain du domaine communal public en domaine communal privé
3.5.2. Approbation de l'acte notarié de vente
3.6. Acquisition d'emprises – approbation d'actes de vente
3.6.1. Époux Paulo Jorge Ribeiro Eires et Marina De Jesus Jorge, terrain rue Jean Friedrich
3.6.2. Époux Gonçalo Daniel Silva Pina et Silvia Margarida De Jesus Duraes Prata Coelho,
terrain rue Jean Friedrich
3.6.3. Époux Olivier Jean René Du Breuil Helion de la Gueronnière et Emmanuelle Anne Françoise Gond,
terrain route de Burange
3.6.4. Époux Christian Luis Fernando Besch et Liljana Savic, terrain route de Burange
3.6.5. « CG-LUX INVEST S.à r.l. », terrain rue de la Libération
3.6.6. Madame Jacqueline Ross, terrain rue Schiller
3.6.7. Madame Marie-Claire Girtgen, terrain rue Schiller
3.7. Allocation d'un subside extraordinaire
3.8. Modification du chapitre XII du règlement-taxes général – École régionale de musique de la Ville de
Dudelange

4. ENSEIGNEMENT MUSICAL 24
Approbation de l'organisation scolaire définitive de l'enseignement musical
pour l'année scolaire 2024-2025

5. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL 32
Approbation de l'organisation scolaire définitive 2024-2025 de l'enseignement fondamental

6. PATRIMOINE RELIGIEUX ET ARCHITECTURAL 45
Approbation de la renonciation à l'offre du Kierchefong en vue de la cession à l'euro symbolique
de la Chapelle Saint-Eloï

7. URBANISME 51
7.1. Mise en procédure du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la Ville de Dudelange – partie écrite, plusieurs articles pour permettre les habitations légères [Dossier 6]
7.2. Approbation d'un projet de lotissement/morcellement d'une parcelle cadastrale longeant la rue an der Foxenhiel, numéro 7 en 2 parcelles cadastrales

8. GESTION DES FORÊTS COMMUNALES 58
8.1. Approbation du plan de gestion annuel des forêts communales pour l'exercice 2025
8.2. Approbation du plan d'aménagement forestier de la forêt communale de Dudelange pour les années 2024-2033

9. OFFICE SOCIAL 68
Approbation des bilans et comptes de profits et pertes de l'exercice 2022

10. PACTE COMMUNAL DU VIVRE-ENSEMBLE INTERCULTURE 69
Présentation du Pacte communal du vivre-ensemble interculturel et nomination des membres dans le Comité de pilotage du pacte communal

11. COMPOSITION DE COMMISSIONS CONSULTATIVES 77
Approbation des changements au sein de la composition de commissions consultatives

12. PERSONNEL 78
Approbation du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'une montre pour 20 ans de bons et loyaux services et du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'un bon d'achat à l'occasion de leur départ à la retraite

13. JARDINS ÉPHÉMÈRES 78
Motion soumise par la fraction « Déi Gréng » – Jardins éphémères à Dudelange

14. RETTUNGSPUNKTEN 83
Motion soumise par la fraction « CSV » – Rettungspunkten zu Diddeleng

15. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS 85

RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina (à l'exception des points numéros 2.2, 2.3 et 2.4 de l'ordre du jour) ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries (à l'exception des points numéros 3.4 et 3.5 de l'ordre du jour) ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins.
Mesdames Semiray Ahmedova, Martine Bodry-Kohn ; Monsieur Diogo Costa ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen (à l'exception du point numéro 3.2 de l'ordre du jour) ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer, Yves Steffen (à l'exception du point numéro 11 de l'ordre du jour) ; Mesdames Rosella Spagnuolo, Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. • **Délégations** : Monsieur Loris Spina, échevin, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries, échevine pour les points numéros 2.2, 2.3 et 2.4 de l'ordre du jour.

1 – CORRESPONDANCE

Il n'y a pas de correspondance à destination du conseil communal.

2 – CIRCULATION

Les décisions suivantes en matière de réglementation de la circulation sont prises à l'unanimité par le conseil communal :

2.1. la modification du règlement général de la circulation dans la rue Milly Steinmetz-Ludwig, entre les maisons n° 21-23. Par cette modification une place de livraison permanente est règlementée à proximité de l'école Lenkeschléi ;

2.2. la modification du règlement général de la circulation dans la rue G.-D. Adolphe, rue Henri Bessemer, rue Aloyse Kayser, rue du Stade J. F. Kennedy, rue Dominique Lang, rue de Lauenburg, rue Ribeschpont, rue Jean Schortgen et rue de la Vallée pour l'installation de stations supplémentaires de bornes de recharge pour voitures électriques aux endroits prémentionnés ;

2.3. la réglementation temporaire de la circulation à l'occasion des travaux de réaménagement de la route de Boudersberg et de la rue du Mont Saint Jean, et

2.4. le règlement temporaire de la circulation à l'occasion des kermesses de l'année 2025.

3 – FINANCES

Les dossiers suivants en matière de finances communales sont approuvés à l'unanimité par le conseil communal :

3.1. le devis estimatif du bureau Schroeder & Associés pour un montant de 870'000,- €, toutes taxes comprises, relatif à l'aménagement des chemins et passages mixtes pour piétons et cyclistes aux croisements route de Luxembourg / rue Abbé Lemire / rue Jean Simon, rue Lentz / rue Edison et route de Zoufftgen / rue des Genêts / Um Kräizbierg. Le projet prévoit la mise en conformité respectivement le réaménagement de cinq passages mixtes, d'un passage pour piétons et de deux arrêts de bus, ceci afin d'assurer une traversée sécurisée des piétons et des cyclistes sur les passages sous rubrique. Il est prévu d'éclairer les passages par des mâts d'éclairage à flux lumineux asymétrique, d'abaisser les bordures des trottoirs et d'aménager les trottoirs afin de garantir l'accessibilité des personnes à mobilité réduite. La mise en conformité de deux arrêts de bus est également incluse dans le projet. Le projet comprend les travaux de voirie et des équipements publics ;

3.2. la nouvelle fixation des indemnités à allouer aux formateurs 1) des cours de formation informatique et internet et 2) des cours de langues.
A partir du 2e trimestre de l'année scolaire 2024/25, le montant de l'indemnité à allouer aux formateurs des cours de formation informatique et internet est fixée à 60,- € par heure de cours dispensé en individuel et à 50,- € par heure de cours dispensé en équipe de deux formateurs. Le montant de l'indemnité à allouer aux formateurs des cours de langues est fixé à 60,- € par heure de cours dispensé ;

3.3. le devis estimatif, établi par le service d'entretien des bâtiments communaux, pour un montant de 52'000,- €, toutes taxes comprises, relatif aux travaux de rénovation des fenêtres au Foyer Diddelfamill ;

3.4. le contrat de fermage aux termes duquel la Ville de Dudelange loue à Monsieur Nico Peter et son épouse Madame Sandy Hoffmann de Dudelange, un pré d'une superficie de 16 ares 48 centiares au lieu-dit « Menkeswies » ;

3.5. le reclassement d'une parcelle de terrain, propriété de la Ville de Dudelange, inscrite au cadastre de la commune de Dudelange, section B de Burange, sub numéro cadastral 1193/6716, lieu-dit « rue de Hellange », du domaine communal public en domaine communal privé et subséquemment l'acte de vente notarié aux termes duquel ladite parcelle de terrain est cédée aux époux Remy Albert Bernard Berchem et Beata Barbara Szczepaniak au prix de 10'800,- € ;

3.6. les actes de vente suivants relatifs à l'acquisition d'emprises : époux Paulo Jorge Ribeiro Eires et Marina De Jesus Jorge, terrain rue Jean Friedrich ; époux Gonçalo Daniel Silva Pina et Silvia Margarida De Jesus Duraes Prata Coelho, terrain rue Jean Friedrich ; époux Olivier Jean René Du Breuil Helion de la Gueronnière et Emmanuelle Anne Françoise Gond, terrain route de Burange ; époux Christian Luis Fernando Besch et Liljana Savic, terrain route de Burange ; société « CG-LUX INVEST S.à r.l. », terrain rue de la Libération ; Madame Jacqueline Ross, terrain rue Schiller, et Madame Marie-Claire Girtgen, terrain

rue Schiller ;

3.7. l'allocation d'un subside extraordinaire de 100,- € à l'a.s.b.l. SCAP – Lëtzebuerger Aktiounskrees Psychomotorik ;

3.8. les nouveaux droits d'inscription annuels à l'Ecole régionale de musique de la Ville de Dudelange en matière d'enseignement musical, fixés comme suit à partir de l'année scolaire 2025/2026 :

TAXE LOCATION INSTRUMENT	
Location Instrument	125,- €
TAXE COURS INSTRUMENTAUX ET VOCAUX	
Élèves et étudiants scolarisés	Gratuit
Adultes	100,- €
Cours pour la petite enfance	50,- € par trimestre
STAGES NATIONAUX	
Stages avec une nuitée	100,- €
Stages avec deux nuitées	125,- €
ÉCHANGES INTERNATIONAUX	
50% des frais encourus par l'École de Musique	

4 – ÉCOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE

Unanimement est approuvée l'organisation scolaire définitive et détaillée de l'année scolaire 2024/2025 de l'école régionale de musique de Dudelange. Ci-après quelques chiffres clefs : 1'306 élèves inscrits dans des cours individuels, 1'178 élèves inscrits dans des cours collectifs, 347 cours de musique de chambre et ensembles, 60 enseignants. Les cours sont dispensés à Dudelange, Bettembourg, Roeser, Weiler-la-Tour et Kayl/Tétange.

5 – ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

Unanimement est approuvée l'organisation scolaire définitive de l'année scolaire 2024/2025 de l'enseignement fondamental.

6 – PATRIMOINE RELIGIEUX ET ARCHITECTURAL

Le Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique (Kierchefong) propose la cession de la Chapelle Saint Eloï, classée en tant que monument national, à la Ville de Dudelange à l'euro symbolique.

Il est à constater que le collège des bourgmestre et échevins s'est concerté en amont de la présente discussion avec le Ministre de la Culture, l'Institut national pour le patrimoine architectural (INPA) et le Kierchefong. Il ressort d'une analyse détaillée, commanditée par le Ministère de la Culture, que la Chapelle Saint Eloï, dont le Fonds de Gestion est le propriétaire, se trouve dans un état critique. Une visite des lieux a eu lieu par des représentants de la Ville de Dudelange, du Ministère de la Culture, de l'INPA, le du bureau HLG Ingénieurs-conseils et les représentants des Œuvres Paroissiales.

Par la suite, le bureau HLG Ingénieurs-conseils, pour le compte du maître d'ouvrage INPA, a procédé à une analyse détaillée et a remis ses conclusions qui laissent ressortir que des dépenses budgétaires conséquentes sont à prévoir pour la remise en état de la Chapelle Saint Eloï, sans la prise en compte d'une possible destination future à déterminer et de ses coûts supplémentaires.

Après discussion et délibération, le conseil communal décide unanimement de renoncer à l'offre du Kierchefong pour la cession à l'euro symbolique de la Chapelle Saint Eloï à la Ville, ceci vu les coûts élevés de la remise en état ainsi que les dépenses supplémentaires concernant la future destination de la chapelle.

7 – URBANISME

Les décisions suivantes en matière d'urbanisme sont approuvées à l'unanimité par le conseil communal :

7.1. la mise en procédure du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la Ville de Dudelange – partie écrite, plusieurs articles pour permettre les habitations légères « Tiny Houses » ;

7.2. le projet de lotissement/morcellement d'une parcelle cadastrale longeant la rue an der Foxenhiel, numéro 7 en 2 parcelles cadastrales pour le compte de la société Kvaadrat de Rollingen.

8 – GESTION DES FORÊTS COMMUNALES

8.1. à l'unanimité, est approuvé le plan de gestion annuel des forêts communales pour l'exercice 2025, présenté par l'Administration de la nature et des forêts et résumé comme suit :

	Investissements (EUR)			Revenus (EUR)		
	Salaires	Factures	Total	Subsides	Recettes	Total
Gestion durable des forêts	56 350,00	105 800,00	162 150,00		20 000,00	20 000,00
Protection de la nature	10 000,00	5 500,00	15 500,00			
Sensibilisation	62 500,00	67 500,00	130 000,00			
Ressources cynégétiques	5 000,00	8 000,00	13 000,00		3 000,00	3 000,00
Surveillance et Police						
Logistique et personnel	95 800,00	42 000,00	137 800,00			
Grand total :	229 650,00	228 800,00	458 450,00		23 000,00	23 000,00

Synthèse des récoltes de bois	Vol sur écorce en m³		
	Grume	Trituration	Total
Hêtres	18,00	60,00	78,00
Autres feuil.	30,00	220,00	250,00
Epicéas	20,00	20,00	40,00
	68.00	300.00	368.00

8.2. le plan d'aménagement forestier de la forêt communale de Dudelange pour les années 2024-2033 est adopté avec les voix de tous les conseillers communaux.

9 – OFFICE SOCIAL

Le conseil communal avalise avec toutes les voix les bilans et comptes de profits et pertes de l'exercice 2022 de l'Office social Dudelange.

10 – PACTE COMMUNAL DU VIVRE-ENSEMBLE INTERCULTUREL

Le pacte communal du vivre ensemble interculturel, tel que ce pacte a été conclu entre le collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange et Monsieur Max Hahn, Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil, est présenté au conseil communal.

La convention relative au « Gemengepakt » contribue à mettre en œuvre le vivre-ensemble interculturel au niveau communal et est établie conformément à la loi du 23 août 2023 relative au vivre-ensemble interculturel. L'administration communale est souvent le premier point de contact de toute personne nouvellement installée et joue, un rôle primordial pour assurer un vivre-ensemble harmonieux pour tous. En signant le « Gemengepakt », notre Ville et le Ministère s'engagent dans une collaboration étroite, en vue d'un processus pluriannuel et participatif qui met l'accent sur l'accès à l'information, la participation de toutes les personnes résidant ou travaillant sur le territoire de la commune et la lutte contre le racisme et toute forme de discrimination.

Conformément aux dispositions de l'article 4 du pacte communal, le conseil communal décide unanimement de constituer un comité de pilotage chargé de la mise en œuvre et du suivi du pacte communal du vivre-ensemble interculturel comme suit : le nombre des membres du comité de pilotage est fixé à 9, dont 1 membre du conseil communal, 3 membres de la commission consultative du vivre-ensemble interculturel, 3 représentants des associations locales et 2 coordinateurs du pacte communal du vivre-ensemble interculturel.

Par la suite, les membres ci-après sont nommés au comité de pilotage :
Membre du conseil communal : Claudia Dall'Agnol.
Membres de la commission consultative du vivre-ensemble interculturel : Martine Bodry-Kohn, présidente; Catherine Richard, membre; David Mahnen, membre. Membres des associations locales : Christian Thill, Karate Samurai Dudelange; Annette Kemp-Klemann, Diddeleng Hëlleft; David Hallany, Diaspo Afro Comédie; Coordinateurs du pacte communal du vivre-ensemble interculturel : Cédric Czaika, Félix Bonne.

11 – COMMISSIONS CONSULTATIVES

Les changements au sein de la composition des commissions consultatives communales et la nomination de nouveaux membres ci-après sont approuvés à l'unanimité :

1. COMMISSION DE L'ENSEIGNEMENT MUSICAL -
Membres : Déi Gréng, Sandro Farnetti remplace Celia Seil

2. COMMISSION DE L'ÉGALITÉ DES CHANCES ET LA NON-DISCRIMINATION - Membres : DP Anne Leser remplace Françoise Binsfeld

3. GROUPE D'EXPERTS URBANISME
Membres : Président Dan Biancalana, bourgmestre; Urbanisme: Lex Faber, Bureau Zeyen + Baumann; Eva Gottschalk, ingénieur diplômée – urbaniste; Paysagisme: Carlo Mersch, Mersch Ingénieurs-Paysagistes S. à r.l.; Architecture: Marco Bidaine, Beng Architectes Associés; Florian Hertweck, Université de Luxembourg; Cathy Mambourg, architecte de la Ville; Mobilité: Romain Molitor, Komobile; Pit Demuth, service de la circulation; Ecologie: Lis Cloos, service de protection de l'environnement et du développement durable; Infrastructures: Serge Welscher, Schroeder & Associés; Nic Krumlovsky, ingénieur de la Ville Autorisations de bâtir: Tom Bernard, service des autorisations de bâtir; Christophe Da Silva Carreira, service des autorisations de bâtir

4. ÉQUIPE CLIMAT
Membres : LSAP Diogo Costa remplace Fabienne Dimmer

12 – PERSONNEL

Le conseil communal approuve avec toutes les voix le relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'une montre pour 20 ans de bons et loyaux services et du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'un bon d'achat à l'occasion de leur départ à la retraite.

Les personnes ci-après énumérées sont au service de la Ville depuis vingt ans, et recevront un bon d'achat d'une valeur de 1.000,- € pour l'acquisition d'une montre pour bons et loyaux services : Madame Maria Fernanda Afonso, Agente polyvalente ; Messieurs Vito Barcadoro Ciaffaldano, Artisan, Serge Casarin, Aide-artisan ; Madame Marilena Delli Carpini, Agente polyvalente ; Monsieur Steve Fanelli, Chef d'atelier ; Madame Antonietta Ferruccio, Agente polyvalente ; Messieurs Jean-Marc Him, Artisan, Alain Palzer, Ingénieur technicien ; Mesdames Nadine Tock, Agente polyvalente, Carole Vesque, Institutrice ; Messieurs Andy Ley, Instituteur ; Dany Pierson, Instituteur, Roby Pierson, Instituteur ; Mesdames Fabienne Guidoreni, Institutrice, Monia Porini, Institutrice ; Messieurs Gilles Leyers, Enseignant, Ecole régionale de musique, Michel Scheuer, Infirmier CIS Dudelange, Georges Bemtgen, Commission des bâtisses et Emile Lorenzini, Commission Mémoire collective.

Les personnes ci-après énumérées sont parties à la retraite en 2024 et recevront à cet effet un bon d'achat de 200,- € : Mesdames Anne Alles, Expéditionnaire administrative, Célia Almeida Gonçalves, Agente polyvalente, Nicole Arensdorf, Employée communale, Angèle Azzolin, Employée communale, Enseignement musical ; Monsieur Raymond Camporese, Artisan ; Mesdames Agata Casoli, Employée communale, Dorothée Conter, Employée communale ; Monsieur René Costantini, Agent polyvalent ; Madame Marie-Josée Fischer, Agente polyvalente ; Messieurs Marco Gruen, Chef d'équipe, Guy Hellers, Agent polyvalent, Patrick Hoss, Technicien diplômé ; Madame

Yvonne Houtsch, Employée communale, Joëlle Jacobs, Employée communale, Aidante sociale ; Messieurs Robert Kosch, Agent polyvalent, Maurice Kugeler, Chef d'atelier, Patrick Marin, Artisan ; Mesdames Friederike Migneco, Employée communale, Chantal Nilles, Fonctionnaire communale, Nicoletta Petrella, Agente polyvalente ; Messieurs Romano Savini, Chef d'équipe, Eric Teuwens, Employé communal, Enseignement musical, Patrick Thill, Agent polyvalent, Carlo Thome, Agent polyvalent, Jeff Differding, Instituteur ; Madame Karin Becker, Institutrice et Monsieur Paul Busch, Instituteur.

13 – JARDINS ÉPHÉMÈRES À DUDELANGE – *MOTION SOUMISE PAR LA FRACTION « DÉI GRÉNG »*

Par sa motion déposée, la fraction « Déi Gréng » invite le collège des bourgmestre et échevins à prévoir les moyens financiers et personnels dans le cadre du budget de l'exercice 2025 pour procéder à l'installation de jardins éphémères à Dudelange et de planifier lesdits jardin éphémères en étroite collaboration avec la commission de l'environnement, les services concernés, la coordination du « Urban Garden NeiSchmelz » et de consulter les responsables de la LUGA – Luxembourg Urban Garden ainsi que d'analyser la participation en tant que projet satellite dans la LUGA.

Le collège échevinal réplique à cette motion en annonçant que déjà avant le dépôt de cette motion, un groupe de travail interne de la Ville de Dudelange a été chargé de l'établissement d'un catalogue de mesures similaires à des jardins éphémères. Ce groupe a aussi récolté l'expertise et des « best practices » à l'étranger. Ces projets sont repris dans le projet de budget de l'exercice 2025. Après échange, le conseil communal rejette avec 10 voix contre 3 et 6 abstentions, la motion soumise par la fraction « Déi Gréng » au sujet ci-dessus.

14 – RETTUNGSPUNKTEN ZU DIDDELENG – *MOTION SOUMISE PAR LA FRACTION « CSV »*

La motion sollicite l'installation de points de secours dans les forêts communales en vue de conférer une meilleure sécurité pour les personnes fréquentant les forêts, ceci à l'instar du projet pilote « Rettungspunkte Wald » au « Gréngewald ».

Le collège des bourgmestre et échevins renvoie à cet effet à la présentation de Monsieur le garde-forestier à l'occasion du vote du plan de gestion des forêts communales pour l'exercice 2025 et constate que depuis 2023, la planification des points de secours dans les forêts a été entamée en étroite collaboration avec les services compétents et notamment le CGDIS. Sont planifiés à cet effet, 39 places de secours dans les forêts. Il est prévu de finaliser le projet au cours de l'année 2025. Les informations seront intégrées dans le Géoportail. Après échange, le conseil communal rejette avec 10 voix contre 9, la motion soumise par la fraction « CSV » au sujet ci-dessus.

15 – QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Une question de la fraction « Déi Gréng » – Shared Space – retour sur la motion du 26 octobre 2023, a été soumise au collège des bourgmestre et échevins. Il est répondu à la question par le collège des bourgmestre et échevins séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

GEMENGEROTSSITZUNG VUM 11. NOVEMBER 2024

1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ech mengen, et ass weider keng Kommunikatioun hei vu Säite vun de Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäfferot. An da géif ech proposéieren, dass mer direkt op de Punkt zwee, d'Circulatioun, iwwerginn, an da géif ech do dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert ginn.

2. VERKÉIERSREGLEMENTER

2.1. Änneruna vum allgemenge Verkéiersreglement vum 13. Juli 2018 - Reegelung an der Rue Milly Steinmetz-Ludwig

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, mir hunn um Ordre du jour elo d'Stëmme vun enger Liwwerplaz stoen, méi genau zwëschent den Haiser 21 an 23 an der Rue Milly Steinmetz-Ludwig. Dat ass näischt anescht wéi bei der Schoul Lenkeschléi. Firwat maache mer dat? Ma mir hunn op dëser Plaz Problemer mat de Liwwercamione fir d'Kiche vun der Schoul, well déi Liwwerungen, déi komme gréisstendeels wärend dem Moien, mä deelweis awer och mëttes un. An déi wëssen dann net genau, wou se sech sollen histellen, an da bleiwen se dacks matten an der Strooss stoen, wou se dann natierlech den Trafick behënneren.

Zousätzlech sinn natierlech och d'Awunnerinnen an d'Awunner, d'Schülerinnen an d'Schüler betraff, well se net laanscht dee Camion kommen, wann dee grad do steet oder och vläicht net aus hirer Afaart erauskommen, wann deen eng Zäitchen do steet fir ze liweren. A fir dee Problem eeben elo ze léisen, soll eng permanent Liwwerplaz kommen, wou d'Livreuren sech dann och kënne parken, ouni iergendeen dann ze hënneren. Si ass och permanent, fir eeben ze vermeiden, dass awer Automobilisten sech am spéide Mëtten oder Owend op déi Plaz dann herno stellen an dann, wann d'Livreuren deen anere Moie kommen, se besat ass an si dann awer keng Plaz fannen. Méi ass vu menger Säit aus elo net ze soen a wann nach Froe sinn, dann ass eise Pit Demuth vum Service Circulation och hei, fir dorobber gären anzegoen. An en Awunner aus dem Quartier mam Mikael Da Silva och nach.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, fir d'Presentatioun. Si Froen dozou?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert, ech profitéiere vun der Geleeënheet, fir kënnen eng Fro ze stellen, well effektiv, ech hunn am Ufank, wou ech dat do um Ordre du jour gesinn hunn, geduecht, OK, eng Livraisounsparkplaz, do gëtt et net esou vill ze froen, an dat wat d'Madamm Dall'Agnol grad gesot huet, dat ass mir och iergendwéi dunn eréischt kloer gi, well mer och Awunner aus deem Quartier bei eis an der Lokalsektioun hunn an effektiv do ass ganz, ganz, ganz vill lass virun der Dier.

Eppes, wat ech elo net erausfonnt hunn, dat ass, firwat dass net méi zu der Säit am Fong beliwwert gëtt? Ech hat e bësse probéiert, an den Dokumenter ze sichen. Ech hat do lo näischt fonnt, well do war jo eng grouss Liwwerspuer u sech virgesinn, déi déi Situatioun dann awer iergendwéi entschäerft hätt. Dunn hunn ech gesinn, do ass elo dee Séchere Schoulwee, do sinn elo déi Piktogrammer dann drop, an, bon, ech hunn du mat den Dokumenter probéiert e bëssen ze interpretéieren, wéi déi Situatioun do elo zustane koum ass.

Net méi spéit ewéi de Moie stoung dann och, wou ech bis laanscht nach eng Kéier kucke war, wéi dat dann am Laf vu Moien ausgesäit, do stoung esou e risege Camion do, awer queesch iwwert den Trottoir, dee klengen Trëppelwee, deen do nach an der Milly Steinmetz-Ludwig Strooss ass, an dunn ech mech gefrot, do steet jo u sech schonn e Parkverbuetsschëld mat „Excepté Eurest" drënner, wat jo dann och net méi richteg ass, well elo Sodexo de Livreur ass vun der Kantin. War dat eigentlech esou geduecht, dass en nominellt Schëld am Fong d'Exceptioun kéint bidden, well di, dee Camion, ouni elo en Numm ze nennen, dat war eng aner Firma, deen hätt jo da schonn och net méi dierften do stoen.

A wéi gëtt herno och séchergestallt, dass déi Leit, déi liweren, sech och dorunner halen? Ganz einfach, well ech mer geduecht hunn, OK, et ass schonn elo e bëssen esou ausgeschëldert, wéi wann eng Livraisounsparkplaz eeben ass, just eeben Eurest, an deen do war vun enger anerer Firma, bon, dat ass nach de bonne guerre, deen doten huet misste liweren, mä och dee stoung ganz um Trottoir geparkt quasi, wärenddeems ech do laanschtgefuer sinn an dat war schonn awer relativ geféierlech, sou dass ech mer d'Fro gestallt hunn, ginn et och awer Auerzäiten - d'Madamm Dall'Agnol huet gesot - do ass eng permanent Livraisounsplaz, wat Sënn mécht, fir dass eeben d'Awunner net kënnen do stoen, mä dierfen déi do stoen, fir an an auszelueden zu deenen Zäiten, wou och d'Kanner an d'Schoul ginn oder aus der Schoul erauskommen?

Well, wou ech mer d'Situatioun ugekuckt hunn an e bëssen esou, jo, wa mer op dee Wee gi vu sécherer Mobilitéit ronderëm Schoulen, dee Wee, deen do erof-

kënnt, dee verleet awer dozou, dass wann ee mat der Trottinette oder mam Vëlo do gefuer kënnt, e bësse Vitess riskéiert ze kréien, a wann do déi Ladeklappe opsteet, dat kéint relativ domm endegen.

En plus schaaft et, wann et erlaabt ass, fir ze liwwere wärend den Zäiten, wou d'Kanner eran- an erausginn an d'Schoul, déi Situatioun, ech weess net ob Dir lech un déi Campagne vun der Securité routière kënnt erënneren, wou dat Kand esou hannert engem Camion erauskuckt? Et ass eebe fir drop hinzeweisen, dass ee wierklech muss oppassen.Schaaft dat do keng geféierlech Situatioun? Dat elo mol einfach als Fro un lech oder un lech zwee. Merci scho fir d'Äntwert.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen. Nach weider Stellungnamen, Froen? Dat ass net de Fall.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Jo, ech mengen, op déi technesch Voleten, wéi déi Schëlter mussen ausgesinn, kann de Pit Demuth agoen. Ech weess net, ob d'Josiane Di Bartolomeo-Ries nach wëll eppes zum Séchere Schoulwee soen? Dat eent wat ech elo kuerz wëll drop agoen, ech mengen, wéi stelle mer dat sécher? Bon, Dir wësst jo, wéi et ass. Wann ee falsch steet, kann e protokolléiert gi vun eise Leit, respektiv vun der Police. Ech mengen, dat ass och dat eenzegt, wat wierkt, wann se e puermol awer op där Livraisounsplaz stinn, an se gi protokolléiert, da léieren se et, vläicht. An d'Zäiten, wéi d'Schoul beliwwert gëtt, do mengen ech, kann och d'Josiane Di Bartolomeo-Ries e bësse méi dozou soen, wéi ech selwer elo.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Ech kann am Fong just dozou soen, wéi ass déi Situatioun zustane komm? Dir wësst, datt den Accueil an engem gesécherte Beräich muss gemaach ginn, an dat ass eeben an der Lenkeschléi hannen dem Schoulhaff. Bis elo sinn d'Leit dann ëmmer iwwert dee Wee gaangen, hunn sech uewen do um Eck da getraff, a stoungen dann eeben deelweis do, wann et gereent huet, an enger Situatioun, déi net glécklech war, du hu mer dat préiwe gelooss vum Max Flammang an ech mengen och vun eise Servicer, an et ass esou, datt dee Wee laanscht d'Gebai elo net méi fir Livraisounen do ass, dofir hu mer och dee Potto do gesat, mä deen ass elo fir datt d'Kanner geséchert iwwert dee Wee a propper hannen an de Schoulhaff kommen, well den Accueil vum Schoulhaff do gemaach gëtt.

D'Livraisounen, dat hate mer ganz kloer festgehalen, och mat eisem Prestataire, datt déi eigentlech net däerfe gemaach ginn, wann eng Entrée oder eng Sortie ass. Dat heescht moies, wann d'Kanner kommen um zéng vir aacht, do däerf op kee Fall eppes gemaach ginn. Mir hunn hinnen dat gesot. Wéi mer et kontrolléieren? Da misste mer eis gläich selwer de ganzen Dag dohinner stellen, mä mir soen hinnen et ëmmer erëm, wa Reklamatioune kommen, kréien si och vun eisem Service eng Mail oder och en Telefonat, fir datt dat net soll gemaach gi ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Gutt, ech mengen, dann hätte mer den Tour gemeet. Eis Mataarbechter wéilten nach Prezisiounen technescher Natur ginn.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATIOUN): Jo, Merci fir d'Wuert. Ma ech kommen dann op de techneschen Deel vun der Fro, wéi gëtt dat elo reglementéiert. Also, bis elo war et ëmmer sou, et war eng reservéiert Parkplaz, déi ugefrot ginn ass, mä awer well mer elo keen nominell wëlle maachen, maache mer dat allgemeng an do kann och all Livreur drop halen, dat ass net nëmme fir Sodexo, mä ech mengen, si ginn och vun aneren Entreprisë beliwwert, ech wëll elo hei keng nennen, wéi d'Provençale, Grosbusch oder …, ouni wëllen een ze vergiessen, déi musse jo och eng Plaz hunn a wann do op eemol Sodexo steet, dann trauen déi sech net, fir sech do drop ze stellen, da stinn se rëm matzen an der Strooss. Dofir kënnen déi sech ëmmer permanent drop parken. An et ass, wéi d'Josiane Di Bartolomeo scho gesot krut, wärend der Schoulzäit, wann do Ufank a Schluss ass, dierfen se net do sinn, mä dat ass herno ganz schwéier technesch ze reglementéieren, dofir musse mer dann d'Kontrolle maachen, dass keen dann do steet, respektiv wann se do stinn, da ginn se da prevenéiert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och nach fir déi doten Erklärungen. Gutt, dann hätte mer den Tour gemeet. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat der Modifikatioun vum Règlement général vun eiser Circulatioun averstanen? ***Dat ass unanime.***

2.2. Ännerung vum allgemenge Verkéiersreglement vum 13. Juli 2018 - Reegelung an der Rue G.-D. Adolphe, Rue Henri Bessemer, Rue Aloyse Kayser, Rue du Stade J. F. Kennedy, Rue Dominique Lang, Rue de Lauenburg, Rue Ribeschpont, Rue Jean Schortgen an an der Rue de la Vallée.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci, Här Buergermeeschter. An de Joren 2020 bis 2022 goufe mam Energieministère zesummen op zwielef Plaze Chargy-Borne fir elektresch Autoen ze lueden, uechter Diddeleng, installéiert a well d'Demande awer vun esou Plazen ëmmer méi grouss gëtt, well et ëmmer méi Elektroautoen och ginn, gouf eeben decidéiert, nach méi där Plazen an Diddeleng ze installéieren. Well CREOS, dat ass de Gestionnaire vun deene Chargy-Bornen, keng neier méi installéiert, hu mer zwanzeg potenziell Plazen erausgesicht gehat, déi och an der Verkéierskommissioun vum 25. Mäerz diskutéiert goufen an déi och ëffentlech dann ausgeschriwwe via eng Plattform, déi heescht www.pro-charging.lu an dat ass an Zesummenaarbecht och eebe mat der Klima-Agence.

D'Entreprise SWIO, dat ass eng Entitéit zwëschent Losch Import S.à r.l. a Socom S.A., déi hunn sech gemellt, fir nei Statiounen ze installéieren an no enger Analys vun de potentielle Plaze gouf eng Ranglëscht dunn erstallt. Déi éischt Statiounen, déi si bei dem Stade Kennedy an op dem Parking am Brill-Rue Henri Bessemer komm. Zousätzlech kënnt, dëst Joer nach eng Statioun op de Parking an der Rue Dominique Lang beim ale Monopol.

Fir d'Joer 2025 kommen nach Statiounen op follgend Parkinger: Rue Grand-Duc Adolf niewent dem Restaurant, dat ass ongeféier 171 Rue de la Libération, an der Rue du Commerce bei der Maison Relais Strutzbierg, an der Aloyse-Kayser-Strooss bei der Keeler Strooss, also d'N 31, dann an der Rue Lauenbourg, zwëschent den Haiser fënnef a siwen, bei der Ribeschponter Schoul a bei der Rue Schortgen, do wou ee parkt, wann een op d'Haard spadséiere geet, an an der Rue de la Vallée zwëschent den Haiser 76 an 79.

Wann Der elo gutt opgepasst hutt, da sot Der, dat do sinn awer keng zwanzeg Statiounen, dat sinn der nëmmen zing, wou et opgezielt huet. Dat wëllt awer elo net heeschen, datt mer déi aner dann net maachen. Bei deenen anere Statioune mussen nach Etüde gemaach ginn, an et mussen och länger Tranchéeë gegruewe ginn, oder se sinn zum Deel an engem Projet, wou d'Gemeng d'Plaz souwisou wäert oprappen an engem anere Kader dran, an déi ginn dann och mat deem dote Projet dann dee Moment zesumme gemaach, fir datt mer net zweemol mussen op där Plaz buddelen.

An déi Plazen, déi kommen dann natierlech zu engem spéideren Datum op den Ordre du jour vum Gemengerot, soubal mer wëssen, wéini dat wäert de Fall sinn. Vläit eng aner Fro, déi Der lech gestallt hutt, ass d'Method vun der Vergab an och d'Zesummenaarbecht mat där Boîte SWIO, wou ech virdru gesot hunn. Mir als Gemeng stelle SWIO déi Plaze gratis zur Verfügung, genau wéi mer dat deemools och mat der CREOS gemaach hunn, a si këmmeren sech dann ëm d'Installatioun an awer och ëm d'Gestioun vun deene Bornen.

Déi Käschten, déi droen se och selwer an se kréien dann natierlech herno och honnert Prozent vum Ertrag. Zousätzlech kënnen si och vun engem Subsid vum Energieministère profitéieren, dee mir als Gemeng zum Beispill net kritt hätten. Dat gesot, géing ech lech einfach bieden, elo mol déi zéng Elektroparkplaze guttzeheeschen an, wéi gesot, mat deenen anere komme mer zu engem spéideren Datum nach eng Kéier hei an de Gemengerot zeréck a fir weider Froen ass de Pit Demuth jo nach ëmmer hei. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol. Si Froen dozou?

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Mir haten dann am Mäerz eng ganz flott an interessant Kommissiounssëtzung, wou mer ganz vill Echangen doriwwer haten a wou ech de Rapport gelies hunn, ass effektiv nach erauskomm, den Här Martini deemools gefrot hat, wéi et mat de Parkdauer wär, an dunn hunn ech dat nach eng Kéier ganz intensiv duerchgelies gehat, an effektiv weist et, an dat ass och elo nei dodranner, dass de op den Elektrobornen oder den Elektroparkplazen och net méi laang däerfs stoe bleiwe wéi dräi Stonnen.

Déi Fro war opkomm, nodeems ech gemierkt hunn, dass awer och eng ganz Rei vu Leit vun ausserhalb, vun iwwerall, an den Zentrum parke kommen, dann den Zuch huele fir an d'Stad, déi sti mam Elektroauto, déi konnte mam Auto an d'Duerf nach fueren, fir dann en Zuch ze huelen, an all déi aner, déi dann e Verbrennerauto haten, fir déi ass dat net gaangen, well déi däerfen net méi wéi dräi oder fënnef Stonnen op denger Parkplaz do stoe bleiwen. An déi Ongerechtheet, déi hu mer e bësselchen zu engem Deel ewechgeholl. Wat awer bleift, dat ass, wann s de eng Vignette hues, da kanns de esou laang op denger Elektroparkplaz stoe bleiwen, wéi s de wëlls. Et ass net ideal, mä effektiv, mir hate jo gesot, dass mer dat awer am A behalen an der Kommissioun an dass mer dat iwwert déi nächst Jore wäerten evaluéieren, respektiv, déi nächst Méint vläicht souguer, well am Moment geet alles relativ schnell, wat d'Technologie a wat d'Evolutioun vun der Elektromobilitéit ugeet.

Ech denken, dass och déi Elektroparkplazen, déi d'Gemeng do zur Verfügung stellt, dass do iergendwann eng Kéier eng Reegel kënnt, datt een sech just dohinner däerf stelle goen déi Zäit, wou ee parkt. Do ass awer eng ganz interessant Fro, also fir mech emol war dat eng ganz interessant Fro, well ech se jo och selwer gestallt hunn, wou ech mer déi lescht Méint ganz vill Froe gestallt hunn a mat ganz, ganz ville Leit geschwat hunn an ech hat och wierklech ganz interessant Echangen. Ech hat dat e bësse karitativ dohinner gestallt, déi Fro, déi ech an der Kommissioun gestallt hat.

Ech hat d'Fro gestallt, wéi wäit ass et de Rôle vun der Gemeng, fir an d'Zukunft, ech schwätze vun der Zukunft, net vun haut, den Elektroautoen oder de Leit eng Parkplaz oder eng Tankstell fir Elektroautoen zur Verfügung ze stellen? An, jo, mir mussen haut eppes maachen, fir d'Elektromobilitéit e bësselchen ze förderen. Et gi ganz, ganz vill Haiser, déi hu keng Garage, wéi et am Katalog ass, wann een d'Kataloge vun den Elektroautoe kuckt, do hues de ëmmer e schéint Haus dobäi mat enger Elektroborn an en neien Auto mat enger Famill, dat ass e Bild, wat einfach der Realitéit net wierklech entsprécht an et si ganz, ganz vill Leit, déi hu keng Parkplaz an déi mussen den Auto iergendwou anzwousch anescht kënnen ofstelle goen.

An awer muss een sech d'Fro stellen, ass et de Rôle vun der Gemeng, fir elo an Zukunft nach massiv Parkplazen iwwerall zur Verfügung ze stellen, fir dass d'Leit hiren Auto kënnen oplueden? Als Beispill, dat hunn ech just geholl, mir hunn eis jo och bis elo net drëms bekëmmert, wéi de Bensinner opgeluede gëtt. Dat war just e Beispill, mä ech mengen, dass déi Iddi hannendrun awer mol der Realitéit net wäit aus de Féiss geet a wann ee bedenkt, dass an e puer Joer nach just Elektroautoe verkaf ginn, wäert d'Unzuel vun den Autoen immens an d'Luucht goen.

A wat wäerte mer maachen? Wäerte mer massiv Plazen ronderëm Diddeleng schafen, wou d'Leit hiren Auto kënnen oplueden, oder solle mer eng Strategie ausschaffen, eventuell am SUMP esouguer, well dat jo e gudden Aarbechtsgrupp ass, wou mer kucken, wéi gi mer an der Zukunft mat där Thematik do ëm? Eng Léisung oder eng Pist, déi ech mer ka virstellen, wat an noer Zukunft, a ganz noer Zukunft wäert kommen, dat ass, dass déi Grande-surfacë wäerte massiv Elektrobornen op hire Parkplazen opstellen, fir dass dann

d'Leit dohinner kënne fueren, den Auto oplueden – bon, déi bezuele jo hire Stroum zwar - mä si kënnen dohinner fueren, si lueden den Auto op, si ginn déi Zäit akafen an da fueren se dann dono heem. An da gëtt natierlech awer erëm eng batter Konkurrenz par rapport zu engem Stadzentrum, wéi mir en hei hunn, a soll een net awer vläicht op d'Iddi kommen, also ufänken, driwwer nozedenken an auszeschaffen, ob mer vläicht méi Parkplazen am Zentrum wäerte maachen, wou d'Leit hiren Auto kënnen oplueden an Zukunft an da gläichzäiteg de lokale Commerce förderen, well de lokale Commerce an d'Stadliewe läit eis awer scho vill um Häerz a mir sinn also ëmmer frou, wa mer do iergendwéi eppes kënne maachen, fir deene Leit, déi am Duerf e Commerce hunn, awer iergendwéi entgéintzekommen.

Jo, wéi d'Elektromobilitéit wäert weidergoen a wéi vill Parkplaze mer brauchen, dat si Sujeten, déi musse mer ganz intensiv a seriö diskutéieren a kucken, wéi mer dat wäerten upaken. Natierlech wäert d'Bild an zéng Joer nees en anert sinn ewéi haut an an zwanzeg Joer nach eng Kéier anescht, a vläicht ginn an zwanzeg Joer guer keng Elektroborne méi gebraucht, hunn ech gëschter Owend geduecht, wou ech vill driwwer nogelies sinn, vläicht ass et an zéng Joer einfach esou, dass een en Auto mat échangeabele Batterië wäert hunn an dass ee keng Elektroborne méi brauch. Mä dat ass den Zäitpunkt haut net. Mä ech mengen, et ass awer ganz vill Potential do fir driwwer nozedenken an drop hinzeschaffen, wéi mer dat doten an noer Zukunft wäerte maachen. Mir wäerten dat do natierlech matstëmmen, well et fir den haitegen Zäitpunkt eng gutt Léisung ass, mä ech invitéieren awer wierklech, dass mer dee Sujet an der Verkéierskommissioun seriö wäerten diskutéieren a probéieren, eng Strategie auszeschaffen, wou mer wëllen hi steieren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Martini. Nach weider Stëmmen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci, ech hu just eng technesch Fro: Ech hunn hei um Schëld gesinn, also do steet jo bei der Situatioun, beim écrit, dass et dräi Stonnen sinn an op deem klengen Schëldchen do ënnert dem Schëldchen, do steet zwou Stonnen. Dat wollt ech just soen als kleng Remark. An ech wollt eeben och froen, wéi dat da geet, wann do steet, excepté trois heures, wat maache mer da mat deenen Autoen, kréien déi dann allkéiers e Protokoll, wann se da méi laang do stinn, wéi déi dräi Stonnen? D'Madamm Dall'Agnol hat gesot, et sinn nëmmen zéng Plazen, mä et si jo am Fong zwanzeg Plazen, well jo awer all Plaz zwou Chargy-Bornen huet, da musse mer erëm eis Agent-municipallen dohinner schécken, fir e bësse méi oft Kontrollen ze maachen.

An dann nach eng aner Fro, Dir hutt dat elo gutt erkläert, wéi eng Firma eis déi Bornen elo dohinner stellt a mir stellen den Terrain zur Verfügung. Ech wollt awer trotzdeem froen, wat kascht dat Gemeng elo awer och, mir musse jo och déi Plaz dann amenagéieren, huelen ech un, an iergendwéi eppes preparéieren, kann een dat iergendwéi chiffréieren, wéi vill dat eis Gemeng géif kaschten elo? Vläicht ass de Mika da Silva do gutt positionéiert, fir eis e bëssen ze soen, wat mir genau do musse maachen, muss een den Trottoir dann anescht maachen oder wéi eng Méiglechkeeten sinn do néideg oder musse mer Beem ëmhaen oder wat weess ech. Ma jo, et weess een et jo net, ma jo, ech soe jo nëmmen, ech soe jo nëmmen, ech froe jo nëmmen, wéi eng, wéi eng Mesurë musse mer do huelen, vun der Gemeng aus, a wat kascht dat eis?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci fir déi dote Froen. D'Claudia Dall'Agnol huet d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Jo, ech mengen, wat den Här Martini sot, dat ass ganz richteg. Mir haten an der Kommissioun eng länger Diskussioun do driwwer. De Problem ass, datt mir op eng Situatioun musse reagéieren, wéi se elo de Fall ass an et ginn nun emol eeben ëmmer méi Elektroautoen, déi och musse geluede ginn. Ech mengen, Europa huet sech jo eng Strategie ginn, fir och déi schnell Luedstatiounen ze förderen, wou s de wierklech däin Auto kanns a fënnef Minutten oplueden, wou s de bei enger normaler Born dann awer vläicht eng hallef Stonn oder eng Stonn, jee nodeems wéi en Auto et ass a wann och, ech nennen elo keng Marken, mä wann dann alleguerten déi Tankstellen op der Lëtzebuerger Strooss och esou schnell Luedstatiounen hunn, ech mengen dann ass de Problem och net méi grad esou grave.

Den Zentrum, jo, dat ass net falsch, datt een der méi kann am Zentrum maachen, mä ech muss awer éierlech soen, datt ech bis elo nach keen hat, dee mer gesot huet, en hätt hei keng kritt. Ech hunn der dacks, déi mer soen: „Ech krut keng Parkplaz!", mä ech hat awer elo wierklech nach keen, dee mer sot „Ech krut keng Elektroparkplaz!", natierlech musse mer dat am A behalen a wa bis Kloe kommen, ech mengen, mir kommen eng Kéier an de Gemengerot an da sinn déi Parkplazen do. Dat anert, wat d'Madamm Kayser gesot huet, bon, eis Agenten, déi mussen elo net onbedéngt extra dohinner goen, déi si jo an Tier agedeelt an déi gi souwisou op deene Plaze laanscht.

An dat anert, mä do korrigéiert de Pit Demuth mech elo, dat ass mat deene Schëltercher - normalerweis koum den Här Gangler domadder - u sech maache mir déi ëmmer dobäi, fir dat besser ze verstoen ass, wat dat heescht. Mä si hunn u sech kee reglementäre Kader. Et ass u sech dat, wat do steet, wat de Sënn gëtt an dat anert maache mir eigentlech ëmmer nëmmen dobäi, fir datt d'Leit hei am Gemengerot wëssen, wat gemengt ass a fir déi kleng Schëltercher do ze änneren, dat ass eng Sisyphus-Aarbecht, well et déi eeben net „op commande" gëtt. Wann een elo do wëllt aus zwou Stonnen dräi Stonne maachen, da muss de Pit Demuth sech dohinner setzen a mat Tipp-Ex oder ech weess net wat, dat maachen a kopéieren, an dofir maache mer dat u sech nëmmen, wann et wierklech net anescht méiglech ass. An et waren nach e puer technesch Saache komm, dofir géif ech d'Wuert dann direkt einfach weiderginn un de Pit Demuth, wann dat erlaabt ass.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATIOUN): Merci fir d'Wuert. Also, ech wëll just nach eng Kéier eng kleng Re-

mark soen zum Här Martini, zu den Elektroparkplazen am Zentrum. Ech mengen, wa mer elo kucken, hu mer der schonn iwwer zéng Stéck hei ronderëm d'Niddeschgaass, dat heescht, op der Place Fohrmann, am Schwaarze Wee, et kommen der bei d'Maison Relais um Strutzbierg, dat ass de Parking Commerce, mir hunn der bei der Gare, dat heescht, vun alle Säiten hu mer der schonns e puer Stéck.

Dann, wat muss gemaach ginn, wa SWIO eng Parkplaz mécht? Also, vun onser Säit muss net ganz vill gemaach ginn, ausser Reglementer hei am Gemengerot, wat dat kascht, dat kann ech elo net chiffréieren, dat ass lech iwwerlooss, mä duerno musse mir just nach eng Embase maachen an d'Schëld opstellen. Dat heescht, do si mer bei Käschte vu fofzeg Euro pro Schëld oder pro Born. Ech mengen, dat ass och nach, par rapport zu deenen anere Käschten, déi SWIO jo ze droen hunn, dass dat awer e bëssen ze vernoléissegen.

A wéi och d'Claudia Dall'Agnol scho richteg gesot huet, d'Reglementarescht ass ëmmer den Tex, d'Bild ass nëmmen als Beispill do an et ass ëmmer fir mech vill Aarbecht, do elo aus zwee eng dräi ze maachen, well et si verschidde Programmer, dann ass dat ëmmer ganz komplizéiert. An dann, wéinst dem Här Martini, ech hu mer et opgeschriwwen als Sekretär vun der Verkéierskommissioun, dass mer vläicht an der nächste Verkéierskommissioun och eng Kéier do dann eng Strategie ausschaffen, wéi mer an Zukunft do mat elektresche Parkplaze virufueren.

Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter): Merci och fir déi doten Erklärungen zu de Froen, déi gestallt goufen. Wa keng weider Froe méi sinn, géif ech soen, datt mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dëse Modifikatiounen averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

2.3. Approbatioun vum temporäre Verkéiersreglement wärend der Neigestaltung vun der Route de Boudersberg an der Rue du Mont Saint Jean

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Jo, mir kéimen dann elo zum nächste Punkt um Ordre du jour an dat ass d'Verkéiersreglement vum Chantier vu Ponts et Chaussées an der Butschebuerger Strooss. De 25. November 2021 hate mer hei en informelle Gemengerot, wou dëse Projet vum Bureau d'études virgestallt ginn ass an de 25. Mäerz 2022 gouf en dunn hei am Gemengerot gestëmmt. A fir datt awer kann ugefaange gi mat schaffen, fir datt Ponts et Chaussées ka lassleeën, musse mer elo en temporäert d'Verkéiersreglement stëmmen, fir datt eeben den Entrepreneur ka mat sengen Aarbechten ufänken a fir dass et approuvéiert zeréck ass vum Ministère, wann se da wëllen ufänken, musse mer et mat Zäite stëmmen, och wann d'Soumissioun u sech nach um Lafen ass.

Ausser de Mikael Da Silva seet mer, hie wär haut gewuer ginn, wéi en Entrepreneur et ass, mee, voilà, mir wëssen et nach net, mä Dir kënnt lech drun erënneren, datt mer ëmmer mussen dat Reglement aschécken an da waarde mer wéi laang, bis et geneemegt ass, dofir si mer léiwer mat Zäiten un.

Vläicht e puer Informatiounen. De Chantier ass och an e puer Phasen opgedeelt, an éier ech elo erzielen, wat pro Phas dann zou wäert sinn, musse vläicht nach e puer Saachen awer am Virfeld gesot ginn, Déi verschidde Moossnamen, déi ech elo wäert opzielen an déi och an Ärem Reglement stinn, déi si wärend deem ganze Chantier en vigueur, mä si ginn awer ëmmer nëmme wärend deene betraffene Phasen agesat, soudatt ni alles komplett zou ass.

Et ass och mam TICE a mam RGTR gekuckt ginn, wéi d'Busser an deene verschiddene Phase kënnen am beschte fueren. Et ass gekuckt ginn, datt eeben den ëffentlechen Transport esou mann ewéi méiglech Arrête verléiert a permanent dann och fuere kann a fir datt dëst méiglech ass, gi verschidden Arrête provisoresch eebe verréckelt. Dann, déi offiziell Deviatioun fir de motoriséierte Verkéier, déi geet iwwert d'Kayler Strooss, d'N31, Am Weierchen, Route de Noertzange a viceversa. D'Awunner kommen awer moies an owes am Sens unique bei hir Haiser. D'Butschebuerger Strooss wäert wärend dem ganze Chantier fir den Transitverkéier awer gespaart sinn.

Den Accès bei d'Schoul Butschebuerg ass och wärend dem ganze Chantier fir de motoriséierten Trafick gespaart, mat Ausnam fir d'Awunner natierlech an d'Noutdéngschter, a wann ee mam Auto muss bei déi Schoul, da kann een dat via d'Rue des Romains, also hanne laanscht, maachen. D'Entrée fir an d'Schoul Butschebuerg fir d'Foussgänger wäert an der éischter Phas haaptsächlech dann och, via d'Rue des Romains passéieren.

De Parking op der Place Gymnich wäert den Entrepreneur als Installation de chantier och zur Verfügung stoen. D'Stroossen, wou de Chantier grad ass, solle esou mann ewéi méiglech och gespaart ginn, esou dass den Trafick ëmmer och ka rullen, mä Dir kënnt lech jo virstellen, datt dat eeben net ëmmer permanent wäert méiglech sinn.

D'Zuele vun der Dauer, déi do stinn, bon, dat ass natierlech ëmmer eng Schätzung an dat hänkt natierlech och ëmmer vill vum Ënnerbau vun der Strooss of an natierlech och vun de Wiederkonditiounen, déi mer wäerte virfannen, wann den Entrepreneur bis amgaang ass. Dofir maachen ech drop opmierksam, dat ass wierklech just e Richtwäert. Dann awer zu deene verschiddene Phasen. De Chantier wäert op der Kräizung Rue de Boudersberg - Rue des Champs ufänken. Dat ass den déifste Punkt vum Chantier an do fänke mer mam Kanal un. Den Entrepreneur schafft sech dann an zwou Etappen a Richtung Kayler Strooss virun. Dono erneiert en och d'Reseauen an hält mam Reamenagement natierlech vun der Strooss a vum Trëttoir op.

Wéi Dir och wësst, kënnt virun d'Schoul eng Zon 30. De Bus, dee kann a Richtung Diddeleng-Zentrum och duerch de Chantier fueren. Do ass genuch Plaz, fir datt dat machbar ass. An dës Phas vu ronn 330 Meter, déi géif dann, wéi gesot - ech soen et nach eng Kéier, dat ass ëmmer nëmme geschätzt - 165 Schaffdeeg

daueren. An nodeems dann de Chantier bei der Route de Kayl ukomm ass, fänkt en rëm bei der Rue des Champs un an den Entrepreneur schafft sech dann an déi aner Richtung, Place Givenich vir. D'Reiefolleg bleift awer och do déi selwecht, fir d'éischt de Kanal, dann de Reseau an dann natierlech de Reamenagement vun der Strooss a vum Trottoir an d'Aarbechte vun dësen 360 Meter daueren - wéi gesot, geschat - ronn 180 Schaffdeeg.

An da kënnt nach eng drëtt Phas vu 55 Schaffdeeg an do gëtt den Deel Rue Mont Saint Jean amenagéiert. An an der leschter Phas gëtt den CR 164 an den CR 164 A vun der Näertzenger Strooss, Place Giwenich an de Weierchen, bis bei d'Rue Jean Mylius frëschgemaach. Och do maache mer erëm de Kanal, d'Reseauen an d'Strooss an dës Phas dauert da ronn 100 Schaffdeeg. Vläicht nach eng kleng Nott zum Schluss. Mir hunn d'Reglement missen upassen, well et Probleemer mat der staatlecher Verkéierskommissioun, respektiv de Ponts et Chaussées gëtt. Et ass e bësse witzeg, wann ech lech dat soen. Ech soen lech, et ass e Ponts-et-Chaussées-Chantier, an déi maachen sech da warscheinlech selwer Schwieregkeeten, mä bon, et ass nu mol eeben sou.

Wéi Dir wësst, musse mer fir Chantieren op Nationalstroossen en Accord préalable ufroen a well mer hei d'Route de Kayl, also d'N31, touchéieren an och wëlles hunn, wärend deem Chantier e puer provisoresch Mesuren oder Reglementer ze huelen, zum Beispill Zebrasträifen, Ofbéiverbueter, et j'en passe, huet de Service Circulation e Pré-accord ugefrot gehat a leider krute mer deen awer e puer Mol refuséiert, well fir d'staatlech Verkéierskommissioun Dokumenter feelen, déi awer elo näischt direkt mam Chantier ze dinn hunn, esou datt se sech nach eng Kéier „musse mat de Ponts et Chaussées kuerzschléissen".

Well mir awer elo kee Retard wëllen an deene Chantier kréien, well soss soen se herno, et wier eis Schold, hu mir einfach elo deen Deel Route de Kayl erausgeholl. Fir de Rescht gëtt nämlech kee Pré-accord gebraucht. Mam Deel Route de Kayl kommen ech dann zeréck bei lech an de Gemengerot, soubal dann deen Accord do ass, wéi gesot, wann déi Leit sech dann eens sinn. Well de Chantier bei der Rue des Champs ufänkt, hu mer do och nach e bësse Sputt fir eeben datt d'staatlech Verkéierskommissioun, Ponts et Chaussées a mir kënne mateneen diskutéieren, fir dann och deen Accord ze kréien, fir datt si hire Chantier kënne maachen.

Bon, summa summarum dauert de Chantier ronn 500 Schaffdeeg oder zwee ganzer Joer. Vläicht nach eng Zousazinformatioun fir d'Vëlosfuerer an natierlech och d'Foussgänger. Och wann d'Butschebuerger Strooss wärend dem Chantier fir de motoriséierte Verkéier gespaart ass, sou bleift se natierlech fir d'Mobilité douce op. Dës kënnen iwwert de Trottoir trëppelen a fir dem Vëlosfuerer och d'Chance ze ginn, keng grouss Ëmweeër ze fueren, stelle mer do e Schëld F20B - ech hoffen, ech hunn dat elo richteg gesot - eng piste cyclable conseillée pour cyclistes et piétons, stelle mer dann op, allkéiers natierlech, wann d'Plaz et erméiglecht an domadder kann een, wéi gesot, wa genuch Plaz do ass, iwwert de Trottoir fueren oder eeben iwwert d'Strooss. Dat Schëld muss net reglementéiert ginn an dowéinst fannt Der et elo och net am Reglement, mä allkéiers, wann d'Plaz et erlaabt, wäerte mer dat maachen. Voilà, dat wär et elo vu mir. Falls et nach Froe ginn zum Reglement oder zu deem, wat ech elo gesot hunn, respektiv wann d'Servicer, de Mikael Da Silva an de Pit Demuth mech nach wëllen ergänzen oder wann ech eppes verdréint hunn, dann ass elo dee Moment komm. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, fir déi Virstellung hei vum Plang, respektiv vum Verkéiersreglement, dat duerch de Chantier leet. Wann elo Remarken oder Froe sinn, ass elo de Moment.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Well mer ganz oft driwwer meckeren, dass net un de Vëlo geduet gëtt, wollte mer hei eng Kéier explizitt Merci soen, dass dru geduet gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Jo, dës Kéier wollt ech dann net e Schëld kritiséieren am Reglement, mä en Arrêt de bus, do ass en Arrêt de bus virgesinn, op Nummer 23, Rue des Romains. Dat ass ganz hanne beim hënneschten Deel vun der Butschebuerger Schoul, wou ech mech just froen: Wat huet dee mat deem Ganzen ze dinn oder ob dat vläit kéint sech ëm déi falsch Plaz handelen? Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Vläicht kann de Pit Demuth direkt op déi Fro schonn äntweren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Neen, kommt mir maache fir d'éischt den Tour vun de Froen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, Merci fir d'Wuert. Mir krute jo effektiv de Projet scho mat Zäite virgestallt virun zwee Joer oder dräi Joer, dräi Joer souguer schonn. An och deen heiten Deel, dee gouf vun der Verkéierskommissioun eng Kéier presentéiert, dofir soe mer dann och Merci. Mir fannen et och ganz gutt, dass wierklech gekuckt ginn ass, fir dass den TICE ka fueren, bon, just déi eng Phas do net. Ech mengen, dat gëtt och scho lëschteg, wann de Bus do ëmmer an eng Richtung muss fueren. Also, ech mengen, besser war et effektiv net méiglech. Dowéinst fanne mer dat och eng gutt Léisung. Dat eenzegt, wat ech gesinn hunn elo an där Dokumentatioun hei, dat war eng Presentatioun mat den Awunner do an der Géigend. Ob et do vläicht méiglech wier, d'nächst Kéier och de Gemengerot ze invitéieren, well dat einfach interessant ass, wann een awer och de Feedback vun de Leit matkritt, zousätzlech zu den Informatioune vum Dossier, déi mer scho kritt hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Ech kucken nach hei an d'Ronn nach weider. Et si keng weider Stellungnamen. D'Claudia Dall'Agnol huet d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Jo, ech mengen, zum Busarrêt kann de Pit Demuth dat herno soen. Den TICE-Bus, deen an eng Richtung fiert, also se wollten iwwerhaapt net, datt de Bus géif do fueren a mir hunn och laang missten diskutéieren, fir datt mer iwwerhaapt konnten an eng Richtung fueren, fir datt d'Leit awer déi Zäit, wou dee Chantier dauert, wéinstens dann net an all Richtung, wou se wëlle fueren, gehäit sinn. Dofir si mer frou, datt mer dat dote schonns hikritt hunn. An d'Invitatioun fir d'Biergerversammlung, jo, ech hu kee Problem domadder, mir hu just geduet, well Dir de Projet schonn zweemol virgestallt kritt hutt, datt et u sech Moutarde après dîner wier. Dir hutt en zweemol an zwar 2021 an 2022 virgestallt kritt, mä dat ass awer elo kee gréissere Problem, et muss ee just déi nächst Kéier dann drun denken, wann esou e grousse Projet ass. An elo de Pit Demuth nach.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATIOUN): Jo, ech kommen dann op de Busarrêt op 23, Rue des Romains ze schwätzen. Dat ass de provisoresche Busarrêt fir d'Schoul, well an der Phas 1 kënnt de Bus jo, wann do geschafft gëtt, net bei d'Schoul oder kann net do stoe bleiwen. An dofir hu mer eng alternativ Plaz gesicht fir an der éischter Phas, dass och de Schoulbus awer ka fonctionéieren. Ech mengen, et sinn awer genuch Schüler, déi vu Butschebuerg op eng aner Schoul an d'Maison Relais ginn a mir wëllen déi och net do duerch dee Chantier schécken, dofir ass en an d'Rue des Romains gesat ginn déi provisoresch Zäit. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Wa soss keng weider Fro méi sinn, géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat deem Verkéiersreglement averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci an da gi mer op den nächste Punkt iwwer.

2.4. Approbatioun vum temporäre Verkéiersreglement wärend der Kiermes 2025.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Jo, da feiere mer, da komme mer zu de Kiermesse fir d'Joer 2025. D'Kiermessen, dat ass eis Bierenger Kiermes, d'Summer- an d'Wanterkiermessen. Ma do ännert elo u sech net vill zu de Jore virdrun, dofir gëtt et elo vu menger Säit net allze vill ze soen, vläicht just d'Datumer: den 29. Mee, den 31. Mä an den 1. Juni, dat ass d'Bierenger Kiermes, de 27. Juni bis den 13. Juli ass d'Summerkiermes a vum 10. Oktober bis den 19. Oktober ass d'Hierschtkiermes. Dobäi komme natierlech ëmmer och nach d'Op- an d'Ofriichte vun deene jeeweilege Kiermessen. Jo, wat gëtt et nach ze soen?

Vläicht, datt mer fir d'Summer- a fir d'Wanterkiermes eng Deviatioun fir de Vëlo iwwert de schwaarze Wee wäerten zeechnen. Déi muss awer net reglementéiert ginn, dofir wëll ech dat awer op dëser Plaz gesot hunn, mä et brauch wéi gesot näischt am Reglement ze stoen. Ech kann lech, wann Dir wëllt, och nach eng Kéier d'ganz Datumer vum Op- an Ofriichte vun deenen dräi Kiermessen zielen, mä ech mengen, et stoung alles am Reglement dran. Mä wann nach een dozou eng Fro huet, da kann en déi gäre stellen, da geet de Pit

Demuth drop an. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Claudia Dall'Agnol. Sinn nach Froen a Remarken dozou? Dat ass net de Fall, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem Règlement temporaire hei averstanen? ***Dat ass och unanime.*** Villmools Merci. Da gi mer eriwwer op d'Finanzen.

3. FINANZWIESEN

3.1. Approbatioun vum Devis fir den Amenagement vun engem Chemin mixte a Passage-mixtë fir Foussgänger a Vëlosfuerer op de Kräizungen Route de Luxembourg / Rue Abbé Lemire / Rue Jean Simon - Rue Lentz / Rue Edison - Route de Zoufftgen / Rue des Genêts / Um Kräizbierg

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer eriwwer op d'Finanzen, bleiwen awer am Domaine vun der Circulatioun. Do hu mer en Estimatif fir e Chemin et passages mixtes fir Foussgänger a Vëlosfuerer.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Och wa mer hei scho bei de Finanze sinn, geet et de près ou de loin awer erëm eng Kéier ëm d'Circulatioun, nämlech ëm d'Vëlosiwwergäng, respektiv d'Stëmme vun den Devise betreffend d'Amenagementer vu gemeinsame Vëlos- a Foussgänger-Iwwergäng op de Kräizunge Lëtzebuerger Strooss, Rue Abbé Lemire, Rue Jean Simon, Rue Lentz, Rue Edison an d'Rue de Zoufftgen, Rue des Genêts, Rue Kräizbierg. Dir wësst, dass mir säit enger Rei Joren am gaange sinn, eist Vëlosnetz auszebauen. Op de Gemengestroossen ass dat zum gréissten Deel scho realiséiert. Et bleiwen allerdéngs, wéi ech dat ëmmer soen, ëmmer nach e puer Puzzlestécker, wou mer mussen dru schaffen - ech hunn dat schonn e puer Mol sou hei genannt - a wou d'Vëlosnetz eben och iwwer staatlech Stroosse geet, fir dat Netz eben ze komplettéieren an och fäerdegzemaachen.

An der Realitéit bedeit dat, datt déi gemeinsam Iwwergäng konform mussen amenagéiert ginn. Dat wëllt heeschen, déi Iwwergäng mussen och ofgeséchert ginn, si musse beliicht ginn, d'Bordüre mussen erofgesat ginn an den Trottoir muss ugepasst ginn, et muss eng Bande pododactyle dohinner kommen, déi dann och laut de Recommandatioune vun der ADAPT sou gemaach gëtt, sou datt all déi Iwwergäng dann och

PMR-gerecht herno sinn. An zousätzlech kënnt natierlech e sécheren Iwwergang fir d'Vëlosfuerer dobäi. Déi heiten Iwwergäng, déi sinn dann och am Detail an der Verkéierskommissioun vum 1. Juli presentéiert ginn a kruten e positiven Avis och vun der Kommissioun. Villäicht nach eng Kéier e klengen Iwwerbléck iwwert déi dräi Projeten.

Ech fänke beim éischten un: Den Iwwergang Route de Luxembourg, Rue Abbé Lemire a Rue Jean Simon. De bestoenden Iwwergang an der Lëtzebuerger Strooss mat rouder Luucht gëtt konform amenagéiert. Et kënnt en Iwwergang an d'Rue Jean Simon. De bestoende Busarrêt an der Rue Jean Simon gëtt ganz liicht verréckelt a konform och amenagéiert, an et kënnt eng sécher Vëlosverbindung tëschent der Rue Abbé Lemire an der Rue Jean Simon, eben iwwer d'Haaptstrooss - d'Lëtzebuerger Strooss.

Den zweete Projet: Rue Lentz, Rue Edison. Do gëtt de bestoende Foussgänger-Iwwergang an der Rue Lentz, deen ass op der Héicht mat der Rue Edison, konform amenagéiert, zesummen dann och mat engem séchere Vëlosiwwergang. Dobäi kënnt en Trottoir traversant an d'Rue Lentz op Héicht vum Haus Nummer 24. An domadder kënnen dann d'Cyclisten d'Rue Lentz eroffueren, sécher a Richtung Kierch. Ech mengen, dat ass eppes wat scho méi dacks diskutéiert gouf.

Den drëtte Projet ass Zoufftger Strooss, Rue de Genêts, Rue Kräizbierg. Hei ginn dräi Foussgängeriwwergäng amenagéiert, woubäi de Zebrasträifen bei der Fondatioun Kräizbierg méi a Richtung Zentrum verréckelt wäert ginn, fir e bësse méi e fléissenden Iwwergang tëscht der Rue des Genêts an der Rue Kräizbierg ze kréien. Zousätzlech kënnt a sécheren Iwwergang hei da fir de Vëlo. De Busarrêt Kräizbierg a Richtung A3, och dee gëtt den Normen dann ugepasst. Souwäit elo mol zu den Aarbechten, wat alles gemaach gëtt. Wat villäicht méi interesséiert ass den Timing, respektiv wéini gëtt wat realiséiert, an de finanzielle Volet.

Fänke mer villäicht mat de Finanzen un. Déi dräi Projete ginn zesummen ausgeschriwwen. Se ginn awer net zesumme realiséiert, mä een no deem aneren. D'Stroossenaarbechte kaschte ronn 520.000 Euro ouni TVA. D'Aarbechte fir d'ëffentlecht Beliichten an natierlech och déi rout Luuchten, déi belafe sech op ronn 125.000 Euro ouni TVA. Zesumme mécht dat eng Bauzomm vu ronn 645.000 Euro ouni TVA. A fir d'Honoraren - natierlech, de Bureau d'études, wëllt och eppes dru verdéngen - ginn nach eng Kéier 95.000 Euro virgesinn. Alles zesumme mécht dat ronn 740.000 Euro ouni TVA a mat der TVA wäre mer op 870.000 Euro. Nom Stëmme vum Devis gëtt de Chantier Enn 2024, also Enn dëst Joer, Ufank 2025 ausgeschriwwen. D'Auswäertung fir d'Soumissioun ass fir d'Fréijoer virgesinn, sou dass mer ëm Ouschteren hoffentlech wäerte wëssen, wien den Entrepreneur ass, deen d'Aarbechte wäert maachen, an dass mer dann och direkt kënne lassleeën.

Ugefaange géif gi mam Chantier an der Lëtzebuerger Strooss. Dono kéim dann d'Rue Lentz Edison un d'Rei. An den Ofschloss mécht den Iwwergang Zoufftgerstrooss - Rue des Genêts um Kräizbierg. Dat waren elo mol meng Explikatiounen. Ech géif lech bieden, den Devis sou ze stëmmen. A fir Froen, respektiv alles wat ech elo net am Detail gesot hunn, sinn de Mikael Da Silva an de Pit Demuth natierlech gäre bereet, weider dorop anzegoen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol. D'Diskussioun ass op. Den Här Martini an dann den Här Steffen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. All déi Jore virdrun hunn ech gesot, eng Verkéierskommissioun am Joer geet net duer, fir sech kënnen auszedrécken. Lo hu mer wierklech de beschte Beweis, dass mer vill Verkéierskommissiounen haten, an ech soen och villmools Merci dofir, ech mengen an Numm vu jidderengem, well et gëtt awer konstruktiv geschafft do. Wat do zousätzlech sou interessant ass, ass dass een déi Rapporten alleguerten um Site fënnt. Wann ee sech net méi kann drun erënneren, wat deen een oder aneren oder ee selwer gesot huet, kann een nach eng Kéier nokucke goen, wat dodranner stoung a wat d'Positiounen deemools waren a wéi eng Alternative proposéiert goufen an eventuell net zeréckbehale goufen. Super genial Léisunge ginn et net fir d'Vëloen an déi Stroossen ze integréieren, déi mir hei zu Diddeleng an zu engem groussen Deel hei am Land hunn. Idealerweis hätt ee jo en Trottoir, an dann nach e flotte Vëloswee niewendrun an dann den Auto, mä dat geet op deene mannste Plazen. Et muss een also iergendwéi probéieren, dat bescht draus ze maachen, wéi et iergendwéi méiglech ass an et muss een dann och nach probéieren, all déi Reglementatiounen déi een huet, déi och nach ze respektéieren, sou wäit et geet.

Mir hunn eis déi Dossieren am Comité genau duerchgekuckt. Et waren nach déi eng oder aner Froen, déi opkomm sinn, a Positiounen, déi komm sinn. Mä am Groussen a Ganze muss ee soen, dass mer awer fir déi dräi Projeten, fir déi dräi hei auszeschaffen, intensiv mat Vëlo Diddeleng geschafft hunn, flott Echangen an der Kommissioun haten, an awer de beschtméigleche Kompromëss fonnt hunn. Obwuel et, wéi ech gesot hunn, nach laang net super ass. Well et sinn e puer Knackpunkten dran, déi awer geféierlech kënne sinn. An esou war zum Beispill bei der Rue Jean-Simon d'Fro opkomm, firwat hu mer net eng Strooss gemaach, wou de Vëlo mam Auto kann deelen? Mä et ass eng geféierlech Plaz an et ass net ëmmer alles méiglech, sou wéi mer eis et virstellen. An et ass awer nach eng Plaz do, wou mer eis effektiv d'Fro gestallt hunn, an do kënnt de Pit Demuth vläicht eng Äntwert drop ginn. Wa mer an der Rue Jean Simon op de Vëloswee eropfueren, vun der Strooss aus, do ass e Bam an de Busarrêt. An dat ass an eisen Aen awer trotzdeem en Tick geféierlech gewiescht.

Dee bronge Punkt ass jo de Bam an dann ass direkt de Bus do. A jee nodeem wéi s de op den Trottoir eropfiers oder eroffiers an den Auto iwwerhëlt de Bus do, dann ass dat dann awer e Knackpunkt, dee vläicht awer nach ze léise wier. Mä ech mengen de Mikael Da Silva kuckt awer grad do. Also ass et kloer, wéi ech dat gesot hunn? Jo, voilà. Dat war esou e bëssen e Knack-

punkt, wou mer eis gefrot hunn, ob een dat net awer vläicht nach kéint e bësse liicht verbesseren.

An dann natierlech och fir an d'Abbé Lemire Strooss eranzefueren, do hu mer laang doriwwer diskutéiert an e beschtméigleche Kompromëss fonnt. Also et ass och net fir an engem Gemengerot ze reklaméieren, wann ee selwer keng besser Léisung ka fannen an ee selwer dru mat geschafft huet, fir eng ze fannen. Wa keng do ass, ass keng do. Et ass eeben esou, wéi et ass. Dann hu mer nach d'Situatioun um Kräizbierg. Do hu mer och dat Bescht probéiert draus ze schaffen. Den Trottoir ass op deenen dräi Plazen, deenen dräi Chantieren, net ëmmer ganz genau esou breet, wéi e muss sinn. Mä bon, et muss een awer och heiansdo e Kompromëss fannen, dass een awer ka mam Vëlo driwwer fueren. An ech denken, do ass just d'Situatioun opkomm, wann en op der Insel stoe bleift, jee nodeem wéi ee Cargobike een huet, da steet ee mat deem hënneschten a viischte Rad awer op der Strooss, well déi Cargobike méi laang si wéi d'Insel eigentlech ass. Da misst een do d'Vëlosfuerer vläicht einfach drop opmierksam maachen, dass een do muss oppassen, zu wéi engem Zäitpunkt een eriwwer fiert.

An dann hate mer nach den drëtte Punkt, dat war bei der Rue Lentz. Jo, also et konnt jo just besser ginn, wéi et bis elo war. Dat war effektiv ganz geféierlech bis elo. An et huet ee mech gefrot gehat, wou de Vëlo dann eigentlech bis elo do gelaf ass. Do soen ech, majo, et ass ganz gutt, dass een op d'mannst elo gesäit, wou en elo an d'Zukunft wäert lafen. Ech denken, dass mer déi dräi Projeten esou kënne matstëmmen, sou wéi se hei sinn. Vläicht deen een oder anere klenge Punkt nach adaptéieren, wat d'Sécherheet ugeet, wéi notamment de Cargobike, deen net op der Insel ka stoe bleiwen, well en ze laang ass. Eng Signalisatioun wär a mengen Ae vläicht sënnvoll do. A bei der Rue Jean Simon oppassen, wann de Vëlo do op d'Strooss fiert an de Bus steet do, de Bam, deen am Wee ass, ob dat vläicht awer liicht ze verbessere wier oder net.

An da war och nach eng Fro komm vun enger Kolleegin an der Rue Jean Simon, do ass dee Busarrêt, ob mer och nach e Bushaischen dohinner maachen oder net, well soss gëtt et awer effektiv enk fir laanscht ze fueren op där Plaz. Also, mir sinn net dofir, mä do wollt ech just emol froen, wat do ugeduecht ass oder op näischt ugeduecht ass, fir einfach d'Plaz ze loossen, fir de Gabarit dann awer ze halen. Merci fir déi konstruktiv Aarbecht, déi mer do zesummen haten. An dann hoffe mer, dass et an Zukunft genau esou weidergeet.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Här Martini, den Här Steffen huet d'Wuert.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Jo, also vun eiser Säit am Fong, mir si frou, dat doten esou kënne matzestëmmen, well mer eis och bewosst sinn iwwert d'Contrainten, déi déi dote Plazen hierginn. Ech sinn am Fong ganz beim Här Martini, ausser bei verschiddenen Detailaussoen, wou ech mer soen, wann eng Strooss breet genuch ass fir en Auto, dann ass se och breet genuch fir e Vëlo sécher derduerch ze kréien. Mä ech mengen, dass mer hei an deenen heiten Zenarie wierklech eng gutt Léisung fonnt hunn, fir virun allem déi duuss Mobilitéit vun A op B ze beweegen an net onbedéngt de Coursevëlofuerer, deen trainéiere fiert. Dat heescht, fir eis ass dat dote sécher eng Opwäertung vun deenen dräi Plazen, well mer eis ganz oft driwwer beschwéiert oder ausgetosch hunn iwwert déi ganz Ost-West-Achs, notamment bei der Edison Strooss / Lenz Strooss, wou mer och eng Kéier eng Fro zesumme mat de Kolleege vun der CSV eragereecht haten, wou nach ganz am Ufank d'Schëld an déi falsch Richtung gewisen huet, fir de Vëlofuerer am Fong op den Trottoir ze drängen. An do si mer extreem frou, dass dat awer elo an eng Situatioun eriwwer geet, wou ee propper geléist einfach laanschtenee kënnt an och sécher laanschtenee kënnt, well ech mengen, dat ass am Interêt vun eis all.

Ech hunn och missen drun zeréckdenken, wou ech dat dote gesinn hunn, un dee Moien, wou mer mam Service Circulation am Schloreen zesumme mat Vëlo Diddeleng, mat de Kolleege vum Ministère op déi eenzel Plaze kucke waren an iwwer Léisunge sur place einfach eis Tonne Gedanke gemaach hunn. An et war esou kal an et war esou naass, a jo, dass déi Situatiounen do awer nach da kënne gekläert ginn, ouni fir all Kéiers sech ze denken, oh vreck, nee, déi dote Plaz, sou schlecht Erënnerungen. Nee, kommt mir loossen dat sinn. Also tipp topp, grousst Kompliment och un lech zwee. A Merci fir déi schéin Echangen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Här Steffen.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Ech si jo och selwer vill mam Vëlo ënnerwee an ech begréissen och am Numm vun eiser Partei déi ganz Moossnamen, déi mer mëttlerweil hunn. A besteeënd Stroossen, déi leider schonn existéieren, ass et schwéier, dass mer déi nach méi breet kënne maachen. D'Autoe ginn hautdesdaags eeben och méi breet. An ech fannen déi Kompromësser grad bei der Lentz Strooss, déi ech reegelméisseg selwer fueren, do ass eng gutt Aarbecht geleescht ginn. An ech freeë mech dann och dem Här Martini seng super Aarbechten, déi hien hei ëmmer permanent seet, déi en an der Kommissioun mécht, déi dann och deemnächst mat kënne matzeerliewen, wann ech selwer mat dra sinn an der Transportkommissioun. Da sinn ech gespaant op all déi mega Elogen, déi dann do vun lech kommen. Dat heescht, mir droen dat hei selbstverständlech mat a mir begréissen et, dass ëmmer méi Stroosse kommen, wou mer d'Vëloe mat derduerch kréien, mat de Gegebenheeten, déi mer an deene Stroossen hunn.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Et ass effektiv schonn zimmlech alles gesot ginn, wat d'Aarbechten u sech ugeet. Ech hu mech just gefrot, wou ech déi Zuele gekuckt hunn, et waren e puer Saache fir mech net onbedéngt verständlech. Ech wëll elo keen Ierzenzieler hei sinn, mä ech wëll gäre verstoen, beim Lot 1.7 hors bordereau et pour arrondis. Dat sinn 58.000 Euro. An ech muss soen, ech hunn net richteg verstanen, wat hors bordereau wier. An effektiv, meng nächst Fro wier gewiescht, ech hu lo net direkt eng Positioun fonnt „divers et imprévus", wat

meeschtens tëschent 10 a 15 % vun deem Ganze läit. An dann hunn ech mer geduecht, et si vläit déi 58.000 Euro. Mä dat kënnt Dir mer vläicht soen, well et ass awer e wichtege Punkt. Virun allem gesäit een, dat oft Schwankungen an de Präisser do sinn. Dann hate mer et net néideg, fir ëmmer erëm vläicht eng nei Offer hei mussen ze stëmmen. Dann hätte mer dat an engems matgestëmmt.An deen anere Punkt ass „Mission de coordination en matière de sécurité de santé". Do sinn 10.000 Euro virgesinn an do hunn ech mech och gefrot: Sinn dat sou eventuell Pollutiounskäschten, déi kéinten opkommen, vu datt et awer eng Strooss ass? Oder, ech weess elo net, ob Dir genau wësst, wat et ass? Mä et ass awer e Montant vun 10.000 Euro. Et wier interessant ze wësse wat d'Sécurité de santé wier.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Ahmedova.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Ech hunn eng ganz blöd Fro, mä op de Pläng sinn déi rout Luuchten net agezeechent. A beim Schema steet ëmmer cas sans feux tricolores". Mir sinn eis awer eens, dass, also virun allem op der Lëtzebuerger Strooss, dass do, dat steet jo och am Text, et ass och gesot ginn, dass rout Luuchten kommen, respektiv erneiert ginn oder esou. Et ass just op de Pläng, wou se net agezeechent sinn. Voilà, ech wollt do just nach eng Kéier séchergoen, well ech mengen, op der Lëtzebuerger Strooss, wann do elo keng rout Luuchte wieren, dat wier net déi allerbeschte Léisung. Mä fir de Rescht fanne mir dat doten och e ganz gudde Kompromëss. An ech mengen, „Coordination de sécurité santé", dat ass just, dass eeben d'Sécherheetsbestëmmungen um Chantier agehale ginn an dass d'Entrepreneure sech un d'Reegelen halen an esou.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Ech ginn awer och e bëssen lerzenzieler wéi d'Madamm Ahmedova. Ech hu mer och déi Zuel e bëssen ugekuckt an och den Text dozou. Wou ech dann och nach eng Fro hunn, dat ass bei de „Missions spéciales", 7.500 Euro, wat ass dat, an effektiv „d'Mission de coordination en matière de sécurité". Dir hutt elo gesot, ob dat vun der Contaminatioun ass. Nee, well dat steet nach eng Kéier explizitt hei, „Devis estimatif". Se si jo och net domm, wat se draschreiwen. „Le devis ne comprend pas des coûts eventuels pour l'évacuation du matériel contaminé". Dat kënnt dann nach alles dobäi.

An ech sinn och der Meenung, dass deen Devis hei e bëssen optimistesch ass, well wann ech kucke wat alles net dran ass, wou se sech e bëssen ofgeséchert hunn, „des études supplémentaires éventuelles" an esou weider", an dann och „renouvellement si nécessaire des couvercles de regards du réseau des canalisations, renouvellement si nécessaire des siphons".
Also, ech mengen, et ass e bëssen optimistesch opgesat. An dat ass dat, wat ëmmer e bësse schued ass, well mer warscheinlech jo awer hei mat, ech hoffe jo net, mä d'Erfarung an all deene Jore weise mer, dass do warscheinlech nach e puer Depassementer wäerte kommen. Mä wéi gesot, speziell, meng Fro war „Mission spéciale". Dat fannen ech e ganz witzegen Term, wat dat am Fong heescht?

An da wollt ech awer och nach kuerz drop opmierksam maachen, dass am Écrit awer iergendeppes net ganz kloer ass beim „1.1 Les travaux de voirie" vun der Lëtzebuerger Strooss. Do steet drop „Mise en conformité de deux passages pour piétons existants et d'un arrêt de bus existant à la hauteur de la maison 101 route de Luxembourg". Déi ass awer definitiv, do ass awer esou eppes vu kee Bus. Well dat ass dat Haus, wou et era geet bei den Atelier. Dat ass, mengen ech, definitiv falsch. An ech huelen awer un, dass domat awer do den Arrêt de bus aus der Simonsstrooss geduecht ass. Dat war just meng Fro. Dat misst ee vläicht just nach korrigéieren. Well ech hunn do geduecht, oh, da kënnt do e Bus hin, mä dat kann ech mer jo awer bal net denken. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser. Si soss nach Froen oder Remarken? Dat ass net de Fall, da ginn ech d'Wuert un d'Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Jo, fir mech just ganz kuerz. Ech freeë mech, datt jidderee sech driwwer freet, datt dat dote elo endlech Realitéit gëtt. Dir wësst, wéi vill Joer mer hei schonn amgaange sinn. An, ech si schonn extreem frou, datt mer alleguerten déi Autorisatiounen elo mol endlech zesummen hunn, datt mer dat doten iwwerhaapt kënne realiséieren. Well Dir wësst wéi laang mer gedoktert hunn. A wéi oft se kucke komm sinn. Den Yves Steffen sot selwer, se sinn am Schloree mam Ministère hei ronderëm gefuer fir Léisungen ze fannen, sou datt ech effektiv extreem frou sinn, datt mer dat doten elo kënne realiséieren. Ech mengen um Devis däerft et elo net scheiteren. Do wäerten de Mikael Da Silva an de Pit Demuth lech nach kënnen e puer Informatioune ginn.

Wat ech vläicht virdru vergiess hat ze soen, ech sinn net méi sécher, ob ech et sot: Mir schreiwen déi dräi Projeten zesummen aus, déi dräi Iwwergäng. Da kréie mer och nëmmen een Uspriechpartner. A gemengerhand gëtt et dann och méi bëlleg, wéi wann s de dräi Mol eenzel ausschreifs an dräi verschidden Entreprisë kriss. En plus ass et vläicht, wann s de dräi Mol dat nämmlecht mëss, gutt, och deen nämmlechten Uspriechpartner ze hunn. Wann s de da bei deem éischte fäerdeg bass, weess de, wat deen do vläicht net esou gutt gehandhaabt huet, da kanns de beim zweeten direkt op d'Fangere klappen. Mä dat ass awer elo meng Interpretatioun dovunner. A fir de Rescht kënnen de Mikael Da Silva an de Pit Demuth lech nach weider Informatioune ginn, respektiv wa si se net direkt bei Hand hunn, da liwwere mer déi natierlech gären no.

MIKAEL DA SILVA (SERVICE TRAVAUX PUBLICS): Merci fir d'Wuert. Ech probéieren elo op déi meescht Froen anzegoen, wann ech eng vergiessen, einfach mellen.
Dat heescht, déi éischt Fro war de Bam an der Rue Jean Simon. Et ass esou, dass mer dee Bam, haut ass eng Insel do, dee Bam hate mer wëlles stoen ze loossen. A mir amenagéieren och eng Plack driwwer,

wou de Vëlo och kann driwwer fueren. Dat heescht, et ass en Arbre à haute tige. Dat heescht, dat ass just d'Stammdéckt wou u sech Plaz hëlt an d'Siicht, déi bleift awer fräi an et kann ee wierklech driwwer fueren. Dat ass net méi wéi haut, haut hu mer eng héich Bordür mat enger Insel dran, wou keen driwwer ka fueren. An Zukunft soll dat eng Scheif ginn, wéi mer se och hei am Shared Space kennen a wou och befuerbar ass. Wat de Cargo ugeet an der Zoufftger Strooss, wou sech net an déi Mëttelinsel ka stellen, leider musse mer déi Insel bäibehale wéinst der Lénksofbéispuer Richtung Rue des Genêts. Déi Lénksofbéispuer, déi definéiert u sech d'Breet vun där Insel. A méi breet kënne mer se net maachen, well mer soss déi minimal Breet vun den zwou Achsen, déi eng Kéier Richtung A3 an eng Kéier Richtung Duerf ginn, net méi hunn.

De Busarrêt an der Rue Jean Simon, do waren zwou Froen. Do hu mir eis och selwer Gedanke gemaach, well mir haten och wëlles, e Busarrêt hinzekréien. Leider, wa mer e Bushaische géife setzen, dann hu mer net méi déi minimal Breet fir e Chemin mixte kënnen ze reglementéieren. Sou, da waren nach Froen iwwert den „Hors bordereau". „Hors bordereau", dat sinn éischter Käschte fir Mobiliers-urbainen, déi net vum Entreprener, deen d'Missioun kritt fir dat Ganzt ze bauen, bestallt ginn. Dat si separat Mobilieren, déi mer da selwer bestellen, wéi Schëlder, wéi Poubellen, wéi wann eng Bänk gebraucht gëtt oder wa mer trotzdeem e Bushaische misste kafen.

„Divers et imprévus", dat ass meeschtens ëmmer an all Génie-civilsprojet dran, well leider kënne mer net alles gesinn, wat ënnert dem Buedem läit. An do ginn sech eng Rei Reserven awer geschaaft. Imprevuen hu mer och, wéi d'Madamm Kayser gesot huet, bei de Missiounen, wou net abegraff sinn am Devis, de PAK-kontaminéierte Makadamm. Leider wësse mer net, ob dee kontaminéiert ass oder net. Mir hunn eis zwar eng kleng Reserv geholl, mä wann ee feststellt, dass dee kontaminéiert ass, da kommen do och e puer Käschte méi. An dofir och déi „Divers et imprévus".

Wat „d'Mission coordination de santé" ugeet, ass et gesetzlech virgeschriwwen, dass mer mussen eng maachen, esoubal zwee Intervenanten um Chantier sinn. Hei hu mer de Fall. Wann elo den Eclairage public, eis Servicer, déi Luuchte setzen an den Entrepreneur do schafft, dann hu mer zwee Intervenanten. Dofir musse mer och eng „Mission coordination de santé" maachen. Déi suergen dofir, dass de Chantier och propper ofgeséchert ass, dass déi Servicer, déi do schaffen, och engem PPSS zougewise sinn. Voilà.

„D'Mission spéciale", dat ass eng Prestatioun vum Bureau d'études, déi kann zousätzlech geholl ginn. Déi gëtt meeschtens geholl, wa mer nach eng zousätzlech Levée bräichten, well sech eng Situatioun um Terrain muss upassen, déi net ganz kloer ass. Dat gëtt dann éischter iwwert déi Reserve vun der Mission spéciale couvréiert.

Zu de roude Luuchten an der Route de Luxembourg. Jo, natierlech hale mer déi. Do kommen och separat Bouton-poussoiren drop, just fir de Vëlo. Voilà, ech denken, domadder hunn ech op déi meescht Froe geäntwert. Wann elo nach eng sollt feelen, just Bescheed soen. Ah jo, stëmmt, de Busarrêt, Lëtzebuerger Strooss, dat ass 101 amplaz 104, also d'Eckhaus ass zu der Lëtzebuerger Strooss, wou de Busarrêt ass.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Okay, ech mengen, domat wären all d'Froe beäntwert ginn. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwer ginn. Wien ass hei mat deem Devis estimatif souwéi en hei virgestallt gouf, averstanen. ***Dat ass unanime***, da soen ech lech villmools Merci.

3.2. Festleeë vun de Indemnitéiten, déi de Formateure vun de Computer- an Internetcoursen an de Sproochecoursen ze bezuele sinn

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Jo, och wa mer elo mat der Circulatioun dann definitiv erduerch sinn, bleift et awer u mir an zwar komme mer elo zu de Sproochecoursen. An zwar hu mer eis Indemnitéiten, déi mer un eis Proffen, déi eis Sproochecoursen halen, fir d'lescht 2022 gehuewen, deemools op 57,50 Euro pro Stonn. A mir wëllen déi elo ab Januar 2025 op 60 Euro d'Stonn an d'Luucht setzen. Mir schwätzen do am Moment vu 16 Leit, déi véier verschidde Sprooche bei eis halen: Lëtzebuergesch, Franséisch, Englesch a Portugisesch. An dat an den Niveauen A1 bis B2. An am Total ginn eng ronn 83 Coursen ofgehalen. Et kann ëmmer mol sinn, datt zwee oder dräi Coursë méi gehale sinn, datt mir déi dobäi setzen, wann eng grouss Demande do ass fir d'Cours de nationalité, déi ee muss maachen. Dir wësst, datt mer eng Konventioun och mat der Keeler Gemeng, also mat eiser Nopeschgemeng, hunn. An déi Coursen an déi Enseignanten, déi sinn natierlech an deem, wat ech elo gesot hunn hei, mat dran.

D'Coursë ginn an der Schoul Deich, am Lycée Nic Biever an am Centre Hartmann gehalen hei zu Diddeleng an zu Keel an der Schoul Faubourg. An da ginn et natierlech och nach Coursë via Zoom. Dir hutt gesinn, datt ech hei d'Italieeneschcoursen net opgezielt hunn, och wann et där bei eis an der Gemeng ginn. Mä déi ginn iwwert d'Association Italo-Luxembourgeoise Beetebuerg-Diddeleng gehalen, dat heescht, déi falen hei net mat drënner. Dat gesot, mengen ech géif ech lech bieden, deem neien Tarif vu 60 Euro d'Stonn zouzestëmmen, fir datt eis Formateuren eebe besser fir d'nächst Joer verdéngen, wéi dat bis elo de Fall ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen? Gëtt et Remarken oder Froen dozou? Dat ass net de Fall. Gutt, da kënne mer driwwer ofstëmmen. Ass de Gemengerot mat deenen Unitéiten averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

3.3. Approbatioun vum Devis fir d'Renovéierung vun de Fënsteren am Foyer Diddelfamill op der Adress 145, rue des Minières

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Do gi mer an de Quartier d'Italien an de Foyer Diddelfamill. D'Gemeng ass jo Proprietär vun de Gebailechkeeten, do hu mer hei en Devis virleie vun 52.000 Euro fir d'Renovatioun vun de Fënsteren. Do geet et drëms net déi Fënsteren ze ersetzen, mä se ze renovéieren. Et si 25 Fënstere vum Joer 1998, ëm déi gëtt. Mir kënnen se also restauréieren. Dat heescht et gëtt en neien Ustrach, bannen a baussen, nei Dichtungen am Ouvrant, neie Silikon, d'Tablette ginn iwwerschafft, soudass dat am Fong dann och eng Depense ausmécht vun 52.000 Euro. An ech mengen Dir hutt jo och an Ären Dokumenter och eng Oplëschtung vun alleguerten de Fënsteren, déi concernéiert sinn, déi restauréiert och ginn. Dat zu dësem Devis. Si Remarken oder Froen dozou? Jo, d'Madamm Ahmedova.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, mir hunn eis effektiv gefrot: Wärend den Aarbechten, leeft do de Foyer weider? Ass den Accès assuréiert oder gëtt en eidel? Wéi genau wäert dat oflafen? A wéi laang ass et virgesinn, fir déi Aarbechten ze maachen? A vläicht eng aner Fro: Ass et virgesinn - ech weess elo net wéi vill Offall do besteet, ob wierklech alleguerten d'Fënstere just renovéiert ginn oder ob verschiddener ersat ginn – datt déi iergendwou recycléiert, ofgefouert ginn? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. D'Wuert geet un de Chargé de direction vum Foyer Diddelfamill.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Et ass am Fong elo esou, den initiale Projet war deen, dass d'Fënstere missten, sollten ersat ginn, alleguerten, well eebe mam Alter ass een net méi esou ganz dicht. Also, fir d'Fënstere schwätzen ech elo natierlech. Ech schwätzen do fir d'Fënsteren, net vun deene Leit, déi säit 1998 do schaffen. A wou mer da mat de Gemengentechniker en Tour duerch d'Haus gemaach hunn, ass d'Iddi komm, ob een net kéint bei de Fënsteren an deem Sënn eeben noflécken, dass een déi Aarbechte virhëlt, wéi de Buergermeeschter elo hei annoncéiert huet. Deementspriechend spuere mer vill Geld als Gemeng. An herno, vun der Qualitéit hier ass et awer dat selwecht, soudass keng Fënsteren ersat ginn, mä eebe just dat gemaach gëtt, wat elo hei erwäänt gouf, soudass mer am Fong och keen Offall wäerten hunn.

A wéi sou oft, wa mer Aarbechten an enger Maison Relais oder an der Diddelfamill - wéi an dësem heite Fall - hunn, gëtt dat ëmmer ofgeschwat mat de Leit sur place. Et si jo Maison Relaisen, do ass et jo relativ einfach. Do hues de moies keng Kanner. Dat heescht, da fänken eis Gemengenaarbechter moies fréi un an – soen ech elo mol - da bleiwen se bis eelef Auer an da gëtt alles erëm en place gesat, fir dass Kanner kënnen um hallwer zwielef an d'Restauratioun kommen. An iwwert dee Wee gëtt sech dann d'Aarbecht opgedeelt, soudass mer an enger gewëssener Zäit eebe fäerdeg sinn, sou laang wéi dat eebe brauch. Mä dat gëtt ëmmer ganz flott ofgeschwat mat der Ekipp um Terrain.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Besser hätt een et net kéinten erklären. Soss nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Kënne mer dann iwwert deen heiten Devis ofstëmmen. Ass déi Gemeng domat averstanen? ***Dat ass unanime***, villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da géif ech awer nach eng Kéier op de viregte Punkt zerécksprangen, well et ass opgefall, dass mer engersäits nieft den Indemnitéite fir d'Sproochecoursen, awer och d'Informatikcoursen an d'Internetcoursen ze adaptéieren hunn. An do ginn ech hei dem Josiane di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, voilà, villmools Merci. Ech wollt mech elo do net virdrängen, mä ech wollt et awer hei eng Kéier duerch de Gemengerot huelen. Bon, mir passen am Fong déi Informatikcoursen, déi mer jo hunn - Dir wësst, déi sinn an der Briller Schoul mat eise Formateuren - mir wollten dat upassen, well och do ass 2022 déi lescht Änneruing gewiescht. Den eenzegen Ënnerscheed zwëschent den Informatikcoursen an deene Formateure vun de Cours de langue, dat sinn, datt wann de Cours zu zwee gehale gëtt, datt se da 50 Euro kréien amplaz 60 Euro. Soss passe mer se awer un un de Cours de langue. Voilà, ech mengen ech wollt dat awer och hei bestätege loossen, wann dat esou fir lech an der Rei ass? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ass dat an der Rei fir de Gemengerot? Ech stëmmen och duerch of. Da si mer och do en bonne forme, conforme. ***Dat ass unanime***, villmools Merci.

3.4. Approbatioun vum Pachtvertrag mat der Koppel Peter-Hoffmann iwwer e Stéck Land an der Ortschaft „Menkeswies"

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Gutt, da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Da gi mer driwwer op e Contrat de fermage, op e Pachtvertrag tëschent der Stad Diddeleng an der Madamm Hoffmann an dem Här Peter, fir eng Period vun engem Joer, vum 1. Oktober 2024 bis den 30. September 2025, mat enger Reconduite tacite fir all Kéiers ee Joer. An de fermage ass 150 Euro d'Joer, wann dee Pachtvertrag steet. Firwat maache mer dat heiten? Ech mengen, Dir wësst, dass mer engersäits jo hei deen Terrain kafen, dee war jo och am Gemengerot am September 2023, wou mer déi Terrainen ofkaf hunn. Déi si jo am Plan directeur, respektiv am PAP Nouveau Quartier Menkeswies, wou iergendwann kann e Lotissement entstoen.

Elo ass et awer esou, dass par rapport zu de viregte Proprietären d'Madamm Hoffmann an den Här Peter e mëndleche Pachtvertrag haten, vu Privat zu Privat. Mir wollten awer hei, wéi gesot, op de Wee goen, fir dat awer da propper, souwéi mer dat bei all Pachtvertrag

hunn, op Pabeier nidder bréngen an net dat bei deem Mëndleche beloossen, och wann dat seng Gültegkeet huet. Datt een dat also hei als Gemeng dat dann och esou schréftlech, wéi gesot, festhält. Ech mengen dat sinn d'Erklärungen zu dësem Pachtvertrag.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech iech villmools Merci. An d'Madamm Hoffmann an den Här Peter och, well da kënne si hir Aarbechten och weiderféieren, sou wéi se dat bis elo gewinnt waren.

3.5. Verkaf vun enger Parzell zu Diddeleng, Rue de Hellange, un d'Koppel Remy Albert Bernard Berchem a Beata Barbara Szczepaniak

3.5.1. Ëmklasséiere vun der Parzell am ëffentleche Gemengebesëtz a private Gemengebesëtz

3.5.2. Approbatioun vum notarielle Kafvertrag

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): An da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Mir bleiwen, wéi gesot, do an der Géigend. An hei hu mer am Fong e Kafakt tëschent der Madamm Szczepaniak an dem Här Berchem. Hei geet et drëms, dass mer hinnen eng Parzell verkafe vun 0,12 Aar, fir de Präis vun 10.800 Euro. Dat ass op Nummer 47 an der Hellenger Strooss. Deen Akt hei gëtt gemaach am Kader vun där Bauplaz, déi si hunn, a si hunn am Fong zwou Parzellen, wou se eng Mutatioun wëlle maache fir eng Parcelle unique, fir dass dat am Fong dann och eng Bauplaz gëtt fir eng Maison bifamiliale drop kënnen ze bauen. An dofir brauche se dat dote Stéck, vun deem mir Proprietär sinn. Dofir verkafe mer hinnen dat och a mir leenen eis un déi Präisser un, déi mer scho bei änleche Kafakten och haten am Joer 2024.

Dat ass e bëssen d'Erklärung firwat mer deen heiten hei virhunn. An natierlech musse mer, wa mer déi heite Vente virhuelen, souwéi och bei deene viregte Venten, engersäits e Reklassement maache vun der Parzell vum Domaine communal public an den Domaine communal privé. An da kënne mer eréischt de Kafakt guttheeschen. Et ass also ëmmer an zwou Etappen, wou dat muss virgeholl ginn. Dat sinn d'Erklärungen zu dësem Akt. Wa keng Froen derzou sinn, da géif ech proposéieren, dass mer chronologesch géife virgoen.
Wien ass domadder averstanen, dass mer als éischt emol den Domaine public an den Domaine communal privé ëmklasséieren? ***Dat ass unanime.*** A wien ass mam Kafakt, wéi en hei virgestallt gouf, averstanen? ***Dat ass och unanime.*** Do soen ech lech villmools Merci.

3.6. Acquisitioun vun Emprisen - Approbatioun vu Verkafsakter

3.6.1. Koppel Paulo Jorge Ribeiro Eires a Marina De Jesus Jorge, Grondstéck Rue Jean Friedrich

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Déi éischt Emprise, déi ass mat der Madamm de Jesus Jorge a mam Här Ribeiro Eires. Dat ass op Nummer 6, Rue Jean Friedrich. Et sinn 0,20 Aar, déi mer kafen, fir de Präis vun 140 Euro. Dat ass fir d'Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique.

3.6.2. Koppel Gonçalo Daniel Silva Pina a Silvia Margarida De Jesus Duraes Prata Coelho, Grondstéck Rue Jean Friedrich

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Mir bleiwen an der Jean-Friedrich-Strooss am nächsten Akt. Do gi mer op d'Nummer 4. Do sinn et d'Madamm de Jesus Duraes Prata Coelho an den Här Silva Pina. Déi verkafen eis eng Parzell vun 0,26 Ar fir de Präis vun 182 Euro. An och do kënnt d'Parzell an d'Voirie publique.

3.6.3. Koppel Olivier Jean René Du Breuil Helion de la Gueronnière an Emmanuelle Anne Françoise Gond, Grondstéck Route de Burange

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer bei der nächster Emprise op Nummer 83 Route de Burange, an d'Bierenger Strooss, tëschent dem Här Du Breuil Helion de la Gueronnière an der Madamm Gond. Dat ass e Betrag vun 91 Euro an dat sinn 0,13 Ar. An do gëtt och partiell an d'Voirie publique eran integréiert.

3.6.4. Koppel Christian Luis Fernando Besch a Liljana Savic, Grondstéck Route de Burange

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da bleiwe mer an der Bierenger Strooss op d'Nummer 20. Dat ass tëschent dem Här Besch an der Madamm Savic. Dat sinn 154 Euro, déi mer bezuelen, fir 0,22 Ar. Och do, wéi gesot, geet et an d'Voirie publique.

3.6.5. „CG-LUX INVEST S.à r.l.", Grondstéck Rue de la Libération

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Do gi mer op Nummer 40 Rue de la Libération. Do ass CG-Lux Invest S.à r.l., hei vertrueden suerch den Här Gigante. Do kafe mer fir 56 Euro 0,0 Aar. Dat ass och en Deel vun der Voirie, also d'Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique.

3.6.6. Madamm Jacqueline Ross, Grondstéck „Rue Schiller"

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da si mer op Nummer 49 an der Rue Schiller. Do ass d'Madamm Ross, där kafe mer 1,94 Ar of. Dat ass fir de Präis vun 1.358 Euro. Also, mer bleiwen bei 700 Euro en Ar, mä hei ass méi en décke Präis, well et e gudden Deel eeben och vun der Strooss ass a mir hunn eng Rei Akten, déi mer amgaange sinn ze maachen. Sou wéi meret an der Jean Friedrich Strooss maachen, maache mer dat an der Rue Schiller. Also eng Rei Deeler vun der Strooss, déi hei an d'Voirie publique klassesch erakommen. Just fir sech do ze informéieren, well ech hat dat am leschte Gemengerot par rapport zur Rue Jean Friedrich gemaach.

An der Rue Schiller-Strooss hu mer zwielef Cessiounen, déi gefrot goufen, fënnef Akten, déi amgaange

sinn, véier, déi duerch sinn, een, wou mer nach musse maachen. An et sinn nach siwen Emprisen, déi bleiwen, also, wou mer do natierlech proaktiv mat de Proprietären a Kontakt sinn. A wou dann dëse Gemengerot nach méi wéi eng Kéier mat där wäert befaasst ginn.

3.6.7 Madamm Marie-Claire Girtgen, Grondstéck „Rue Schiller"

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da si mer op Nummer 47 Rue Schiller. Dat ass mat der Madamm Girtgen. Dat ass fir 903 Euro. Dat ass 1,29 Ar., also och en Deel, wéi gesot, vun der Strooss. Voilà, dat sinn déi verschidden Emprisen, déi mer hei kafen, fir se an d'Voirie publique ze integréieren. Ass eng Fro dozou?

CLAUDE MARTINI (CSV): Entschëllegt, mä ech hunn eng Fro. Nodeems ech den Akt gelies hat, also deen ass da geschriwwe ginn, also ee vun deenen zum Beispill ufanks August. An da steet bei „Prix de vente": „La somme est payable après l'approbation de l'acte par le conseil communal et au plus tard un mois après transcription de l'acte au bureau des hypothèques." Dat ass awer dann net ganz richteg, wa mer dat am November eréischt stëmmen. Dat ass just eng Fro. Ass dat elo richteg, wa mer dat esou maachen? Well am August ënnerschreift Der an am November bréngt Der et an de Gemengerot? Dat ass awer eréischt gülteg an et däerf een eréischt bezuelen no der Approbatioun vum Gemengerot. An dat däerf awer och net méi laang ze si wéi ee Mount. Jo, ech mengen do kann en iergendwann eng Kéier Problemer kréien, jee nodeem ëm wat et geet. 182 Euro, déi ech elo hei hunn, dat ass elo net dramatesch. Mä et ass just eng Richtlinn esou. Vläicht kënnt Dir eis do eng Kéier opklären, wat richteg ass a wat net richteg ass.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Natierlech ass et hei formal richteg, well mer halen eis hei un d'Gesetz. An Dir gesitt jo och an Ären Dossieren déi néideg Dokumenter, déi lech jo och de Wee virschreiwen. Effektiv gouf den Akt jo ënnerschriwwen, mä mir muss jo en Avis de Commodo maachen, et gëtt e Certificat de publication. Mir mussen e Procès-verbal vum Commodo maachen. Dat sinn alleguerte Saachen, déi jo Bestanddeel si vun Ären Dossieren hei. Dat heescht, dat ass eng ganz Prozedur, déi mer anhale mussen. Dann ass natierlech d'Validatioun vum Akt. Dat geet duerch de Gemengerot. Da gëtt et ageschéckt normalerweis an d'Instanzen. An da gëtt et ausbezuelt. Dat heescht, u sech ass dat absolut guer kee Problem. Dat ass déi gängeg Prozedur engersäits par rapport zum Gemengerot, deen dat approuvéiert. Dann d'Transcriptioun natierlech, dass de Proprietär changéiert huet. Dass si et net méi sinn, mä dass mir de Proprietär sinn. Dat sinn alleguerte Saachen, déi beim Notaire, mam Notaire a mat de Proprietären am Virfeld gekläert sinn, soudass mer hei am Fong an der klassescher legaler Prozedur sinn.

CLAUDE MARTINI (CSV): Dat heescht, et ass nach net bezuelt? Mir waarden of bis dass dat hei um Dësch ass?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot, mat deenen Emprisen averstanen? Kënne mer déi en bloc ofstëmmen? Wier dat méiglech? Mat Handzeechen. Da soen ech lech villmools Merci. ***Dat ass unanime.***

3.7. Zoudeele vun engem ausseruerdentleche Subsid

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer eriwwer un d'Subsid extraordinär. Do hu mer e Subsid vun 100 Euro un de SCAP. A mir leenen eis do un déi Subsiden un, déi mer all déi lescht Joren dem SCAP zoukomme gelooss hunn. Ass dat fir de Gemengerot OK? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

3.8. Ännerung vum Kapitel XII vum allgemengen Taxereglement – Regional Museksschoul vun der Stad Diddeleng

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer eriwwer an d'Museksschoul. Ech begréissen hei och den Direkter vun eiser regionaler Museksschoul, de Bob Morhard. An do geet et als Éischt mat engem Règlement de taxe un an do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Dir wësst vläicht, datt eis regional Museksschoul entretemps e Parc instrumental vun iwwer 700 Instrumenter huet, vun deenen e groussen Deel fir d'Locatioun un d'Schülerinnen an d'Schüler bestëmmt sinn. Aktuell ass déi Taxe de location 100 Euro pro Joer. An eng Assurance, déi aktuell iwwert d'ASBL Frënn vun der Diddelenger Museksschoul ugebuede gëtt, déi kascht dann zousätzlech 25 Euro an déi gëtt oft net vun den Elteren an Usproch geholl. Elo ass et awer esou, datt an deene leschte Joren d'Versécherungsfäll zougeholl hunn an ëmmer méi Leit eebe keng gülteg Haftflicht haten, also weeder privat nach eeben déi iwwert d'ASBL ofgeschloss haten, soudatt mer lech elo géife proposéieren, déi Taxe de location op 125 Euro ze hiewen, wou dann eeben déi Assurance d'office mat dra wier, falls dann eppes mam Instrument geschitt ass, dann ass d'Instrument ofgeséchert.

Des Weideren huet d'ASBL bis ewell Payementer vun de Stagen an den internationalen Echangë geréiert. Hei proposéiere mir lech dann elo, och dës Tariffer iwwert de Règlement-Taxe vun der Gemeng lafen ze loossen. Déi Detailer, déi Dir an Ären Dossieren och leien hat an déi Der op der Leinwand elo gesinn, déi hunn déi Responsabel vun der Museksschoul iwweregens och zesumme mam Pascal Poull ausgeschafft gehat, eisem Kontabel, fir datt dat natierlech alles kontabilitéitsméisseg seng Richtegkeet huet. An ech menge wa lo nach Froe sinn zu eisem Parc instrumental oder wéi dat virdrun oder Zukunft soll gehandhaabt ginn, mengen ech, dann ass de Bob Morhard déi richteg Persoun, fir lech heirop kënnen ze äntweren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci fir d'Erklärungen, Claudia Dall'Agnol. Sinn nach Froen dozou?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Also ech wosst guer net, dass mer eng ASBL Frënn vun der Diddelenger Museksschoul hätten. Ech wollt emol froen: Wien ass dat? Well déi steet zum Beispill och net am Listing vun eise Veräiner, déi zum Beispill ee Subsid ufroen. Dofir war dat mer elo e ganz neie Moment. An dann déi Stage-nationallen, do steet e Prix actuel ASBL. Dat heescht, ass dat esou, wéi virdru gesot ginn ass, dat huet ëmmer déi ASBL selwer bezuelt? A meng Fro ass: Wou hunn déi dann déi Suen hier? Oder vläicht handelt et sech och ëm net esou vill Nuitéeën oder Stagen. Vläicht kënnt Der eis och do e Chiffer soen, wéi vill där Stagen hate mer zum Beispill elo am leschte Joer oder schonn ofgeschloss 2023? A vu wéi enger Zomm schwätze mer hei? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser, si soss nach Froen?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Meng éischt Fro, déi huet am Fong d'Madamm Kayser elo scho gestallt. Ech wollt och wësse wien an där ASBL ass a wou déi un hir Sue kommen? Also ob d'Leit do e Memberbäitrag bezuelen oder wéi déi un déi Sue kommen. A wou ech den Argumentaire gelies hunn, si mer eigentlech méi Froe komm, wéi wann ech deen net gelies hätt. Also, bei der Taxe de location, fir mech ass dat ganz logesch, dass een do och déi Assurance mat abezilt. Mä wéi war dat virdrun? Gouf et do eng Assurance oder huet do einfach déi ASBL, wann e Schued war, do déi Käschten iwwerholl? A respektiv, leeft dann elo d'Assurance iwwert d'Gemeng oder d'Museksschoul, soudass dann elo d'Elteren se bezuelen? Wéi funktionéiert dat? Beim Punkt zwee, do steet et ass „d'Cours pour la petite enfance" vun 100 Euro pro Trimester erofginn op 50 Euro pro Trimester. Mä ech hunn ënnen eigentlech an der Deliberatioun, do hunn ech déi guer net fonnt, déi 100 Euro pro Trimester „ Cours pour la petite enfance".

Dat heescht, do hunn ech mech gefrot, wou stoungen déi da virdrun? A bei de Stagen hunn ech mech effektiv och gefrot: Dat heescht, déi Präisser, déi 75 Euro, déi goufe vun der ASBL bezuelt an déi ginn dann elo vun den Elteren bezuelt. Also, mir fannen dat eigentlech gutt, wann elo do transparent eigentlech d'Familllen do eng kleng Participatioun bezuelen. Et ass just, jo, net ganz nozevollzéien, wéi et virdru war, wat elo d'Decisioune waren. Mir ware leider net an der Museksschoulkommissioun, mä laut Rapport gouf dat och net do beschwat, wou mer eis gefrot hunn, wier et net méi einfach, esou eppes eng Kéier an der Kommissioun ze beschwätzen, well da wier vläicht och der Madamm Kayser hir Fro scho beäntwert ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Thoma. Nach weider Froen? Dat ass net de Fall.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL): Also, déi ASBL gëtt et zënter 2014, déi haaptsächlech probéiert huet, der Gemeng an der Museksschoul eng Flexibilitéit ze gi bei all deenen Assurancëgeschichten, well mer gemierkt hunn, dass dat net esou einfach war. Mir hunn d'Stagen doriwwer ofgewéckelt. Mir hu ganz oft gemierkt, dass d'Eltere sech net bewosst sinn, dass wann se eng Haftpflicht hunn, wann se net selwer Proprietär vum Instrument ass, dass déi net aspréngt. Dat heescht, mir hate Leit, wou mer Sinisteren haten, wou se iwwerzeegt waren, d'Assurance géing asprangen. Si haten och een Agent gefrot am Virfeld, wa mir en Instrument hunn a wann eppes passéiert, ass et verséchert, ass et net verséchert? En fin de compte war et net de Fall, well d'Gemeng de Proprietär war. Dat heescht, am Fong hunn d'Elteren déi Assurance un d'ASBL bezuelt. A wann dat bei enger Gei vu 600 Euro ass, dann ass dat nach iergendwann an der Rei.

Wann awer eng Kontrabass vum Camion fält, vun enger Valeur vu 5.000 Euro, da schwätze mer vun anere Montanten a mir wollten dat elo regulariséieren. Et ass esou, dass - ech gi op de Punkt zwee an - déi „Cours pour la petite enfance", déi am Fong esou behandelt gi wéi e Cours, en normale Cours. Dowéinst ass en net an der Nomenclature dran. A well mer et awer net fair fannen, dass een deen net fir dräi, mä fir een Trimester war, dee selwechte Präis bezilt wéi fir e Joer, hu mer dat adaptéiert. Et ass esou, dass d'Eltere bis elo un d'ASBL d'Suen iwwerwisen hunn, an dass d'ASBL domadder de Bus oder d'Jugendherberg bezuelt huet. De Rescht, dat geet natierlech net duer, fir flächendeckend do e Stage ze proposéiere vun zwee Deeg, dat heescht déi aner Fraisen huet d'Gemeng iwwerholl. An dann huet d'ASBL dëst Joer ee Stage fir Cordes organiséiert, ee Stage fir Perkussiounsinstrumenter, ee Stage fir d'Harmonieorchester, ee Stage fir onse Symphonieorchester.

A fir d'nächst Joer, zum Beispill, wär och eng Concertsrees op Barcelona geplangt. A mir waren dëst Joer och zu Wien. Dat sinn am Fong all déi Animatiounen, déi domadder gelaf sinn. Mir sinn och net méi ganz korrekt mam ASBL-Gesetz. An dowéinst wéilte mer am Fong déi Situatioun regulariséieren. An dat wier d'Propos, déi mer haut dem Gemengerot géife maachen. D'Memberen aktuell: Ech sinn de President, de Laurent Felten ass de Sekretär an de Christian Naegelen ass den Tresorier. An dowéinst wëll mer dat och elo wierklech op e méi proppere Wee brénge fir d'Zukunft, dass mer do konform sinn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, ech hunn nach eng Verständnesfro. Also, dat heescht, et ass eng ASBL, mä vu wou huelen déi dann déi Suen hir, fir déi Stagen dann ze maachen?

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL): Ma d'Eltere bezuelen déi.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dat ass wéi wa mer eng Kolonie géif organiséieren, wann s de elo esou…?

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL): Genau.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Okay. D'Eltere bezuelen déi Suen, Dir verwalt déi. Ah, voilà. Gutt, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Mach weider Punkten? Dat ass net de Fall. An da géif ech proposéieren, dass mir iwwert dëse Règlement-Taxe ofstëmmen. Wien ass de mat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

4. APPROBATIOUN VUN DER DEFINITIVER SCHOULORGANISATIOUN VUM MUSEKSUNTERRECHT FIR D'SCHOULJOER 2024-2025

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): A mir bleiwe bei der Musekksschoul. D'Claudia Dall'Agnol huet d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Dir wësst, datt mer op Konstanz, Qualitéit, Vernetzung an och Innovatioun an eiser regionaler Musekksschoul setzen. An dat war dann och dëst Joer de Fall an dat wäert och fir d'nächst Joer natierlech weiderhin de Fall sinn. De leschten 8. Juni hat d'Musekksschoul hir Journée Porte ouverte, wou traditionell ëmmer déi éischt Neiaschreiwunge fir d'Schouljoer 2024/2025 gemaach goufen. D'Rentrée war och dëst Joer eng ganz gutt mat enger gesamte Schülerzuel vu 1529 Persounen, festgehalen op den 26. Oktober. Domadder si mer dann och weiderhin déi gréisste regional Musekksschoul am Land. Mer hunn awer ëmmer nach méi weiblech wéi männlech Schüler, nämlech 439 méi Meedercher wéi Jongen. Dir kënnt also gären nach bei Äre männleche Kolleege Reklamm maachen. Aktuell hu mer 60 Enseignanten. Et si 5 nei Enseignanten agestallt gi fir Leit ze ersetzen, déi a Pensioun gaange sinn, respektiv demissionéiert hunn.

Vläicht e puer Remarken zu där Presentatioun, wéi se an den Dossiere läit an de Verglach mat der éischter Deliberatioun vun der Schoulorganisatioun, déi mer jo am Juni um Ordre du jour haten. Fréier huet dat jo ëmmer provisoresch Schoulorganisatioun geheescht an definitiv. Elo heescht dat einfach nëmmen nach Éischt Deliberatioun an Zweet Deliberatioun. D'Form vun der Schoulorganisatioun ass jo dann och zënter deem neie Gesetz eng ganz nei. Nieft dem Resumé nämlech vun de Chifferen hänkt och elo dee ganzen Detail mat hannendrun. Dofir sinn dat dann och ëmmer esou vill Säiten. Bei der Éischter Deliberatioun, also bei der fréierer provisorescher Schoulorganisatioun, do handelt et sech ëm eng Estimatioun, baséierend eeben op den Inscriptiounen, déi mer d'Schouljoer virdrun haten. D'Donnéeë vun der Zweeter Deliberatioun, vun där heiter, also vun der definitiver Schoulorganisatioun, déi baséieren dann awer op deene reellen Aschreiwungen. D'gesamt Minuttenzuel vun de Coursen ass liicht méi niddreg wéi bei der Éischter Deliberatioun, wat haaptsächlech doduerch ze erklären ass, datt d'Gruppecoursen net alleguerten op e Maximum gefëllt sinn, wat awer eigentlech eng ganz normal Situatioun ass. Mä ech mengen de Bob Morhard kann dat besser erklären ewéi ech.

Déi Éischt Deliberatioun, déi provisoresch Schoulorganisatioun, déi definéiert eigentlech eng Enveloppe budgétaire beim Staat. Déi froen dat och esou an déi bei der Zweeter Deliberatioun eeben och net soll iwwerschratt ginn. Ech mengen, ech hätt domat, ouni an de klengsten Detail ze goen, alles gesot, wat wichteg ass. An Dir gesitt, datt eis Musekksschoul och weiderhin um richtege Wee ass. An, wéi gesot, eisen Direkter, de Bob Morhard ass och hei, fir mech vläicht direkt ze completéieren, wann nach am Virfeld eppes ze soen ass, respektiv fir méi an den Detail ze goen, vun deem wat ech elo sot. A fir de Rescht ass en natierlech och do fir op d'Froen ze äntweren, wann der vun Ärer Säit nach sollte sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Jo, Merci, Claudia Dall'Agnol.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Also, Felicitatiounen eiser Musekksschoul mat deene 1529 Schüler. Dat ass jo wierklech impressionnant. A Merci och, dass Dir och an déi verschidde Gemenge gitt, och do Presenz weist an dass Dir d'Kanner do enseignéiert, wou se och wunnen. Dat fanne mer eng ganz flott Saach. Ech mengen, dat hate mer d'lescht Joer en long et en large diskutéiert. Ech hu just eng Fro mat deem neie Gesetz. Effektiv, d'Madamm Dall'Agnol huet dat elo e bësse gesot gehat, dass mer eng provisoresch Organisatioun schonn am Fréijoer oder am Summer maachen. A ganz interesséiert war ech awer elo un deem Sätz, dass mer do d'Enveloppe budgétaire definéieren, déi net soll iwwerschratt ginn. An elo ass et jo awer esou, laut Gesetz oder Reglement ass de 15. November de Stéchdag, wou déi Zweet Validatioun soll kommen. A wat jo och domadder heescht, wann do nach Changementer sinn oder Abandone sinn, da kréie mer déi jo net méi bezuelt, deen Datum iwwerschratt.

Elo ass meng Fro: Mir hu jo awer elo nach eng ganz Woch bis mer de 15. November sinn, si mer do net e bëssen ze fréi un, fir eeben dat hei am Gemengerot ze presentéieren? Hätt een dat net missen nom 15. November maachen? Well am Gesetz, mengen ech, ass och en Delai festgeschriwwen, ech menge vum 15. November bis den … ech weess net méi genau, Ufank Dezember, wou dat Reglement soll am Fong am Gemengerot ofgehaakt ginn. Dofir meng Fro: Wéi waren Är Erfarungen d'lescht Joer? Dat war jo dat éischt Joer, wou mer ënnert deem neie Regimm am Fong souzesoe gelaf sinn. Wéi vill Abandone hat Dir nach no der Approbatioun vun der Schoulorganisatioun am Gemengerot? Kënnt Der eis dozou eppes soen?

Dann hunn ech awer nach Froen, déi sech och erginn. Ech hu mer nach eng Kéier nogekuckt, wat mer d'lescht Joer beschwat haten. Do war net ganz kloer mat deene Karriäre vun den Enseignanten. Do war nämlech d'Fro opkomm, do stoungen nämlech am Listing vum leschte Joer, nach Remplaçanten dran. Dee Punkt, dee fannen ech elo hei net méi rëm. Bei den Enseignanten do steet just den Total vun den Enseignanten. D'CDIen, déi sinn eropgaange par rapport zum leschte Joer. D'CDDen, déi sinn erofgaangen. Also, do stoungen der d'lescht Joer 17 dran. An dës Kéier nëmmen een. An do stoungen elo nach 10 Remplaçanten dran. Déi fanne mer och elo net méi rëm.

Elo ass meng Fro: Wéi kann een dat erklären? Wat hutt Der do geännert? Well dee Remplaçantsstatut, deen ass jo elo net méi virgesinn am neie Reglement. Wéi hutt Dir lech do ugeluecht, fir eeben déi Remplaçanten, déi jo awer néideg waren, fir déi ze integréieren an Ären Organigramm? An da war jo och ganz interessant déi Diskussioun, déi mer haten iwwert de Statut vum Employé communal. Do war gesot ginn, dass dat am Fong ass, wann een eng gewëssen Zäit hei an der Museksschoul täteg ass, da gëtt een iwwerholl als Employé communal. An do hat den Här Direkter awer och gesot gehat, dass een dat vläicht eng Kéier muss iwwerdenken. Dat ass u gewësse Konditioune gebonnen. Eng vun de Konditiounen ass, dass een ee Minimum vun enger hallwer Tâche bei eis huet an no zéng Joer kann een dee Statut kréien. An do hat hien nach gesot, dat Ganzt muss een eng Kéier iwwerdenken, zemools well een en neit Gesetz huet zënter dem 26. Juli 2023.

Ech hunn elo gesinn, et ass elo keen dobäi komm. Au contraire, mer si vun 20 Employés communaux op 19 erofgaangen. Si mir do awer nach an der Legalitéit, wa mer déi Leit ënnert deem Statut weider engagéieren? Oder musse mer dat änneren en vue vun deem Gesetz? Dat ass, denken ech, awer eppes, wat net oninteressant ass. Wéi gesot, dat sinn éischter Organigrammsfroen. Awer zu der allgemenger Organisatioun, zu de Coursen an esou weider, wéi gesot, do hu mer absolut guer näischt ze monéieren oder ze kritiséieren. A mir felicitéieren, wéi gesot, all Mënsch, deen do säi Bescht gëtt, fir eise Kanner och d'Musek e bësse méi no ze bréngen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser.

MARC MEYER (DP): Merci, fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Jo, eis Museksschoul , déi huet e grousse Succès. Iwwer 1500 Schüler, dat sprécht fir sech. Ech wëll och vu menger Säit op eng Kéier all deenen e grousse Merci ausschwätzen, déi sech beméien, fir eise Kanner d'Musek bäizebréngen. Ech hunn awer och eng Fro dozou. Et ass gesot ginn, dass verschidde Museksproffen an d'Pensioun gaange sinn. Déi sinn ersat ginn. An d'Fro ass, ob et do dann awer schwéier ass, fir qualifizéiert Personal ze fannen, fir déi Posten erëm ze bekleeden? Déi Museken, mat deenen ech a Kontakt sinn, déi hunn oft emol scho Problemer, fir Museker ze fannen, fir hir Reien ze fëllen. An, wann ech mech net ieren, brauche mer jo och hei awer Proffe mat engem gewëssenen Diplom, och wa mer elo kee Conservatoire sinn. Et war jo an enger fréierer Gemengerotssitzung gesot ginn, dass mer awer den Niveau vun eise Proffe wëllen héich halen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Da soen ech awer Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Ech soen och direkt Merci un de Bob Morhard an un de Laurent Felten, deen elo haut net do ass. Ech hunn e klenge Problem. Well Dir wësst jo, dass ech d'Museksschoul gutt kennen, dass ech jorelaang als Schülerin vun der Offer profitéiert hunn, dass ech iwwregens och op déi Stagë gaange sinn. Mir war awer just net bewosst, dass ech dann do anscheinend un eng Asbl bezuelt hunn eppes. Ech war am Summer nach um Concert vum Drumming, deen immens flott war. An ech weess, dass d'Ekipp déi Museksschoul gutt leet an och vill Häerzblutt drastécht, soen ech elo mol.

Mä tëschent déi Lénk, also am Verhältnis vun déi Lénk an der Museksschoulkommissioun, do ass e bëssen de Wuerm dran. Well, also et ass jo net fir d'éischte Kéier, dass mer e bësse reegelméisseg kritiséieren, dass d'Dokumenter zum Beispill vun der Organisatioun net virleien an der Kommissioun. D'lescht Kéier, wou ech dat gesot hunn, krut ech gesot, ma da solle mer dat an der Kommissioun froen. Ech krut duerno vun eiser Vertriederin gesot, dass et gesot ginn ass an der Kommissioun. An der Schoulkommissioun funktionéiert dat jo, d'Schoulkommissioun, déi huet d'Dokumenter vun der Schoulorganisatioun prett do leien, wann doriwwer geschwat gëtt. An der Museksschoulkommissioun funktionéiert dat net.

De Rapport vun der leschter Kommissioun am Juni, dee krute mer elo am Oktober geschéckt. Also d'Kommissioun krut deen am Oktober geschéckt. Dat si véier Méint. Dat ass dann awer vläicht e bësse laang a virun allem nom Vott dann am Gemengerot vun där éischter Museksschoulorganisatioun dëst Joer. Mir froen och reegelméisseg an der Kommissioun Informatiounen, wéi zum Beispill den detailléierten Dekont, dee mer einfach net kréien. A mir wëssen net, firwat mer deen net kréien. Elo am leschte Rapport, do stoungen elo d'Recetten an Depensen. An da kréie mer gesot, mir kéinten am Budget kucken. Mä de Budget, deen ass op e Kalennerjoer. An den Dekont vun enger Museksschoul, dee leeft op e Schouljoer.

Mir verstinn einfach net, firwat mer d'Informatiounen net kréien, déi mer froen. An elo war déi lescht Kommissioun, wou natierlech déi Zweet, soe mer dann definitiv Schoulorganisatioun diskutéiert gouf. An do ware mer net vertrueden, wéi ech virdru scho gesot hunn, well mer keng Invitatioun kritt hunn. Firwat hu mer keng Invitatioun kritt? Well iergendengem e Feeler ënnerlaf ass, ouni Grond ass eng al E-Mail-Adress ugeschriwwe ginn, déi net méi aktiv ass, wou een och eng Réponse automatique kritt, dass déi E-Mail net méi ukënnt. Soit, dat ass e bëssen domm gaangen. Op alle Fall, dowéinst ware mir net do. Jidderengem kann e Feeler ënnerlafen. Also, ech mengen dowéinst, et ass och elo keng Kritik un d'Personal, wann do eng

Kéier, voilà, et schéckt een un eng al E-Mail-Adress, et gesäit een d'Réponse automatique net. Dat kann alles virkommen. Mä mir wëllen awer hei politesch schaffen. An dann ass awer iergendwann och eng Kéier, muss de Schäfferot dann awer och dofir suergen, dass alleguerten d'Fraktiounen am Gemengerot kënne politesch schaffen. An dozou gehéiert ënner anerem, dass mer dann och an d'Kommissiounen invitéiert ginn. Dowéinst hoffe mer, dass dat dann elo en Accident war an dass dat déi nächst Kéier net méi de Fall ass. Virun allem, well ech dann ëmmer gesot kréien, wann ech hei Froe stellen: „Da stellt dach Froe virdrun oder stellt Froen an der Kommissioun". Dat ass natierlech e bësse schwiereg. Dee klengste Problem niewelaanscht ass, dass mer natierlech och kee Presenzjeton krute fir déi Kommissioun. Bon, dat ass elo ee Jeton, dat ass net dramatesch. Mä et ass am Fong net eis Schold, dass mer dann net an der Kommissioun waren. Ëmmerhin krute mer awer dann zurzäit de Rapport vun der Kommissioun. Dee war wierklech dës Kéier matzäiten do. Dowéinst soe mer dann och e ganz grousse Merci, dass dat geklappt huet.

Wou ech elo d'Schoulorganisatioun ugekuckt hunn, hunn ech eebe probéiert d'Zuelen ze vergläiche vun dësem Joer mat der Organisatioun vum leschte Joer. Dat war awer komplizéiert, well de Sommaire entsprécht net der Suite vun der Organisatioun, also dem Detail vun der Organisatioun. Déi Stonnen, déi am Sommaire stinn, vun der Formation musicale, vum Éveil musical virun allem, déi entspriechen net deem, wat duerno kënnt. An ech mengen, dee grousse Problem ass, dass do en zimmleche Chaos ass an där Organisatioun. An do weess ech elo net, ob d'Museksschoul do iergendeppes kann änneren oder ob dat einfach am Programm sou ass. Mä wann ee sech ukuckt, um Ufank gesäit et aus Éveil zwee, Éveil dräi, da kënnt iergendwann nees Éveil zwee, da kënnt nees Éveil dräi, da kënnt iergendwann FM1, FM2, FM3, FM4, da kënnt erëm FM1, da kënnt erëm FM2, dat heescht, et ass totale Chaos. Ech weess net, wann et méiglech ass dat d'nächst Kéier méi gereegelt ze maachen, da wier et warscheinlech e bësse méi einfach fir d'Zuelen ze vergläichen a warscheinlech och fir de Sommaire opzestellen, kann ech mer virstellen.

Allgemeng menge mer awer, dass mer eng Tendenz erkennen, an zwar dass d'Unzuel u kollektive Coursen erofgeet an un individuelle Coursen eropgeet. An do hu mer eis einfach gefrot, ob dat eng allgemeng Tendenz ass? Ech weess net, ob de Bob Morhard weess, ob dat an anere Museksschoulen och esou ass, oder ob dat elo just dëst Joer ass. Ech weess elo net, ob d'lescht Joer extrem vill kollektiv Coursë waren, an dass dat dowéinst elo erofgaangen ass, oder ob dat eng Tendenz ass, déi een erkenne kann. Mir hunn och gesinn, an der Formation musicale jazz, do si ganz wéineg Schüler ageschriwwen. Mécht dat nach Sënn, esou Course fir dann een oder dräi Schüler ze organiséieren? Ech weess et net. Mir gesinn, d'Formation musicale pour danseurs, déi gëtt et net méi dëst Joer, déi gouf et d'lescht Joer. Do waren och ganz wéineg Schüler. Ass dat, well alleguerten d'Schüler opgehalen hunn? Oder gouf do d'Decisioun getraff, fir dat opzehalen, well eeben esou wéineg Schüler dra sinn? Dat ass einfach eng Fro, déi mer eis gestallt hunn.

Am Danz gesi mer, dass Jazz an Danse contemporaine relativ stabil sinn, mä dass an der Danse classique immens vill Schüler schéngen opzehalen tëscht engem Joer an deem aneren. An do hu mer eis einfach gefrot, ob déi vläicht, ech weess net, ob et do e Grond gëtt, ob déi vläicht falsch Virstellungen hunn oder firwat de Fall ass? An do wollt mer einfach froen: Wann ech richteg informéiert sinn, fänke mer elo un am Container, déi Danzcoursen ze maachen. Einfach, ob dat gutt klappt, ob do jiddereen zefridden ass, ob d'Konditioune gutt sinn an deem Container? Bei den Ensembelen hunn ech gesinn, OK, d'Kammermusek, déi geet erof. Ensemble homophone, ech hu probéiert ze googelen, wat dat wier, mä do sinn d'Schüler extreem erofgaange vun 58 op 9 Persounen. A gläichzäiteg hu mer awer elo en Orchester. Ass deen nei? Ech mengen et sinn 53 Schüler. Dat heescht, hu mer elo en neien Orchester, dee virdrun net do war? Dat wär jo flott.

D'Madamm Kayser ass schonn op d'Personal agaangen. Mir fannen et ganz positiv, dass 59 vun deene 60 Leit, déi agestallt sinn, e CDI hunn. Mä par contre effektiv de Statut employé communal, dat ass manner wéi een Drëttel vum Personal. An ech hat mer och nach eng Kéier duerchgelies wat d'Äntwert war d'lescht Joer. Do war gesot ginn, d'Konditiounen, dat wär, dass ee wéinstens eng hallef Tâche huet a wéinstens zéng Joer do géif schaffen. Dat géif heeschen, dass manner wéi en Drëttel just säit zéng Joer do schafft a wéinstens eng hallef Tâche ass. Dat kënnt eis extreem wéineg vir. Ech sinn eng Kéier d'Lëscht duerchgaangen, well ech awer eng Rei Leit kennen. An ech mengen, dass do nach e puer Leit wären, déi géifen a Fro kommen, fir dee Statut ze kréien. Mä effektiv war gesot ginn, d'lescht Joer, dass dat eng Kéier géif reevaluéiert ginn, déi Konditioune fir dee Statut ze kréien. Do wollt ech einfach eng Kéier froen, ob dat virgesinn ass vläicht, oder wou mer do dru sinn?

Virun allem wann elo gesot gëtt dass mir géifen an der Konkurrenz stoen, par rapport zum Staat, fir d'Personal. Bon, dat ännert natierlech elo näischt un der Remuneratioun fir déi Leit. Mä trotzdeem, wann ee e Statut huet als Employé communal, dat ass vläicht wier deen een oder anere méi interessant wéi wann ee e Statut vum Salarié huet. An dann, vläicht géing dat dann och e bësse vereinfachen, fir Personal ze kréien. An dann eng allerlescht Fro, dat ass awer elo wierklech en Detail. Wann Der do keng Äntwert hutt, ass et och net schlëmm. Mä bei den Dechargen, do steet bei verschiddene Leit just als Erklärung Decharge. An do hu mer eis just gefrot, wat dat wier. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Thoma.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Jo, also ech ka mat näischt aneschters ufänke wéi mat engem Kompliment. Wierklech, Felicitatioune fir déi formidabel Aarbecht vun der Museksschoul, déi deene Jonken e perfekte Kader am Fong ubitt fir hirt Talent ze entwéckelen an hir Léift zu der Musek ze förderen. Ech war selwer och op der Porte ouverte an och, ech

besiche ganz, ganz vill Eventer, déi vun der Museksschoul organiséiert ginn. An ech fannen. dat ass wierklech formidabel, et ass eng kleng Pärel, wéi ech ëmmer erëm soen, déi mer hei zu Diddeleng hunn am Kader vun enger regionaler Museksschoul. Ech hätt e puer Remarken, déi zwar elo net direkt eppes mat der Organisatioun ze dinn hunn, mä wou ech net wéisst, wou ech se soss kéint lassginn. Vu datt ech ugemellt si mat mengem Klengen an der Museksschoul fir den Éveil musical, hunn ech festgestallt, datt den éischten Dag mir zu e puer Mammen dann, oder Pappen souguer, untrieden. A mir hu wierklech verschidde Leit aus verschidde Gemengen, ënner anerem Leit, déi aus der Stad Lëtzebuerg, déi op Diddeleng kommen, Leit vun Déifferdeng, déi op Diddeleng kommen. An do ass et nun emol esou, datt mer néierens e Schëld stoen hunn, mat engem Feil „Museksschoul". Also, et gesäit een effektiv um Haaptpanneau „CNA - Opderschmelz. Mä vläicht kéint een awer och ënnendrënner schreiwen „ Parking Museksschoul".

An idem eng Remark. Wann een erakënnt, ass et awer esou, wann een net Diddelenger ass a fir d'éischt an den CNA erageet, dann ass een awer e bëssi verluer, well et kënnt een an e groussen Hall an da sti meeschtens zwee, dräi Leit hannert dem PC, mä relativ esou déif am Sall. An ech hunn einfach déi Reaktioun vun de verschidde Mammen, also vu verschidden Eltere gesinn, datt si do wierklech e bëssi verluer waren. Et ass, wéi gesot, einfach en Incentive, datt et vläicht interessant wier, baussen a bannen am Gebai e klengt Schëld ze maachen, Musekscoursen, Museksschoul no lénks. Voilà, dat ass dat eent.

An eng aner Fro wier, wou ech mat Kolleege geschwat hunn, ënner anerem och aus der Lokalsektioun, hunn ech emol erausfonnt, datt ee fréier konnt iwwert d'Chèques-Servicer déi Coursë bezuelen, an datt dat mëttlerweil säit op mannst siwe Joer net méi de Fall ass. An dunn hu mer eis einfach gefrot, firwat et net méi de Fall ass? An effektiv ginn et och Subventioune vum Ministère aus, mä sinn et och Subventioune fir déi ganz kleng oder just fir déi grouss? A wann d'Äntwert Jo wier, kéint ee vläicht bei der Umeldung - well et muss ee sech jo all Trimester nei umellen - dat mat op de Wee ginn, well ech hu mat aner Mammen aus der Museksschoul, wéi gesot, geschwat an et wousst keen eppes, weeder vun Subsiden nach, datt ee fréier d'Chèques-Servicer hat. Mä bon, dat ass fréier. Voilà, dat wier dann en zweeten Incentive.

Wéi ech virdru gesot hunn, also ech besiche relativ vill Eventer vun der Museksschoul. Par contre fannen ech, puncto Kommunikatioun, an et ass wierklech net negativ gemengt, mä et kéint ee vläicht e bëssi verbesseren. Et ass mer bewosst, datt wann ee www.Dudelange.lu agëtt an do op „Eventer" geet, datt een do verschidde Saache fënnt. Mä et wier awer vläicht interessant, dans l'air du d'temps awer vläicht e bësse méi dynamesch op Social Media ze kommunizéieren. An do wollt ech och vläicht eppes virschloen, mä den nächste Punkt um Ordre du jour ass de Vivre ensemble. A vläicht an deem Kontext kéint ee jo drun denken oder sech eppes iwwerleeën, wéi gesot, vläicht och partizipativ iwwerleeën, fir eng Internetsäit ze maachen, sief et op Facebook oder Facebook iwwer Diddeleng, keng Anung, mä wou een all déi Eventer kommunizéiert a wou och déi Eventer vun der Museksschoul e bësse méi proaktiv oder e bësse méi visibel gemaach ginn. Voilà, dat ass zu der Kommunikatioun, wat ech wollt soen. An einfach och en Incentive fir mat op de Wee. Et gesäit een, datt wierklech e groussen Interessi do ass. Wéi gesot, et si Leit esouguer aus der Stad, déi op Diddeleng de Wee fannen, fir an déi Museksschoul.

An einfach fir datt mer sécherstellen, datt et an deene kommende Joren net u Personal happert, well ech hunn d'Gefill, datt et awer net esou einfach ass, fir do déi richteg Leit ze fannen a vläicht och proaktiv ze anticipéieren, datt een awer eng gewëss qualitativ Sécherheet, wat d'Infrastrukturen och ugeet, kann ubidden, sech do e Zenario gëtt: Wie geet et weider? Natierlech mat Zuel no uewe gekuckt vun de Schüler. Dat anert, dat huet och elo näischt direkt mat Organisatioun ze dinn, mä wat mengen ech fir d'Allgemengheet interessant wier: Hätt ee vläicht eng Etüd oder kéint ee vläicht mat engem LISER oder vläicht sidd Dir schonn amgaangen esou Saachen ze maachen, mä einfach den Impakt vun esou Musekscoursen op déi Jugendlech kucken, ob mer esou e positiven Impakt, wat ech wierklech mengen, mä dat iergendwéi kënnen evaluéieren a kucken an déi Richtung da weider ze promouvéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci, Här Buergermeescher, fir d'Wuert. Ech schléisse mech och de Komplimenter just un, och vun eiser Fraktioun aus, well op déi Detailer elo, wat d'Organisatioun elo ugeet, do wäert sécher d'Madamm Claudia Dall'Agnol agoen an den Här Morhard. Also, mir kënne wierklech soen, datt eis regional Museksschoul e grousse Succès kennt, an dat ass och - mengen ech - heibannen och net a Fro gestallt, dëst zum engem éischtens eeben drop zeréckzeféieren op d'Qualitéit vun der Offer, souwuel wat d'Enseignanten ubelaangt, d'Organisatioun vun der Schoul, mä awer och op déi breetgefächert Offer u Coursen an Instrumenter. An ech mengen, dat mécht et och esou komplex, déi Organisatioun eeben esou ze organiséieren, datt och een, deen ee seelent Instrument wëll léieren oder eppes wëll léieren, wat vläicht net déi grouss Mass interesséiert, dee fënnt hei en oppent Ouer. Am Rapport vun der Museksschoulkommissioun, wou ech och elo neierdéngs dozou gehéieren, do stinn dann Zuelen och: 67 Enseignantë gi Coursen hei zu Diddeleng fir 1537 Schüler. Et ass liicht e bëssen aneschters, dass sécherlech de Stéchdag dee gekuckt ginn ass, wéi d'Schüler sech ugemellt hunn.

An zweetens drop zeréckzeféieren op deen net onweesentleche Fait, datt mëttlerweil schonn dat zweet Joer de Museksunterrecht hei zu Lëtzebuerg eebe gratis ass. Dat erkläert vläicht och, firwat d'Schülerzuel nach emol an d'Luucht gaang ass, vu 1427 d'lescht Joer op 1537 dëst Joer. Haut, wéi gesot, huele mer déi Zweet Deliberatioun iwwert d'Organisatioun vun eiser Museksschoul . An déi éischt virun der Summervakanz baséiert also – an dat ass och schonn

e puermol ugeklongen - op Estimatiounen. Mir hunn elo grad d'Zuelen héieren iwwert de Summer da konkreet Klassen opzedeelen, Enseignanten ze fannen, eventuell der ze ersetzen. Dat ass eng enorm Aufgab a mir kënnen der Direktioun vun eiser Museksschoul nëmme felicitéieren, fir déi vill Aarbecht, déi hei geleescht gëtt. Ëmsou méi ass et awer dann och schued, wann ee sech dann net ëmmer kann op déi Zuele verloossen.

Ech schwätzen hei besonnesch iwwert de Fait, datt mer awer ëmmer erëm eeben Abandonen hunn, dat heescht, Schüler, déi sech umellen, dann awer iergendwann net méi wëlle kommen. Jiddereen huet natierlech d'Fräiheet, emol schnupperen ze kommen a sech awer vläicht dann anescht ze decidéieren. Geschitt dat awer dann nom 15.November, dann huet dat Konsequenze fir d'Museksschoul. No dësem Datum gëtt dee Schüler, bezéiungsweis d'Schülerin net méi eebe vum Ministère subventionéiert. Dat heescht an der Praxis, datt nom 15. November kee méi ka vun där Waardelëscht noréckelen, déi mer eeben hunn an der Museksschoul. Et ass also wichteg, datt och d'Elteren hei sech hirer Verantwortung fir d'Schoul bewosst sinn.

An eng lescht Remark wëll ech wëll ech nach maachen zum Manifestatiounskalenner. Wéi all Joer ass dee gutt gefëllt: Stagen, Concerten, Porte Ouvert. Aleng d'Lëscht vun der Saison 2023, deen am Rapport stoung, do waren 20 Manifestatiounen um Programm. Hei zu Diddeleng, mä awer och an eise Partnergemengen. Dat weist ganz kloer op d'Dynamik an och d'Kreativitéit vun eise Responsabelen an der Museksschoul hin. An dofir vun eiser Säit aus hei nach e ganz, ganz décke Merci un d'Direktioun. An ech bieden, dat och matzehuelen un de Corps enseignant. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kohn.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Jo, Merci, ech kucken, déi Saachen erauszehuelen, wou ech kann elo direkt drop äntweren. Ech mengen d'Madamm Kayser an d'Madamm Bodry-Kohn sinn op den Abandon an de Stéchdatum vum 15. November agaangen. Do kann ech lech versécheren, wann ech mat anere Politiker a Politikerinnen a Kolleege schwätzen, datt dat a ville Gemengen en Theema ass. An ech ginn dovunner aus, datt dat och iergendwann eng Kéier op Chambersniveau kënnt, well do awer eng Partie Leit net domadder zefridde sinn. Mä ännere kënne mir dat am Moment hei an deem Gemengerot net. D'Madamm Kayser ass och op d'Karriären agaangen an d'Madamm Thoma och. Bon, ech mengen, do kann de Bob Morhard am Detail drop agoen. Ech wëll awer kloerstellen, datt eise Personalbüro an d'Direktioun vun der Museksschoul am enke Kontakt stinn, fir ze kucken, wann do Saache musse gereegelt ginn oder Problemer sinn, dat och ze maachen.

Den Här Meyer an d'Madamm Ahmedova hu gefrot, ob ee fir alles ëmmer Leit fënnt. Bon, dat hänkt natierlech och ëmmer e bëssen dovun of, fir wat fir ee Fach a fir wéi vill Stonnen. An, bon, do kann de Bob Morhard vläicht eng Kéier drop agoen, et war jo och emol e Problem mat de Sproochen entstanen. Do war et dunn och net méi grad esou einfach Leit ze fannen. Do ass awer elo eng Ouverture gemaach ginn, soudatt et eigentlech erëm e bësse méi einfach ass. Dann d'Madamm Thoma. Jo, effektiv, d'Invitatioun war un eng falsch Adress gaang. Net un eng falsch Adress, mä un eng Adress vun déi Lénk, déi et gouf an déi et elo net méi gouf. An, bon, mir hunn eis eigentlech gewonnert, firwat Är Vertriederin net do war, well se ëmmer do ass.

A wann ech richteg informéiert sinn, huet de Bob Morhard souguer den Dag drop den Telefon geholl an nogefrot, firwat Är Vertriederin net do war, well dat eis awer scho komesch virkomm ass. An doropshi krut Är Vertriederin och alleguerten d'Informatiounen. Et ass gekläert ginn. Mir kruten doropshin nach vun Ärer Vertriederin zwou Säite Mail, mat alles wat gutt wär a wat net esou gutt wär. Dir hutt praktesch alles widderholl. Ech muss soen, déi Geschicht, datt d'Dokumenter net do wären, ech hunn d'lescht Kéier effektiv hei gesot, mir fält net op, ob en Dokument net do ass, wann ech et viru mer leien hunn. Dir sot, Är Vertriederin hätt dat deemools gefrot. Ech ka mech net erënneren, datt et gefrot ginn ass. Ech muss awer soen, an dat hunn ech d'lescht Kéier och hei gesot, ech si wierklech der Meenung, datt de Gemengerot awer nach ëmmer soll d'Primotéit vun den Dokumenter hunn. Ech kann awer domadder liewen, mir si mol keng Kontrollkommissioun méi.

Mir sinn haut eng fakultativ Kommissioun, déi mol net méi am Gesetz steet an déi et eigentlech net méi misst ginn, mä déi mer awer bäibehalen hunn, well mer geduecht hunn, datt et awer interessant ass, wann all Fraktioun hei an deem Gemengerot informéiert ass, wat an eiser Museksschoul leeft, well dat Ganzt jo och Geld kascht. Ech kann awer domadder liewen, datt mer d'nächst Kéier, wa mer déi Schoulorganisatioun stëmmen, datt mer dat dann och do ausdeelen oder et verschécken duerno, wéi mer wëllen. Mä wéi gesot, fir mech ass et nach ëmmer esou, datt eigentlech déi gewielte Gemengevertrieder sollen d'Primotéit hunn. De Bob Morhard ass och amgaang, ze kucken, mam Sekretär vun eiser Schoulkommissioun, wéi si et handhaben an da setzt hien eng Procédure a Gang, fir datt dat och ka esou lafen. Dann dee Kont, wou Der frot, dat ass eng Geschicht, déi huet schonn esou e laange Bart, well mer am Ufank guer net verstanen hunn, wat Är Vertriederin wollt. Et ass hin – an hiergaangen, da krut Är Vertriederin erëm eng Tabell, da war dat net déi richteg Tabell. Dann hu mer erëm eng aner Tabell gesicht.

Ech war awer elo wierklech der Meenung, vu datt ech näischt méi héieren hunn, datt mer elo déi richteg Tabell fonnt hätten, déi Är Vertriederin gefrot huet. Dat schéngt jo da manifestement nach ëmmer net de Fall ze sinn. Mä vläicht weess de Bob Morhard do och méi. Da gi mer där Saach nach eng Kéier op d'Spuer. Well ech mengen och, datt dat elo wierklech kee geheimt Dokument ass. Mä mir waren eigentlech alleguerten hei der Meenung, datt dat sech gereegelt hätt. Mä wéi gesot, de Bob Morhard kann dat nach eng Kéier kucken. De Rapport, effektiv hu si de Rapport ëmmer mat der nächster Invitatioun geschéckt. Dat ass awer och, muss ech soen, ni vun engem bemängelt ginn. Dat

war esou an et huet ni een et bemängelt. Elo ass et bemängelt ginn, da gëtt deen natierlech éischter erausgeschéckt an dat ass och elo scho geschitt.

D'Madamm Ahmedova sot, datt kéint e Schëld dohinner gestallt gi baussen, wat op d'Museksschoul hiweist. Bon, ech mengen do kann de Bob Morhard Kontakt ophuele mam Pit Demuth aus dem Service Circulation a kucken, wéi mer dat kënnen handhaben, wou mer do nach kënnen e Schëld maachen oder einfach e Schëld änneren. Fir banne sinn ech elo net zoustänneg. Mä ech mengen, Bob Morhard, du kriss dat schonn hin. An dann huet d'Madamm Ahmedova nach op d'Kommunikatioun higewise fir eis Concerten an esou. Also, eise Problem ass éischter deen, datt eise Sall esou voll ass, datt mer net nach kënnen all ze vill Kommunikatioun maachen.

Well Dir kënnt lech jo virstellen, wann do Leit optrieden, dat si jo meeschtens d'Kanner, da kënnt do d'Mamm, da kënnt do d'Bom, mir sinn esou wäit, datt mer bei verschidde Saachen, wéi beim Danzen - de Bob Morhard ka vläicht drop agoen – datt mer do scho mussen zwou Sessioune maachen, fir d'Leit alleguerten an de Sall ze kréien, soudatt mir kënne gäre Kommunikatioun maachen, mä da soll awer herno kee kommen a soen, ech kommen net eran. Eise Sall huet nëmmen déi Capacitéit, déi en huet. Ech mengen, dann hätt ech elo alles gesot, wat ech zu dësem Zäitpunkt ka beäntweren. An ech mengen, de Bob Morhard kann op déi aner Detailer agoen, well hien do méi concernéiert ass wéi elo déi politesch Äntwerten. Merci.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL): Ech muss zougestoen, ech weess net wou ech soll ufänken, mat all deene Froen. Dat heiten Dokument, dat hat fréier, ier mer am MENJE waren, aacht Säiten an dat huet der haut 115. Dat ass, mengen ech, eng ganz gutt Explikatioun fir villes. Mir hate fréier ee Ministère tutelle, mir sinn haut d'Hallschent am Interieur, d'Hallschent am MENJE. Dat huet ons Aarbecht net méi einfach gemaach an dat mierkt een an de Froen. Abandon, a wat ech och vläicht wollt soen, et vermëschen sech vill national Sujete mat kommunale Sujeten. Ech mengen, alles wat Abandon an alles wat d'Règlement grand-ducal ass, alles wat Karriären ass, dat sinn national Sujeten, wou mir am Fong d'Gesetzer ëmsetzen an net forcement hei en eegene Wee kënne goen. Abandon ass en nationale Sujet.

Dir hat iwwert de CDI geschwat. Mir hu probéiert, ab dësem Joer, well et schonn ugeschwat ass, well jiddwereen no Personal sicht, ons Museksschoul méi attraktiv ze maachen an net méi op de Wee ze goe vu CDDen, mä einfach ab engem éischte Kontrakt e CDI ze ginn - mat engem Stage natierlech - awer fir méi attraktiv ze si par rapport zu aneren Employeuren. Ech hat de leschte Méinden eng Reunioun gehat, déi eis perséinleche Grënn dann ofgesot ginn ass, fir doran op dee Wee ze goen, fir eng Kéier mam Paul Nosbusch an onsem Personalbüro ze kucken, wéi mer an Zukunft mat den Employé-communallen ëmginn. Do war awer de Fall, dass mer eppes ëmgesat hunn, wou d'Leit op eemol vill mei schlecht ewechkomm sinn, wéi wann se net gewiesselt hätten, mat deem neie Changement de carrière. Do si mer drun. Dat sinn alles Sujeten, wou am Fong dat Nationaalt mat deem Kommunalen zesummenhänkt a wou mer net ëmmer nokommen. Well, en plus, da komme mer op déi aner Saach e bëssen ze schwätzen, mir hunn e Règlement grand-ducal, deen all Joers ännert. Dat heescht, mir sinn elo am MENJE, do gëtt all 1. Dezember en neie Règlement grand-ducal mat neie Coursen, ale Coursen agefouert, wou am Fong d'Konditioune vun der Stee fir dat Joer drop änneren. Dat heescht, einfach e puer Detailer.

Fir zeréckzekommen op d'Fro vun den nationalen Diplomer, do gëtt et elo eng Ouverture fir déi nächst Rentrée. Mä wärend dësem ganze Joer musse mer nach ëmmer déi al Reglementer respektéieren. Dowéinst gëtt et och kee Remplaçant méi, well deen am Moment net méi virgesinn ass. Deen ass elo gestëmmt ginn, mä dee kënnt awer am Fong eréischt fir déi nächst Rentrée. Dir verstitt, et ass am Moment esou, den Enseignement musical ass esouguer fir mech net méi ganz transparent. Ech kommen net méi iwwerall no. Mir hunn en neie Programm, et gëtt elo gefilmt - Big Brother - Eedomus. Dat heescht, mir hunn zwee Programmer. Mer hunn ee Programm, iwwert dee mer déi ganz Schoul, d'Scolaritéit, all Eventer geréieren. Dat ass e Programm, deen d'Gemeng huet. Mä mir maachen alles en double emploi duerch ee Programm, deen Eedomus heescht. Dat ass dee Programm, deen dat hei geréiert, déi 115 Säiten automatesch geréiert, wou mer guer keen Afloss hunn. Dat ass am Fong eng Grille informatique, wou do nach den Excel erausgespaut gëtt. A wann ech elo misst zu all Zeil eppes soen, wier ech selwer verluer. Well dee rechent dat automatesch aus an dat ass wierklech e ganz komplexe Sujet.

Personal generell. Wa mer ee fir Piano sichen, hu mer 20 Kandidaturen. Do fanne mer sécher een. Danzen: Mir hunn elo ee Congé de maternité, mat enger Mise à l'écart directe. Déi, déi vläicht Kanner am Danzen hunn, déi hu vläicht gemierkt, dass mer déi lescht zwou Woche gestruewelt hunn. Dann, den Aarbechtsdokter, vun haut op muer, dee schafft net méi. A grad do, wou ee kee méi fënnt, an deenen Domänen do, dat ass katastrophal. Dowéinst si mer elo mat deem neie Gesetz, wou d'AEM, d'Association des Écoles de Musiques, wou ech Vizepresident sinn, ganz vehement beim Ministère de l'Interieur intervenéiert, fir e Statut ze fanne fir e Remplacant an d'nächst Joer ouni vläicht all komplett Sproochekonditiounen oder all Diplomskonditiounen ze hunn. Mä dat kënnt awer eréischt ab der nächster Rentrée, net fir dës Rentrée.

Gutt, ech hunn der Vertriederin vun deene Lénke geschriwwen, ech géif mech dofir entschëllegen, dass déi Invitatioun falsch erausgaangen ass. Ech huelen dat an Zukunft selwer an d'Hand. Mä ech sinn awer responsabel fir mäi Service. An ech wëll mech dobäi och beim Gemengerot entschëllegen. Onsen DuoNet, dat ass deen aner Programm, deen huet keng No-Reply-Funktioun. Dowéinst hu mer dat net direkt gemierkt. Ech hat awer der Madamm Ierpeldeng ugebueden, ons ze gesinn, fir all d'Froen ze diskutéieren. Mä leider ass dee selwechten Dag, de Méinden eeben, dat war dee

falschen Dag, wou et net gaangen ass, wou ech net disponibel war. De Laurent Felten war awer do, wann eng Fro gewiescht war, hätt et och bei engem anere kënne sinn.

Firwat passen d'Zuelen net iwwerall openeen? Mä well et eeben duerch ee Règlement grand-ducal Coursen net méi ginn, oder mer se net méi ubidden, aus verschiddene Grënn. Zum Beispill maache mer keen Éveil 1 méi, well mer d'Capacitéiten net dofir hunn. Dat hat ech eng Kéier hei gesot, schonn an der Kommissioun gesot, mir packen dat net. Léiwer mir assuréieren ons Coursë propper, wéi dass mer all Dënschden an all Donneschden an all Samschdegmoie musse 17 Coursen ofsoen, wou mer kee Personal hunn. Dann, d'Gratuitéit ass eng schéi Saach, mä all déi aner Problemer, déi drun hänken, Abandonen, Kadere fëllen, dat hänkt dorunner. Fréier, wann d'Elteren sech iwwerluecht hunn, iwwerweisen ech 100 Euro oder net, am September, wëll mol geheescht, vläicht gees de dann awer bis, zumindest bis Allerhellegen, fir ze kucken ob et geet oder net. Am Moment hu mer dat guer net méi am Grëff. Dat heescht, dat ass awer kee Problem vun der Diddelenger Schoul, mä dat ass e Problem, deen de Stater Conservatoire, den Escher Conservatoire, de CMNord, d'UGDA Museksschoulen an all déi aner regional Schoulen och.

An de Container, souwäit ech dat elo matkrut, ass okay. En ass nach net ganz fäerdeg. Mä spéitstens wa mer d'Aweiung maachen, da si mer sou wäit. Dat dauert wéi all Chantier. Ech hu jo och privat gebaut, dat wësst Dir, ech si jo Diddelenger ginn, dat zitt sech heiansdo méi laang hin ewéi ee mengt. A bei de Container ass et e bëssen änlech, do hate mer och e Mound Retard, wou mer da probéiert hunn, déi grouss Niveauen ze assuréieren, sou gutt wéi et geet am Centre René Hartmann a bei ons am Gebai. Mä dat ass um gudde Wee. An ech mengen, wann ech d'nächst Kéier hei sëtzen, dass ech dat dann e bësse méi kann drop agoen. Wéi gesot, dee Règlement grand-ducal vum Staat ännert.

Dowéinst ass e Sinfonieorchester, dee bis elo als Ensemble homophone gelaaf ass, dee steet elo als Sinfonieorchester do. Eng Decharge, déi bis elo e gewëssenen Numm hat, huet elo keen Numm méi. Dat ass alles, ech mengen, duerno komme Kolleege vum Enseignement fondamental. Am MENJE ginn et e bësse méi streng Reegele wéi op aner Plazen. Dat heescht, do si mir e bëssen d'Hänn gebonnen. E Schëld, dat gouf 2007 gefrot. Ech mengen, do hunn den Här Back an d'Madamm Igniti sech awer géint esou e Schëld decidéiert. D'Gratuitéit an de Chèque-service, déi gëtt et net méi, well eeben d'Coursë gratis sinn, ausser déi vun der Petite enfance an do hu mer jo grad an deem Punkt virdru probéiert d'Tariffer ze adaptéieren, fir dass mer déi vun 100 op 50 Euro erofsetzen, fir dass dat manner Impakt ass. Am Januar kréie mer eng nei Internetsäit, wou dann d'Kommunikatioun och da wäert besser lafen. An dat waren elo mol déi éischt Äntwerten, déi ech wollt ginn. Wann nach méi Detailer gefrot sinn, da misst ech e bëssen och Recherche maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci dem Bob Morhard. Jo, d'Madamm Kayser an d'Madamm Thoma.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Jo, bon courage da mat deenen neie Programmer, déi Der operluecht krut. Ech hat awer nach ganz konkreet gefrot: Wéi vill Abandone hate mer dann d'lescht Joer no eisem Vott? A wéi flexibel gëtt dat gehandhaabt? Well déi zweet Deliberatioun stoung jo och am Rapport, ech hunn dat elo nach eng Kéier nogekuckt, vun der Museksschoul , déi kéinte mir jo maache bis den 1. Dezember. Mir sinn awer elo eréischt den 11. November. Dat heescht bis de 15. November ass d'Date-clé. Däerft Dir dann, wa mir elo hei déi 1537 Schüler ofhaken, als Gemengerot votéieren, däerft Dir dorunner nach eppes änneren?

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL): Nee.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Voilà. Dann ass meng Fro: Firwat maache mer de Vott haut?

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL): Well virum 1. Dezember muss de Gemengerot ofgestëmmt hunn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, mä Dir hutt awer elo nach fënnef Deeg Zäit, wou nach kéinten Abandone kommen, da kënnt Dir déi zum Beispill net méi consideréieren.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL): Nee, mä dat ass awer en nationale Problem.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Nee, dat ass awer och e kommunale Problem, well wa mir eis Gemengerotssitzung méi spéit hätten, dann hätt Dir et clôturéiert.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL): Also, ech hat d'Lescht jo gekuckt, wéi vill mer da haten, deen Dag, wou mer den Dokument erausginn un de Gemengerot an net d'Kommissiounssëtzung, do soe mer, d'Ziffere sinn nach net ganz richteg, wéi deen Dag, wann de Patrick d'Dokumenter un de Gemengerot schéckt, do hate mer der nach dräi.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Okay, dat war eeben d'Fro: Ass dat awer an engem normale Kader?

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL): Awer vun elo bis Juli si mer bei 150, déi keng Gemeng am Land bezuelt kritt. An ech mengen, do muss eigentlech einfach eppes passéieren, op engem aneren Niveau.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Et ass jo och gutt, dass Der dat elo eeben emol eng Kéier chiffréiert, gellt, dass d'Leit och wëssen dobaussen, vu wat schwätze mer? Also just dräi elo an där enger Woch dann, awer 150 vum 15. November praktesch bis 15. Juli?

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL): Vum 15. September bis 15. Juli. Woubäi mer, bis den 1. Dezember, wann elo een am Piano ophält an et kënnt een an der Gittar, da kann ech deen nach remplacéieren. Awer duerno net méi.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Also dat heescht, op deene 150 Schüler bleiwe mir da sëtzen als Gemeng.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL): All d'Gemengen am Land.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Dat hunn ech jo gesot, dat ass en Theema an der Politik, parteiiwwergräifend. An et si gestane Politiker a Politikerinnen, déi dat och wäerten op en aneren Niveau bréngen, déi dat och schonn ugekënnegt hunn. An dofir hunn ech dat och virdrun direkt geäntwert gehat. An ech sot awer och, datt mir elo direkt hei an deem Gemengerot näischt kënnen dorunner änneren, mä datt den nationalen Niveau dat dote muss an d'Hand huelen. A vu datt all Gemeng domat gehäit ass, sinn ech der Meenung, datt dat hoffentlech séier wäert geschéien. A vläicht ka jo och de Syvicol mol eng Hand mat upaken.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL): An deem Kontext hu mer och eng Entrevue beim Syvicol ugefrot als AEM, de 25. November, wou mer och dat wäerten thematiséieren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, fir déi zousätzlech Explikatiounen. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, dat heescht, Dir erkennt keng Tendenz elo, dass d'Cours collectifs allgemeng erofginn. Well ech hat eng Kéier nogekuckt tëscht Éveil musical 2 a Formation musicale 4. Also iwwerall hu mer manner Klassen. Mä vläicht ass dat elo just punktuell.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL): Also, mir hu manner Klassen. Mir hate wärend der Pandemie e bësse méi Offere gemaach, fir Klassen ze reduzéieren. Mir hunn se elo erëm e bësse méi gefëllt. Okay. A mir hunn den Éveil 1 ofgeschaaft. Dat sinn d'Grënn dofir.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Okay, dat heescht, mer hate virdru méi a méi kleng Klassen. Dat ass eng Erklärung. Ok, Merci. An dann, wéi gesot, ech hunn elo mol verstanen, firwat dat ëmmer sou komplizéiert ass, well eeben déi Organisatioun eng Momentopnam ass an Dir se wëllt esou spéit wéi méiglech erausschécken, fir dass mer sou no wéi méiglech un der Realitéit sinn. Dat ass emol eng Erklärung, déi hat ech esou nach ni kritt. Mä ech fannen et awer schwiereg an enger Kommissioun iwwert eng Schoulorganisatioun ze diskutéieren, wann ee se net krut. Dat heescht, et wär awer net schlecht, wann ee se géing virun der Kommissioun kréien, well soss weess ech net, wéi déi Kommissioun an iwwer wat se soll diskutéieren, wann se déi Dokumenter net huet. Ech wollt elo eigentlech virschloen, Dir kënnt se jo dann och schonn un de Gemengerot verschécken, mä ech verstinn, okay, déi ass dann nach wierklech provisoresch, dat ass dann net déi lescht Versioun. Mä ech weess net, firwat een eng Kommissioun organiséiert, wann d'Leit dann net kënnen diskutéieren, well se näischt virleien hunn. Vläicht fanne mer dann do nach eng Kéier eng Léisung. Mir wären op alle Fall frou, well da kéinte mer eng Rei vun deene Froen, wou ech zouginn hunn, elo e bëssen an d'Detailer gaangen ze sinn, dann hätte mer déi scho kéinten an der Kommissioun klären. Villmools Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Also, an der Kommissioun ass et bis elo awer nach ëmmer oppe geschwat ginn, sief et virdru wou mer eng Kontrollkommissioun waren, nach wéi elo. Ech ka keen Ënnerscheed feststellen. Mir diskutéiere weider. Jidderee konnt do zu all Moment seng Froe stellen. Ech mengen de Bob Morhard an de Laurent Felten sinn eng Kéier do duerchgaangen. A jidderee krut déi Froen do beäntwert, wou e wollt. Also dat war bis elo awer ni e Problem. Wéi gesot, mir kucken eng Léisung ze fannen, datt mer d'Dokumenter dann och do weisen oder do ausdeelen oder wat och ëmmer. Mä wéi gesot, bis elo huet wierklech do ni een en Hoer an der Zopp fonnt gehat? Ech wëll dat awer preziséieren.

An d'lescht Joer ass et effektiv vun lech hei opgeworf ginn, do hunn ech lech d'Äntwert ginn an ech ginn lech se nach eng Kéier. Wann do een en Dokument net huet, ech ka mech wierklech net erënneren, datt dat do gefrot ginn ass, soss hätt ech do schonn déi nämmlecht Äntwert ginn oder de Bob Morhard hätt do kéinte an d'Detail goen, wann do Detailfroe waren. Well dofir sëtze mer jo dee Moment an där Kommissioun. Mä wéi gesot, mir kucken ob mer eng Léisung fannen. Mä ech bleiwen dobäi, datt dat definitiivt Dokument eigentlech soll de gewielte Gemengerot do d'Primotéit hunn. Mä ech loosse mech awer gäre beléieren, datt mer kënnen op en anere Wee goen. An dofir kuckt hie elo zesumme mat der Schoulkommissioun, wéi mer dat besser kënnen handhaben.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol. Jo, Madamm Thoma.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Et kann ee jo keng Froe stellen. Ech soen net, dass eis Froen net beäntwert ginn. Mä et kann ee jo keng Froe stellen, wann ee en Dokument net huet. Da weess ee jo net, wat d'Froe sinn, déi ee wëllt stellen. Et ass just dat.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Et gëtt jo awer alles erkläert. Et gëtt alles och gewisen. Wat maache mir da soss an där Kommissioun? Mir komme jo net dohinner, fir e Jeton ze kréien an eng Kéier d'Daimercher ze dréinen.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL): Ech muss awer nach soen, dass dee Programm net zouléisst, fir zweemol drop ze drécken. Dat heescht, et ass eng Kéier, an dann ass et arrêtéiert. Ech kann net eng provisoresch Versioun den 1. November erausdrécke fir déi Kommissioun, an dann drécken ech déi offiziell Versioun den 15. November. Dat geet net. Da verléiert d'Gemeng dräi Wochen Abandonen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Soss nach Froen? Dat ass net de Fall. Da géif ech elo mol proposéieren, dass mer emol, wat eis Kompetenzen ugeet, hei zum Vott iwwerginn, wat déi definitiv Schoulorganisatioun vun der Museksschoul vun der Staat Diddeleng ugeet. Wien ass mam Vott averstanen? ***Dat ass unanime.*** Ech soen lech villmools Merci. An och dem Bob Morhard, Merci fir seng Presenz.

5. APPROBATIOUN VUN DER DEFINITIVER SCHOULORGANISATIOUN 2024-2025 VUM ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): An da gi mer op déi nächst definitiv Schoulorganisatioun. Dat ass déi vum Enseignement Fondamental an do ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci. Ech géif da bei eis begréissen, de Mëtten hei fir d'definitiv Schoulorganisatioun, den Här Joël Mischaux vun der Schouldirektioun, vum Service Enseignement den Tom Michel. An da wëll ech awer den Här Ernest Hoffmann entschëllegen, dee krankheetshalber net derbäi ka sinn. Als Remplaçant hunn ech d'Monique Soares bei eis invitéiert. Si ass Responsable pédagogique a këmmert sech eigentlech ëm all Projet, deen an der Maison Relais gemaach gëtt. Voilà. Bei eis ass et nach ëmmer d'definitiv Schoulorganisatioun. Et huet net geännert wéi bei der Museksschoul, mir bleiwe bei deem ale System, an ech mengen Dir hutt wéi gewinnt, hutt Der jo och all déi néideg Dokumenter virleien, déi Der krut. Déi krut Der och jo fir d'Schoulkommissioun matgeschéckt. Do sinn natierlech d'Klasse mat hiren Titulairen an d'Horairen, d'Surveillancepläng, de PEP, awer och de Bilan vum PEP 2023-2024. Ech mengen, mir hätten lech dat jo alles schonn de 17. Oktober an der Schoulkommissioun virgestallt.

Bon, ech géif awer elo trotzdeem op déi Changementer agoen, déi zwar dës Kéier relativ wéineg Changementer sinn an der Schoulorganisatioun, tëschent der provisorescher an der definitiver. Ech mengen, Dir wësst et alleguerten, mir kréien am Abrëll schonn ëmmer de Contingent matgedeelt, dat sinn 3480 Leçonen, déi krute mer, an da krute mer natierlech och nach Leçonen hors contingent, op déi ech nach eng Kéier wëll agoen, bei enger Schülerzuel vun am Abrëll 1932 Kanner, an dëst mam Precoce dobäi. Bon, wat awer elo opfälleg ass, wann Der d'Zuelen elo eng Kéier verglächt mat der definitiver Schoulorganisatioun, do ass et esou, datt mer 46 Kanner manner hunn, an dëst awer mam Precoce dobäi. Dat heescht, am C1 bis C4 sinn et der 41 an am Precoce ass et am Fong nach eng Kéier fënnef Stéck.

Et ginn Ursaachen, dofir natierlech kréie mer net ëmmer, wësse mer net ëmmer, firwat a wéi déi Ursaache sinn, mä et ass awer ganz vill , datt Leit geplënnert sinn. Dat ass eng vun den Ursaachen, mä et ginn och vill Leit hir Kanner an eng Privatschoul . Och dat kënnt derbäi, ech schwätzen hei vun International School, Europäesch Schoulen an esou weider. Wat awer och e Phenomen ass, deen, wou ech awer relativ vill fannen, dat si 14 Kanner, déi fréizäiteg am Fong de Schoulsystem fondamental verlooss hunn an an de Lycée gewiesselt sinn. Dat si Kanner aus dem 3.2 an awer och aus dem 4.1. Déi komme fréizäiteg an de Lycée, well se Avancen hunn. Aner Zuelen, déi ech lech awer och wëll nach hei e bësse mat op de Wee ginn, dat sinn, mir hu 16 Kanner aus anere Gemengen. Dir wësst jo, datt d'Leit och kënnen eng Demande maachen, fir hei bei eis an d'Schoul, da bezuele se natierlech e Forfait, dee se all Trimester hei verrechent kréien. Dann hu mer dräi Kanner aus dem Ausland, do gëllt dee selwechte Prinzip.

Dann hu mer awer 65 Kanner, déi iwwer zwielef Joer sinn. Dat heescht, déi eigentlech schonn en Allongement haten oder esou, da komme si jo iwwert den Alter vum Fondamental eraus. A mir hate 14 Primo-arrivanten. Am Ganzen hu mer dann elo net wéi am Abrëll virgesinn, 1932 Kanner, mä 1886 Kanner an eise Schoulen. Dann aner kleng Ännerungen. Ech mengen den Här Tom Michel hat dat och schonn erkläert an der Schoulkommissioun. Dat ass am Fong just eng kleng Ännerung an der Gaffelt. Do wollten se eigentlech dräi Klasse maachen am 3.1. Dat sinn der awer elo nëmmen zwou. Dofir hu se awer de Choix geholl, datt se elo am 3.2, am 3.3 dräi Klasse gemaach hunn.

Wat de Contingent ubelaangt, an dat ass - mengen ech - awer e wichtege Message, och wa mer vill Departen hunn oder manner Kanner, déi Stonne si gläich bliwwen. Dat heescht, mir hunn näischt verluer um Contingent, obwuel d'Chiffere jo anerer waren am Abrëll. Dann, wat ee gesäit, an dat ass ëmmer doduerch, datt mir am Fong de Contingent scho relativ fréi matgedeelt kréien, dat sinn, datt duerno nach Allongementer kommen. Dat waren der am Abrëll 51. Mir sinn do nach op 59 erëmgaangen. Déi Zuele sinn net ëmmer zu deem Moment bekannt. Ganz wichteg, an do muss ech wierklech e grousse Merci och soen, éischtens net nëmmen der Direktioun, mä awer och dem Ministère, dat sinn natierlech déi 138 Stonne Cours d'accueil, déi mer behalen hunn, wou mer och keng verluer hunn. Well mer och dëst Joer 14 Primo-arrivanten hunn, ass dat natierlech eppes, wat ganz wichteg ass a wat ganz vill hëlleft.

Den Accueil selwer, dee gëtt net wéi aner Stonne verdeelt op all Gebai. Do ass et ëmmer esou, datt d'Kand do ofgeholl gëtt, wou et dann och scolariséiert ass. Dat heescht, den Intervenant geet schonn an dat Gebai. Bon, beim IEBS, ech mengen, dat ass och eng Persoun, déi net méi ewechzedenken ass, do krute mer nach eng Kéier 5,5 Leçonen dobäi. Dat ass an d'Luucht gaangen. Ech wëll awer do eng Kéier soen, 2023-2024 hate mer do scho Stonne méi kritt a mir kruten der elo nach eng Kéier vun Abrëll bis elo méi, soudatt mer elo op 150 Stonnen I-EBS leien, wat awer wierklech richteg flott ass, wann een esou Leit huet. En I-EBS hu mer mëttlerweil an all Gebai. Ech mengen, do kann den Här Direkter, de Joël Mischaux herno eng Kéier vläicht drop agaangen, mä dat ass awer natierlech eng ganz grouss Hëllef am Alldag.

An dann, des Weideren, den Här Mischaux huet et gesot an der Schoulkommissioun, an dat ass eppes, wat jo och elo wäert kommen, dat ass natierlech den A-EBS. Dat ass den Assistant pour élèves à besoins spécifiques. Ech mengen, do kritt den Deich an de Strutzbierg ee bäi. Ech mengen, do kann awer d'Direktioun selwer vläicht e Wuert dozou soen. Stonnen, déi een eigentlech am Contingent net erëmfënnt, net esou wéi mir dat gewinnt sinn, déi stinn do, déi ginn agesat, dat sinn awer och eis Leit aus der ESEB, souwuel wéi eis Psychologinnen. Ech mengen, déi sinn net méi ewechzedenken, well mir kennen alleguer e bëssen d'Situatioun, déi awer net ganz einfach ass am Alldag. An déi leeschten natierlech do ganz vill Aarbecht.

Bon, da wëll ech awer och e puer Wuert soen. Den Här Steffen wäert warscheinlech herno och e bëssen dorobber agoen. Dat ass natierlech déi Sportsstonn, déi drëtt Sportsstonn, déi gefuerdert gëtt am C2 bis C3. An ech mengen, mir hunn och schonn an der Schoulkommissioun driwwer geschwat, ech wëll awer do e puer Detailer elo ginn, ech menge bei eis, wa mer déi Klasse huelen, fir déi drëtt Sportstonn, dat wären dann hei zu Diddeleng eng 63 Klassen, dëst an de verschiddene Schoulen. An ech géif soen, de Moment sinn d'Schoulen och nach e bëssen amgaangen sech ze organiséieren. Mir si jo nach net esou laang amgaangen. Mä mir sinn awer eigentlech, mengen ech, datt jiddweree sech ganz vill Méi gëtt, all déi verschidde Schoulen.

Zum Beispill, am Ribeschpont si véier Klassen an déi maachen alle véier déi drëtt Sportstonn. An der Lenkeschléi, do sinn et der sechs an och déi sechs Klasse maachen all déi drëtt Sportstonn. Dann hu mer awer och Schoulen, wou den C1 schonn eng drëtt Sportstonn mécht. Wann d'Gebai et erlaabt a wann et méiglech ass an deenen Turnsäll, déi mer zur Verfügung hunn, da sinn och do ganz vill Klassen, déi dat scho maachen. Den Deich huet d'Optioun geholl vu Beweegungspausen, an dat bis zu enger hallwer Stonn emol. Dat ass awer och eppes, wat ganz flott ass, wat een net däerf vergiessen. Ech mengen, déi schaffen och dorunner. An aner Schoulen, muss ech soen, déi si wierklech amgaangen, e System auszeschaffen, wéi se kënne méi Sport oder méi Aktivitéite maachen. Den Airtramp, dat ass jo och eppes, wat vill benotzt gëtt, wou d'Léierpersonal souwuel aus dem SEA wéi awer och aus de Schoule muss extra Formatiounen hunn. Dee steet ab dem 25. November steet deen an der Lenkeschléi. Dee kann da genotzt ginn. Do leien eis och schonn éischt Demandë vir. Den Tom Michel weess do genau d'Chifferen. Dann eppes, wat awer och ganz vill genotzt ginn, dat ass d'Bëschsortien. Ech mengen och déi sinn ugelaf an do kann och all C1 dervu profitéieren. A si kréien natierlech, wann se e Bus brauchen, deen zur Verfügung gestallt, dee féiert se dann.

Dann de Strutzbierg. Ech kann awer och dozou e puer Wuert soen. Ech hat eigentlech d'lescht Kéier gesot, dee geet direkt no der Vakanz op. Et ass awer esou, datt de Rapport vu Luxcontrol eréischt Mëtt der Woch komm ass. Dat ass natierlech da relativ problematesch, wann een esou Saache gesot huet. Mä mir hunn awer trotzdeem, well mer wollten och dem Strutzbierg Méiglechkeet ginn, fir schwammen ze goen, souwéi déi aner, sinn déi dann d'lescht Woch schwamme gaangen. An duerfir ass Butschebuerg, déi eigentlech sollte schwamme goen, déi sinn dann turne gaangen. Dat heescht, de Strutzbierg huet dann elo genau déi selwecht Stonnen. Ech wëll awer soen, gutt Nouvelle, si sinn de Moien opgaangen, et ass alles onproblematesch gelaf, esou datt mer och do elo kënne voll dovu profitéieren.

Da wëll ech awer nach eng Kéier kuerz op de Precoce soen. Ech hunn et jo virdru scho gesot, do sinn et fënnef Kanner manner, déi bei der provisorescher Schoulorganisatioun, an eppes wat een do gesäit, dat ass esou e bëssen d'Phenomen an déi Richtung, wéi et geet. An déi Kanner, déi manner sinn, déi sinn am Fong an den AB-Plagen, dat heescht, ouni Betreiung. Do sinn et der manner. Mir hunn awer dofir dräi Kanner méi an der E-Plage, dat heescht, mat Maison Relais.
Zu den Zuele vun der Maison Relais, vum Precoce. Mir konnte 97 Kanner vun deenen, déi ageschriwwe waren, direkt eranhuelen. Mir hunn ee Kand, dat mer deelweis erageholl hunn. A mir hunn nach eng Kéier sechs Kanner op der Waardelëscht.

Allgemeng zu eise Maison Relaisen, zu eise Structures d'accueil, ech wëll dat awer mol eng Kéier soen, mir hate fir d'Rentrée 1360 Demanden. Dovunner sinn 1263 Kanner direkt erakomm. Dat sinn der 68 méi wéi mer dat lescht Joer haten. Dat kënnt awer doduerch, datt mer den Agrement am Fong an der Gaffelt konnten erhéijen. Do si mer jo eropgaangen, duerch den Ausbau, dee mer do gemaach hunn. Op der Liste d'attente bei eis, do sinn de Moment nach 97 Kanner. Ech mengen, dat sinn der awer 33 manner wéi d'lescht Joer. Dat ass also eppes wat, wou mer eigentlech eis gutt stinn als Gemeng.

Bon, da wëll ech awer nach eng Kéier op de PEP agoen. Ech wëll elo net ze vill wäit an dat Dokument eragoen. Ech mengen, mir haten dat scho bei der provisorescher Schoulorganisatioun presentéiert kritt. Do war den Här Hoffmann och drop agaangen. Ech wëll soen, datt dat Dokument wat mer virleien huet, eigentlech wéi den Här Morhard et scho virdru sot, vu fënnef Blieder op mëttlerweil honnert Blieder eropgaangen ass. Dat heescht, Dir fannt do eigentlech och alles am Detail. A wann Dir Froen trotzdeem hutt, d'Madamm Soares, déi kann lech awer en Deel Froe beäntweren.

Allgemeng muss ech awer soen, datt déi Aarbecht, déi mëttlerweil och vun der Maison Relais, eebe vun deene Leit an der non-formeller Bildung gemaach gëtt, och en extreem wichtege Facteur ass. Ganz vill Schoulen a Maison Relaise schaffen och zesummen. Si maache souguer Sortië mëttlerweil zesummen, wou dann och den Educateur matgeet op en Ausfluch. Ech mengen, dat ass eppes, dat kënnt de Kanner zegutt.

Wann elo Froe wären, déi kënnt Dir gäre stellen. Ech ginn awer elo net am Detail nach eng Kéier op dat selwecht eran. Ech wëll awer eigentlech zum Schluss e puer Mercie lassginn, einfach un déi zwou Direktiounen, fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer haten, awer och un d'Presidenten am Comité d'école, mat deenen et awer ganz flott ass zesummezeschaffen. Do sinn e puer Leit geännert. Dat heescht, ech hoffen, dass mat deenen neie Presidenten och weider gutt Zesummenaarbecht ass. Mä dann awer och Merci un all d'Responsabel vun eise Maison Relaise fir déi vill Aarbecht, déi do geleescht gëtt. An eigentlech zum Schluss nach just e grousse Merci un den Erni Ferrari, deen dann ab haut déi éischte Kéier net méi dobäi ass. Den Tom Michel, ech wënschen dem Tom bonne chance an dann och eng gutt Zesummenaarbecht mat Dir an der Zukunft. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir d'Presentatioun vun der definitiver Schoulorganisatioun. An elo kënnen d'Froen, d'Stellungname lassgoen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Merci och, Josiane Di Bartolomeo-Ries, fir déi flott Explikatiounen an och, déi mer och scho kritt hunn an der Schoulkommissioun mat allen Dokumenter. Och nach eng Kéier Merci eisem Erni. Mer haten hie jo schonn am Fong verabschit, voller Elogen, d'leschte Kéier. An dem Tom Michel, bon courage a senger neier Tâche. Och ech wollt mech och uschléissen, Merci allen Intervenanten an der Direktioun. An och deenen neie Presidente wënsche mer eng ganz glécklech Hand, fir dass dat weiderhin hei zu Diddeleng mat eise siwe Schoulen, mat eise siwe Presidenten an eise siwe Kommitee gutt leeft, dass et weiderhin am Konsens an am Dialog ëmmer gutt geet, dass mer de Contingent optimal opdeelen, dass all Schoul herno awer zefridden ass an all Enseignant an all Kand déi Schoulorganisatioun erëmfënnt, déi ee frou mécht.

Ech wollt och nach eng Kéier ganz kuerz op e puer Saachen agoen. De Precoce, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet et grad gesot gehat, ass e wichtegt Element bei eis zu Diddeleng scho ganz laang. Mir waren eng vun deenen éischte Gemengen, déi eng Precoce-Struktur haten. An net nëmmen op meng Interventioun, awer och haaptsächlech op vill Interventioune vu Leit, déi hei op de Bänke sëtzen, ass et jo och eng vun deenen éischte gewiescht, déi och e Mëttesdësch an och eng SEA fir Precocen ugebueden hunn. Dat muss een och soen. Well wann ech elo d'Iwwerleeungen héieren an der Press oder och soss, dass et national ugeduecht ass, fir eventuell de Precoce och obligatoresch ze maachen, déi neisten Iddie si jo och, de Joël Mischaux wäert vläicht nach dorobber agoen, dass d'Leit mussen hiert Kand am Fong ofmellen, wann et net soll an de Precoce goen. Esou ass emol ugeduecht.

Ech denken, dat kënnt och dohier, dass a ville Gemengen de Precoce eeben net gutt fonctionéiert. Ech mengen, mir zu Diddeleng, mir brauchen dat net ze fäerten, well mir eeben an all Schoul, an eise siwe Schoulen, hu mer Precoce-Strukturen. An en plus hu mir och genuch Mëttesdësch fir eis Kanner a Mëttesbetreiung. Firwat ass et nämlech esou, datt a ville Gemenge d'Leit hir Kanner net an de Precoce aschreiwen? Well nämlech keng Betreiung do ass. Wa mir d'Chiffere kucke vun deenen 137 Kanner, déi am Precoce ageschriwwe sinn, da sinn der 103, déi eng Demande gemaach hu fir an eng Maison Relais. D'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet et virdru gesot gehat. Am Grupp E vun deenen 137 Kanner sinn der 95 am Grupp E.

Wat heescht de Grupp E? Dat ass eng Ganzdagsbetreiung. A mir hätte gären, dass Kanner an de Precoce ginn. Ech soen et ëmmer nees erëm. D'Lëtzebuergesch Sprooch léieren ass extreem wichteg. An et ass jo och erauskomm an deenen Etüden, déi eeben als Conclusioun haten: Mir mussen d'Kanner méi alleguer an de Precoce kréien. Fir déi Kanner, fir déi et wichteg wär, dass se de Precoce ginn, ass et dat net ginn. An déi sinn dann an de private Crèchen, well et ass och net iwwerall wéi hei zu Diddeleng, wou mer extreem gutt kommunal Crèchen hunn, wou Lëtzebuergesch geschwat gëtt. An all eise Crèchen hei zu Diddeleng, an all eise private Crèchë gëtt net Lëtzebuergesch geschwat.

An da sinn och nach e puer Kanner, déi bei enger Dagesmamm sinn oder esou. Och do gëtt ganz selte Lëtzebuergesch geschwat. Dofir ass jo och d'Iddi komm, mir mussen d'Kanner an de Precoce kréien, fir dass se herno Lëtzebuergesch schwätzen, well d'Alphabetisatioun fir déi meescht Kanner jo awer warscheinlech nach op Däitsch weidergeet. An do ass déi lëtzebuergesch Sprooch wichteg, dass de déi hues, dass de eng Basis hues, fir gutt ze schaffen. Mä wéi gesot, mir zu Diddeleng, mir brauchen dat net ze fäerten. A wéi gesot, ech mengen, mer sinn ze e puer heibannen, mir haten eis vun Ufank u gutt dru ginn, dass dat wierklech gutt klappt, dass mer eeben eis Kanner hei kënne gutt encadréieren.

Eng Fro hätt ech zu de Chiffere vun de Rallongementer also am Cycle 2-4. Do hat d'Josiane Di Bartolomeo-Ries grad gesot, dat si 59 Kanner. An och 13 Kanner, déi scho fréizäiteg an de Lycée gaange sinn. Dat si jo warscheinlech Kanner, déi schonn en cours de route Rallongementer haten. Do kann ee sech awer och d'Fro stellen, ob do eng Kéier eng Analys gemaach ginn ass, ob déi Kanner wierklech - dee Rallongement ass zum Beispill geschwat ginn, well zum Beispill Kanner der lëtzebuergescher Sprooch net mächteg sinn a Problemer dann hunn och mat der däitscher Alphabetisatioun oder sinn et awer méi allgemeng Léierproblemer oder Verhalensopfälligkeeten? Ech denken, dass dat grad wichteg ass en vue vun den Iwwerleeunge vum Ausbau vun der Alphabétisation en français.

Wéi ville Kanner géif zum Beispill de Rallongement erspuert bleiwen, wann se eng Alphabetisatioun an enger franséischer Klass hätten? Ech mengen, dat ass jo och d'Iddi dohannert, firwat dat esou promovéiert gëtt. Ech mengen, vläicht kann den Här Mischaux eis och do scho soen, ob do schonn Iwwerleeunge sinn, dat dann och auszewäerten oder Etudë gemaach gi bei de Kanner oder Ëmfroe bei deenen Enseignanten, déi hir Kanner an de Rallongement schécken. Wou ass de Problem? Dann hunn ech nach e Feedback vum Iessen an de Kantinnen. Mir hu jo elo gewiesselt op Sodexo. Ech froen dann och ëmmer d'Kanner: „An? Ass et besser ginn?" Oh, et sinn der, déi soen et wär „Okay". Mee, et sinn der awer och, déi soen, och vun Enseignanten oder esou, et ass awer nach net ëmmer esou kannergerecht. Ech mengen, do ass nach ëmmer eng Méiglechkeet, dat e bëssen ze verbesseren. Mä bon, dat gesi mer jo dann an der Zukunft.

Ech hunn awer do e Punkt, deen een awer och emol vläicht muss mat eranhuelen. Mir hunn ëmmer méi Kanner, déi Vegetarier sinn. An do ass et awer oft esou, dass keng vegetaresch Alternativ ugebuede gëtt. Dann heescht et, iess einfach d'Bäilagen oder - elo kënnt dat Bescht - bréng vun dengem Dokter en Zertifikat, dass de eng Allergie op Fleesch hues, just da kënne mer e vegetaresche Menü bestellen. Dat kann et jo awer net sinn. Well et ass keen, deen allergesch ass op d'Fleesch. Eng Allergie, dat ass eppes Dramatesches. Dat ass, wann s de op Nëss allergesch bass oder wann s de soss iergendeppes wierklech guer net verdréis, da schreiwe mir och gären esou Zertifikater. Dat ass dann dee berüümte PAI, en Dokument, am Ufank war dat e Zertifikat vum Dokter mat dräi Zeilen, mëttlerweil sinn dat zwielef Säiten, déi mussen ausgefëllt ginn. Dat kann et jo och net sinn, dass mir als Doktere mussen dann zum Beispill ënnerschreiwen, eppes wat awer am Fong keng Krankheet ass, wat just e Choix ass vun de Kanner an och vun den Enseignanten. Wéi gesot, do musse mer vläicht awer nach kucken, dass mer dat awer e bësse méi onproblematesch kënne léisen.

Zum Sport. Bon, wéi gesot, mir hate scho laang iwwert déi drëtt Turnstonn rieds gehat. Ech war awer e bëssen alarméiert, wéi ech héieren hunn, jo, et gëtt ugebueden a verschidde Schoulen, mä et hänkt awer dervun of, wann den Titulaire keng Loscht huet, dann hält hien déi drëtt Sportsstonn net. Dat ass esou eppes, wat ech net esou gären héieren. Mä op déi aner Manéier, wat extreem wichteg ass, denken ech, dat ass, dass eis Kanner all nees kënnen an d'Schwämm goen, dass se schwamme léieren. Mir hunn dat och gelies international, et sinn ëmmer manner Kanner, déi schwamme léieren, déi manner Accès hunn op eng Schwämm. An ech denken, do musse mer usetzen, dass wierklech all Kand, dat bei eis aus dem Fondamental erauskënnt, dass dat schwamme kann. Well ech mengen et ass awer wichteg, do liest een ëmmer erëm vu Kanner, déi awer en Accident hunn an erdrénken an dat däerf et einfach net sinn.

Zur Beweegung, fannen ech ganz cool, wann dat Beweegungspause sinn, déi hallef Stonn. Dat fannen ech ganz flott, well ech fanne souwisou, eis Schoul misst vill méi opgelackert ginn. Eis Unterrechter, eis Kanner, packen et oft net, eng Stonn um Stéck sëtzen ze bleiwen. Mir si schonn hei hibbeleg a wibbeleg hei als Erwuessener an dann hätte mer gär eis Kanner, déi dat guer net méi gewinnt sinn, 45 Minutten op engem Stull ze setzen. Dofir, Beweegung ka ganz einfach sinn, stéi op a laf ronderëm de Sall, awer och relaxéiert. Lee dech einfach mol op de Buedem, e bësse Me-Time. Dat fannen ech ganz wichteg, dass dat e bësse méi spontan ka gemaach ginn. Ech huelen hunn, dass dat awer och an iergendengem offizielle Kader dann an iergende Pabeier geschriwwe muss ginn. Mä bon, dat ass dann eeben hautzedaags eppes esou.

Ech hunn dann nach zwou Froen och zum SEA. Do hate mer rieds gehat och vun Zesummeliewen-Schoul, SEA, hu mer gesot, dat ass och an de PEPe steet, dat ass all Schoul, dat e bësse méi wëll promouvéieren. Mä wann ech da rëm héieren, da kënnt erëm en neit Reglement, dass d'Büroe vun de SEAen, do musse mer dat erëm iergendwéi aus dem Stee klappen, well do ass en neit Reglement: "Le travail administratif du SEA doit obligatoirement se passer en dehors des espaces dédiés à l'accueil des enfants." Elo hu mer dann natierlech de Problem gehat zu Butschebuerg, wou war et nach, wou mer hu missen dann iergendwéi kucken, wou mer déi Büroe fir SEA-Leit, déi am Ufank ganz relax an hiren Openthaltsraim dann hiren Dësch stoen haten an och nach vläicht e Schaf, wou se konnten zouspären. Nee, déi mussen elo nach eng Bürosraimlechkeet hunn. Also do freet ee sech och heiansdo: Wou gi mer hin? An dat bréngt mech dann och dozou, nach eng Kéier nozefroen, wéi et am Wolkeschdall ass. Well wa mer do nach deene mussen e Sall ginn, en administrative Sall, da gesinn ech schwaarz fir deen Agrement. Mä se ware jo nach net laanscht komm. Mä vläicht kann d'Josiane Di Bartolomeo-Ries eis do nach Neiegkeete ginn. Wéi ass et mat der Cohabitatioun Wolkeschdall-Spillschoul, SEA a Schoul? Voilà.

Dann och nach kuerz zum Schoulhaff Brill. Do wollt ech och nach froen, ob do en neie Moment ass, ob do eppes virgesinn ass? Ech hunn do mat dem Elterekommitee geschwat. Ech hu mat de Schoulmeeschtere geschwat. Ech hunn och deelweis mat grousse Kanner geschwat. Déi soen all, dee Schoulhaff, deen ass einfach ze kleng. Virun allem déi Hochbeeter, et sinn der, déi hu gesot, mä et huet keen si gefrot, op eng Kéier stoung se do. An déi huele vill Plaz ewech de Kanner, déi sinn net happy domadder. Ech mengen et ass och elo net, ob schrecklech vill Leit sech ëm déi Hochbeeter këmmeren. Mä ech mengen, dat ass elo net de Punkt.

Mä de Punkt ass, an der Schoulkommissioun ass gesot ginn, 2025 geet et lass mam Ëmbau Balzeng. Dat heescht, 2025, dat ass genau an engem Joer, kommen d'Kanner vu Balzeng och an de Brill. Déi gi jo dann an de Container fir an d'Schoul ze goen. Dat sinn 61 Kanner méi. A wat maache mer mat deenen? Wou gi mer deenen dann eng Méiglechkeet, sech ze beweegen? Wéi gesot, mer schwätze vun drëtter Sportsstonn, mer schwätze vu Beweegungspausen an der Schoul, mä de Schoulhaff ass am Fong eng ideal Lokalitéit, fir sech ze beweegen. Wéi denke mer, wéi gi mer do virun?

Dann hunn ech nach e puer Froen, déi sech och aus den Diskussiounen an der Schoulkommissioun erginn hunn. Et ass ëm d'Ressorte gaangen, ëm d'Schoulressorten, ob een do kann e bëssen eng Flexibilitéit walte loossen. Ressorten, dat heescht, aus wéi enge Stroosse ginn d'Kanner a wéi eng Schoul? Mir hu jo Quartiersschoulen, mir fanne dat och alleguerten hei op de Bänken och ganz wichteg. Och d'Schoule fannen dat gutt. Mä heiansdo ass dat awer net ëmmer esou einfach. Mir haten d'Beispill vum Strutzbierg, déi Kanner aus verschidde Foyere hunn, Kanner, déi sécher e schwéiere Passé hunn, wou et net einfach ass, déi ze scolariséieren. A wann s de där e puer an enger Klass hues, dann ass dat schwiereg. Do weess ech, dass mer zum Beispill mat Profamilia een Deel Kanner op de Strutzbierg ginn, een aneren Deel schonn an d'Gaffelt.

Mä d'Fro war virun allem och opkomm, an dat huet mech awer e bësse perturbéiert, wéi ech dat héieren hunn, dass an deenen dräi Spillschoulsklassen um Deich aacht Kanner mam offizielle Statut, mer schwätze vum offizielle Statut, Enfants à besoin spécifiques sinn, aacht, op dräi Klassen. An Italien, do ass och eng Spillschoul an do ass kee Kand. An do war d'Fro, firwat kënne mer net innerhalb vun där Schoul, Ecole Deich, do gehéiert Italien dozou, dat net e bësse méi flexibel handhaben? An do ass wierklech mäi waarmen Appell, komm, mir setzen eis alleguer zesummen, dass mer net nëmmen deenen aacht Kanner gerecht ginn, déi à besoins spécifiques sinn, mä och virun allem all deenen anere Kanner, déi an där Klass sinn. Dat ass vläicht eppes, wou een do vläicht eng gewëssen Ouverture an och eng Flexibilitéit kann emol undenken, virun allem d'Demande koum jo och vum Schoulpersonal.

Eng aner Fro vläicht, am Rapport hei vun der Schoulkommissioun, do war ech e bëssen irritéiert, well op meng Fro hin, mer hu jo den Agrement erhéicht an de Kantinnen an der Gaffelt, an do huet et geheescht, da brauche mer kee Kand méi op de Ribeschpont ze féieren. Mä hei steet awer just „moins d'enfants doivent alors être transportés chaque jour vers l'école Ribbeschbond". Also, do ass nach eng Kéier d'Fro, bleiwen se elo alleguer an der Gaffelt oder sinn der awer nach e puer, déi an de Ribeschpont ginn? Fro: Règlement interne Handyverbuet? Wéi wäit si mer do? Vläicht weess de Joël Mischaux do och scho méi: Wéi gesäit dat aus? Da musse mer jo erëm all Règlement interne vun all Schoul nach eng Kéier op de Leescht huelen. Dat ass dann erëm eppes warscheinlech fir déi nächst Schoulkommissiounssitzung.

Dann hunn ech nach eng praktesch Fro: De SEA, de PEP, muss dat och duerch e Vott approuvéiert ginn? Dat hu mer elo hei net um Ordre du jour. Mä ass dat eppes Offizielles, wat och muss duerch de Gemengerot kommen? Oder ass dat inclus do dran? Dat war nach eng Fro. Da war ech awer och ganz frou, an der Schoulkommissioun ze héieren, dass mer op dee Wee ginn, den Här Mischaux huet gesot gehat, dass mer eng Carte, „Landkarte der Sportaktivitéiten est en train d'être réalisé pour la commune de Dudelange avec indication de toutes les activités sportives possibles sur le territoire de la commune". Dat freet eis ganz besonnesch, well mir haten dat schonn am Summer gefrot gehat, dass wa mer och nach eng Kéier ee Concept global Dudelange Sport et éducation virgestallt kritt hunn 2020, an dass mer dat vläicht nach eng Kéier missen op de Leescht huelen. Dat géif eis och freeën, wa mer dat géifen och am Bezuch vun der Weiderentwécklung an och vun der Weiderinvestitioun an déi verschidde Sportsaktivitéiten da kéinte virgestallt kréien.

Ech wollt awer elo ganz séier zum Schluss kommen. Ech wëll all den Enseignanten, den Enseignanten, den Intervenanten am Déngscht vun eise Kanner e grousse Respekt ausschwätze fir hir wichteg a wäertvoll Aarbecht. Asaz, Kraaft an Empathie a Léift zu de Kanner ass verlaangt a wéi ech am Summer scho gesot hunn, Dir huelt all eenzelt Kand de 15. September do of, wou et ass, mat sengen emotionale kognitive Fäegkeeten an Dir versicht et bis de 15.07.2025 no sengen individuelle Kompetenzen a mat sengen individuellen Talenter sou gutt wéi méiglech ze förderen. Dir versicht all Kand ze motivéieren, fir sech drun ze ginn, eppes Neits ze léieren. Mä Dir sidd och do fir seng Frustratiounen opzefänken, seng Suerge matgedeelt ze kréien, fir ze tréischten an nees opzeriichten. A mat vill Häerz an Asaz leescht Dir dat all Dag. An dofir soe mir lech villmools Merci a mir wënschen allen Enseignanten eng Satisfaktioun an hirer Aarbecht, an dass se gutt zesummeschaffe mat de Kanner, den Elteren, voilà, an dass se frou sinn an hirem Job. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Nach weider Froen?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Als alleréischt wéilt ech mech dee ganz grousse Merci un all déi Bedeelegt uschléissen, déi un der Schoulorganisatioun matgeschafft hunn. Et ass all Joer eng Heedenaarbecht, bei där ee ganz vill verschidden Acteure mussen d'Käpp zesummestrécken, fir dass de Kanner dee qualitativ héichwäertegen Encadrement um formale wéi och um non-formale Plang ka gebuede ginn, dee mir hei zu Diddeleng hunn. Ech hat et schonn am Juni beim Vott zu der provisorescher Schoulorganisatioun ugeschwat, dass hei ganz vill Zännrieder iwwer Méint gutt ofgestëmmt anenee mussen dréien, fir eng Schoulorganisatioun op d'Been ze stellen, déi klappt. D'Contrainten, déi ëmmer méi komplizéiert ginn, mat den Affektatiounen, mat de Reaffektatioune vun den Enseignanten an Educateuren, wou sech jo iwwer méi wéi dräi Méint zitt mat sämtleche Lëschten, Stonnepläng, Buspläng, Schwammpläng, Turnhalen an allem Drum und Dran a ee quasi en halleft Joer amgaange mat Plangen, Organiséieren, dass dat alles klappt.

Wann dann nach Inconnuen zu Imprevue ginn an d'Sportsinfrastrukturen net wéi geplangt kënne genotzt ginn, da mécht dat d'Aufgab sécherlech net méi einfach. Dofir och emol hei nach eng Kéier e ganz grousse Luef un déi bedeelegt Gemengeservicer, d'Schouldirektioun an un d'Personal um Terrain, souwuel un d'Leit aus dem SEA wéi och un déi aus de Schoule fir de gudde Start an dat neit Schouljoer. Nieft der Schoulorganisatioun an dem PEP war et jo och den Ofschloss vum ale Plan de développement de l'établissement scolaire, kuerz PDS, oder op Lëtzebuergesch Schoulentwécklungs-

plang, an d'Erstelle vun deem neie Plang. D'Suivéiere vun dësen Ziler an Aktiounen, déi sech virgeholl gi sinn, si jo säit September voll am Gaang, de Schoulen dann och op dësem Wee vill Erfolleg heibäi gewënscht. Ech ginn elo net weider op déi eenzel flott Projeten an, déi an der Gemeng Diddeleng lafen am Kader vum PEP. Ech denken, do sinn ech schonn am Juni zimmlech vill drop agaangen an et mécht - denken ech och - kee Sënn, der elo erauszepicken, well et wierklech flott ass ze gesinn, dass hei esou vill passéiert an deem Beräich.

Flott ass et awer dann, dass de SEA Gaffelt en Agrement vun zweehonnertfofzéng Kanner well huet, amplaz vu fréier honnertsechsandrësseg Kanner. Dëst entlaascht d'Situatioun vum Ribeschpont an awer och allgemeng d'Situatioun zu Diddeleng. Virun allem de Kanner ass dat dote vill gehollef, well de Bustransport jo domat fir si ewechfält an domat si méi kënnen zur Rou kommen. E Beräich, deen ëmmer méi wichteg gëtt, dass gutt zesumme geschafft gëtt, well d'Kanner, mat deenen dee ganzen Dag iwwer geschafft gëtt, déi selwecht sinn. Ech erliewen et grad selwer doheem als Papp. Den Iwwergang SEA-Schoul, Schoul-SEA ass eng ganz grouss Preoccupatioun vun de Kanner. „Wéisou dierf d'Frëndin heemgoen an ech net? Ech wëll awer och, dass du mech siche kënns." An dat sinn esou déi Diskussiounen, déi net just bei eis doheem stattfannen, mä och bei all deenen aneren Elteren a Kanner doheem, déi mir esou kennen. An et ass normal iergendwéi, wann ee kuckt, wat d'Realitéit vun de Kanner ass a wéi laang hir Deeg zum Deel ginn.

Mir hunn och net ëmmer Loscht op Aarbechtsdeeg, déi onmooosseg laang ginn oder Gemengeréit, déi sech an d'Onendlecht zéien. Dann ass et awer ëmmer erëm wichteg, wann ee mat engagéierte Leit ze dinn huet, déi engem eng flott Zäit bereeden. An dat gesäit een hei bei der presentéierter Aarbecht vum PEP beispillsweis ganz gutt. An do ass et och flott, als Elteren Uspriechpartner ze hunn, souwuel am SEA wéi och am Schoulberäich, déi zesumme mat den Elteren un engem Strang zéien an eebe grad zu dräi Parteie kënnen hëllefen, den Encadrement vun deem Kand esou gutt ze gestalten, dass et fir jidderee flott ass. Dann och d'Annonce vun den A-EBSen, d'Assistant pour élèves à besoins éducatifs spécifiques - wann ech dat elo richteg a meng Klammer geschriwwen hunn - denke mir, stellt vill Leit an och eis zefridden. D'Defien an de Klasse ginn ëmmer méi grouss an op eemol och bei deene ganz Klengen, wou et net evident ass, dass een eleng an der Klass all deene Besoine muss gerecht ginn als Enseignant. Net just onbedéngt bei deem schouleschen, mä eeben och bei allem wat ronderëm ass, ass déi Hëllef sécherlech wëllkomm. A mir si gespaant op d'Retoure vum Deich a vum Strutzbierg zu dëser neier Ressource.

Dann elo: D'lescht Joer hat ech lech op dëser selwechter Plaz d'Rechnung presentéiert, bei där ech op déi drëtt Sportsstonn an de Cyclen 2 an 3, sou wéi de Plan d'études se virgesäit, agaange sinn, a wou ech duerchgerechent hunn, dass dem Diddelenger Schüler, wann en an de Cycle 4 kënnt, cumuléiert iwwert ee Joer Sport géing feelen. Säitdeem ass ganz vill geschitt op deem Plang. Dofir och der Schouldirektioun an dem Service scolaire e grousse Merci, fir déi vill Gedanken an duerchgespillten Zenarien och wärend deem ganze leschte Joer. Wënschen di mir eis an dëser Diskussioun, dass mir weider konstruktiv eis kënnen domat auserneesetzen a mat der Léisungssich kënne weiderfueren. Wierklech. Just wannechgelift ouni eis weider an de Kommissiounen op den Nieweschauplazen ze verléieren. Sport wärend de SEA-Zäiten, Sortien, Kanner, déi Muskelkater hunn an esou weider.

Verstitt eis net falsch, dat ass alles immens wichteg an et ass och gutt, dass et esou Sportsmomenter ginn, déi stattfannen. An awer ass et eng aner Diskussioun. Well de facto, et ass kee Schoulsport. Esou steet beispillsweis am Plan d'études vum Cycle 3 bei de Contenus recommandés ganz kloer, wat viséiert ass. Do geet et ëm Lafen, Sprangen, Schéissen, an der Ekipp taktesch virgoen, Zesummespillen, Fairplay uwenden, Reegele respektéieren. D'Lëscht ass ganz laang. Och de Punkt, dass déi drëtt Sportsstonn ka gestallt ginn an enger Woch A mat zwou Stonne Sport an an enger Woch B mat véier Stonne Sport, wann een d'Rechnung mam Schwammen da mécht, dierft ville Suergen entgéintkommen, déi an där Diskussioun ëmmer erëm opkommen. Loosst eis an Zukunft zesummen op dëser Basis diskutéieren, wéi een hei virgoe kann. Dëst alles vun eiser Säit ganz konstruktiv gemengt.

Fir de Punkt ofzeschléissen, wëll ech awer op enger positiver Nott ophalen. An zwar stelle mer fest, dass dëst drëtt wéchentlech Sportsstonn dann eebe schonn dëst Joer et an deen een oder anere Stonneplang gepackt huet. D'Madamm Di Bartolomeo-Ries hat et grad gesot, dass vill Beméiunge lafen an dass mat Lenkeschléi a Ribeschpont et och elo schonn esou ass, wéi et am Fong am Plan d'études virgesinn ass. Et schéngt es, wéi wann d'Diskussioun Uklang fonnt hätt an erfreet ware mer an der Schoulkommissioun vum 17. Oktober ze héieren, dass déi Landkaart vun de Sportsaktivitéiten amgaangen ass, gezeechent ze ginn, fir eeben dat Angebot nach eng Kéier duerzeleeën.

Dëst hale mer fir dëst Joer op alle Fall fir eng ganz gutt Iddi, engersäits fir d'Theema present ze halen am Corps enseignant, anerersäits well et eebe beweist, dass et vun den hierarchesche Superieuren a vun de politeschen Decideure gewollt ass. Och doriwwer eraus hëlleft et, de Sportsunterrecht esou och mëttel- a laangfristeg méi ofwiesslungsräich ze gestalten a sech ënnerenee kënnen ze inspiréieren. Domat wier et dat och vu menger Säit gewiescht. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren a fir déi flott Zesummenaarbecht.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Här Steffen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci, Här Buergermeeschter. Keng Angscht, ech ka mech ëmmer e bësse méi kuerz halen, well iergendwéi meng Virriedner schonn ëmmer esou vill gesot hunn an do hunn ech net méi ganz vill Schlaues bäizedroen. Ech wollt awer och ufänke mat engem grousse Merci un d'Personal, un d'Servicer, virun allem awer och un d'Schoulpersonal,

d'Personal vun de SEAen, déi sech all Joer wierklech, nee d'ganzt Joer, all Dag, d'ganzt Joer iwwer immens vill Méi ginn. An dat gesäit een och virun allem an de PEPen, wann ee sech dat ukuckt. An och e Merci un d'Kommissioun, well déi sou gutt fonctionéiert. Wann ee sech beschwéiert, da muss ee jo och soen, wat gutt fonctionéiert.

Ech sinn normalerweis net Member an der Schoulkommissioun. Ech war dës Kéier mol eng Kéier als Ersatz do. An do ass wierklech konstruktiv an en connaissance de cause iwwert d'Saachen diskutéiert ginn. An ech hunn dat immens, immens spannend fonnt. Voilà, ech hunn d'PEPen ugeschwat. Et ass immens interessant, wann ee sech ëmmer de Bilan an dann den Update kann ukucken a wou ee gesäit, dass d'Leit sech wierklech Gedanke maachen an den État des lieux maachen a soen, wat net esou gutt geklappt huet, wat ee wëll besser maachen. Wat ëmmer erëmkënnt, dat ass den Echange tëscht der Schoul an dem SEA, wat op deenen enge Plaz e bësse besser fonctionéiert vläicht wéi op aneren. Mä op alle Fall ass et eppes, wat ëmmer an der Diskussioun ass. A wou dat probéiert gëtt, sou gutt wéi méiglech ze verbesseren. A verschiddene Schoulen huet een d'Méiglechkeet wierklech, dass d'Kanner kënnen an d'Museksschoul goen oder Sport maache mat der LASEP. Dat ass och immens flott. Bon, et ass natierlech schwéier, dat elo fir di ganz Schoulen a ganz Diddeleng ze maachen. Mä et ass natierlech flott, wann d'Kanner do d'Méiglechkeet hunn, och déi Coursen ze maachen. An der Kommissioun war nach eng Fro opkomm, firwat den Elterecafé op Balzeng net méiglech ass. Ech weess net, ob mer do vläicht kënnen eng Äntwert drop kréien.

A wann ech dann op d'Schoulorganisatioun kommen, do fält op, dass direkt an dräi Schoulen eng Klass bäikënnt, op Lenkeschléi, am Brill an um Deich. A virun allem bei Lenkeschléi ass gesot ginn, dass et do wierklech elo iergendwann eng Kéier zimmlech enk gëtt, respektiv dass d'Schoul riskéiert aus allen Néit ze platzen, wann ech dat richteg verstanen hunn, an dass zumindest d' Funktiounsraim elo sou lues e bësse knapp gëtt. Do wollt ech da froen, wéi et mol op deenen anere Schoulen ausgesäit. Bei Brill an Deich kann ech mer elo virstellen, wann do eng Klass bäikënnt, dat mécht warscheinlech d'Bëtschel net esou fett wéi op Lenkeschléi. Op alle Fall hate mer do an der Kommissioun gesot, dass dann d'Ressorte musse liicht adaptéiert ginn, eebe fir dat am Grëff ze behalen. Dat, voilà, wann dat muss sinn, dat versti mer och. Mir hunn eis just gefrot, ob et vläicht iergendwann eng Kéier eng Iddi wier, d'Ressorten eng Kéier wierklech op de Leescht ze huelen an ze kucken, ob déi nach esou aktuell sinn oder ob een déi eng Kéier misst ganz iwwerschaffen.

D'Demande fir méi flexibel Opdeelungen ze maachen tëscht dem Quartier an dem Deich, dat war elo schonn ugeschwat ginn, vun der Madamm Kayser. Déi Demande huet eis och logesch erschéngt. Mä dat huet natierlech och Vir- an Nodeeler. An et huet eis och logesch erschéngt, wann natierlech eng Famill méi Kanner huet an dat eent ass am Quartier an dat ännert ass am Deich, da gëtt et natierlech e bësse komplizéiert. Mä vläicht kann een do effektiv kucken, ob et do Méiglechkeete gëtt, fir de Kanner entgéintzekommen. Firwat hunn ech d'Fro vun de Ressorten ugeschwat? Diddeleng funktionéiert jo an der Logik vu Quartiersschoulen, wat mer wierklech gutt a wichteg fannen, dass d'Kanner sollen an hirem Ëmfeld bleiwen an an hirem Quartier sollen an d'Schoul goen. An elo hunn ech de Fuedem verluer. Mä dat huet natierlech och Vir- an Nodeeler. Genau. Well et jo och wichteg ass awer eng gewësse sozial Mixitéit ze garantéieren.

An do ass eeben d'Fro: Hu mer déi ëmmer an all eise Schoulen? Elo nei Schoulen, déi mer baue wéi Lenkeschléi, wat jo e immens flotte Projet ass. Balzeng gëtt en immens flotte Projet. Mä den Zoufall wëll et esou, dass déi natierlech allen zwou Quartiere sinn, wou vläicht do net onbedéngt déi sozial Mixitéit esou besteet. An dann huet een aner Quartieren, wou et vläicht e bësse sozioekonomesch anescht ausgesäit. Déi Kanner, déi ginn dann an al Gebaier, wou een natierlech einfach net déi Méiglechkeeten huet, déi een huet, wann een eng nei Schoul baut. Dat ass eis bewosst. Mä wou mer eeben denken, dass et wichteg ass, wierklech awer och eng gewësse sozial Mixitéit an all de Schoulen ze halen. An do kann ee vläicht e bëssen un de Ressorten e bësse Flexibilitéit spille loossen, fir dat eeben ze garantéieren. Mä vläicht kann een do och Resultater ofwaarde vum Observatoire social. Ech weess net, dass een do vläicht herno gesäit, do géif et Sënn maachen, punktuell e puer Ännerungen ze maachen oder net.

Mä wéi gesot, also mir stinn awer definitiv hannert der Logik vun de Quartiersschoulen, well dat immens wichteg ass. Dann, et ass schonn ugeschwat ginn, dass et, wann ech dat richteg verstanen hunn, relativ vill Ofgäng gi vu Kanner, déi a Privatschoule ginn. An do hu mer eis gefrot, ob et do Tendenze ginn, dass déi Unzuel an d'Luucht gaangen ass an deene leschte Joren. An ob dat vläicht a verschiddene Quartiere méi de Fall ass, wéi an anere Quartieren. Ech weess net, ob et do Statistike gëtt, ob een sech dat schonn eng Kéier ugekuckt huet. Ech hunn nämlech héieren, dass et op alle Fall an enger Schoul relativ vill Kanner wären, déi do géifen a Privatschoule goen. Wat immens schued wär, well d'Kanner do hir Kolleege verléieren. Mä ech weess net, ob Der do en Iwwerbléck hutt, ob et do Tendenze gëtt.

An, voilà, an der Kommissioun, leschte Punkt, do war och gesot ginn, dass dann deemnächst eng Kéier an enger Kommissioun soll éischt Resultater presentéiert ginn iwwert d'Alphabetiséierung. An do si mer dann och, also d'Alphabetiséierung op Franséisch, do si mer dann och wierklech ganz gespaant, wat do erauskënnt. Well Dir wësst, dass mir dee Projet ënnerstëtzen an dass mer eis ganz vill dovunner verspriechen. Mä et stellt sech natierlech d'Fro, ob d'Resultater dann och wierklech esou gutt sinn, well esou vill Kanner hu jo och elo net Franséisch als Mammesprooch. Dat heescht, mir sinn da ganz gespaant, ob et wierklech deen Erfolleg huet, dee mer eis alleguerten erhoffen. Voilà, villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, Merci villmools, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Et ass scho villes gesot ginn, e puer Wierder dann nach zur definitiver Schoulorganisatioun. An ech kann nëmme soen, dass mer am grousse Ganze wéi déi lescht Joren och gutt opgestallt sinn. Et ass gutt geschafft ginn. Ech mengen, d'provisoresch Schoulorganisatioun hat dat scho gewisen, dass do e ganz groussen Effort, eng ganz grouss Zesummenaarbecht tëschent dem Léierpersonal, tëschent der Direktioun, tëschent eisem Schoulservice, dass dat eng exzellent Viraarbecht war. An haut si mer am Fong geholl just nëmmen hei fir ze kucken, wou sti mer no der Vakanz. An a fir sech, an der Schoulorganisatioun et ass schonn ugeklongen, si ganz kleng Changementer, just nëmmen um Niveau vun der Schoul Gaffelt, wou dräi Klassen C3-1 gewiesselt sinn an zwou Klassen an ëmgedréit den C3-2, do ginn et der elo dräi.

Wat mech just iwwerrascht huet, wou mer d'Chifferen an der Schoulkommissioun presentéiert kruten, dat war dee Minus vun deenen iwwer 40 Kanner am Cycle 1-4. Dat sinn der wierklech vill, well normalerweis, kann ech mech net erënneren, dass mer mol iwwerhaapt e Minus haten. Normalerweis, no der Vakanz, dann huet et ëmmer geheescht, et sinn der esou vill bäi geplënnert, an da sinn an de Schoul d'Effektiver an eenzel Klassen déck an d'Luucht gaangen. Dës Kéier hu mer awer mol eng Kéier e kräftege Minus. Et kann een dat scho wierklech esou behaapten.

Wou deen hier kënnt? Jo, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet schonn e bëssen d'Analys gemaach gehat, an ech hat mer dat och grad wéi d'Madamm Kayser opgeschriwwen, mat den Allongementer, an dat besonnesch déi Schüler betrëfft, déi also virzäiteg an de Lycée geschéckt gi sinn, ob een do effektiv kann eng Conclusioun zéien oder soen, firwat dass dat ass, ob dat wierklech un der Sprooch läit oder ob dat awer, ech weess net, ob dat den eenzegen ausschlaggebende Faktor ass.

Bon, wéi gesot, et sinn der jo och dobäi, déi fortgeplënnert sinn, an dann natierlech d'Aschreiwungen an aner Schoulen, Privatschoulen, International School,… dat war scho gesot ginn, dat kann een natierlech net virausgesinn, grad esou wéineg wéi wann een op eng Kéier dräi Kanner aus dem Ausland bäikritt. Wéi gesot, dat sinn alles déi Momenter, wou een net ka virausgesinn. Wann ech dann d'Moyenne awer elo kucken, wou den Tom Michel drënner geschriwwen hat vun de Schüler pro Cycle iwwer Diddeleng, kann ech awer nëmme feststellen, dass ausser am C4 mat 16 Kanner déi aner awer alleguerte schéi brav ënner 15 sinn. Also dat ass awer wierklech eng flott Moyenne. Dat heescht also, et ass keng Klass dobäi mat ganz ville Schüler, wou ee kéint soen, dat doten, dat ass wierklech schwéier, nach méi schwéier ze schaffen, wéi an enger Klass, wéi gesot, ënner 15, dat ass awer schonn tipp topp.

Bon, zum Precoce nach, just e Wuert. Et war scho gesot ginn, och do, wéi d'lescht Joer hunn ech nogekuckt gehat, hate mer och schonn e Minus vun e puer Kanner. Et sinn ëmmer nach Elteren, déi net decidéiert sinn, mä wat eeben och dës Kéier e bësselche spezifesch war, wéi den Tom Michel gesot huet, dat ass vum Of- an Umellen, dann erëm ofmellen, dann erëm umellen, dat ass e bësse méi komesch dann, wéi dat hiergaangen ass.

Ech hat och gemengt gehat, dat wär warscheinlech, well d'Elteren hir Kanner an eng Crèche wollten umellen, awer keng Plaz kruten an esou weider, dass et zu deem Wiessel komm ass, mä d'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet awer gemengt, et wär just haaptsächlech déi Kanner aus dem Grupp A a B, déi d'Differenz ausmaachen. Bon, d'Admissioun vu Precoce-Kanner an der Ganzdagsbetreiung bleift och d'selwecht wéi d'lescht Joer, mat 97 Kanner, do ass also näischt aneschters, och d'Waardelëscht ass d'selwecht. Dat heescht, och do hu mer nach keng Äntwert fir déi puer Kanner, déi méi gefrot haten.

E Problem, deen an der Schoulkommissioun ugeschwat war, an dee war elo grad scho vun der Madamm Kayser och vun der Madamm Thoma ugeschwat ginn, dat ass den Zouwuess vun de Kanner op Lenkeschléi, deen also en Impakt huet op déi Schoul, also op d'Andeelung vun der Schoul. Et huet missen en Dedoublement gemaach ginn, wat natierlech op d'Käschte vun de Funktiounsraim geet, an dofir mussen hei d'Saachen … Neen? Net vun de Funktiounsraim? Bon, et ass egal, nee, net vun de Funktiounsraim, mä egal. Well et ass op jiddwer Fall en Impakt. Wa mer an deem dote Sënn weider géife fueren, dass mer géife permanent Dedoublementer maachen an an deem Ressort Lenkeschléi kommen effektiv an den nächste Jore vill Kanner bäi, dass een effektiv do dann awer de Risiko huet, dass do Raim, déi am Fong och gemeinsam benotzt ginn, dass déi missten dann awer geopfert ginn, fir d'Schoul.

Éier ech zum PEP kommen, wollt ech just nach begréissen, dass den Agrement Gaffelt, no den Transformatiounsaarbechten, méi héich ausgefall ass wéi erwaart. Dëse geet vun 136 op 215 Plazen, dat sinn der extreem vill, fir e qualitativen Encadrement ze assuréieren. Sou gouf sech entscheet, emol 190 Kanner an d'Restauratioun eranzehuelen. Dëst bedeit fir d'Kanner, déi an der Mëttegstonn an de Ribeschpont gefouert ginn, ouni Stress a Rou a Gaffelt iessen ze kënnen an och herno nach e bësselchen ze raschten. Ausserdeem gëtt d'Organisatioun vum Bustransport och domadder erliichtert. Ech hat schonn am Juni gesot, dass déi geschaafte Plazen a Gaffelt déi bëllegst sinn, déi mer bis elo geschaf hunn.

Wat ech mer och opgeschriwwen hunn, an dat war awer dunn nodeems d'Madamm Kayser geschwat hat vun deem Feedback vun der Restauratioun. Do war ech awer méi wéi iwwerrascht fir ze héieren, dass een neierdéngs e Certificat huet misse ginn, fir dass ee Fleeschallergiker ass. Also, dat hunn ech awer nach net héiere, dat war jo nach ni, ech mengen, mir hate vun all Zorten Allergien, déi d'Kanner schonn haten, effektiv, wou den Dokter huet missen zertifiéieren. Mä

dat doten, dat ass mer wierklech dann awer nei. Dat fannen ech och net korrekt, dat ass och net richteg. Eng Fleeschallergie huet een net. Entweeder ësst ee keent aus Iwwerzeegung oder … Bon, wéi gesot, fir och do elo zeréckzekommen, dass mat deem neie Prestataire Sodexo elo géif alles schlagaarteg besser ginn. Ech mengen et muss een deenen och eng Ulafzäit ginn. Bon, schonn. Ech muss soen, vun Eurest gëtt ëmmer gesot, déi missten nach méi kannergerecht kachen. Ech wëll just nëmmen nach betounen hannendrun, dass déi och eng Dieteticienne haten, déi beroden huet, fir d'Menüen zesummenzesetzen, dass et do Parametere ginn, déi de Ministère festgeluecht hat, mat Grammagen an esou weider an esou fort. Also, et ass schwéier, kannergerecht ze kachen. Wat ass kannergerecht? Well fir eis, dat huet ee jo fréier och schonn ëmmer gesot, well de Kanner bräicht een e puer Menüen net ze ginn. Et bräicht nëmmen e puer Menüen ze ginn. An dat ass ganz séier am Resumé, Nuddelen also Deegwueren am grousse Ganzen, hire Liiblingsmenü. Dat kënnt ëmmer gutt hunn, wann näischt geet. Mä wéi gesot, et gëtt mam SICONA, also mat den Oplage vum SICONA, mat der Dieteticienne vum Prestataire a vun eiser eegener Dieteticienne, déi mer nach haten als Consultante, ginn déi Menüen do opgesat.

Voilà, an dofir ass dat ëmmer esou eng Behaaptung, déi extreem schwiereg ass. Also, et ass extreem pejorativ an immens subjektiv. Bon, zum PEP, e feste Bestanddeel vun der Schoulorganisatioun. Do hu mer déi zwee Dokumenter kritt, den Update plus dann awer och nach déi éischt Versioun, déi mer bei der provisorescher Schoulorganisatioun scho gestëmmt haten an dann och de Bilan vum leschte Joer. Bon, dee Bilan gëtt zeréck, wat effektiv realiséiert gouf op den eenzele Sitten. Et gëtt äifereg dru geschafft d'Relatiounen an d'Zesummenaarbecht, wat mer ëmmer erëm widderhuelen, tëscht de Schoulen an SEA virunzebréngen. An eenzele Strukture wuessen dës méi schnell, an anere geet et eppes méi lues.

Wann ech just eng Propos géint maache fir den nächste Bilan: Wär et net méiglech, vläicht op deem Dokument, wou mer verabschit haten an der provisorescher Schoulorganisatioun oder eventuell och souguer den Update, fir einfach an enger Faarf dat an de passende Felder duerchzesträichen, wat nach net realiséiert gouf, respektiv dat, wat realiséiert gouf, eventuell ze ergänzen an enger anerer Faarf, also änlech wéi beim Update. Da bräichte mer net ëmmer déi zwee Dokumenter do iwwereneen ze leeën, nach eng Kéier duerchzekucken an esou weider an esou fort. Et wär vill méi einfach. Et wier d'Propositioun, déi ech dem Monica da matgi, fir mam Erny dann ze schwätzen.

Den Update, wéi gesot, do hu mer gesinn effektiv déi Problematik vun - wat d'Madamm Kayser och schonn ugeschwat hätt - deem Büro, dass deen op eng Kéier net méi däerf elo an engem Openthaltsraum sinn, wou d'Kanner sech ophalen. Mä dee muss da, wéi gesot, getrennt sinn. Administrativ Aarbecht muss ee mëttlerweil an engem extra Raum maachen. Bon, wéi gesot, zu Butschebuerg ass dat fei gaangen, déi deelen deen elo. Lenkeschléi, déi maachen dat jo och. A Balzeng klappt vläicht elo d'Zesummenaarbecht an deem Sënn nach vläicht net grad esou, wéi se soll sinn. De Projet Elterecafé zum Beispill kann nach net stattfannen, well d'Enseignante sech do un d'Reglement halen, wat festleet, dass d'Elteren, wéi och all aner Kanner net an d'Enceinte vun der Schoul kommen däerfen. Bon, eventuell kéinten se dat net op deem selwechte Wee maache wéi op d'Lenkeschléi, andeems se den Elterecafé am Haff géifen organiséieren? Da si se op d'mannst net an der Schoul. Dat ass jo awer och eng Méiglechkeet vläicht fir do där Iddi do méi no ze kommen. Bon, ze begréissen ass dann awer och an deem Gebai d'Aféierung vum Referent an de Klasse vun de Cyclen 2.

Um Deich gëtt et an engem verdéiften Echange eng Zesummenaarbecht tëschent Schoul an SEA gesicht, grad wéi an den Aarbechtsgruppe vun de Schoulen opgeholl ze ginn. Voilà, ech mengen no an no, wéi gesot, alles brauch Zäit. Et ass net vun haut op muer. Et kommen och nei Leit vum SEA. Dat ass net esou einfach, fir dat ëmmer sou schnell ëmmer alles virunzebréngen, wéi et geduecht ass. Bon, alles an allem gutt Usätz. Am Numm vun eiser Fraktioun wënschen ech allen Enseignanten an dem ganzen educative Personal bonne chance fir dës Rentrée. Och deenen dräi neie Presidenten a Presidentinnen, vill Succès. Merci och all de Responsabelen, der Schouldirektioun ënner der Leedung vum Joël Mischaux, dem Erni Hoffmann vum SEA an natierlech och den Tom Michel vum Schouldéngscht. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Zuang.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech wäert mech och ganz, ganz kuerz halen, vill méi kuerz wéi meng Virriedner, déi hu bal alles gesot. Ech wollt awer och mengersäits e grousse Merci ausschwätzen un d'Schouldirektioun, d'ganze Schoulpersonal, d'Schoulservicer an och soss jiddereen, dee mat bedeelegt ass, fir dass eis Schoulen esou exzellent fonctionéieren an och eis Kanner dann do op d'Zukunft preparéiert ginn. D'Madamm Kayser huet gesot, dass de Brill-Schoulhaff e bëssen ze kleng ass, dass se dat matkritt hätt. A meng Fro dozou ass, well ech gesinn dat wéi dat och an anere Schoulen ass, wou d'Klassen net alleguer mateneen an d'Paus ginn, mä verdeelt, ob dat dann och am Brill awer esou ass, an ob och an anere Schoulen eventuell Mängel bekannt sinn, dass eppes mam Schoulhaff net gutt ass.

Well sou wéi ech weess, sinn awer zimmlech all eis Schoulhäff, déi mer hei zu Diddeleng hunn, ganz nei amenagéiert ginn. Dat, ech mengen dat kann ee roueg soen, ob dat Gaffelt ass, Strutzbierg, an esou weider, an esou fort. Dofir sinn ech do e bëssen iwwerrascht gewiescht. Dann ass d'Theema opkomm Alphabetisatioun op Franséisch, wou ech och nach eng Kéier wëll dozou soen, dass ech ganz dofir sinn, dass dat do ass. Ech fannen et gutt, dass d'Kanner, déi net mat der Lëtzebuerger Sprooch opwuessen, och déi selwecht Chance an der Schoul kréien, fir do d'Saachen ze verstoen an och herno besser kënnen unzewenden. D'Madamm Thoma freet sech do op dat Friichten dréit, well

eeben och net all Kand, dat an deem Service do ass, Franséisch doheem schwätzt. Mä alleguer déi, déi op Däitsch alphabetiséiert ginn, déi schwätzen och net forcement alleguerten Däitsch doheem. Dofir denken ech, dass dat dann awer wäert klappen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer. Nach weider Stellungnamen?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech mengen, Här Meyer, Dir hutt net ganz verstanen, wat ech wollt soen. Mir begréisse jo, dass op Däitsch an op Franséisch kann alphabetiséiert ginn. Mir hu just gesot, d'Iddi ass jo eigentlech awer, also et ka sinn, dass et de Kanner wierklech e Virdeel gëtt, mä wann d'Kanner doheem Portugisesch schwätzen, ass eeben d'Fro: Bréngt et deen erwënschten Erfolleg, wann se elo op Franséisch alphabetiséiert ginn? Warscheinlech läit dat deene méi no wéi Däitsch. Dowéinst ënnerstëtze mir och de Projet. Mä mir stellen eis eeben d'Fro, ob et wierklech och deen erwënschten Erfolleg bréngt, well dat eeben och net hir Mammesprooch ass. An ech mengen, dass Lëtzebuergesch an Däitsch awer vill méi no beienee leie wéi Franséisch a Portugisesch, fir elo dat Beispill ze huelen. Dat war just eis Fro. Merci.

MARC MEYER (DP): Voilà, ech denken, dass et de Schrëtt an déi richteg Richtung ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, fir déi dote Stellungnamen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, voilà. Ech géif vläicht, fir unzefänken, der Madamm Soares d'Wuert ginn. Déi ass nämlech spontan haut agesprongen. A si hat e Rendez-vous, duerfir géif ech hier, wann dat an der Rei ass, fir d'éischt d'Wuert ginn.

MONIQUE SOARES (SERVICE EDUCATION ET ACCUEIL): Moien. Ech probéieren esou gutt wéi méiglech drop ze äntweren, op dat wat ech am Moment weess. De Rescht kann ech da mathuelen an dem Erni Hoffmann Bescheed soen, fir déi nächst Kéier. Also, par rapport zum neie Prestataire Sodexo, also et ass esou, mir hunn all Dag e vegetaresche Menü. D'Kanner brauchen och kee Certificat. Also, dat ass just fir d'Allergien. Si kréien all Dag e vegetaresche Menü proposéiert. An zweemol d'Woch kritt d'ganz Maison Relais e vegetaresche Menü.

Dozou wollt ech och nach just soen, kannergerecht, ech menge schonn, dass et kannergerecht ass. Do hu mer eng Dieteticienne am SICONA, déi do drop kucken. Wat menger Meenung no e Problem kéint sinn, ass well verschidde Kanner eeben doheem aner Gewunnechten hunn an dat och kulturell bedéngt ass. Zu deem wollt ech och just nach soen, dass mir an der Direktioun SEA probéieren, elo den Tour duerch all Maison Relais ze maachen an d'Crèchen, fir och de Menü ze schmaachen, fir ze kucke wat kéint ee verbesseren an och fir d'Begleedung vun den Educateuren am Alldag ze observéieren a fir ze kucken, wat kënne mer do nach verbesseren.

Fir 2025 organiséiere mer och e Groupe de travail, wou verschidde Leit aus dem SEA kënne matmaachen, wou de Koordinator vun de Käch dobäi ass an d'Dieteticienne. Dat heescht, mir probéieren do, dass de Menü nach méi kannergerecht gëtt an do sollen d'Kanner och hir Wënsch mat eraginn. Dat heescht, ab Dezember mécht all Maison Relais e Kannercomité, wou d'Kanner eeben hir Wënsch kënnen eraginn. Voilà.

Zu der zweeter Fro: Wolkeschdall. Also mam Agrement, leider ass eis Visitt am Juli annuléiert ginn. Do waarde mer nach op eng Réckmeldung, souwäit ech weess, vun der Madamm Leukert. Par rapport zum Amenagement vum Wolkeschdall, dat ass alles en cours. Dat heescht, do hu SEA a Schoul och ganz gutt matenee collaboréiert, fir déi Säll sou gutt wéi méiglech ze amenagéieren, soudass et fir déi zwee klappt.

D'SEA-Personal huet och kee Büro, mä si schaffe moies eeben do, wou d'Kantin ass an dann, op dee Moment, wou d'Kanner erakommen, ass d'Büroszäit fäerdeg. Do sinn och, dann ass d'Personal och ganz fir d'Kanner do. Dat heescht, si schaffen éischter moies, wa kee vun de Kanner am Raum ass. Dozou ass och just nach ze soen, mir hunn am Dezember Rendez-vous hei intern op der Gemeng, wou mer och eng Kéier iwwert de Wolkeschdall nach eng Kéier drop kucken, wat kéint een do nach verbesseren, fir déi Säll ze strukturéieren.

Zum drëtte Punkt, d'Gaffelt. Et ass esou, dass d'C4 nach op de Ribeschpont geet, fir dass mer de Kanner, awer och dem Personal Zäit ginn, sech ze adaptéieren, well et si vill Kanner beieneen. Dat heescht, dat brauch och e bëssen Zäit, dat ass wierklech organisatoresch immens schwéier. An ab Dezember fänkt den C4 un dënschdes an donneschdes an der Gaffelt ze bleiwen. An dann ab Januar 2025 kucke mer, dass dat ëmmer méi gëtt, fir dass, voilà, d'Kanner sech adaptéieren, awer och d'Personal do e bësse méi sech organiséiere kënnen.

Dann zum Punkt Balzeng, Elterecafé. Wat ech äntwere kann, ass just, dass laut Schoulreglement sollen d'Elteren net an d'Gebai an dofir musse mer do kucken en en Arrangement ze fannen, wou dee kéint stattfannen, fir dass dat méiglech wier. Am Brill-Container ass dat herno och e bësse méi einfach, géif ech elo soen. Méi einfach, well de SEA dann och um Rez-de-chaussée ass, da mussen se net duerch all d'Klassesäll goen.

Zum Bilan Mise en page, ass just, fir 2025 kucke mer, fir eng aner Variant nach, fir dat nach besser opzestellen. Jo, fir dass dat alles beienee passt.

Am Briller Haff, par rapport zum SEA, kënne mer just soen, dass mer do nach verschidde Champ-d'actionen dobäi setzen, wéi eng Matschküche, Rückzugsecker, fir dass dat nach e bësse méi interaktiv gëtt fir d'Kanner.

Méiglechkeete par rapport zu der Gréisst vum Haff, also do hunn ech elo bis elo nach ni eppes héieren. Ech mengen, et ass ee vun deene gréissten. Also et ass wierklech immens vill Plaz do, elo weess ech net méi. Voilà. An ech mengen ech hunn op alles geäntwert. Wann nach Froe sinn?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Voilà, ech géif dann d'Wuert weiderginn. Joël Mischaux, un dech vläicht, do ass jo och e ganze Koup Froen, an un den Tom Michel dann nach. Merci dem Monique Soares.

MONIQUE SOARES (SERVICE EDUCATION ET ACCUEIL): Merci.

JOËL MISCHAUX (DIREKTER VUM ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL): Merci fir d'Wuert. Ech géing mer vläicht, wann et erlaabt ass, gestatten, e puer méi allgemeng Remarken ze maachen. Vläicht fir d'éischt, well et déi éischt Sitzung am neie Joer ass, fir mech hei, d'Direktioun wäert bleiwen, siwe Joer. Dat heescht, Dir musst nach eng Kéier siwe Joer mat der selwechter Ekipp eens ginn. An dann ass et à voir.

IEBSen, d'Jean-Claude, du has dat ugeschwat, mä en effektiv Stonne bäikrut. Dat ass awer, well mer an engem Gebai, wat eigentlech de Contingent net hiergëtt, de Ribeschpont, eng Madamm hunn, déi méi Stonne wollt schaffen. An ech hu relativ séier e Wee iwwer de Ministère fonnt, deen eis et erlaabt huet, engem Fonctionnaire, dee bei de Kanner Stonne prestéiert, déi Méiglechkeet och ze ginn. Och wann, wéi gesot, de Contingent et selwer net hierginn huet. A-EBSen hu mer dann elo zwee agestallt, dat ass richteg, dat ass eng Kéier den Deich an eng Kéier de Strutzbierg. Ech sinn awer elo quasi all Dag a Verhandlungen, Optimiséierunge mat der Formation professionnelle. Mir hunn och elo nach Apprentië geholl, fënnef Stéck, fir de Moment, awer net nëmme fir Diddeleng, fir d'Direktioun, wuelgemierkt. Déi kommen dräi Mol d'Woch schaffen. Ëmmer déi laang Deeg, méindes, mëttwochs a freides. Déi sinn am DAP Inclusion ënnerwee. Dat heescht, och déi wäerte bei de Kanner assistéieren.

A mir hunn och nach zwee Leit, ee vu ganz wäit, vun Ettelbréck an ee vu Lalleng, déi an de Stage komme véier Wochen, elo an deem selwechten DAP Inclusion, mä halt eeben nach net majeur. Dat heescht, mir sinn amgaang och do eise Staff nach e bëssen ze vergréisseren. Dat ass elo deen éischte Jet, deen dëst Joer stattfënnt. Mir sinn amgaang dat duerchzestrukturéieren, soudass mer d'nächst Joer an der Rentrée do nach méi Manpower wäerten dobäi kréien.

E puer Wierder vläicht nach zum Accueil. Och dat ass ëmmer relativ vill Aarbecht. Mir haten awer eng ganz aner Rentrée wéi d'lescht Joer. Mir hate keen esou ee Peak dran, deen iwwert den August stattfonnt huet, soudass mer et fäerdeg bruecht hunn, innerhalb vun dräi Deeg all d'Kanner ze scolariséieren. A mir hunn och do dat ass mam Josiane Di Bartolomeo-Ries beschwat, mir sinn déi am Land, déi am séierste scolariséieren. Ech gi menge Leit dräi Deeg Zäit. A mir zéien do ëmmer d'Kaart vum „tout enfant habitant le territoire", net „résidant", well soss hu mer verschidde Kanner, déi an enger, jo, illegaler Situatioun sinn. A wann dat da perduréiert, da kréie mer déi Kanner net scolariséiert. Dat heescht, si léieren och keng aner Kanner kennen. Dat ass net nëmme fir d'Léierprozesser net gutt. An dat kréie mer bis elo ganz gutt hin, mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng an de Servicer vun der Gemeng. Voilà, da wëll ech vläicht op déi eenzel Froen agoen.

Precoce. Dat hu mer scho méi oft diskutéiert. Et ass eng Volontéit do, am Precoce Ännerungen ze bréngen. Awer net alles ad hoc. Mir haten de Freiden, also um Niveau vum Cabinet, eng länger Diskussioun. An do steet och nach am Raum den zweeten Intervenant am C1. An dat muss alles, wéi soll ech soen, a propperen Demarchë geplangt sinn, well do hannendru stieche Ressource-humainen an dat soll dann organiséiert sinn, wann alles prett ass an och wann deen néidege Rekrutement gemaach ass. Also ech zweiwelen net drun, dass de Precoce de Kanner eppes bréngt. An du has et och gesot, mir hu Gemengen, do ass den Taux net esou grouss, notamment eng Nopeschgemeng, fir déi ech och responsabel sinn, wou et ganz schwiereg ass, déi och vill, vill léiwer méi Kanner an hire Strukturen hätten, mä déi kënnen am Moment d'lessen net ubidden. An dat ass natierlech en Entscheedungsfacteur fir d'Elteren. Dat ass ganz evident. Also, mir striewen do eng, eng staark erhéichten Zuel un, national. Jo, wéi genau dat soll strukturéiert ginn, muss nach decidéiert ginn. All Iddi ass natierlech ëmmer, och an der Schoulkommissioun, welcome, dat ass ganz kloer.

Allongement. Dat mécht d'Saach net méi einfach fir déi Kanner. Net dass mer eis elo hei falsch verstinn, mä wann een déi gesamt Zuel vun Allongementer vum Land kuckt, an déi vun Diddeleng, si mer absolut an der Norm. Also reng statistesch si mer liicht drënner. Mä ech mengen dat ass no net dat, wat hei wichteg ass. Déi Allongementer sinn net all op Sproocheproblematiken zeréckzeféieren. D'Admissioun, an dat ass eppes wat - Romain Zuang, ech mengen, Du has dat och nach eng Kéier ugeschwat - déi si sécher net all op d'Sproocheproblematiken zeréckzeféieren, mä op allgemeng Retarden am Léieren, dat ass méi komplex a villfälteg. Dat sinn einfach déi Kanner, wou mer no Ofsprooch mam Lycée, well et an der Reegel de Lycée de proximité ass, d'Alliance, déi déi Kanner duerno iwwerhëlt, wou mer mat hinnen dat wierklech am Fong bal schonn am Eenzelfall kucken a wou mer de Kanner eigentlech einfach géifen e Joer klauen, well d'Resultat duerno awer de Modulär wär. Si kënnen hir Moduller éischter ufänken, an esou haart et och kléngt, mir klauen hinnen e Joer Pai, am Endeffekt. An déi Kanner hunn duerno déi selwecht Léierkarriär. D'Allongementer si mer amgaangen, dat ass ganz interessant, dass dat haut optaucht, well mir hunn dat de Freideg mat der Direction générale vum Fondamental ofgeschwat, do wäerte mer eng Analys maachen, well ech wëll wierklech wëssen, wat geschitt mat deenen Allongementer a wéi vill vun de Kanner, déi en Allongement bei mir hunn, evitéieren duerno doduerch de Modulär?

Ech wëll déi Chifferen hunn. Well wann dat nämlech net de Fall ass, da musse mer mam Léierpersonal zesummen doriwwer nodenken, wat mer mat deenen Allongementer maachen, well wat et net däerf sinn, ass e Redoublement. Voilà. Also déi Analys, déi ass grad elo amgaang gemaach ze ginn. Dofir dat hei trëfft sech elo gutt. Dann hate mer, dat koum vu méi Säiten, d'Froen iwwert d'Ressort-scolairen. Ech denken, dass d'Quar-

tiersschoulen zu Diddeleng eng ganz grouss Plus-value sinn. Dat ass och guer net a Fro gestallt ginn, do ass en Identitéitsfacteur hannendrun, wou souwuel Kanner wéi och Enseignanten, Educateuren deelweis mat Schoulcharta operéieren a sech dann och mat der Schoul identifizéieren. An ech fannen, dass dat e wichtege Moment ass fir den Alldag vum Schaffen. Dat dréit zur mentaler Gesondheet bäi vun alle Leit, déi do agéieren.

De Fall Quartier Deich ass net onbedéngt een, wou mer un d'Ressortscolairë ginn. Dat ass ee Ressort scolaire vun enger Schoul, wou een innerhalb vun deem Ressort - dat hate mer och d'lescht Kéier jo an der Schoulkommissioun beschwat - et am Eenzelfall nach eng Kéier misst kucken, wat mer weiderhin einfach musse respektéieren. Dat sinn och Volontéite vun Elteren. Well natierlech ass et fir d'Enseignanten heiansdo schwéier ze verstoen, firwat mer geziilten eng Usammlung vun EBS-Profiller an engem Gebai an an deem aneren net. Dat kéint natierlech dat Joer duerno aneschters sinn. Dat muss ee mengen ech vu Joer zu Joer am Detail kucken, do fält wéi gesot d'Fraterie drënner, do fält Transport drënner, et ass multifaktoriell. An et ass dat wat ech gesot hunn, dat muss da fir all Kand eenzel gekuckt ginn, wat ass méiglech, bezéiungsweis firwat ass et eebe grad net méiglech. Voilà.

Vläicht als Hannergrond, déi Leit, déi déi Diddelenger Schoul scho jorelaang matmaachen, déi wëssen dat, well déi Mixité sociale, jo, jo, woubäi ech och mengen, datt wann de Lenkeschléi och éischter an der Ëmgangssprooch e Quartier aisé ass, hu mer awer och do eng gewësse Mixité sociale. A wat virun allem stattfënnt, dat ass, dass mer e ganz anere Koeffizient vun Appui hunn. Diddelenger ass esou gewuess, a Gott sei Dank, well do sinn aner Gemengen, do gëtt et net applizéiert, mir halen eis do, quitte dass verschidden Acteuren déi Zuele vum LISER net direkt gesinn, mä den Deich huet dee meeschten Appui. An dat ass net fir näischt esou. Mir hunn dat lues a lues all Joer ëmmer erëm berengegt, mä den Deich ass nach wie vor, opgrond vun der Mixité sociale, déi Schoul mat deem héchste Koeffiziente vun Appui. An ech denken, dass dat och ganz gutt esou ass. Romain Zuang, ech mengen, Du hues dat selwer matgemaach. Och d'Gaffelt hu mer do ëmmer berécksiichtegt an, voilà.

Handyverbuet, jo, dat wäert kommen, et ass annoncéiert ginn, ab Ouschteren. De Modus vivendi reste à définir. Et ginn e puer Cas-de-figuren. Il y a des pour et des contre. Ech kann den Handy doheem musse loossen. Ech schwätze vum Fondamental, wuelgemierkt. De Lycée huet erëm en aneren Zenario. Ech weess net, ob et de Kanner an d'Kaarte wäert spillen, fir déi, déi dann awer am Off no der Schoul op den Handy ugewise sinn, well se en Transport vun engem Papp oder vun enger Mamm brauchen, wou se sech awer vläicht musse mellen, wann se e Bus verpasst hunn, an esou weider an esou fort. Ënnerschiddlech Cas-de-figuren. Wann e mat an d'Schoul bruecht gëtt, musse mer eis mat de Presidenten, mat de Kommiteeën zesummen afale loossen, wéi mer dat duerchsetzen.

Et mécht mer net terribel vill Angscht. Mir haten déi lescht Joren een Tëschefall, een Tëschefall, an dee war no der Schoul, wou awer éischter Influence aus dem Lycée geholl gouf vun e bësse méi ale Schüler, wou dat eriwwer geschwappt ass. Mir hunn do relativ wéineg Excèsen, ech schwätzen elo hei just vun Diddeleng, hein, relativ wéineg Excèsen. D'Enseignanten hunn dat - mengen ech - ganz gutt am Gréff. Wat mir méi Angscht mécht, dat si sou Tracen, déi mir fannen, wou Elteren sech bei eis mellen, wou spéit owes Kanner wierklech nach nach, et muss een einfach esou nennen, attackéiert ginn, iwwer sozial Netzwierker, och iwwer, an dat reguléiere mer elo, iwwer Medien, déi vum Ministère zur Verfügung gestallt ginn, notamment den Teams, wou Kanner iwwer d'Chat-Funktioun vum Teams aner Kanner mobben. Also, dat gëtt elo regulariséiert. Déi Funktioun gëtt ofgeschallt. Mir kënnen eis als Staat net erlaben, en Outil zur Verfügung ze stellen, wou dat ka gemaach ginn. Tout en sachant, dass déi meescht ROIen souwisou den Handyverbuet elo scho virgesinn. Mir kréien do net wierklech en neie Moment hei zu Diddeleng. National kann dat aneschters sinn.

De PEP, ech mengen do war elo alles dozou gesot ginn.

Dann an eisem Sportsfeuilleton, Här Steffen. Ech mengen, et ass, wéi den Yves Steffen dat gesot huet. Mir sinn do an enger gudder Zesummenaarbecht. Mir hunn eeben als Direktioun mat der Gemeng elo mol, jo, d'Decisioun geholl, dass mer dat step by step maachen, fir d'éischt Ouverturen a Méiglechkeete bidden, ier mer mam Hummer do doduerch ginn. An et ass, wéi s du gesot hues, Yves Steffen, mir begréissenet, dass eenzel Schoulen dann awer elo schonn de Schratt ënnerholl hunn, déi drëtt Turnstonn ze probéieren. An ob mer duerno an engem 2-4-Rhythmus musse fueren oder an 3-3 hikréien, ech mengen, dass mer dat bis Enn des Joers plus minus stoen hunn. An da - mengen ech - hu mer do effektiv, also gutt geschafft. Well et ass awer, wéi s de gesot hues, och fir den Tom Michel a fir den Erni Hoffmann e groussen Opwand gewiescht, fir dat alles auserneen ze plécken.

Et stellt keen d'Fro vun der Plus-value. Also déi ass evident, mengen ech, fir jiddwereen, och bei eis. Hunn ech eppes vergiess?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Ech beäntweren de Rescht do, den Tom Michel seet vläicht nach eppes do.

JOËL MISCHAUX (DIREKTER VUM ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL): Vläicht just kuerz d'Lenkeschléi. Wollts du dat soen, Tom? Well mir hunn do net missten eppes opferen. Mir hunn e ganz anere Wee fonnt, dee ganz gutt ass. Merci.

TOM MICHEL (SERVICE DE L'ENSEIGNEMENT): Jo, moien. Vläicht just eng Info zum AirTramp. Dee kënnt jo Enn November op d'Lenkeschléi. Do sinn elo nach dëse Samschden an den nächste Samschde Formatiounen, déi ugebuede ginn. Do hu 16 Leit sech ageschriwwen. A bis elo hu just, also just bis elo hunn den C1 vum Deich, C1 Ribeschpont an Deeler vum C2 Deich sech

mol driwwer informéiert. Also, déi wäerten do Deel deenen um AirTramp. Also, et ass schonn en Interesse do vun de Schoulen, fir op den AirTramp ze goen. Wéi oft si elo kënne goen an esou weider. Dat musse mer kucke wat d'Transporter an alles hierginn, mä do schéngen och Interesse relativ grouss ze sinn.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Ech géif da probéieren, nach e puer Saache bäizefügen oder Froen ze beäntweren, déi nach net beäntwert sinn. Jo, effektiv Sodexo, ech weess wou et hir kënnt, effektiv Sodexo et fäerdeg bruecht, Leit, déi vegetaresch iessen, en Zertifikat ze froen. Mir hunn do och direkt reklaméiert. Ech mengen, mir si ganz am Ufank mat enger neier Firma, dat geet net. Sorry, mir hunn hinnen dat gesot, also, dat wäert schonn an Zukunft dann änneren. An d'Monique huet et zwar gesot, mir gi wierklech geziilt iessen, well mer wëlle kucke wéi ass d'Qualitéit. Ech wëll elo net soen, datt alles besser ass wéi bei deem Prestataire virdrun, mä wéi gesot, Feeler kommen am Ufank vir, mä mir schaffen do drun.

Da wëll ech eng Kéier op de Büro agoen. Effektiv, de Büro vum SEA, et ass elo gesot ginn, d'Monique huet iwwer de Wolkeschdall geschwat. De Wolkeschdall ass net d'Theema. Hei ass, soubal de Büro an enger Maison Relais ass, dat war dann zu Butschebuerg de Fall, wéi och an der Schwämm an um Deich hu mer missten de Büro eraushuelen an iergendwou anescht leeën, well si huelen eis carrement Plazen am Agrement ewech. Et ass elo nach eng Kéier gutt gaangen. Den Deich war e bësse méi kritesch. Mir hunn dat erauskritt. Wolkeschdall ass vläicht en anere Problem. Mä hei waren et geziilt d'Maison Relaisen, wou de Büro am Sall stoung, wou Kanner betreit ginn. Dat geet net. Dat soen awer net mir. Ech mengen dat ass national, do hu mer do eng Oplag kritt a mir probéieren dat dann an d'Rei ze kréien.

Bon, da ginn ech eng Kéier e bëssen op de Schoulhaff Brill an. Ech mengen, do huet jiddwereen e bëssen eppes gesot, den Här Meyer, d'Madamm Kayser huet och eppes gesot, also, datt de Schoulhaff Brill ze kleng ass, dat ass net richteg. Well all Kand huet nach ëmmer fënnef Meterkaree, gell? Also, esou wéi et no Virschrëft ass, obwuel déi Containeren am Schoulhaff sinn.

Wat awer richteg ass, am Schoulhaff Brill hu mer näischt gemaach. Ech hunn dat och elo scho siwemol probéiert, mat hinnen ze klären. Mir kënnen net Chantier am Gebai maachen an aus dem Gebai eraus. Dat heescht, soubal dat Gebai dann och renovéiert ass, wäerte mer jo schonn iergendwou eng Kéier op dee Wee goen. Och dee leschte Schoulhaff, dee wierklech deen allerleschte Schoulhaff, deen nach net schéin ass, well wann der, herno oder muer de Moien eng Kéier zéng Minutten Zäit hutt, da gitt lech eng Kéier de Strutzbierg ukucken. Also, wierklech, esou eppes hunn ech nach net gesinn. An ech mengen, mir ginn eis Méi an de Brill wäerte mer nom Chantier, dee mer am Gebai hunn, dann och iergendwann an Ugrëff huelen op dee Schoulhaff. Et ass schwiereg de Moment, d'Hochbeeter, si sinn net gefrot ginn. Ech war derbäi bei der Reunioun, et kann een elo soen, si si gefrot, si sinn net gefrot. Mir probéieren do nach kleng Saachen ze maachen.

Dann awer eppes anescht: Ressort scolaire Deich-Italien. Ech mengen, dat kann och den Här Mischaux an och den Här Michel bestätegen. Mir mëschen eis am Fong ni an d'Verdeelung vun de Klassen an, wéi d'Kanner verdeelt ginn. Natierlech, jo, mir hunn e Ressort scolaire. Ass e flexibel? Jo, eigentlech ass en nach flexibel, well mir schécken ëmmer nach Saachen eraus, Äert Kand geet op an déi Schoul oder an déi Schoul, well mer jo kucken, wéi d'Chiffere sinn. Mir hunn awer och Fäll, déi géife léiwer an d'Lenkeschléi goe wéi op de Strutzbierg, dat verstinn ech. Mä eigentlech prinzipiell an d'Verdeelung vun de Kanner an de Klassen, do mësche mir eis als Gemeng net an. Mir iwwerloossen hinnen dat. Mir stinn hinnen zur Verfügung, wann se Hëllef brauchen. Mä dat ass elo näischt, wat an eiser Kompetenz läit. Mir hunn déi Remark gemaach kritt an d'nächst Joer wäert den Här Mischaux do perséinlech awer do dann och mat hinnen zesumme kucke wéi een dat mécht. Souvill zum Ressort.

Dat wollte mer eigentlech elo an Zukunft am Ufank vum Joer schonn änneren, well duerch déi flexibel Ressorte kënnt een an Diskussioune mat Leit, wat och net ëmmer ganz schéin ass. Duerfir wollte mer kucken, wéi mer dat elo an Zukunft uginn. Sportsplang, ech kann dat eng Kéier soen, ech mengen dat ass jo elo oft hei gemaach ginn, den Här Mischaux huet dat och an der Schoulkommissioun gesot, also, mir wäerte schonn ee Sportsplang maachen, eng Bestandsopnam, wou mer Spillplazen, wou mer Sportsterrainen hunn, dat hu mer alles. Dat muss elo nach just eng Kéier zesumme gekuckt ginn, mir wëllen deen Optrag zesummen ugoen, mir wäerten e Plang maachen, wou d'Schoulen iwwerhaapt kënne vu wat fir engen Infrastrukture profitéieren.

D'Zesummenaarbecht SEA-Schoul, jo, heiansdo geet et, heiansdo geet et net. Ech sinn do och net ëmmer um Terrain, mä ech mengen awer, datt mer um richtege Wee sinn, alleguer zesummen, datt dat an Zukunft wäert klappen. Dann awer just de Funktiounsraum, Lenkeschléi, wat den Här Zuang gesot huet. An der Lenkeschléi ass e Problem. Et gëtt elo gesot, ah, elo huelt Dir hinnen ewech. Éischtens, wou mer a Schwieregkeete kommen, dat wäert sinn, wa mer no Gebuerte kucken, dann ass dat 2027. Dat ass ganz kloer, do komme ganz vill Kanner bäi. Mir gesinn dat jo elo schonn un de Gebuerten. Ech wëll awer soen, datt an der Lenkeschléi kee Funktiounsraum ewechgeholl ginn ass. Firwat ass keen ewechgeholl ginn? Well dat eigentlech Klassesäll waren. Just well mer net genuch Klassen haten, si se als Funktiounsraum gebraucht ginn. Dat däerf een ni, ni, ni vergiessen. Dat si scho Klassesäll, déi ware virgesi fir Klassesäll. Wann elo eng Schwieregkeet kënnt natierlech, da musse mer kucken, ob mer kënne changéieren, ob mer kënnen am Gank och zoubauen. Ech mengen, dat ass eppes, dat maache mer fir 2027. Mir hunn do en An drop. Mä mir hunn eigentlech kengem e Funktiounsraum ewechgeholl.

An da vläicht just nach zu eise Gebaier, well gesot gëtt, jo, Dir musst kucken, Kanner an anere Gebaier ze schécken. Ech mengen, dat ass relativ schwiereg. Deen ee sëtzt an engem ale Gebai, deen anere sëtzt an engem neie Gebai. Also, mir hu Lenkeschléi, Ribeschpont, Brill, dat renovéiert gëtt, Gaffelt, dat renovéiert ginn ass, si sinn all komplett, ee wéi deen aneren, richteg schéin, mat richtege Funktiounsraum. Deich, do wäerte mer dru schaffen, do musse mer jo och eng Mise en conformité maachen. Dir wësst et alleguer. Mir hunn et am Budget stoen. Da bleift eis nach just Butschebuerg a Strutzbierg. A Strutzbierg, wann Der awer eng Kéier an d'Gebai selwer eragitt, dat ass awer wierklech net al, dat ass scho ganz schéi renovéiert. Dat ass tipptopp esou. Also mir loossen elo net eng Schoul total delabréiert, mir suergen derfir, datt konsequent eis Schoule renovéiert ginn.

An dat lescht, den Här Zuang huet gesot, jo, mir kënnen natierlech dat maachen, wéi Dir et virgeschloen hutt, de PEP, alles usträichen, wat geännert huet. Voilà. Ech mengen ech hat lo alles beäntwert, oder?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci fir alleguerten déi doten Erklärungen. Ech mengen, dann hätte mer elo den Tour ofgeschloss. An da géif mech proposéieren, dass mer zum Vott iwerginn: Wien ass hei mat der definitiver Schoulorganisatioun averstane, sou wéi se hei presentéiert gouf. ***Dat ass unanime***, villmools Merci. An da soen ech och eisen Invité Merci fir hir Presenz an och déi néideg Erklärungen, déi se eis haut de Mëtten hei ginn hunn. Da gi mer op den nächste Punkt"iwwer.

6. RELIÉIST AN ARCHITEKTONESCHT IERWEN

Approbatioun vum Verzicht op d'Offer vum Kierchefong am Hibléck op d'Oftriede vun der Kapell Saint-Eloï fir e symboleschen Euro

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ënner dësem Punkt geet et ëm eise Patrimoine religieux, an zwar ëm d'Eligius-Kapell op der Schmelz, wou mer eng Demande virleien hunn, engersäits d'Annonce, dass de Kierchefong, dee Proprietär ass vun der Eligius-Kapell, déi degrevéiert a mir eeben hei d'Demande virleien hunn, ob d'Gemeng drun interesséiert ass, fir zukünfteg Proprietär ze ginn a fir dat ze maachen, muss se sech hei am Gemengerot dozou äusseren. Dat ass de Point de départ. Dir gesitt, dass mer den 2. Abrëll 2024 e Courrier kritt hu vum Kierchefong, wou en effektiv dann op dat ageet an eis och freet. Bon, dat heiten ass jo och e Gebai, dat säit 2004 klasséiert gouf als Monument national an deemools beim Gesetz 2018 ronderëm d'Office-religieuxen, d'Neiorganisatioun vun der Kierchefabrick, déi ofgeschaaft gouf, respektiv de Kierchefong an d'Liewe geruff gouf, huet d'Gemeng sech och misse positionéiere par rapport zum Patrimoine religieux an do hu mer jo d'Decisioun geholl, dass mer vun der Eglise Saint Martin géife Proprietär ginn, respektiv dann déi aner Kapellen, déi

sech um Territoire vun der Stad Diddeleng befannen, dass déi am Besëtz solle bleiwe vum Kierchefong.

Ech wollt vläicht op zwee Punkten agoen, well ech mengen, wann een esou eng Demande hei virleien huet, nieft der ganzer Prozedur, déi mer bis elo entaméiert hunn, an d'Reuniounen, déi mer haten, wëll ech awer vläicht eng Kéier d'Geleeënheet notzen, an ech mengen, dat ass ëmmer flott, wann een och en Exkurs historescher Natur ka maachen, wéi am Fong déi ganz Kapell hei entstanen ass. An ech mengen, dat ass ëmmer ganz interessant, wann een och déi néideg Dokumenter duerchkuckt. Et fënnt een do, de 25. August 1962 huet den deemolegen Buergermeeschter, de Jängi Fohrmann, der Kierchefabrik eng Baugeneemegung ausgestallt fir eng Kapell am Schmelzer Quartier ze bauen. An d'Kierchefabrick huet déi kritt an nonzénghonnert, wéi gesot, hat schonn d'Kierchefabrick dem Architekt Norbert Mangen den Optrag ginn, sech drëms ze bekëmmeren, eng Kapell hei um Territoire vun der Stad Diddeleng, respektiv op der Schmelz, opzebauen. An den Architekt Norbert Mangen war bekannt dofir, fir sech och e bësse méi um Le Corbusier ze inspiréieren, an dat fënnt ee jo och an der Eligius-Kapell erëm. An de Bau huet deemools ronn, insgesamt mam Terrain, 4,7 Millioune Lëtzebuerger Frange kascht, wou deemools och d'Gemeng den Terrain dem Proprietär Hartert ofkaf huet fir 750.000 Lëtzebuerger Frangen.

De Bau, deen huet am Fréijoer 1963 ugefaangen an et war den Diddelenger Entrepreneur Reimen, deen d'Aarbechte gemaach huet. D'Fënstere si bekannt, déi si vum Diddelenger Kënschtler Franz Kinnen. An, wéi gesot, knapps e Joer nodeems de Grondstee geluecht gouf am September 1963, ee Joer dono, Enn September 1964, de 27. September, also no knapps e bësse méi wéi engem Joer Bauzäit gouf d'Kapell vum Generol-Vikar Jean Hengen, deen och vun Diddeleng war, ageweit, a Presenz, an dat gesäit een an den historeschen Dokumenter, vum Georges Vuillermoz, dee Bistumssekretär war an deen och kierzlech verstuerwen ass. Voilà, dat sinn eng Rei Leit, déi zu där Zäit aktiv waren. Déi Kapell huet och e gewëssenen industriellen Touch gehat an awer eng gewëssen architektonesch Presenz an an den Achtzeger Jore goufen éischt Renovatiounsaarbechte gemeet un där doter Kapell, well se a kengem gudden Zoustand ni war. Do kann een och erausliesen aus der Diddelenger Chronik, dass den deemolegen Interesseveräi Quartier Schmelz d'Klack an och d'Aarbechte ronderëm d'Klack gespent huet an et mierkt een och an deenen offiziellen Dokumenter vum Interesseveräin an der Stellungnam vu verschiddene Leit, de President an och aner Membe-

ren, dass se am Fong Stellung huelen, firwat et och d'Aufgab war vum Interesseveräi Schmelz, eng Klack ze spenden. Dat heescht, do war schonn eng Kritik an Diddeleng, ob dat iwwerhaapt d'Aufgab ass vun engem Interesseveräin, esou eng Depense ze maachen. Do gesäit een, dass och dat vläicht net zu deem Zäitpunkt d'Unanimitéit gemeet huet.

Et weess een, dass an den Achtzeger Joren nieft de Massen, déi do gehale goufen, awer de Sall ënnert der Kapell der JOC, der Jeunesse ouvrière catholique, zur Verfügung gestallt gouf, eng Jugendorganisatioun. A mir wëssen alleguerten heibannen, fir déi, déi sech nach kënnen drun erënneren, 1997 war do e Brand an do ass leider op eng tragesch Aart a Weis e jonken Diddelenger, den Här Bierger, gestuerwen. An, wéi gesot, et waren awer och schonn Diskussiounen, muss ee soen, 2001, wou d'Gemeng intresséiert war, Proprietär ze gi vun där doter Kapell, fir och ze kucken – do hate mer och an en Architekt, den Alain Linster dropgesat - kann een déi Kapell rehabilitéieren, respektiv an e Foyer de jour oder an eng Maison Relais ëmwandelen. Mä déi Diskussioune konnten net weidergefouert ginn, well mer eis net eens gi sinn um Niveau vum Präis.

Am Mäerz 2004 ass dat Gebai als Monument national klasséiert ginn, et ass weider mol méi oder mol manner genotzt ginn. Et sinn och, Veräiner, déi et nach weider zur Verfügung gestallt och hunn an et ass mol nach genotzt gi fir eng Daf oder och wann e Begriefnes war oder och emol d'protestantesch Communautéit do hier Masse konnt halen, nieft der kathoulescher. Also, et weist, dass déi heite Quartierskapell eng Vergaangenheet huet, mä wann een natierlech och e Bléck an d'Zukunft wërft, onofhängeg dovunner, wien elo do Proprietär gëtt, ass et natierlech e Gebai, dat gutt positionéiert ass, well do eng vun den Haaptverbindunge wäert entstoen tëschent dem Quartier Schmelz an dem Quartiere NeiSchmelz. Also, dës Kapell läit strateegesch och ganz gutt do.

Et muss een awer de Fazit haut zéien, dass awer d'Gebai, an dat gesäit een och unhand vun der Etüd - an dofir war et och wichteg, lech d'Etüd vum Ingenieursbüro HLG zoukommen ze loossen - dass d'Gebai an engem ganz, ganz schlechten Zoustand ass. Ech muss am Fong scho soen, dass et e bëssen en Trauerspill ass, a punkto Erhale vum Patrimoine, patrimoine architectural, patrimoine religieux, an dass am Fong hei d'Proprietairen absolut keng Responsabilitéit iwwerholl hunn, dat wëll ech hei ganz kloer an däitlech soen, par rapport zum Erhalt, zu der Valorisatioun, respektiv zu der Renovatioun vun dësem Gebai. Ech kéint mer virstellen, wann d'Gemeng Proprietär vun esou engem Gebai gewiescht wier an hätt dat esou verkomme gelooss, da wäre mer, mengen ech, hei ganz kloer geschleeft ginn.

Wéi gesot, d'Gebai ass esou verkomme gelooss ginn, dat heescht, 2001 war et schonns an engem schlechten Zoustand an 2015 war am Kader vun Artikelen iwwert d'Architektur en Artikel, wou d'Lëtzebuerger Land gemeet hat iwwert d'Elegius-Kapell, wou d'Journalistin schreift „Le bâtiment est dans un état piteux", dat war 2015, an si mécht am Fong eng Opzielung, wat alles schlecht um Gebai ass. Eh bien, 2024 huet den Zoustand vun deem Gebai sech sécherlech net verbessert, mä éischter weider verschlechtert, well, wéi gesot, de Proprietär an och no 2018 de Kierchefong sech weider net drëms gekëmmert huet. Dofir mengen ech vun hei aus ze soen, dass dat wierklech en Trauerspill ass, wéi et haut och ausgesäit par rapport zum Patrimoine awer, deen et duerstellt an och beim Patrimoine, wëssend, dass et e klasséiert Monument national ass. An dofir ass et och gutt, dass dann de Kulturministère hi gaangen ass, fir dann déi néideg ëffentlech Suen an de Grapp ze huelen, fir och dann eng Etüd kënnen ze maachen. Normalerweis wär dat d'Aufgab vum Proprietär gewiescht, dat ze maachen, quitte dass dann de fréiere Sites et Monuments, haut den INPA, en Deel vun dësen Etüde mat kofinanzéiert, mä et wier d'Aufgab gewiescht vum Proprietär.

Dat heite weist erëm, wéi deresponsabiliséiert sech de Proprietär fillt par rapport zu sengem Eegentum an Eegentum verflicht. An ech mengen, dat gesäit ee ganz kloer, dass dat hei, an deem Sënn net ëmgesat gouf, zemools wann et e Gebai ass, dat national klasséiert gouf. Dat par rapport zum Historique. Ech wollt awer e kuerzen Exkurs maachen, fir awer d'Gebai ze situéieren. Par rapport zu der Prozedur befanne mer eis hei am Gesetz vun 2018 iwwert d'Edifices religieux an, bon, natierlech, wou mer dee Courrier do kritt hu vum Kierchefong, do hu mer mol gemengt, et wier mol wichteg, eng Reunioun ze kréien am Kulturministère, fir och do mam INPA kënnen awer e bëssen ze diskutéieren, vu dass et jo klasséiert ass a vu dass natierlech och den INPA effektiv do mat responsabel ass, wat do ka gemeet ginn oder net ka gemeet ginn, onofhängeg ob elo d'Gemeng oder de Staat Proprietär gëtt.

An ech muss lech soen, dass déi Reunioun, an där mer do waren, ganz opschlossräich war. Et wat war immens skurril, muss ech soen, well engersäits si mer do an déi Reunioun komm, do war dann d'Presenz vum Kulturminister, vum Kierchefong, vum INPA an och vun der Stad Diddeleng a weeder de Kulturminister nach den INPA woussten, dass de Kierchefong eng Procédure de dégrèvement lancéiert hat. Dat heescht, do war d'Gemeng au courant, mä net de Ministère. Deem net genuch, de Kulturministère huet jo natierlech eng Etüd an Optrag ginn, fir dat Ganzt ze renovéieren, an ech mengen, Dir gesitt um Niveau vun der Statik, dass hei en Devis estimatif ass vu fënnef Milliounen Euro, fir nëmmen dat Ganzt ze renovéieren. Dat ass en Devis estimatif, herno lant ee vläicht éischter bei sechs Milliounen Euro, ouni iwwert d'Affektatioun dann ze schwätzen.

Op alle Fall war natierlech de Kulturministère a Possessioun natierlech vun där Etüd. natierlech hat och de Kierchefong Kenntnis vun där Etüd, mä d'Stad Diddeleng hat net offiziell Kenntnis vun där Etüd. Bon, do hu mir natierlech och ganz kloer do gesot, dass mir net wéilten d'Kaz am Sak kafen, dass mer gäre wéilte wëssen, wat d'Konditioune vun der Stee sinn a sécherlech och de Gemengerot d'Konditioune vun der Stee muss kennen an dass mer en possession officielle vun dëser Etüd, vun dëser Analys musse sinn, fir effektiv

och kënnen an de Gemengerot ze goen a fir eis och da kënnen ze prononcéieren, par rapport zu deem Delai, deen de Kierchefong eis ginn huet. An ech fannen et och schonn e bëssen awer respektlos vis-à-vis vun enger Stad Diddeleng, wann een an engem Courrier schreift vum 2. Abrëll, et hätt een en Delai vun dräi Méint, fir sech ze prononcéieren, ob ee gär wëll Proprietär ginn oder net, an et gëtt een deem, wou sech prononcéiere soll, mol d'Etüd net, wat d'Renovatioun ugeet. Also, och dat schwätzt Bänn vum Respekt vum Kierchefong vis-à-vis vun der Stad Diddeleng, obwuel si selwer deen Delai do festgesat hunn. Et ass keen Délai légal, well och d'Gesetz gesäit dat absolut guer net vir, d'Gesetz gesäit just vir, dass mer eis hei am Gemengerot solle prononcéieren, ob mer wëlle Proprietär ginn oder wëlle renoncéieren.

Wéi gesot, an där Diskussioun, déi mer haten, hu mer och eraushéieren, dass och op där anerer Säit de Kulturministère net ofgeneigt ass, Proprietär ze ginn, wann d'Gemeng renoncéiert, si och schonn deen een oder anere Projet am Hannerkapp hunn. Wat d'Notzung vun deem dote Gebai ugeet konnten si eis net am Detail soen, a wéi eng Richtung dat geet, mä et geet a Richtung vu kulturelle Projeten. Mir haten ee Moment och ugedeit, ob ee kéint eng Mëschfunktioun hunn, andeems de Kulturministère Proprietär ass a mir Locataire, mä si hu léiwer eng Situatioun, wou den, dee Proprietär ass, dann och d'Notzung virhëlt. Voilà, dat war déi Diskussioun, déi mer haten, an Dir hutt do och gesinn, an dat kann een och erausliesen, nodeems mer do déi Reunioun haten am Kulturministère, huet et och nach eng laang Zäit gebraucht, bis dann och de Kierchefong eis dann déi offiziell Analys zoukomme gelooss huet, fir dass mer dann hei dat Ganzt kënne preparéieren, fir och an de Gemengerot kënnen ze goen. An eis war dat awer och wichteg, an dat hu mir och gemeet, nodeems mer dann de 27. Juli d'Etüd kruten, wollte mer dann och den 2. Oktober zesummen d'Kapell awer och nach eng Kéier kucke goen, den Zoustand, an deem se ass, an ech mengen, den Zoustand vun der Kapell ass dat am Fong, wat och hei am Dossier vun HLG vun den Infiltratiounen, vu Fissuren, vun der Mauer, déi ofbréckelt, vum Bëton armé, deen an engem ganz, ganz schlechten Zoustand ass, vum Asbest, deen dran ass, dass och déi Renovatiounen an den Achtzeger Jore ganz schlecht gemeet och goufen, dass se purement cosmétique waren, also puer Kosmeetik. Also, et ass natierlech e groussen Challenge, dat dote Gebai engersäits ze renovéieren, fir dass et natierlech erëm der Salubritéit, der Securitéit entsprécht an dann dono an enger zweeter Phas e Projet och kënnen ze maachen.

Opgrond vun alleguerten deenen dote Consideratiounen, och mat där Visitt op der Plaz, mat där awer objektiver Analys an Etüd, déi mer hei virleien hunn, déi de Bureau d'études HLG fir de Kulturministère respektiv den INPA gemeet huet, si mir der Meenung, dass mer 2018 eis Responsabilitéit iwwerholl hunn, andeems mer Proprietär gi si vun der Eglise Saint-Martin, mä dass mer hei ganz kloer compte tenu vun alleguerten den Elementer, déi eis zur Dispositioun stinn, ganz kloer renoncéieren, fir Proprietär ze gi vun der Eligius-Kapell am Quartier Schmelz, an dass dann hei de Staat um Zuch ass fir engersäits dat ze renovéieren, respektiv dann och deem Ganzen eng Affektatioun ze ginn. A wann ech op där anerer Säit - an domat wëll ech da schléissen - och nach gesinn, dass wat déi Eligius-Kapell ugeet, de Kulturministère am Staatsbudget och schonn am Plan pluriannuel eng Rei Kreditter virgesinn huet, mengen ech, weist dat jo, dass deen sech scho méi staark domat ausernee gesat hunn, an der Eventualitéit och da wëll virgräifen, wéi gesot, wann e Proprietär gëtt, dass dann och dat Néidegt ka gemaach ginn, dass e sécherlech eng Zäit brauch, well hei dann, wann de Staat bis Proprietär gëtt, och Bâtiments publics wäert mat dru schaffen, ënner anerem. Voilà, dat war e bëssen, fir de Kader ze setzen, par rapport zu der Eligius-Kapell, par rapport zu där Demande, wou mer hei och saiséiert goufe vum Kierchefong, an elo ass et un lech, och Är Meenung ze soen, wéi Dir dat heite gesitt. Op alle Fall ass d'Propos vum Schäfferot, hei ze renoncéieren, fir Proprietär ze ginn. Merci. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Merci fir deen interessanten Historique. Mir deelen och Ären Echauffement, wat déi Peripele vun deem respektloser Zesummenaarbecht mam Kierchefong do ugeet. En interessanten Aspekt ass awer wierklech dee Wäert vun där Kapell an deem Quartier. Wéi Dir sot, ass effektiv do deen Interesseveräi Quartier Schmelz, deen ass 1987 gegrënnt ginn, an do koum direkt dee Projet do vun där Klack, an dat huet onheemlech vill Leit op de Plang bruecht do, wou bestëmmt net honnert Prozent Kierchegänger waren, mä dee Quartier hat eng Identitéit duerch déi Kapell an deen huet sech da geäussert duerch déi Klack. Den Här Farenzena huet an der Broschür geschriwwen „Seit eis Glocken gibt, gibt es auch Glockengegner" a vill Leit géife sech froen, huet den Interesseveräin näischt Besseres ze dinn ewéi eng Klack ze kafen, mä dat weist, déi Leit houngen un där Kapell an dat huet sech geäussert un där Klack an dat ass wierklech deen Aspekt, deen een net däerf vergiessen.

Dat hei ass awer e wäertvollt Gebai an et ass e wäertvollt Quartiereselement an et ass och dofir, wou et klasséiert ginn ass, well d'Krittäre vun der Klassifikatioun ware jo villfälteg an déi waren alleguer a mengen Ae justifiéiert an dat huet dann déi Kollaboratioun vum Interesseveräin do sou héichgespillt. An ech ginn lech awer ganz kloer Recht, mir hunn elo hei e Problem an dat ass effektiv, dat kann een net verneenen. Do ass leider déi Saach e bësse verkomme gelooss ginn an dat ass elo leider net méi réckgängeg ze maachen. A mir ginn och elo net no Scholdsaache sichen, mir sinn elo virun engem Gebai, wat baufälleg ass, wat e Sécherheetsproblem duerstellt, wat säin Déngscht gemaach huet an elo heescht et eeben, datt bescht draus ze maachen.

D'CSV hat an hirem Walprogramm geschriwwen „Mir wieren awer frou, wann déi Kapell erëm eng Kéier géif eng anstänneg Notzung kréien, well et wéilt een se net einfach esou verkomme loossen". An si ass awer um Punkt, dass se bal vum selwen zerfält. Et ass ee Saz, dee mer e bësse wéigedoen huet, dat ass dee leschte Saz am Enoncé, d'Gemeng hätt awer och wierklech keng Notzung fir dat Gebai fonnt. Dat ass vläit

elo bëssen ze vill einfach ausgedréckt, vläit hat dat net méi Plaz am Enoncé, fir dat kënnen e bësse méi ze ënnermolen, mä ech mengen, et géif ëmmer Utilisatioune fannen an deem Quartieren NeiSchmelz, do kann een alles mat esou engem Gebai maachen, Proufsäll, e Jugendhaus, e Schmelzmusée oder sou, awer et ass warscheinlech am Kontext ze gesinn, well Dir sot, wa mer net de Proprietär wëlle ginn a mer wëllen och d'Restauratioun net stemmen, dann ass dat net méi eise Problem, wat aus der Kapell gëtt. An et ass effektiv, wéi Der sot, wat d'Poar ugeet, neen, dat ass jo net d'Poar, et ass elo e Krack méi héich no uewen, an den ieweschte Gefilde vun de reliéise Strukturen hei am Land, wou da gesot ginn ass, mir wëllen se net, mir packen dat do net. Et ass eng Decisioun, déi muss een dann eeben unerkennen. Anersäits, wann Der elo sot, do gëtt et eng Lueur à l'horizon fir dass de Kulturminister géif déi Saach iwwerhuelen, dat wier lo deen nächste Schrëtt.

Wann de Gemengerot elo hei seet, mir wëllen se net, da geet et un de Staat. Wann de Staat se dann awer och net wëllt, da si mer e bësse blöd drun, well da weess kee méi, wat soll dermat sinn. An da gëtt et nach déi lescht Méiglechkeet. Et kann een esou e Monument jo och erëm eng Kéier entprotegéieren an da muss ee vläicht hei elo am krasseste Fall mat enger Depollutioun rechnen oder esou, mä eis läit awer ganz vill drun, dass dat Gebai erhale gëtt an dann hoffe mer elo, dass mer kënnen eis Hoffnungen op de Ministère setzen, dass deen déi Saach ka viruféieren. An et ass ganz kloer, dat hei ass einfach ze deier, et ass ze vill drun ze maachen an et ass ze vill verkomm, do ginn ech lech komplett Recht, an ech sinn der Meenung, mir si jo schonn elo net grad déi räichst Gemeng am Land hei. Bei de leschte Budgetsdiskussiounen hu mer ëmmer gesinn, dass mer et awer hei net méi esou einfach hunn, dass d'Beem net an den Himmel wuessen, dass mer vill Projeten ugepaakt hunn a mussen elo mol kucken, déi ze stemmen. An da kucken ech hei eriwwer op d'Kierch Saint Martin, do hu mer jo awer wierklech e preziéise Bijou an dat ass gutt, dass d'Gemeng do Proprietär ass a déi bleift och derhannert, déi léisst dat net verkommen, do si mer eis ganz sécher.

Wann ech elo zum Beispill kucken, dat Evenement vu gëschter, fir honnert Joer Freske vum Lothar Becker, wat mer do fir e formidabele Concert hate vum Chœur de Chambre vun Namur, dat war en herrlechen Event an dat stäerkt d'Leit alleguer an der Iddi, déi Porkierch, dat ass nu wierklech awer eppes, wat eis Haaptustrengunge soll kréien, an duerfir géif ech och mengen, Sue géif ech op kee Fall an eng Eligius-Kapell stiechen, mä éischter weiderfuere mat der Restauratioun vun der Porkierch, wéi mer se virun zwou Joer ugeholl hunn a wéi mer jo och wëssen, wéi se net fäerdeg ass. Also, mir deelen do vollkommen Är Opfaassungen, mir verstinn Är Astellung zu deem Non-respect, deen eeben do war, a mir hätten eis grad esou opgereegt doriwwer, an dat soll awer elo keng Trotzreaktioun sinn, wat hei ass, mä ech mengen, hei gëtt op niichtere Krittären decidéiert. Déi Restauratioun ass einfach une mer à boire, dat packt kee Mënsch, de Staat vläit, well deen huet nach aner Moyene wéi eng Gemeng, a mir sollen eis do elo net drop versteiwen, fir esou eppes wëlle matzedroen, an dass mir dann net wëlle Proprietär ginn, dat kënne mer voll novollzéien. An do sti mer och voll derhannert. Mä amplaz dovu wier et awer flott, wa mer erëm esou lues virukéime mat der Restauratioun vun der Eglise Saint-Martin. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Gangler, d'Madamm Ahmedova huet d'Wuert.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Et sinn effektiv scho vill interessant Elementer ugeschwat ginn, déi och souzesoen e bësselchen an eis Richtung ginn. Ech mengen, hei ass e Projet, wou mer zwee Voleten hunn. Eng Kéier de Volet vum Gebai selwer an eng Kéier, wat wëlle mer doraus maachen? Jo, Dir hutt d'Stéchwuert virdru gesot. Ech weess nach, wou mer an der Lokalsektioun souzen an ech vun dat Gebai geschwäermt hunn, hunn ech effektiv och „avangardistescht Gebai" gesot an ech hunn och vum Le Corbusier geschwat a Beispiller aus där Zäit uginn, fir einfach déi Schéinheet vum Gebai besser ze erklären, well haut, effektiv, wann ee virum Gebai steet, kann ee sech dat net onbedéngt sou richteg virstellen, wéi et kéint ausgesinn, wann et renovéiert gëtt. An ech verstinn och d'Leit, déi soen, bon, dat ass eppes, wat mer absolut net brauchen. Dat ass awer elo net, eis Astellung. A mir hunn hei effektiv och eng Perle rare. An, dofir muss een dat Bescht draus maachen, fir dat esou gutt wéi méiglech ze preservéieren.

Ech muss och nach eng kleng Parenthèse maachen. 2004 hunn ech meng Aarbecht iwwer d'Sauvegarde vum Patrimoine op der Uni iwwer déi Kierch do geschriwwen. An déi war schonn deemools - 2004 hat ech eng Visite dovunner gemaach - déi war do schonns an engem delabréierten Zoustand. Dofir wëll ech guer net wëssen, wéi et haut do ausgesäit zwanzeg Joer méi spéit. Also, et si vill Elementer, wéi ech virdru gesot hunn, vum Gebai selwer. Et ass natierlech en immens interessant Gebai, och architektonesch gesinn, och strukturell gesinn, och einfach, wéi de Bëton ausgeschafft gouf vun deemools, et ass wierklech interessant. Deen anere Volet ass, wat kann een domadder maachen? A mir hunn effektiv e Brainstorming gemaach, fir lech Iddie mat op de Wee kënnen ze ginn. Et kéint een zum Beispill - op NeiSchmelz kënnt geschwënn déi Danzschoul - et kéint een eng Annex domadder maachen an och Danzcoursen domadder maachen, Chant oder Chorale, jonk Bands, déi vläicht an der Le'h net genuch Plaz hunn, kann een och mol dohinner schécken.

Et war och ugeduecht, vläicht eng Galerie fir lokal Kënschtler an dann awer - an Zukunft kënnt jo déi Salle polyvalente do niewendrun - an dat, wat mer am Fong hei zu Diddeleng net wierklech hunn, dat ass eng Plaz, wou ee kéint laizistesch Hochzäite feieren. An dat Gebai eegent sech perfekt fir esou eppes, well et ass net eng Kierch am übleche Sënn - et si jo net iwwerall Kräizer an reliéis Zeechen - mä da kann een awer esou eng laizistesch Zeremonie do maachen a wann d'Salle polyvalente niewendru kënnt, kéint een dann hier niewendru feiere goen. Dat wier mol een Iddi.

Fir weider Elementer ass et esou, et ass effektiv deier. Mä wann een awer mam Kulturministère schwätzt oder och mat der INPA, et ass eng Estimatioun vu fënnef Milliounen Euro, mä wann d'Gemeng dat géif kafen, ass et effektiv esou, datt mer op d'mannst fofzeg Prozent géife kréien. A wann de Minister de Projet als interessant betruecht, kéint ee souguer méi héich goen. An, op Basis vun där Etüd, déi mer am Moment virleien hunn, kéint souguer d'INPA am Moment ausrechnen, de Prozentsaz vun de Hëllefen, déi mer kéinte kréien.

En anert Beispill, fir lech dat Ganzt méi schmackhaft ze maachen, dat ass déi Kierch zu Lasauvage, déi ass och desakraliséiert ginn. Kleng Parenthèse och: Ech hu gekuckt an ech hu gesicht an effektiv konnt kee mer soen, ob et elo schonn desakraliséiert ass oder amgaangen ass, desakraliséiert ze ginn. An zu Lasauvage hu mer da genau dat gemaach an elo gi sämtlech Eventer do organiséiert, Stéchwuert Sainte Barbe heescht, mengen ech, déi Kierch, déi do ëmgebaut gouf. Also, mir rejoignéieren lech, datt et effektiv kee bëllege Projet ass. Mir verstinn all déi Suergen an déi Ängscht, déi Der hutt. Dat ass och richteg. Mä vläit, wa mer op de Wee ginn, fir et wierklech dem Staat ze iwwerloossen, kéinte mer iergendwou ganz kloer rout ënnerstrach festhalen, datt et soll wierklech renovéiert ginn an datt eppes domadder gemaach gëtt. Ech soen dat, well zu Rëmeleng hu mir Kalkiewen, déi souzesoen dem Staat gehéieren an déi elo an enger Ruin broochleien. An dat ass eppes, wat immens schued wier, wann dat mat eiser Kapell hei zu Diddeleng géif geschéien, aus deene bekannte Grënn, déi Dir scho virdru gesot hutt an ech och. Voilà, Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova. D'Madamm Thoma, dann den Här Meyer.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci, Här Buergermeeschter. Ech war elo e bëssen duercherneen, dass déi Gréng hei den Erhalt vun eisem reliéise Patrimoine méi verteidegt hunn ewéi d'CSV. Ech hu mech missen eng Kéier unhalen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Les temps changent, les temps changent.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Also, Dir wësst, dass 2018 déi Lénk net dermat d'accord ware mat der Decisioun vum Schäfferot, fir d'Sainte-Martins-Kierch ze iwwerhuelen, well mir eigentlech wierklech gär gehat hätten, dass dat propper getrennt gi wier. Do ginn ech elo net am Detail drop an, mä an dësem Punkt si mer awer ganz mat der Decisioun vum Schäfferot d'accord. Ech hu misse laachen, den Här Buergermeeschter huet gesot, den Terrain plus d'Realisatioun, dat waren ëm déi véier Komma siwe Millioune Lëtzebuerger Frang an elo deen Devis hei, dee mengen ech net iwwerdriwwen ass, ass dat selwecht an Euro. Do gesi mer schonns, wou mer landen. Also, d'Fondatioune sinn net gutt, de Bëton ass net gutt, d'Statik ass net gutt, et ass Asbest dran, et ass katastrophal am Fong an ech mengen, en Deel dovunner kléngt esou wéi wann et schonn ursprünglech vläicht net ganz gutt geplangt gi wier, mee et ass mat Sécherheet iwwert all d'Joren net besser ginn a mir sinn och ganz domadder d'accord, dass mer einfach déi Sue fir dat doten elo de Moment net hunn. Mir sinn och immens frou, wann dann de Ministère dat iwwerhëlt a wann déi och scho schéngen Iddie vun engem Projet ze hunn, da si mer sécher, dass dat eppes ganz Flottes gëtt an da si mer mol gespaant, wat se sech iwwerluecht hunn.

An dat alles si ganz niichter Krittären, wéi den Här Gangler et gesot huet, mä ech wëll awer op d'Schold-fro agoen, well eng Institutioun wéi d'Kierch, déi nëmme vu Schold an Ierfschold an esou schwätzt, déi kann sech awer dann och virgeheie loossen, wann an enger Etüd steet, et wär e „Manque d'entretien", et wär eng „Suppression de travaux nécessaires pour cause budgétaire" an e „Maquillage des pathologies". Also, se si wierklech méi wéi respektlos mat deem dote Patrimoine ëmgaangen an ech fannen, da kann een dat och esou soen an och wann dat elo näischt méi un der Situatioun ännert. Wéi gesot, mir ënnerstëtzen d'Decisioun vum Schäfferot a mir si frou, dass de Ministère déi Responsabilitéit iwwerhëlt, déi aner Institutiounen net iwwerhuelen, a freeën eis dann op dee Projet, dee mer da warscheinlech iergendwann eng Kéier virgestallt kréien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma, den Här Meyer huet d'Wuert.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, ech fannen et ganz schued, dass de Kierchefong dat Gebai sou verfale gelooss huet. An a mengen Aen ass dat, wat d'Renovatiounen ugeet, e Faass ouni Bueden. An ech si ganz frou, dass de Schäfferot decidéiert, fir dat net ze huelen an souguer wa Eis géifen en Euro gi fir ze huelen, misste mer trotzdeem haart bleiwen a soen, nee, dat do, dat kann einfach net sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer. Sinn nach weider Stellungnamen?

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Villmools Merci fir dee ganze Générique mat all deenen Datumen. Dat ass immens interessant a virun allem ass et immens interessant, well 2001 d'Gemeng wollt Proprietär ginn. Et sinn dräianzwanzeg Joer hier, dat heescht et huet dräianzwanzeg Joer gedauert, bis dann endlech de Kierchefong d'Saach wollt lassginn a lo, no dräianzwanzeg Joer, kréie mer da fir en Euro, e symboleschen Euro, an et ass an engem Zoustand, dee katastrophal ass. D'Gemeng huet scho missen viru Joren Saachen ënnerhuelen, fir dass déi Leit, déi ënnen um Parking oder duerch de Park gaange sinn, net grad erschloe gi si vu Saachen, déi eroffale vun uewen. An och do war nach ëmmer net d'Bereetschaft do fir datt se déi Kierch ewechginn, mä nee, komm mir waarden nach e puer Joer an elo wou se rotze-, rotze-, rotzefaul ass, wëlle mer se net halen. Ech fannen et traureg, zumools dat vun enger kathoulescher Kierch, mä bon, da gesäit een halt, wéi se mat gewëssse Wäerter heiansdo ëmginn. Mir ënnerstëtzen absolut d'Decisioun vum Schäfferot fir dëst Gebai net ze iwwerhuelen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Gëtt et nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Gutt, da soen ech villmools Merci deene Parteien, déi sech geäussert hunn. Ech hu virdrunner eraushéieren, dass se effektiv hannert dem Schäfferot stinn. Bei enger Partei war ech mer net sou sécher, wéi eng Richtung et geet, ob se sech op béide Säiten opléist, wéi se zou wëll schloen oder wéi sech wëll positionéieren. An der Argumentatioun vun deene Grénge hunn ech net richteg eraushéieren, wou Der hi wëllt. Ech fannen, dass et e staarkt Stéck ass, insgesamt. Dass, wann een e Patrimoine verkomme léisst, do d'Responsabilitéit net iwwerhëlt -elo kann een iwwer de Wording, Responsabilitéit, Schold schwätzen -mä dann awer gären hätt, dass anerer d'Responsabilitéit sollen iwwerhuelen, fir hei de Patrimoine ze renovéieren. Ech fannen dat, insgesamt vun der Astellung hir e ganz, ganz staarkt Stéck. Ech mengen, dat ass e bëssen d'Aféierung, déi den Här Gangler gemeet huet.

Bon, wat natierlech och déi zukünfteg Affektatioun ugeet, ma och natierlech déi Zäit, mer lo hate mat deenen Donnéeën, déi mer hunn. Ech muss awer och ganz éierlech soen, wa mer - an der Hypothees - proposéiert hätten, hei Proprietär ze gi vun deem dote Gebai, an ech soen, an der Hypothees, dann hätt de Gemengerot awer och hei de Schäfferot gefrot, wat hutt Dir mat deem dote Gebai wëlles, a wat kënnt do zousätzlech op eis duer an enger zweeter Etapp, wa mer iwwert d'Affektatioun schwätzen, an da kann natierlech a vill Richtunge goen, et kann eppes méi Schwiereges ginn, wat d'Affektatioun ugeet, respektiv d'Renovatioun bannen en vue vun der Affektatioun oder och eppes ganz Einfaches sinn, mä schonn nëmmen de Volet Renovatioun u sech, mengen ech, deen ass schonn zimmlech héich.

Wann hei, an d'Gesetz gesäit dat esou vir, d'Gemeng renoncéiert, Proprietär ze ginn, da muss de Staat Proprietär ginn. Et ass am Gesetz esou och virgesinn. An, wann et an eng Richtung zum Beispill géif goen, well Dir hat dat dee Moment ernimmt, Här Gangler, wann op eemol eng Demolitioun do géif stattfannen, da misst jo natierlech de Volet vum Monument national opgehuewe ginn. An dat wär an dëser Situatioun, éischter net, well da muss ee jo och géigenargumentéieren, firwat et net méi Monument national soll sinn, wann een argumentéiert huet, firwat et Monument national soll ginn.

Par rapport zu den Ausféierunge vun der Madamm Ahmedova, bon, si huet et eng Rei Opzielunge gemaach, wat zukünfteg Affektatioune sinn. Eh bien, ech wëll hei soen, et ass kee Wonschconcert. Wann de Proprietär de Staat bis ass, dann decidéiert awer och de Staat als Proprietär, wat en do wëll maachen. Dir hutt hei eng Rei Besoinen opgefouert oder Wonschconcerten, Opzielungen, wéi eng Affektatiounen dem Charakter vun der Stad Diddeleng méi Rechnung droen, sief et fir Zeremonien, sief et Galerie fir jonk Kënschtler, mä ech mengen, de Staat ass Proprietär an de Staat decidéiert dann och, wat dra kënnt. Ech schléissen hei net aus, dass mer och mam Staat dann eng Diskussioun féieren herno, awer iergendwéi Richtung, wat e wëlles huet, ech mengen, dat schléissen ech net aus, mä et ass net, wéi wa mir elo hei Proprietär géifen oder als e Proprietär géife soen, wat d'Affektatioun ass. Sou leeft d'Welt awer net. Mir kënne sécherlech Diskussioun féieren, wat dohinner kënnt an da kucken, ob de Staat och deem an iergendenger Aart a Weis Rechnung dréit.

An da wëll ech awer soen, an déi Diskussioun hate mer, an da si mer jo awer e bësse paff, wann hei gesot gëtt, dass mer bis zu fofzeg Prozent kréien. Also, ech kennen e rezent Beispill, an dat ass d'Sankt Martinskierch, et ass ëmmer esou deen Taux d'affichage, Dir kritt bis zu fofzeg Prozent beim Monument national. Bon, mir sinn net bis op fofzeg Prozent komm bei der Renovatioun an hei bei der Eligius-Kapell. Et ass ëmmer déi klassesch Diskussioun, déi de Staat virféiert, d'Argumenter sinn ëmmer gebetsmühlenarteg geholl ginn, Dir kritt jo fofzeg Prozent beim Logement, Dir kritt jo fënnefasiwwenzeg Prozent, also esou einfach ass et och net, wëll ech hei soen, d'Realitéit ass awer ganz kloer eng aner. D'Realitéit ass éischter déi, dass een net un déi fofzeg Prozent kënnt wéi dass een un déi fofzeg Prozent kënnt.

An nach, mengen ech, wa mer se hypotheetesch gesi géife kréien, ass et nach mengen ech en décke Montant, deen awer d'Stad Diddeleng misst hei op den Dësch bréngen, fir effektiv déi heite Renovatioun. Voilà, dat gesot hunn ech awer hei eraushéieren, dass awer de Gros hannert där heiter Renovatioun steet an, wéi et richteg och gesot ginn ass, ass et och gutt, dass mer d'Etüd hei virleien hunn, well mir sinn hei elo net revanchard, loin de là, ech mengen, mir hunn elo ganz kloer hei Krittäre virleien, eng Etüd virleien, eng Analys virleien, vun engem agreéierten Ingenieursbüro, deen eis ganz kloer seet, wann Dir géif Proprietär ginn, da geet d'Rees dohinner an et ass haut un eis, ze decidéieren, ob mer déi Rees wëllen untrieden oder net.

Ma hei ass d'Propos, dass mer déi dote Rees an deem Sënn als Proprietär net wëllen untrieden. Voilà, dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mer dann zum Vott iwwerginn an da géif ech mol d'Fro esou formuléieren: Wien ass domadder averstanen, dass mer als Stad Diddeleng renoncéieren, fir de symboleschen Euro Proprietär ze gi vun der Elegius-Kapell? ***Dat ass dann unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci an da gi mer op den nächste Punkt iwwer, dat ass den Urbanismus.

7. URBANISMUS

7.1. Tiny Houses

Lancéiere vun der Prozedur fir eng punktuell Modifikatioun vum Allgemenge Bebauungsplang (PAG) vun der Stad Diddeleng – schréftlechen Deel vun enger Rei Artikele fir den Amenagement vun Tiny Houses ze erméiglechen [Dossier 6]

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ënner dem Punkt „Urbanismus" geet et als éischt mol ëm d'Modifikatioun vum PAG, vun der Partie écrite, eng Rei Artikelen, fir - am Franséische sinn dat - habitations légères, ze erméiglechen an am lëtzebuergesche Sproochgebrauch oder am englesche Sproochgebrauch sinn et déi sougenannten Tiny Haiser. Duerfir begréissen ech hei an eiser Ronn d'Madamm Tania Dutriaux, Urbanistin, vum Büro Zeyen & Baumann, eis Architektin Cathy Mambourg, an och de Christophe Carreira aus dem Service Structures et Domaines. Mir hunn deen heite Punkt haut um Ordre du jour. Haut wëlle mer jo dann am Gemengerot am Kader vun den Diskussiounen, déi mer hunn, d'Prozedur ulafe loossen, fir dann de PAG ze änneren, fir eng Modification ponctuelle ze maachen, fir dann eeben Tiny Haiser hei zu Diddeleng ze erméiglechen an iwwert deen dote Wee eis dann e Kader ginn, wou a wéi an ënner wéi enge Konditiounen et méiglech ass, an et muss een awer och soen, dass mer duerch dës Prozedur eng weider nei Wunnform erméiglechen, nodeems mer jo 2022 mam Akraafttriede vun eisem neie PAG do schonn eng éischt nei Wunnform a Wunnméiglechkeet geschafen an och erméiglecht hunn.

Dat war am Fong déi éischt Etapp, ech schwätzen hei vum Logement intégré, vun der Einliegerwunneng, dat war 2022 an och am neie PAG déi éischt Etapp, déi mer gemeet hunn. An ech mengen, et muss ee jo soen, dass dat och e Projet war, qui est passé comme une lettre à la poste, wéi d'Fransouse soen, wou mer och net weider grouss Geriichtsprozesser haten a Geriichtsurteeler, wéi et mol an där enger oder anerer Gemeng och de Fall war. Hei ass dat ganz gutt gelaf an haut si mer also prett, déi zweet Etapp, respektiv, dann d'Prozedur ze lancéieren, fir d'Tiny Haiser och ze erméiglechen. Virun allem déi éischt Iddie sinn och schonn am Laf vun 2022 opkomm, wéi mer ronderëm d'Ausschaffung vum neie PAG och amgaange waren. Mä bon, et muss ee soen, dass mer do, wéi gesot, nach net prett waren. Uganks 2023 hat den Inneministèrë e Règlement-type ausgeschafft an effektiv, war en och do amgaang, en huet och annoncéiert, dass en dat géing maachen, da géife mer eis dorunner inspiréieren an du hu mer och natierlech decidéiert, dass mer natierlech géifen ofwaarden, bis mer dat Reglement och virleien hunn. Dat ass och am 2023 komm, awer och mat engem Guide de mise en oeuvre, wéi een sech soll a kann als Gemeng orientéieren, fir déi Tiny Haiser op sengem Territoire dann och ëmzesetzen.

An dofir hate mer jo och en Aarbechtsgrupp agesat, eise Groupe de travail ronderëm de PAG. An deen huet sech och dräimol getraff, fir wierklech de manière dédiée sech ëm d'Tiny Haiser ze bekëmmeren. An dofir och vun dëser Säit aus awer och nach e ganz, ganz grousse Merci hei un d'Kolleeginnen a Kolleege vun deem Groupe de travail, well ech fannen, dass mer do e gudden Input haten, och gutt Diskussiounen hate fir deen Dossier och sprochräif a sprochbereet ze maachen, fir och dann de Gemengerot dermat ze befaassen. An nieft den Diskussiounen, déi mer haten, hate mer och selwer eng Visite gemaach vun Tiny Haiser, ee Projet zu Stroossen an een zu Duelem, wou och d'Presidentin vun der Tiny House Community wunnt. An do hate mer natierlech och e ganz interessanten Echange op deenen zwou Plazen, fir och do d'Best Practices erauszehéieren, well mer jo och net hei zu Diddeleng an deem Sënn och d'Rad wëllen nei erfannen.

De Moment hu mer eraushéieren, dass nieft der Gemeng Stroossen, déi scho säit dem Mee 2024 Texter huet, déi en vigueur sinn, de Moment a kenger anerer Gemeng d'Prozeduren um Niveau vun der Modifikatioun vum PAG lafen, fir dat heiten ze verwierklechen. Dat heescht, mir sinn am Fong déi zweet Gemeng, déi dat heite mécht, quitte, dass aner Gemenge schonns ugeklappt hunn, fir ze kucken, wéi eng Prozedur leeft, mä aktuell an der Prozedur si mir dann elo, wéi gesot, déi zweet Gemeng. Natierlech, nieft der Modification ponctuelle vum PAG hu mer awer och parallel eng Modifikatioun vum PAP Quartier Existant gemaach fir eng Mise en procédure. Ech mengen, dat maache mer dee selwechten Dag, mä dat ass ënnert der Responsabilitéit vum Schäfferot. Dir hutt och den Dossier kritt, fir lech awer z'informéieren, dass déi Prozedur parallel och leeft an d'Upassunge vum Règlement sur les bâtisses wäerte mer natierlech nom Vott och maachen. Dat e bësse par rapport zum Kader.

Natierlech hu mer och Plazen erausgesicht, wou mer dat kënnen erméiglechen, et ass an den Hab 1 an 2 an der Zone mixte urbaine, an der Zone Bâtiment d'équipement public an och am Secteur protégé, wou mer dat och kënne maachen a mir hunn och de Kader festgehalen, dass se natierlech ënnert verschiddene Konditioune kënne gemaach ginn, also, et dass jo e Maximum vu fofzeg Meterkaree, och ass an dass et ënner verschiddene Konditiounen och erméiglech ass, en deuxième position en Tiny House och ze erméiglechen, wat haut klasseschierweis net de Fall och ass. Voilà, dat e bëssen, fir de Kader ze setzen zu den Tiny Haiser. Mir hunn natierlech och, wa mer eng Modification ponctuelle vum PAG maachen, musse mer och eng Ëmweltimpaktstudie maachen. Déi hu mer ugefrot beim Ëmweltministère, mir hunn eng Dispense kritt, dass mer dat net brauchen ze maachen.

An, wéi et natierlech och virgesinn ass, wa mer hei d'Modification ponctuelle vum PAG maachen, musse mer och eng Prozedur lancéieren, fir en Aushang ze maachen an och fir eng Informatiounsversammlung ze maachen. Déi wäert viraussiichtlech de 27. November sinn, owes wäerte mer déi hei ofhalen, wou dann natierlech och de Public kann heihinner kommen an och déi néideg Erklärunge ka kréien, par rapport zu dëser Modification ponctuelle, fir d'Tiny Haiser ze erméiglechen. An ech géif awer elo hei och ganz gären der Madamm Dutriaux d'Wuert ginn, well och de Büro Zeyen & Baumann eis déi ganzen Zäit jo och begleet huet bei deem heiten Dossier, fir iech am Detail och e bësse méi prezis, déi néideg Modifikatiounen ze erklären, déi mer engersäits am Kader vum PAG virgesinn hunn, awer och vläit e klenge Liichtbléck op de PAP, well déi zwee awer liéiert sinn, och wann d'Kompetenzen anerer sinn an de Gemengerot haut mat der Modification ponctuelle vum PAG befaasst ass. Dofir ginn ech gären d'Wuert weider un d'Madamm Dutriaux. Merci.

TANIA DUTRIAUX (URBANISTIN VUM BÜRO ZEYEN & BAUMANN): Merci. Comme l'a précisé le bourgmestre, la modification du PAG relative aux Tiny Houses, les habitations légères, s'inscrit réellement dans la continuité de la publication qui a été faite par le Ministère de l'Intérieur en 2023 et qui reprenait tout une proposition de règlement-type à destination des communes pour favoriser l'implantation des habitations légères au sein de leur territoire. Nous, on est partis de ces propositions de règlement et avec le groupe de travail on a beaucoup échangé, on est arrivés à quelques conclusions, donc je vais d'abord repasser sur les conclusions du groupe de travail et ensuite je vous montrerai directement ce que cela implique pour le PAG et surtout pour la partie écrite.

Une des premières conclusions du groupe de travail était que, oui, il fallait autoriser les habitations légères dans la commune, que les habitations légères peuvent être réalisées par tout type de maître d'ouvrage, c'est-à-dire autant des porteurs privés, donc des particuliers, que des porteurs publics, donc la commune, des administrations étatiques, des promoteurs publics. Donc, cela ouvre aussi les champs des possibilités à plusieurs personnes. Il a aussi décidé d'utiliser les habitations légères uniquement dans les zones d'habitation 1, qui sont principalement destinées aux maisons unifamiliales, dans les zones d'habitation 2, elles principalement destinées à la construction de maisons plurifamiliales, dans les zones mixtes urbaines qui ont un tissu mixte comme la définition le précise, et dans les zones de bâtiments et d'équipements publics.

La seule précision apportée ici, c'est que les Tiny Houses qui seraient réalisées dans une zone de bâtiments et équipements publics peuvent uniquement être réalisés par un portage public. Donc soit une commune, une administration étatique ou un promoteur public. Donc, c'est aussi une sorte de garde-fou pour éviter que des projets de Tiny House pas forcément souhaités par la commune soient réalisés sur des zones BEP, qui ne leur appartiendraient pas. Ensuite, par rapport à la localisation au sein de la commune, l'idée s'était d'autoriser donc une habitation légère en supplément d'une habitation existante, donc d'une maison unifamiliale existante, ou alors sur des parcelles libres, donc des Baulücken, auquel cas on pourrait installer deux habitations légères. Donc, quand il s'agit d'une parcelle déjà construite, on permet dans ce cas d'autoriser une habitation légère, soit en supplément d'habitation unifamiliale, mais pas en plus d'un logement intégré, donc c'est soit l'un soit l'autre. Soit on aménage un logement intégré en supplément de la maison existante soit on aménage une habitation légère.

Pour les parcelles libres, l'idée est quand même d'autoriser des lotissements pour pouvoir réaliser des habitations légères, mais encore une fois, on a voulu inciter et mettre un garde-fou pour éviter de rendre inconstructibles par la suite des parcelles trop petites, qui seraient générées à cause de lotissements. Donc, dans ces cas-là, le lotissement, il est permis à la seule condition de pouvoir permettre par la suite la réalisation d'une habitation traditionnelle. Donc, on ne peut pas lotir une grande parcelle en une multitude de petites parcelles si, par la suite, on ne peut pas prouver qu'on peut y installer un projet de maisons classiques. Ensuite, il a été aussi convenu qu'on pouvait autoriser des habitations légères dans les secteurs protégés, mais bien sûr, tout en respectant les prescriptions qui sont relatives aux bâtiments à conserver et aux gabarits à préserver.

Pour ce qui est des PAP, donc, dans la commune il y a une quinzaine de PAPs approuvés. Là encore, il a été décidé de pouvoir autoriser des habitations légères dans certains PAP approuvés, uniquement sur des terrains qui sont déjà viabilisés et qui permettent, dans le règlement du PAP, une fonction d'habitation. Donc, ça, ça veut dire, que si un PAP approuvé a des terrains qui sont encore libres, mais qui sont destinés dans le PAP à un parc public, par exemple, on ne pourra pas aménager d'habitation légère. C'est uniquement pour des terrains qui sont vraiment déjà destinés à la base pour du logement. Et dernier point par rapport à la localisation des habitations légères, c'est aussi, autorisé d'aménager des Tiny Houses dans des PAP Nouveau Quartier, mais là uniquement, ce seraient des projets qui seraient portés par un maître d'ouvrage public. Donc, la commune pourrait dire, OK, là on a un PAP, il ne sera pas réalisé avant 15-20 ans, donc l'idée, ce serait d'avoir un projet temporaire en attendant et de pouvoir aménager des, des habitations légères dans l'attente d'avoir un PAP développé et puis mis en procédure et approuvé. Donc, là, c'est vraiment pour favoriser une utilisation transitoire des terrains qui sont disponibles et répondre en parallèle à une demande.

Ensuite, pour tout ce qui est plutôt prescription à proprement parler, donc l'habitation légère, comme je l'ai déjà dit tout à l'heure, elle est vraiment assimilée à la maison unifamiliale, donc cela veut dire qu'elle appartient au même propriétaire que la maison unifamiliale située sur la parcelle sur laquelle elle se situe. On ne peut donc pas installer une habitation légère au fond de son jardin et la vendre à un autre propriétaire. On en garde la propriété, c'est vraiment la même logi-

que que pour le logement intégré.

L'habitation légère, elle est évidemment exclusivement réservée à l'habitation, donc, là aussi on ne peut pas installer un bureau, un service de proximité ou alors la dédier au tourisme. Cela doit vraiment être exclusivement pour de l'habitation. Pour les habitations légères, on a aussi réfléchi longuement à la clé de stationnement et il a été décidé de prévoir un emplacement de stationnement uniquement sur les habitations légères aménagées sur des Baulücken. Et là, c'est la première fois dans le règlement, on prévoit un maximum, mais pas un minimum. Par contre, il y a aucun emplacement de stationnement pour les habitations légères aménagées sur une parcelle occupée par une maison unifamiliale. Donc, c'est la même logique que le logement intégré.

Ensuite, cela ne concerne pas vraiment le PAG, mais plus la partie écrite du PAP Quartier Existant, il y a certaines prescriptions qui sont naturellement adaptées pour correspondre aux spécificités d'une habitation légère qui n'a pas la même hauteur et le même gabarit qu'une maison traditionnelle, donc une maison unifamiliale. Et là, on a adapté certaines prescriptions dans les différents règlements. Donc, toutes ces conclusions ont un impact évident sur les parties écrites PAG, PAPQE et RBVS et là, à l'écran, vous voyez un peu à quoi pourrait correspondre d'implantation des habitations légères dans la commune.

On voit bien sur les trois premières images, de gauche à droite, qu'une habitation légère est permise à la fois dans un recul avant, un recul latéral et un recul postérieur sur une parcelle sur laquelle il y a déjà une maison unifamiliale d'implantée, sous condition de toujours respecter un recul par rapport à la maison existante, mais aussi un recul par rapport aux limites de la propriété. Pour le cas où l'habitation légère serait aménagée dans le recul postérieur, il faut aussi garantir un accès piéton d'une largeur de un mètre cinquante au minimum, depuis la voie desservante. Donc, ça veut dire qu'on ne pourrait pas aménager une habitation légère dans un recul arrière dans une maison en bande, par exemple. Et là, on voit aussi à l'écran que, pour les Baulücken, on peut permettre au maximum deux habitations légères et il y a toujours cette logique de recul qui s'applique, donc, entre les constructions et avec les limites de propriété.

Tout ça est traduit dans les parties réglementaires du PAG. L'idée était de modifier les quatre premiers articles de la partie écrite du PAG, donc, de modifier les affectations dans la Zone d'habitation 1, la Zone d'habitation 2, la zone mixte urbaine et la zone de bâtiments et d'équipements publics, pour autoriser spécifiquement les habitations légères. Suivant la rédaction des textes initiaux, on l'a soit précisé dans le texte soit on a supprimé la notion de logement intégré puisque ça avait un sens avec les habitations légères. Donc, vous voyez, la Zone d'habitation 1 et la Zone d'habitation 2, on a précisé, donc dans le deuxième alinéa « y sont exclusivement admis également des logements intégrés, des habitations légères ». Dans la zone mixte urbaine, on a supprimé « un seul logement intégré autorisé par maison unifamiliale » puisque l'alinéa précédent précise « y sont exclusivement admises des habitations et une habitation légère et un logement intégré sont des habitations ».

Pour l'article 4, zone de bâtiments et d'équipements publics, donc là encore, on a précisé que des habitations légères pouvaient être admises en plus de tout ce qui est admis dans la zone de bâtiments et d'équipements publics en principe. Ensuite, on a modifié l'article 20 dédié aux emplacements de stationnement et on a défini une clé de stationnement spécifique pour les habitations légères. Cela se traduit par « un emplacement maximum par habitation légère implantée sur une parcelle libre est à considérer comme maximum ». Et donc, là, puisqu'on a introduit un maximum, on a été obligé de préciser que toutes les prescriptions précédentes étaient des minimums.

C'est pour cela qu'il y a un peu plus de rouge sur cette partie-là, mais c'était juste une précision par rapport à ce qu'on ajoute par la suite. On a aussi profité de cette modification pour redresser une erreur matérielle dans l'article dédié aux emplacements de stationnement. Il y avait une erreur de renvoi à la loi, on l'a enlevée, c'est une simple erreur matérielle. Ensuite, on a également modifié l'article 25 « Zones soumises à un PAP Nouveau Quartier », pour permettre temporairement l'aménagement d'habitations légères réalisées par un promoteur public dans des zones qui sont soumises à un PAP Nouveau Quartier. C'est toujours dans l'attente d'un projet de PAP précis, qui soit réalisé. Il s'agit surtout de profiter d'un terrain disponible qui aurait les qualités nécessaires pour pouvoir y aménager des habitations légères et offrir une solution temporaire de logement. Mais cela n'occulte en rien le PAP qui est prévu, c'est vraiment en attendant de réaliser le PAP. C'est pour cela que dans ces cas-là, il est préférable que ce genre de projet soit porté par une commune ou une administration publique.

On a également modifié l'article 27 « Zones spéciales délimitant les PAP approuvés », cette fois pour permettre l'aménagement d'habitations légères dans 4 PAP approuvés et maintenus, donc, on a repassé la liste et il a été décidé de pouvoir autoriser des habitations légères dans le PAP Hanzenthal, Lenkeschléi, Rue Pasteur et A Bëlleg. Donc, pour ces PAP, des habitations légères sont autorisées sur les terrains viabilisés et ouverts au développement d'habitations uniquement, donc, dans ces 4 PAP, et pour ces PAP, les prescriptions de l'article 18.12 de la partie écrite du PAP Quartier Existant sont d'application. Ensuite, on a également modifié l'Article 30 « Secteurs et éléments protégés d'intérêt communal de type environnement construit », donc toujours pour permettre l'aménagement d'habitations légères. Là, on a précisé « les dispositions relatives aux secteurs et éléments protégés d'intérêt communal de type environnement construit ne s'appliquent pas pour les habitations légères, sans préjudice de l'application des dispositions portant sur les constructions à conserver ainsi que les gabarits d'une construction à préserver ».

Donc, c'est aussi un peu un garde-fou. Cela veut dire que les bâtiments qui sont, qui ont une construction à conserver ou le gabarit d'une construction existante à préserver, ne sont pas touchés par les habitations légères. On ne pourra pas détruire un bâtiment protégé pour y construire une habitation légère. Cette disposition-là, elle reste d'application.

Et enfin, on a modifié l'annexe, le dernier chapitre de la partie écrite du PAG pour mettre la définition des habitations légères, donc « une habitation légère est une construction amovible ou démontable, réalisée ni en maçonnerie ni en béton, constituant une seule unité de logement et présentant une surface construite brute inférieur à 50m² ». Et ça, on a repris mot pour mot la définition qui a été proposée par le Ministère de l'Intérieur dans ses articles-types. Ce qu'il faut retenir aussi, c'est que la plupart des prescriptions qu'on modifie dans le cadre de cette modification du PAG sont en phase avec ce qui avait été proposé par le Ministère dans son guide. Donc on n'a pas fondamentalement changé quoi que soit qui n'était pas sollicité par le Ministère. Voilà, si vous avez des questions, n'hésitez pas. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Madamm Dutriaux, fir déi doten Erklärungen an den Ableck, wat d'Modifikatioun vum PAG ugeet, an elo ass d'Diskussioun op. Den Här Gangler huet d'Wuert.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Mir haten - wéi gesot - datt doten am Aarbechtsgrupp PAG a Plan d'action locale an dat ware ganz interessant Diskussiounen, mä ech hat mer do schonn erlaabt, ugangs schonn ze soen, et muss een elo net mengen, dass dat hei elo dee grousse Rush gëtt. Also, wann ee kuckt u wat fir ee Public cible dat doten sech riicht, an dat hu mer och gesinn, wou mer mam Bus duerch d'Land gefuer sinn a mir hunn eis déi Leit ugekuckt, déi an esou Saache wunnen, dat ass schonns eng perséinlech Iwwerzeegungssaach. Dat ass schonn eng kleng Idéologie personnelle, awer et muss ee sech elo net virstellen, dass dat doten dee grousse Rush gëtt. Mä, ech fannen et awer wichteg, dass eng Gemeng dat doten ubitt, well eng Nofro ass do. A wa mer et kënnen eebe um Niveau vum PAG ëmsetzen, da solle mer dat dann och maachen. Dat riicht sech eeben u Privatleit, et riicht sech awer och un d'Gemeng.

D'Gemeng Stroosse mécht et dann esou, déi stellt esou Habitations légères dohin a bitt de Leit se dann zum Loyer un. Ech mengen, et war gesot gi vun ongeféier 800 Euro pro Mount, a si stelle Konditiounen dann drun, dass dat nëmme fir Awunner vun der Gemeng ass, déi schonn zéng Joer do wunnen, an da muss een e Minimum vu fënnef Joer dra bleiwen an esou. Mä wann een dat do kuckt, also ech si scho vläicht ze al fir dat dote kënnen intellektuell nozevollzéien, mä fofzeg Meterkaree, dat riicht sech beschtefalls un eng Famille monoparentale, un eng eenzel Persoun oder un eng Koppel an dat ass awer elo net déi richteg Wunneng, wou een sech, soe mer mol, entfale kann. Mä ech fannen et awer wichteg, dass déi Leit, déi dat do froen, dass déi dat doten och ugebuede kréien a mir hunn elo hei ganz vill Méiglechkeete ginn, mat de Reculen, souguer eng Terrass hu mer autoriséiert, mir hunn hinnen d'Méiglechkeet ginn, fir en Auto op deen Terrain ze setzen, do wou den Accès eebe méiglech ass, an ech mengen, mir hunn elo alles gemaach, fir dass déi Leit, déi dat dote wëllen hunn, dass déi dat och kënne kréien. Mee, eent si mer eis eens, dat heite léist net de Logementsproblem. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Gangler. Sinn nach weider Stellungnamen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter. Jo, duerch, dëst MOPO vum PAG, déi mer haut hei stëmme wäerten, ginn d'Tiny Houses erméiglecht an d'Texter ugepasst fir d'Implantatioun vun dësen. D'Wunnform Tiny House, Habitation légère och nach genannt, ass sécherlech keng Léisung fir d'Logementsproblematik, sou wéi den Här Gangler dat elo grad gesot huet, mä et ass eng weider Wunnform, fir d'Offer vum Wunnengsmaart ze diversifizéieren. Baulücke kënne kuerzfristeg an enger gewëssener Zäit besat ginn. D'Méiglechkeet, en Tiny House an zweeter Positioun, also an de Gaart ze setzen, ass bestëmmt eng interessant Offer fir Proprietairen, déi déi néideg Konditiounen erfëllen, wat d'Gréisst vun der néideger Surface ass, fir dann och déi Struktur kënnen dropzesetzen, also eng Habitation légère fir et Kand oder vläicht och fir eng jonk Koppel, respektiv, fir se ze verlounen.

Fir an engem Tiny-House ze liewen, muss ee wëllen a kënnen. Et ass eng Philosophie, e Choix de vie. D'Association Tiny House Comunity Luxembourg schreift dat esou: „Habiter dans une habitation légère est une idéologie spécifique, un choix de vie et on ne devrait pas considérer les habitations légères comme des habitations abordables. Il est important que les habitants des habitations légères optent pour un mode de vie, de logement par conviction personnelle". Ech war och frou, perséinlech déi Visite do matgemaach ze hunn, fir zwee Modeller vun Tiny House ze gesinn a mir kënnen e Bild ze maachen, wéi d'Ariichtung vun esou enger Habitation légère ausgesäit. Et koum dobäi eraus, wat och den Här Gangler gesot huet, et ass enk.

D'Planung ass den A an den O. Et muss een sech extreem vill Zäit dofir huelen, well Feeler an der Planung kënnen de Wunnconfort vermiesen. Zu Stroosse stoung dann dee Container mat ongeféier 32 Meterkaree Wunnfläch. Ech muss soen, et ass, wéi ech lo grad scho gesot hunn, enk, et ass och net onbedéngt fir grouss Leit, ech misst mech zum Beispill do bécken, fir kënnen ze duschen. Och fir méi mockeleg Leit, dat stëmmt, Här Gangler, an och Leit mat Klaustrophobie, well iwwert der Dusch war nach esou eng kleng Plattform, wou ee mat enger Leeder huet missen eropklammen an do war den Ënnerscheed tëschent dem Plaffong extreem enk. Also, dat géif mech immens angoisséieren.

De Präis ass och net geschenkt. D'Struktur selwer kascht 80.000 Euro, awer och nach déi 40.000 Euro Infrastrukturaarbechten, déi ee muss dobäi rechnen,

well ëmmerhi mussen déi Habitation-légèren awer ugeschloss ginn un d'Kanalisatioun, un d'Elektresch, eventuell un d'Waasser, an dann natierlech mam Brennes, géif ech mengen, dass do jiddwereen éischter op eppes méi Klenges a Smartes zeréckgräift, well esou grouss ass d'Surface net, déi ee muss hëtzen. Dat war jiddefalls awer och e ganz flotten an interessanten Austausch herno mat de Verantwortleche vun der Gemeng Stroossen, wou dach villes diskutéiert gouf, wat mer och matgeholl hunn an de Groupe de travail.
Zu Duelem ware mer bei de Presidentin vun der Associatioun, déi mat hirem Partner an hirem Meedchen an enger Habitation légère vun 42 Meterkaree wunnen. Et sinn zwee Ween oder Waggonen oder Rieder, déi matenee verbonne sinn an déi am Gaart vun hiren Eltere stinn. An do ass de Präis awer schonn 160.000 Euro, an ech muss soen, dass dat awer scho reegelrecht vill Geld ass.

D'Kand huet eis ganz stolz säi klengt Zëmmer gewisen, an der Mëtt vun der ganzer Struktur war esou eng kleng Nisch mat Sëtzgeleeënheet fir dräi Leit mat enger Plack drop, also als Dësch dann, déi dann owes ëmfungéiert gëtt, wou d'Matrass drop leie kënnt, op där d'Elteren da schlofen. Also, wéi gesot, dat ass schonn net esou evident. Fir de Moment geet dat och nach, hunn ech mer geduecht, mä wat geschitt am Fong geholl, wann d'Kand elo eru wiisst an dann eng Kéier an engem gewëssenen Alter ass, d'Intimitéit, och d'Intimitéit vun den Elteren, dass dat awer och da vläicht zu Problemer féiert.

Also, wann d'Tiny House de Virdeel huet vun der Vitess vun der Ëmsetzung a vun der kuerzer Bauzäit, a vu dass et ënner fofzeg Meterkaree muss sinn, brauch een ze soe keng Miwwelstécker, oder besser gesot, et ass keng Plaz dofir, also ass dat éischter geraumt a gebotzt. En plus sinn d'Ënnerhaltskäschten och niddreg, mä well et awer sou kleng ass an eng gutt duerchduechten Ariichtung verlaangt, fir dass een och nach zirkuléiere kann, ass den Nodeel, dass d'Habitation légère eigentlech net geduet ass fir Famillje mat Kanner, ausser si sinn nach wierklech kleng. Also, d'Habitation légère ass elo net direkt familljefrëndlech. Och, et kann ee keng Kolleegen a Famill invitéieren, dat ass definitiv do net méiglech.

Mee, wéi gesot, et ass e Choix. Déi Leit, déi sech fir dës Wunnform entscheeden, mussen sech bewosst sinn, op wat se sech aloossen an dass se op villes verzichten, wat fir eis anerer, déi an engem Appartement oder Haus wunnen, normal ass. Et muss een, wéi virdru gesot, iwwerzeegt sinn, esou ze liewen. Mä ech denken, dass et warscheinlech vill Interessente ginn, besonnesch bei deene Jugendlechen, déi op dës Wunnform zeréckgräife wëllen. Ech sinn awer gespaant drop, wéi grouss de Succès wäert ginn. Voilà, villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Här Zuang.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, ech wollt och nach just kuerz drop agoen, datt et wierklech eng ganz konstruktiv Aarbecht war, déi mer am Aarbechtsgrupp geleescht hunn. Ech mengen, hei ass dann och d'Resultat konkret dovunner. An déi Visitt war och immens interessant an immens sënnvoll, well ech mengen, et gëtt ganz vill dovunner geschwat, mä déi mannste Leit hunn esou eppes konkret gesinn, materlieft, an da kann een effektiv mat de Leit schwätzen, déi dat um Terrain ëmgesat hunn an eeben déi Defien, déi dat Ganzt mat sech bréngt, erkläert kréien, fir datt mer dat eeben och matbetruechten an eiser Modification ponctuelle.
Ech widderhuelen et lo fir d'drëtt, mä fir just sécher ze sinn, fir datt d'Wierder net am Mond verdréint ginn, et ass sécher net eng Léisung fir de Logementsproblem. Ech soen dat, well ech krut dat bei Virrieden, wou ech gehalen hunn, dat sou gesot: „ Madamm Ahmedova, Dir wëllt d'Leit an enger Sardinnebéchs stiechen". Dat krut ech wierklech gesot, dofir, ech schwätzen elo net vun eisem Schäfferot, ech schwätzen allgemeng aus menger politescher Erfarung, dofir hei déi kleng Parenthèse, mä ech muss soen, dat bitt awer trotzdeem eng Alternativ, wéi Dir richteg gesot hutt, fir déi, déi et wëllen, an dat kann awer och net nëmmen eng alternativ Wunnform sinn, dat kann awer och een temporär Léisung sinn, sief et jo fir Jonker oder vläicht fir och bësse méi eeler Leit, déi dann aus dem Haus erausginn, d'Haus de Kanner iwwerloossen an awer trotzdeem net wäit ewech si vun dem Kanner.

Dat ka wierklech a vill Varianten ëmgesat ginn an et ass wichteg, datt mer elo am Bautereglement dat Ganzt definéiert hunn, well dat gëtt et schonn a ville Länner an et ass vläit net déi Demande, déi hei war, vill Leit hunn eeben net verstanen, firwat esou eppes gebraucht Klenges eeben net kann ëmgesat ginn a firwat eist Bautereglement dat eeben net virgesäit. An elo kënne mer deene Leit och eng kloer Äntwert ginn a soen, datt mer dat och zu Diddeleng kënne maachen.
Eis Conclusioun ass et wierklech, mir sinn immens frou, datt mer déi Modifikatioun am PAG hunn, datt mer déi Definitioun vum Tiny House opgeholl hunn an, well, wéi gesot, mir sinn och scho ganz laang dobäi an och um nationalen Niveau hu mer dofir plädéiert, ech mengen och zesummen, an dofir ass et eis en Häerzensprojet, datt mer dat haut esou kënne matstëmmen. Voilà. Merci villmools.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, d'Tiny Haiser, dat war e Punkt, wou mir och am Walprogramm haten, ech sinn do och absolut e Befürworter. Ech si mer wuel kloer driwwer, dass elo net jiddereen an en Tiny Hous muss kommen, mä dass dat eng weider Offer vu Wunnform ass, wou mer ubidden, déi awer relativ déi gënschtegst ass. Hei gëtt gesot, maximum zwee Leit doranner, also, jo, natierlech, jiddereen hätt gär e grousst Haus, awer net jidderee kann sech dat leeschten. Mir hu vill Studioen, och hei zu Diddeleng, déi manner wéi véierzeg Meterkaree hunn, hei kënne mer wéinstens bis zu fofzeg Meterkaree goen, wou net nëmmen eng Koppel, mä eng Koppel mat deels zwee Kanner an engem eenzelen Zëmmer wunnen, dat ass eppes, dat et gëtt. Dat ass näischt, wat ganz rar ass. Ech mengen, däers si mer eis wuel

bewosst. Ech war mer och e puer där Tiny House Modeller ukucken an Däitschland, an ech muss awer soen, bon OK, ech sinn och froe, dass ech a mengem Haus si mat menger Famill, wou jidderee gutt Plaz huet, mä fir een, deen dat eeben net ka bezuelen, ass dat hei dann ëmmer nach eng besser Méiglechkeet oder Optioun, wéi munch aner kleng Héngerjucken, déi alt deels fir ganz deier Sue verlount ginn.

Dat Gespréich hate mer, oder en änlecht Gespréich hate mer jo och an der Bautekommissioun, wou et drëms gaangen ass, fir dat klengt Gebai, Schrägstréch Garage Schrägstréch eventuell fréier Wunneng hei riets hannert der Gemeng, erëm fräizeginn, dass do och Leit kënnen dra wunne goen, wou een op alle Fall dann awer och de Virdeel huet, dass een a sengem eegenen Haus ass, ouni dass dann aner Leit Kaméidi ronderëm maachen, respektiv mat den Tallekeschung iwwert de Plaffong lafen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, et ass scho gesot ginn, de Groupe de travail, wou mer iwwer déi dote Modifikatioune geschwat hunn, dee funktionéiert wierklech richteg gutt a mir si wierklech do konstruktiv un dee Sujet erugaangen, nämlech mir hunn am Januar eng Kéier eng allgemeng Diskussioun geféiert, fir e bëssen d'Temperatur ze spieren, ween a wéi eng Richtung wëll goen. Dunn, am Februar, ware mer ganz praktesch eeben déi verschidde Projete kucken, fir eis e bëssen z'informéieren, wat et esou gëtt, an dunn am Abrëll hu mer konkreet diskutéiert, wéi mer dat Ganzt wëllen ëmsetzen an a wéi eng Richtung mer wëlle goen. An ech mengen, dat war wierklech, ganz konstruktiv, well do och jiddereen Zäit hat, sech Gedanken ze maachen, an ech mengen, dass mer eis och gréisstendeels alleguerten eens waren, a wéi eng Richtung mer eebe wëlle goen.

An et ass elo scho puer Mol gesot ginn, dass d'Tiny Haiser selbstverständlech keng Léisung fir d'Logementskris sinn. Ech mengen, dat wäert hei och kee behaapten. Ech warnen och dofir, dat einfach elo sou als bëlleg Wunnalternativ dohinnerzesetzen, wéi, voilà, Studente kënnen dohinner goen oder als Alternativ zur Sozialwunneng, abordabele Logement, voilà, dat gëtt vill méi bëlleg, mir stellen där e puer dohinner. Ech menge schonns, dass et muss eng bewosst Entscheedung sinn. Mä Leit, déi wëllen eeben an deem minimalistesche Liewensstil wunnen, dass déi eeben d'Méiglechkeet kréien an dass mer deene keng Steng an de Wee leeën, well mir schwätzen hei vu fofzeg Meterkaree, mä fofzeg Meterkaree ass Brutto déi ganz Fläch. Also, mir schwätzen net vun engem Appartement vu fofzeg Meterkaree, do kann ech jo soen, dat ass jo relax, mä d'Wunnfläch, déi ass nach e gutt Stéck méi kleng fir déi fofzeg Meterkaree an dat muss een awer ëmmer am Hannerkapp behalen.

Eng Méiglechkeet, zum Beispill, déi warscheinlech och déi meeschte Leit sou am Kapp hunn, wann se un Tiny Haiser denken, dat ass, dass een d'Tiny Haus an de Gaart vun den Eltere stellt. Ech mengen, dat ass ganz in, et gëtt e Resident vun der Gemeng Colmer-Bierg, deen ass amgaangen, sech en Tiny-Schlass am Gaart vun den Elteren ze bauen, dat wäert warscheinlech e bësse méi grouss wéi fofzeg Meterkaree sinn, mä d'Iddi ass déi selwecht. Mee, ech mengen, da muss een awer och lo d'Leit berouegen, dass se net fäerten, dass lo jiddereen sech sou en Tiny Haus an de Gaart stellt, well zum engen hu mer jo awer e bësse Gardefouen, et muss een e grousse Gaart hunn, fir dass een d'Recule kann anhalen. Déi Tiny Haiser, déi sinn och abegraff an der Surface maximale, déi ka scelléiert sinn, dat heescht, et ass net esou, dass herno do alles zougebaut ass, soudass mer do awer eng gutt Rei Gardefouen agebaut hunn. Genau esou wéi bei de Baulücken, wou mer soen, dass der maximal zwee däerfe pro Parzell hi gestallt ginn an dass och d'Lotissementer ageschränkt sinn, dass se nach ëmmer net verhënneren, dass Maison bi-oder uni-familialen, wat och ëmmer, méiglech sinn, fir dass mer eeben net herno e Promoteur hunn, deen e groussen Terrain huet oder och eng Privatpersoun, déi e groussen Terrain huet, an dann do einfach, zwanzeg Tiny-Haiser dohinner stellt, well et bëlleg ass a gläichzäiteg, vill méi Loyer erabréngt, wéi wann een elo eng Maison bi-familiale géing dohiiner stellen.

An ech mengen, dass mir eis awer do kënne bretzen, dass, wa mer elo eréischt déi zweet Gemeng sinn, effektiv, déi dat heiten ëmsetzt, dass mer dat gutt iwwerluecht hunn an dass mer e bësse méi progressiv si wéi déi éischt Gemeng, déi dat gemaach huet, well do hat ech net d'Gefill, dass et onbedéngt am Interêt vun de Leit war, mä do ass jo gesot ginn, jo, mä déi aarm Besëtzer, déi ginn elo besteiert op hiert Bauland an dann hu mer jo léiwer, si stelle sech séier en Tiny House dohinner an dann hu se rëm hir Rou virum Staat. Also, ech mengen, dat ass et net, et ass schonn einfach, dass een de Leit d'Méiglechkeet gëtt, dat doten ze notzen, wann se wierklech interesséiert sinn an net elo just fir Steieren ze spueren a fir e Maximum u Loyer erauszehuelen, mä bon, de Gemengepapp huet och aner komesch Aussoe scho gemaach. Mir haten och driwwer diskutéiert am Groupe de travail, ob et méiglech wär, d'Durée ze limitéieren, fir dass net d'Terraine eebe lo, amplaz dass eng Kéier, soe mer lo mol, en normaalt Haus oder eng normal Wunneng do gebaut gëtt, dass herno just Tiny Haiser do stinn, do hu mer leider keng Léisung fonnt, well et net méiglech ass, provisoresch Baugeneemegungen auszestellen. Dat ass dann eeben de Kompromëss, dass et déi Méiglechkeet leider net gëtt.

Wat mer och gutt fannen, dat ass, dass eeben d'Méiglechkeet ass, fir ëffentlech Bauhäre bei engem PAP Nouveau Quartier temporär Tiny Haiser dohinnerzestellen, wann d'Gemeng nun emol do Terrain huet an et ass awer nach en attendant, bis dass de PAP realiséiert gëtt, dass zumindest an där Zäit awer kann deen Terrain genotzt ginn an d'Gemeng oder een aneren ëffentleche Bauträger dann eeben do Tiny-Haiser opstellt. Ech mengen, dass dat och eng ganz gutt Léisung ass, dass ass och eigentlech ekologesch, et gi keng grouss Fondatiounen erlaabt, et gi keng Scellementer gemaach vum Buedem a mir sinn och frou, dass mer do de Kompromëss fonnt hunn, fir kee Minimum u Park-

plazen ze froen, well mer einfach mengen, dass dat hei net néideg ass, wa mer och soen, dat heiten ass e minimalistesche Liewensstil an an där Logik menge mer net, dass do muss eng Parkplaz pro Tiny House benotzt ginn. Mer hu gesot, maximal eng an dat ass, mengen ech, e ganz gudde Kompromëss, sou dass mir eigentlech ganz frou sinn iwwert déi ganz Diskussioun an den Entsteeungsprozess an, voilà, et ass elo eng allgemeng Approche. Mir kucken elo, wéi dat sech entwéckelt. Mir mengen och, dass elo net déi Tiny Haiser wéi Champignone wäerten aus dem Buedem spriissen, mä gläichzäiteg maache mir elo mol d'Méiglechkeet op. Mir kucken, wéi en Interêt besteet an et ass natierlech gutt méiglech dass mer da musse punktuell adaptéieren, wa mer gesinn, dass mer un iergendeppes net geduecht hunn. Mee, voilà, mir kucken, wéi et weidergeet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci Madamm Thoma.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. De Jean-Paul Gangler huet scho vill gesot, mä et sinn der e puer heibannen, déi net an deem Aarbechtsgrupp waren an do erginn sech dann awer vläit e puer Froen. Wat mir net ganz kloer ass, firwat mer eis limitéiert hunn op e puer Stroossen, well, wann ech elo kucken, et si jo awer och Haiser, soe mer mol an der Rue Madame Mayrisch de Saint Hubert, An Hinnefen, Op Lenkeschléi, also net Lenkeschléi d'Cité, mä déi aner Strooss niewen drun, do si vill Villaen, soe mer mol sou, mat engem risege Gaart. Firwat däerfen déi zum Beispill dat dann net maachen? Wat war do d'Iwwerleeung? An dann, dass nëmmen de Promoteur public dat mécht, dat verstinn ech jo och, dass kee Wildwuchs geschitt, mä wéi stellt Dir Iech dat da vir? Dat hunn ech elo net richteg verstanen. Dann ass e private Proprietär, dee mécht eng Demande. Hutt Dir just dann ee Modell, deen dee Proprietär däerf bauen? Wéi geet dat dann? Kann dee Männchen, deen dat do baut, kann deen sech awer deen eraussichen? An, hu mer zum Beispill eeben d'Méiglechkeet, et ass gesot gi vum Zirkuswon, däerf een och en Zirkuswon an de Gaart maachen?

Dann, ech wollt just nach soen, esou oncool ass dat guer net, an esou engem Haus ze wunnen. Mäi Meedchen huet zu Kopenhagen wunnt, do gëtt et eng ganz Unitéit, dat heescht Urban Rigger, et kann een se kucken, Urban a Rigger, R-I-G-G-E-R zu Kopenhagen, dat ass eng schwammend Plattform, op där Schëffscontainer iwwerenee gestallt sinn a wou se dann an engem Schëffscontainer wunnen an déi sinn och iwwert e puer Niveauen e bësse versat an si hunn och op där Plattform nach esou eng Begegnungszon. Dat ass mega cool. Et huet d'Fënster opgemaach an et ass an d'Mier gesprongen. Also, dat war eng Liewensqualitéit, dat kënne mer natierlech hei net ubidden, d'Fro doraus ergëtt sech, éischtens emol war déi Liewensqualitéit natierlech super an, eeben och ökologesch, wéi mer gesot hunn, mä do zum Beispill hu se och zwee Containeren sou op zwee Niveauen iwwerenee gesat, geet dat och bei eis oder ass et esou, dass mer just déi doten Héicht huelen, well du kanns jo och déi fofzeg Meterkaree anescht andeelen dee Moment.

Dat war nach eng Fro, mä, wéi gesot, virun allem, wat mech e bëssen irritéiert huet, firwat et limitéiert ass op déi puer Stroossen. Vläit kënnt Der eis do nach eng Kéier eng Erklärung ginn. Mä insgesamt fannen ech et mega cool a wéi gesot, ech hunn als Studentin sechs Joer op aachtanzwanzeg Meterkaree gewunnt, also ech sinn awer och net gestuerwen doduerch, an ech hunn et mega cool fonnt, also dat war lo net dramatesch, just fir ze soen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Här Buergermeeschter, ech wëll eis Zäit do net onnéideg am Usproch huelen, mä an där ganzer Problematik, souwuel Habitations légères wéi Logements intégrés, do ass een Aspekt, deen ass interessant an deen ass dem Här Buergermeeschter a mir e Samschde bei der Receptioun vun den neien Awunner kloer ginn, dat ass dat Intergenerationellt. Mer hunn do effektiv d'Méiglechkeet, dass eng eeler Persoun an hirem Haus wunnt, si huet e Logement intégré oder eng Habitation légère, wou e Student dra wunne kënnt a wat een do ka vu soziale Relatioune kann draus erauszéien, dass zum Beispill déi jonk Persoun fir déi eeler Persoun akafe geet oder mat hir iesse geet oder sou, dat ass e ganz interessanten Aspekt, deen Ee-Familljenhaiser esou net hunn an Appartementshaiser och net. An do hate mer mat engem Här rieds, deen huet eng Associatioun a Frankräich an dee vermëttelt dann esou kleng Wunnengen, wéi dat doten, u Studenten, déi sech dann engagéieren, fir e klenge Loyer, fir sech ëm déi eeler Persoun ze këmmeren. Ech mengen, dat ass vläit en Aspekt, dee mer net däerfe vergiessen an dat revaloriséiert am Fong dat, wat mer elo haut hei wëlle stëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Gangler, nach eng Kéier fir déi dote Remark. Sinn nach weider Stellungnamen? Ech kucken hei an d'Ronn, dat ass net de Fall, da géif ech vläit d'Wuert weiderginn, fir eng Rei Froen ze beäntweren, souwäit se concernéiert sinn d'Madamm Dutriaux, respektiv d'Madamm Mambourg an da géif ech den Ofschloss maachen.

CATHY MAMBOURG (ARCHITEKTIN VUN DER GEMENG DIDDELENG): Jo, déi Remark eeben, datt dat just a verschiddene Stroosse méiglech wär, dat ass am Fong net sou richteg. Et duerf an all de Zones d'habitation 1, 2 Hab a Mixte U eebe sinn an dat mat deene verschiddene Stroosse kënnt vläicht dohier, datt eeben an deene véier PAPen, déi schonn approuvés à maintenir sinn, et duerf hikommen, op déi Bauplaz, esoubal de PAP besteet an d'Stroosse viabiliséiert sinn. Awer fir de Rescht ass et an all Strooss, an all Quartier eebe méiglech. An dann ass et och, deen ëffentlechen Träger muss et eebe sinn, dee Moment, wou mer an enger BAP sinn, wat iergendwéi logesch ass, an och an de PAP Nouveau Quartier, do hu mer iwwerall dra geschriwwen, dat muss en ëffentlechen Träger sinn.
An en Zirkuswon als solche wier och machbar, dat ass jo dat, wat mer zu Stroosse gesinn. Dat entsprécht jo deene Krittären och vun enger Habitation légère.

An zwee Container iwwerteneen, dat wollte mer net. Dat hu mer kloer gesot, datt mer dat op déi Héicht eebe maache vun deene fënnef Meter. Voilà. Nieftenee geet, awer net iwwerteneen. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ech mengen, da bleift mer, nëmme nach hei ze soen, Merci fir déi ganz gutt konstruktiv Diskussioun, ech deele ganz vill Remarken, déi d'Intervenanten hei gemeet hunn. An ech mengen, déi Haaptremarken, dass et natierlech eng bewosst Entscheedung ass, respektiv, dass et elo net hei d'Logementsproblematik am Land léist, ech mengen, do si mer eis alleguerten och eens. Mä ech mengen, Tiny Haiser hunn awer e gewëssene Virdeel. Si kaschten eppes awer net esou vill, wéi wann ee an e komplett neie Bau geet. D'Ënnerhaltskäschten sinn awer och manner. An et ass awer e Bau, dee méi ressourcëschounend orientéiert ass. Dat sinn awer eng Rei Avantagen, déi een huet. Bon, et huet een awer och gemierkt, dass natierlech och déi Leit dra wunne ginn, et ass virdrun och vun eelere Matbierger a Matbiergerinne geschwat ginn, dass dat eng Optioun ass. Jo, mä et weess een awer och, dass generell déi Tiny Haiser net onbedéngt barrierefräi sinn, eeben duerch hir Konzeptioun. Also, mengen ech, huet een och eng Rei Restriktiounen, respektiv Aschränkungen, déi och do sinn.

Ech weess net, wie vu Garde-foue geschwat huet, ech mengen, dass dat och wichteg ass, esouwuel fir déi ëffentlech Hand wéi och fir déi privat Hand, wa mer dat heiten erméiglechen, och de Kader schafen, fir och grad Abusen ze evitéieren, dass net op eemol komplett Tiny Dierfer entstinn, wou een zum Beispill mengt, e kéint carrement da profitéieren, fir och dat da weider ze verlounen. Also, ech mengen, do muss een sech déi néideg Garde-foue ginn, absolut. Mer mussen einfach elo mol, wann dat heite bis an der Prozedur leeft, dat ass jo net direkt applikabel, elo leeft jo mol déi ëffentlech Prozedur, da wäert sécherlech och nach déi Biergerversammlung kommen, d'Leit kënnen och nach hir Iwwerleeungen a Reklamatiounen eraschécken. An da geet jo nach un de Ministère de l'Intérieur an da befaasse mer eis nach eng Kéier hei mat engem definitive Vott am Gemengerot. An dann ass dat Ganzt a Kraaft an da muss ee kucken, e bëssen, wéi dat Ganzt evoluéiert. Mir kommen och net dovun ewech an ech mengen, an déi an déi Richtung wäerte mer goen.

Ech hu virdru gesot, mir hunn 2022 de Logement intégré, d'Einliegerwunneng an d'Weeër geleet, och elo mat den Tiny Haiser, dass mer och awer am Kader och vum Plan d'action logement, vum PAL, eis och déi néideg Mëttele ginn an och déi notzen, fir och déi néideg entre guillemets, Publicitéit, Promotioun vun dësen neie Wunnformen och ze maachen an och observéieren, ob d'Leit drop zeréckgräifen oder wa mer mol Enkpäss fannen, dass mer och dann natierlech de PAG dann och adaptéieren. Dëst gesot, haut geet et mol drëms, dat Ganzt an d'Prozedur ze schécken. Dofir, ass de Gemengerot domadder averstanen. dass mer dat an deem Sënn esou maachen? ***Dat ass unanime***, da soen ech lech villmools Merci. An och villmools Merci dem Tania Dutriaux, dem Cathy Mambourg an dem Christophe Carreira fir hir Presenz.

7.2. Approbatioun vum Lotissements- a Morcellementsprojet vun enger Kadasterparzell laanscht d'Rue An der Foxenhiel, Nummer 7, an 2 Kadasterparzellen

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dat ass d'Approbatioun vun engem Projet, vun engem Lotissement, dat ass an der Rue Foxenhiel. Dat ass am Fong fir aus zwee Loten ee Lot ze maachen, fir zwou Maisons bifamiliales jumelées. Dat ass op Nummer 7 an der Rue Foxenhiel, Dir hutt d'Dokumenter virun lech leien. Mir haten de 14. Oktober de Projet an der Bautekommissioun, den Avant-projet.
Eise Service Architecture et Domaines huet do e favorabelen Avis ginn. Mir hunn en Aushang gemaach, do si keng Reklamatioune komm. Haut ass de Projet am Gemengerot, voilà, op alle Fall de Projet vum Lotissement fir de Morcellement vun der Parzell.
Ass de Gemengerot mat dësem Morcellement averstanen, dee souwisou och schonn an der Bautekommissioun virgestallt gouf. ***Dat ass unanime***, da soen ech lech villmools Merci. An da gi mer op den nächste Punkt.

8. GESTIOUN VUN DE GEMENGEBËSCHER

8.1. Approbatioun vum järleche Gestiounsplang fir d'Gemengebëscher fir d'Geschäftsjoer 2025

8.2. Approbatioun vum Gestiounsplang vum Gemengebësch vun Diddeleng fir d'Joren 2024-2033.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer elo op den nächste Punkt Iwwer. An dat ass d'Presentatioun vum Forstplang. Ech begréissen do de Fierschter, de Guy Rassel, a ginn hei dem René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Merci fir d'Wuert. Ech ka mech relativ kuerz faassen. Dir wësst, et ass Hierscht, et ass November, dann ass ëmmer de Forstplang hei um Ordre du jour vum Gemengerot. Dëst Joer ass awer nach eppes Neies dobäikomm. De Plan d'aménagement ass dobäikomm. Dat ass ee Plang, deen op zéng Joer ausgeriicht ass an de Plan d'aménagement ass dee Plang, aus deem ëmmer erëm de Forstplang fir d'Joer drop, sech ergëtt. Duerfir leeft dee Plan d'amenagement, wéi gesot, all zéng Joer hei am Gemengerot. An de Forstplang, opgrond

vun deem Plang, gëtt dann alljoers erëm frësch diskutéiert. Mir haten och am Oktober, wéi ëmmer, eng kleng Begeeung. Dës Kéier war se net grad esou laang wéi soss am Kader vun enger Begeeung. Mä mir haten awer op der Affilux dann d'Chance, mam Fierschter mat senger ganzer Ekipp de Forstplang, respektiv och dann dee Plan d'aménagement virgestallt ze kréien. A mir haten och d'Chance nach herno eng kleng live Demonstratioun ze gesi vun deem Päerd, dat dann d'Holz aus dem Bësch zitt, ouni dass do vill Schued am Bësch ass. Dat war och ganz flott an interessant. Wéi gesot, langer Rede kurzer Sinn, ech géif proposéieren, datt ech dann dem Fierschter, dem Fachmann, hei d'Wuert ginn, fir eis dann déi zwee Pläng an enger Light Versioun virzestellen. An dann duerno ass dann d'Diskussioun op. Merci.

GUY RASSEL (FIERSCHTER): Schéine gudde Mëtteg. Merci fir d'Begréissung. Bon, haut effektiv, ass et e bësse méi laang, well et de Plan d'aménagement forestier ass. Dat ass de Plang, deen iwwer zéng Joer geet, wéi de Bësch soll bewirtschaft ginn. An duerno presentéieren ech lech eng Kéier de Plan de gestion annuel - de Budget u sech fir ee Joer. Ugefaange mam Aménagement forestier, d'Gesetzeslag ass déi, datt d'Gesetz vum 23. August d'lescht Joer 2023, den Artikel 20, seet, datt all Proprietär, wou méi wéi 20 Hektar huet, muss en Dokument virleeën. An deem heite Fall ass et esou, datt d'Verwaltung dat Dokument sou mat engem Bureau d'études zesummestellt. An da muss et vum Proprietär, hei d'Gemeng, approuvéiert ginn an duerno eng Kéier vum Minister validéiert.

Firwat ass dat elo wichteg? Well mer an deem Moment och an der Lag sinn, wa mer dat elo net hätten, kéinte mer och keen Holz méi verkafen. Et ginn dräi Typpe vu Planifikatiounen. Dat eent, dat ass längerfristeg. Dat ass dann d'Politik, wou eis dat virgëtt, entweeder iwwert e Gesetz oder en Arrêté ministériel. Dat drënner, dat ass dann dorop opgebaut op d'Politik, wéi si eis d'Virgabe gëtt. Do gëtt dann den Amenagement opgebaut. An op den Amenagement, dorop baséiere mer eis, fir déi Eejoresplanung, de Plan de Gestion, ze maachen. Wat gëtt do gekuckt? Do gëtt eng Kéier déi aktuell Situatioun gekuckt vum Bësch, wéi se am Moment ass. Et gëtt eng Kéier gekuckt op déi lescht zéng Joer, also et geet ëmmer op zéng Joer, déi lescht zéng Joer, wat do geschitt ass. An da gëtt gekuckt, wat d'Prioritéite sinn, wéi an der Le'h zum Beispill ass et éischter d'Rekreatioun, do ass elo net de Waldbau. An deenen anere Bëscher ass et éischter d'Produktioun vu Bësch plus Rekreatioun hei zu Diddeleng. An eeben och Naturschutz. An all déi Facteure kommen doran.

Ënne gesitt Dir, Planification, concept, prise en compte, dat sinn déi europäesch Schutzgebidder, Natura 2000, an och déi national Schutzgebidder, wéi de Wal, dat ass jo och mëttlerweil e Schutzgebitt, eng Réserve naturelle. National ass dat. An all dat fléisst doran an dorop gëtt dat Dokument dann zesummegesat. Hei gesitt Dir eng Kéier de Bësch, wéi en ass. Do gëtt och kuckt, ob nei Parzelle kaf gi sinn. Déi géifen dann och do mat dragemaach ginn. Dir hutt 304 Hektar Bësch. Dat ass d'selwecht bliwwe wéi elo déi lescht zéng Joer. Dovunner sinn et der 299 bewaldet, also wou de Bësch drop steet. Dat anert, dat si Plaze wéi den Tipp oder sou, déi leie wuel am Bësch, mä do ass kee Bësch drop. Da gëtt dat net consideréiert fir den Zouwuess vum Holz. Et ass och eng Wiss dobäi, wou eng Kéier e Bësch drop stoung, wou awer elo éischter Naturschutz gemaach gëtt. Ech weisen lech dat herno.

Dann ass Äre Bësch a 17 Parzellen agedeelt. Dat brauche mer, fir den Historique ze maachen, wéi en Holz mer wou eraushuelen. An da gesitt Der op der Kaart déi brong Fläschen, wéi de Waal uewen. Dat ass éischter, wou Eeche sinn. Gréng, dat ass wou Buche sinn. An hellblo, dat ass Mëschbësch, dat si verschidde Lafbaamaarten. Da gëtt et nach méi rosarout. Violett, dat si Nolebeem. Mä där hu mer et der net vill hei. Et gëtt gekuckt, wéi ass de Bësch zesummegesat. Et gëtt per Stéchprouwe gekuckt a baséierend op deen Inventaire virdrun. Do gesitt Der, datt déi eeler Beem, dat ass éischter Eechen a Buchen. An dee méi jonk, dat ass vill Feuillus d'hiver, verschidde Lafbaamaarten. Nolebeem hu mer weider net vill, well déi och déi meescht net standortgerecht sinn. Dofir evitéiere mer dat och. Wat ass, verschidden, wéi am Wal, do ass d'Naturschutzgebitt, ënner anerem ass dat ausgewise ginn, och wéinst de Fliedermais, do ass och een Objektiv fir d'Eechen do ze förderen. Dat heescht, hei gesi mer, datt mer do mussen aktiv ginn, well mir hunn nach vill al Eechen, mä am Jonken hu mer quasi näischt méi.

Voilà, do ass gekuckt ginn, wat ass déi lescht zéng Joer vu Volume vun Holz erausgeholl ginn. Ancienne possibilité, dat ass den Hiibsaz, wat een huet dierfen eraushuele pro Joer. Dat ass 1.300 Meterkibb pro Joer gewiescht. Dat ass och ëmmer esou agehale ginn. Dat ka mol sinn, wann Nolbeem matenee futti ginn, datt een dann driwwer läit. Déi Moyenne gëtt och iwwert zéng Joer gekuckt. Elo gesitt Der awer, datt hei am Rouden den Hiibsaz elo fir déi nächst zéng Joer ass quasi ëm d'Hallschent erofgesat ginn. Dat erkläert sech och doduerch, datt mer dat och an der Praxis scho elo e puer Joer gesinn. Hei ass eng Wäissdänn aus der Le'h ân hei gesitt Der ee Joer, wou do d'Zouwess war virun. Dat ass scho méi laang hier. An hei gesitt Der, déi lescht Joren, dat sinn e puer Millimeter. Dat heescht, do gesitt Der dat wéinst dem dréchene Joren hunn d'Beem wierklech Krämpes, déi leeën net méi dee Volume zou, wéi déi Berechnungen, wou mir virun zéng Joer haten.

Gott sei Dank hu mer elo scho zënter e puer Joer, hu mer anticipéiert, datt mer manner Holz eraushalen. Mä och elo steet et offiziell an deem Bericht dran, datt een net méi soll eraushuelen. Hei gesitt Der jo, datt mer eng Kéier iwwert der Barre do louchen, 2019. Mä wann een dann hei kuckt, 2019 dat Rout, dat ass Coupe imprévue. Dat heescht, do ass iergendeng virgefall, wéi zum Beispill e Borkenkäfer, wou d'Nolholz futti geet, dann hëlt een dat natierlech eraus an et verkeeft een et oder gebraucht een et. Mä dat fält da mat een déi Meterkibb. An d'Sécurisatioun ass déi lescht Joren och bedéngt duerch déi dréche Joren ass do vill méi Volume vun Holz ugefall. Wat si Problemer? Déperissement duerch d'Dréchent, Coupe de sécuri-

té. An da probéiere mer eeben de Couvert continu ze hu vun de Krounen, datt mer net oprappen, fir datt d'Sonn nach méi erakënnt an nach méi verdréchent, an dee Moment mir eeben nach méi ënner Stress geroden.

Wat kënne mer dogéint maachen? Dat ass, méi Volummen Holz am Bësch ze behalen, wéi gesot, de Krounendaach zouzehalen, dann d'Diversitéit ze förderen. Dat heescht, méi Bamaarten, dat wa mol eng ausfält, datt mer dann eng aner hunn, déi dann awer nach uewen de Krounendaach zoumécht. Struktur am Bësch hunn. Ech weisen lech herno e Schema, do gesitt Der dat. An net elo intensiv do Beem eraushuelen op enger Fläch, mä op der Gesamtfläch Holz ernten, awer elo net op enger Fläch alles ewechhuelen an dann op déi nächst goen. Dat ass fréier esou gemeet ginn. Mä dat gëtt scho zënter Joren elo vun eis net méi esou gemeet.

An dann och d'Rekreatioun, notamment an engem Ballungsgebitt wéi Diddeleng, wou d'Leit awer vill an de Bësch ginn, datt mer dat consideréieren. Hei gesitt Der dat Schema, dat ass, wéi et nach op verschiddene Plaze gemaach gëtt, datt een ale Bësch huet, deen holzt ee ganz of, dee gëtt dann erëm ugeplanzt. Dann huet ee just eng Schicht dran, ëmmer eng horizontal Schicht. An dat wëlle mer net méi, mir wëllen den Dauerwald, wou mer vun allem dran hunn, al Beem, jonk Beem an eebe verschidden Zorte Beem hunn. Hei drënner gesitt Der e Bild, dat ass hei zu Zoufftgen iwwert d'Grenz, déi fueren an déi al Schinn. Bei den Eechen ass et esou, dat ass eng Liichtbamaart, keng Schattenbamaart, déi huet Problemer, ënnert dem Schiet opzewuessen, ënnert deem, wat mer wëllen, deen Dauerwald.

Dat heescht, do muss ee plazeweis effektiv méi Luucht erabréngen. Dat wäerte mer och am Waal elo ufänken, do e puer Beem méi erauszehuelen, datt d'Beem sech kënne verjéngen. Dat huet awer wuel e But, datt mer och, wéi d'Fliedermaus do, déi eng speziell Fliedermaus, wou do drop ugewisen ass, datt mer där hire Liewensraum erhalen, well soss verschwënnt een, soss kommen drënner Buchen an da gëtt d'Eech ausgedonkelt an da kréie mer déi net méi erop. Voilà, dat war de Gros elo zum Plan d'aménagement. Ech hat probéiert, et kuerz ze halen. Wann awer nach Froe sinn, ech mengen, Dir hat Dokumenter kritt, ganz gären.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Ma da mol e Merci dofir. Ginn et dozou Wuertmeldungen? D'Madamm Thoma, bis d'CSV sech dann eens ass an ofgeschléckt huet an esou weider. Madamm Thoma, wannechgelift.
Carole Thoma (déi Lénk): Villmools Merci. Ech hat och elo aus Gewunnecht gewaart, bis do ee sech géing mellen. Da sinn ech prett. Ma ech fänken un, e grousse Merci un d'Servicer, un de Fierschter fir och dës Kéier nees déi ganz interessant Erklärungen haut den Owend, awer och an der Kommissioun, wou et ëmmer, well mir wëssen et mëttlerweil, déi Dokumenter, also dach, dat Dokument fir den Zéngjoresplang, dat ass immens spannend. Do gëtt ee wierklech vill gewuer, dat fir d'alljärleche Planifikatioun, wann ee keng Anung huet, kann een domadder net ganz vill ufänken an doweinst si mer ganz frou iwwert d'Erklärungen an der Kommissioun. Dës Kéier war natierlech den heemlechen Highlight an der Kommissioun definitiv den Training vum Pola. Ech mengen, do si mer eis alleguerten eens. An dat ass jo och immens flott, dass d'Gemeng elo e Bëschpäerd huet, respektiv dass mer d'Méiglechkeet hunn, e Bëschpäerd ze lounen, wou d'Gemeng sech och emol net muss ëm den Ënnerhalt an esou bekëmmeren a mer awer kënnen dovunner profitéieren, dass de Bësch geschount gëtt. Dat ass jo d'Iddi dohannert. An ech mengen, dass dat och ganz wichteg ass, well, wéi ech gelies hunn am Plang: iwwer 94 % vum Gemengebësch geschützte Biotoper. Dat ass wierklech extreem vill. An ech hunn och gelies, dass et ganz wéineg Degate gëtt am Bësch. An do gëtt erklärt, dass dat un enger „Exploitation particulièrement soignée et respectueuse" géif leien. Dowéinst wollt ech dann och einfach mol eng Kéier wierklech Merci soen an och felicitéieren eise Servicer, déi an de Bëscher schaffen, dass se do ganz gutt oppassen.

Allgemeng, dat ass jo och elo erklärt gi, si mer bei enger durabler Gestioun an am Dauerwaldmodus. A wéi awer och d'lescht Joer an der Kommissioun gesot gouf, dat schéngt jo extrem vill Aarbecht ze sinn. Mir hu vill Wëld, soudass d'Eeche musse geschützt ginn, wéi elo grad gesot gouf. Mir mussen de Monitoring maache vum Eichenprozessionsspinner. Déi lescht Jore ware vill Coupe-imprévuen, wat jo da sech gréisstendeels warscheinlech och duerch de Klimawandel erklärt, duerch déi ganz Dréchent, duerch de Borkenkäfer, wou mer jo dann och mussen aus Sécherheetsgrënn an d'Bëscher agräifen an awer och de Bësch méi resilient maachen. Dat heescht, et ass extreem vill Aarbecht. An do wollt ech awer mol nach eng Kéier nofroen, wéi et personaltechnesch ausgesäit, ob mer do gutt opgestallt sinn oder, jo, et gëtt e bësse gegrinst oder, voilà, wéi et do ausgesäit mam Personal.

Well ech ka mer awer virstellen, dass wierklech vill do nach och an Zukunft op eis duerkënnt, wa mer eis Bëscher nach wëlle méi resilient maachen a méi diversifizéieren. Fir eis ass op alle Fall kloer, dass mer musse wierklech en Invest an de Bësch maachen. An dat weist jo och de Plang, dass dat d'Iddi ass. Ech wëll virun allem op zwee Krittären agoen. Dat eent, dat ass den ekologeschen, virun allem mat der Klimakris, virun där mir stinn, musse mer d'Biodiversitéit schützen. Mir brauchen CO_2-Späicher. Dat heescht, et ass wierklech wichteg, dass mer op eng gutt Qualitéit a Gesondheet vun eise Bëscher oppassen. An awer och de sozialen a rekreative Charakter héichhalen. Well ech mengen, eis Bëscher ginn immens vill genëtzt vun de Leit. An dat ass jo och flott. Ech war d'lescht Kéier mol eng Kéier de Kannerwanderwee gaangen, dee jo bal fäerdeg ass. An ech fannen, deen ass ganz flott ginn. An net just fir Kanner. Also, ech hunn elo net de Weitsprungexercice gemaach mat den Déieren. Mä ech mengen, och fir Erwuessener ass de Kannerwanderwee, nee, dat géife meng Knéien net méi matmaachen. Mä en ass awer wierklech ganz flott de Wee an ech mengen dat ass awer och e wichtege Krittär vun eise Bëscher, de sozialen a rekreative Charakter.

An dowéinst ass jo och d'Decisioun geholl ginn, awer e bëssen d'Quantitéiten u Brennholz ze limitéieren. An ech mengen, do si mir jo an där éischter avantagéiser Situatioun, dass mer elo net onbedéngt op déi Recettë vun deem Brennholz do esou ugewise si wéi vläicht nach an Nopeschlänner oder och Nopeschgemengen. An dass mer do eebe kënnen och eise Bëscher erlaben, sech ze regeneréieren. An do hunn ech just nach eng Fro. Et war nämlech an der Kommissioun kuerz iwwert den Holzpräis geschwat ginn. An do war e bëssen ugeklongen, dass et kéint interessant ginn, eng Diskussioun ze maachen, fir den Holzpräis e bëssen ze héijen. Awer sachant, dass mer awer wëllen dee selwechte Präis halen, wéi eis Nopeschgemengen, dass mer do net a Konkurrenz kommen, sachant och, dass mer jo wëlle sozial Präisser weiderhin halen, och well et ass jo fir d'Awunner vun der Gemeng Diddeleng. Mä aus Respekt vis-à-vis vun eise Bëscher, vun der Matière, hunn ech mech einfach gefrot: Ass dat schonn undiskutéiert ginn oder ass dat kee Wee, op deen d'Gemeng wëll an d'Zukunft goen? Ma dann, villmools Merci.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci dofir. Nach Stellungnamen vläicht?

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert. E grousse Merci och vun eiser Säit un de Fierschter a seng ganz Ekipp fir déi vill Erklärungen, déi mer kruten. De Rapport d'aménagement forestier 2024 bis 2033 vun der Administratioun, fanne mer, dass deen immens gutt virgestallt ginn ass. Et ass e wichtege Schratt fir eng nohalteg Gestioun vun eisen natierleche Ressourcen. An dëst Dokument definéiert och eng kloer Strategie an e Plang, fir eis Bëscher op eng Manéier ze regeneréieren, ze erhalen an ze notzen. A mir fannen et flott, dass souwuel déi ökologesch wéi och déi gesellschaftlech Erausfuerderunge gläichméisseg zum Droe kommen. Mir wëssen, dass eis Bëscher net nëmmen Naturraim sinn, mä och en onverzichtbaren Ekosystem mat immens villen Ekosystemleeschtungen.

Eise Bësch spillt beispillsweis eng wichteg Roll bei eiser Loftrengegung an der Produktioun vu Sauerstoff, wat essentiel fir d'Liewen op eiser Äerd ass. Gläichzäiteg filteren d'Bëscher d'Waasser, stäerken domat eis Grondwaasserressourcen an droen dozou bäi, déi natierlech Waasserkreesser ze ënnerstëtzen. Besonnesch an haitegen Zäite vum Klimawandel ass d'Kapazitéit vum Bësch, Kuelestoff ze bannen an domat den CO_2-Gehalt an der Atmosphär ze reduzéieren, ee vun den entscheedende Facteure fir d'Klimaregulatioun. Mir fannen et immens a begréissen et immens, datt eng nohalteg Gestioun mat eisem Bësch gemaach gëtt, datt mer eis Stäre reduzéieren, déi mer op Brennholz erausginn. Genau esou fanne mer et immens flott, wat Dir alles mat Ärem Holz maacht am Sënn vun eisem Blockhaus, wat ugeduecht ginn ass ëmzesetzen. Mir begréissen et, och déi flott Bänken, déi mer ëmmer erëm fir d'Chrëschtzäit kënnen erliewen op eisem schéine Chrëschtmaart.

Mee, mir hunn awer nach kleng zwou Froen. Eng dovunner ass: Mir hu gelies, dass bis zu 54 % vun de Bëscher endommagéiert sinn. Sinn dat déi selwecht Grënn vu sanitäre Grënn oder ginn et do anerer? A wat ech mech elo nach gefrot hunn ass: Wat ass d'Strategie am Doudholz vun eise Bëscher? Merci villmools.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, Merci fir déi dote Stellungnam, ginn et vläicht nach weiderer?

DIOGO COSTA (LSAP): Ech mengen, mir schléissen eis deene Mercien, déi scho gefall sinn, un, sief dat un d'ANF, eis Ekipp vun de Bëschaarbechter a Bëschaarbechterinnen an natierlech de Fierschter. E grousse Merci och fir deen ausféierleche Rapport, och dat ass schonn hei gesot ginn, wou eeben eng ganz Rei Kenntnisser do erausginn. 300 Hektar Gemengebësch hu mer, 90 % dovunner si geschützt, an eist Zil muss et och sinn, déi fir déi kommend Generatiounen ze erhalen. Doduerch eng nohalteg Gestioun vun eise Bëscher de Mot d'ordre ass, an ouni d'Erausfuerderunge, deenen eis Bëscher ausgesat sinn ze vernoléissegen, Erausfuerderunge mat virop dem Klimawandel, dee sech definitiv och haut schonn an de Bëscher bemierkbar mécht. Och dat ass schonn ugeschwat ginn. An ech menge wa mer déi neisten Erkenntnisser vun der Klimakonferenz COP29 ulauschteren, ka keng Partei méi hei am Raum nach negligéieren, dass d'Situatioun eescht ass an sech aktuell nëmme weider verschlechtert.

Ëmsou méi wichteg sinn dann esou Initiative wéi déi, déi hei annoncéiert ginn, fir dem Klimawandel entgéintzewierken, duerch d'Setze vun neie Beemaarten oder eng gesond Mixitéit un den Aarten, de sougenannten Dauerwald, wéi mer deen elo presentéiert kruten, sinn ënner anerem ee vun deenen Ziler aus dem Zéngjoresplang, dee mir definitiv begréissen. Nieft dem Klimawandel, an och dat ass elo schonn eng Kéier ugeschwat ginn, mécht d'Wëld eise Bëscher a Beem ze schafen. Och do geet aus dem Rapport eraus, dass iwwer 55 % vun de Bëschfläche Wëldschied opweisen, 11,2 % souguer en héije Wëldschied. Mat Mesurë wéi d'Uleeë vun engem Weisergitter soll deem entgéintgewierkt ginn. Mä och dat, de Schued u Wëld, bleift definitiv fir déi kommend Joren eng Erausfuerderung.

No dräi Haaptkrittäre soll bewirtschaft ginn, och dat ass schonn annoncéiert ginn, virop den ekologesche Krittär, also de Schutz vun eise Biedem, dem Waasser an den Aartevilfalt an dem CO2-Bilan, deen eebe positiv aus de Bëscher erausgeet, de soziale Krittär, mat virop der Notzung fir rekreativ Zwecker vun eise Bëscher an awer och der Erzéiung a Sensibiliséierung a schlussendlech den ekonomesche Krittär mat virop der Produktioun vu Bëschholz. Wéi gesot, mir begréissen nach eng Kéier dee Rapport a soen nach eng Kéier Merci fir déi Aarbecht, déi geleescht gouf a stëmmen deen heiten Deel natierlech mat. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci fir déi dote Stellungnam, den Här Steffen w.e.g.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, Här Spina. Ech hunn elo e bëssen aus de Rieden erausféieren, dass mer eis positionéieren zum Plan de gestion och iergendwéi esou mat, dass eng kleng Vermëschung vun deenen zwee Punkte war, quitte dass d'Presentatioun elo éischter deen doten Deel war. Mä ech schléisse mech dann deem un. Also Merci fir déi

Presentatioun hei, déi och elo nach wäert weidergefouert ginn, denken ech. Och Merci fir déi ganz interessant Kommissiounssëtzung vum 21. Oktober, déi mer haten um Site vun Affilux. An och eeben e ganz grousse Merci fir déi gutt a fir déi vill Aarbecht un an am Bësch ronderëm dat ganzt Joer, där ganzer Ekipp an och dem Fierschter. Bon, de Klimawandel an déi domat verbonne Wiederextreemer stellen eis och an der Gestioun vun de Bëscher, vun de Grénganlagen an esouguer doheem bei eise private Gäert ëmmer erëm viru grouss Erausfuerderungen.

Mir brauche méi resilient Bëscher a freeën eis, dass zu Diddeleng 95 % dovu geschützt sinn. Si bidden, nieft der bedroter Biodiversitéit, och dem Mënsch déi néideg Réckzuchsméiglechkeeten, sief et fir am Kapp ofzeschalten, op aner Gedanken ze kommen, awer och fir kënne kierperlech aktiv ze sinn zu Fouss oder, Dir kënnt lech et denken, ganz gär och mam Vëlo. Dofir si mir natierlech frou, dass den Erhalt vun dëse geschützten Habitaten, wéi och d'Verbesserung vun der Biodiversitéit, déi zwee Haaptobjektiver sinn an der Gestioun vun de Bëscher. Bei den Erklärungen zum Forstplang war et och ganz interessant nozelauschteren, dass d'Bëscher eebe fit gemaach gi fir d'Zukunft, dass se eebe méi resilient solle ginn, fir d'Ausfäll ze reduzéieren. Och interessant war et, fir en Ableck ze kréien, wéi ëmmer erëm ofgewie gëtt, dat war an der Kommissioun relativ kloer ginn, dass ëmmer erëm ofgewie gëtt tëscht der Exploitatioun an dem Leieloosse vu gefalenen Äscht, vu gefalene Beem, déi jo iergendwéi och déi Närstoffer awer mussen ofginn, fir d'Liewen ze garantéieren an deene Couchen ënnert der Bamkroun an um Buedem eeben.

Dat ass natierlech eng gutt Erklärung, wann d'Leit duerch de Bësch ginn, einfach och ze wëssen, voilà, dat wat do läit, dat läit och bewosst nach do. Ech hat mer de Saz opgeschriwwen, där géift ëmmer e Wee sichen tëscht vill am Bësch maachen an net vill am Bësch maachen. Ech mengen, dat beschreift ganz gutt, wéi een do muss ofweien, wat ee wéi mécht. A wann ee gären Zäit am Bësch verbréngt, da versteet een och, wat dermat gemengt ass. De Fokus läit op der Sécherheet. Ganz kloer kann een net ëmmer eng honnertprozenteg Sécherheet gewähren, virun allem wa mer kucken, déi extreem Wiederverhältnisser, déi ëmmer méi an ëmmer méi oft sech widderhuelen.

Drécheperioden, Staarkreen, Stierm, déi ëmmer méi gewalteg ginn. An dat mécht dem Bësch och ze schafen. Dat heescht d'Problemer, denke mer, si bekannt. Eis huet am Fong och e bëssen, bon, et mécht eis schonn eng Zäit Suergen, den Zoustand vun de Beem, och vun deene laanscht d'Strooss, dat heescht d'Stroossebeem, wou nach just 15 % ouni Schued sinn, wat wierklech eng katastrophal Feststellung ass, an nach eng Kéier déi ganz Klimaurgenz ënnersträicht, an där mer eis befannen. Ech ginn elo net nach eng Kéier drop an, well herno hu mer nach eng Motioun um Ordre du jour stoen, hoffentlech nach haut den Owend, net muer de Moien, mol kucken, wou mer erauskommen, wou mer nach eng Kéier vläicht méi prezis och kënnen op deen dote Volet agoen.

Unerkennend maache mer awer och sécherlech d'Aarbecht vun de Fierschter an der Naturverwaltung, well se eeben och beméit sinn, deem Ganzen entgéintzewierken a mam Planze vun de resilienten Aarten eng natierlech Verjéngung ustoussen. An dat Ganzt, dat brauch e laangen Otem an ass net vun haut op muer ze gesinn. An do wäerte mer dann awer déi nächst Joerzéngte nach dovun eppes hunn. An dann d'Stroossebeem, d'Baminselen, dat wichtegt Element fir eis Stroossen a Plazen och am Summer kënnen ofzekillen an och déi enorm Waassermasse bei Staarkree kënnen ofzebremsen. Mir sinn och der Meenung, dass et wichteg ass, sech do eng gutt Strategie ze ginn, fir wierklech esou den allgemengen Zoustand vun eise Beem ze verbesseren, respektiv op engem gudden Niveau erëm eropzekréien.

D'Madamm Thoma huet ugeschwat, d'Ardenner Päerd Pola, ech hat mer den Numm opgeschriwwen, huet och wierklech jiddereen impressionéiert an et war wierklech eng Chance, dass mer dat erlieft hunn. A Kombinatioun mat de Schof ass et wierklech flott ze gesinn, wéi d'Déieren och zesumme mam Mënsch kënnen am Bësch zum Asaz kommen. Un dee Peloton vu Schof huet ee sech mëttlerweil gewinnt am Süden, wann een oft ënnerwee ass. An ech freeë mech och elo schonn drop, d'Pola ze begéinen, wann et am Déngscht ass.
Mir hätten allerdéngs eng Fro betreffend den Eecheprozessiounsspënner, wou mer gesinn hunn, dass, also mir si frou driwwer, dass de Problem schéngt zum Deel am Gréff ze sinn an dass sech och hei elo d'Mëttele gi ginn, fir ze sprëtzen an engem Mooss, wou mer soen, voilà, mir kucken esou mann ewéi méiglech ze maachen, mä esou vill wéi néideg.

Do wär awer eng Fro vun eiser Säit zu den Nistkästercher fir d'Blomeesen, déi jo am Kader vum Budget participatif gesat gi sinn, ob mer kënne soen, dass dat en Impakt drop huet op d'Populatioun, ob een do iergendwéi en Zesummenhang ka gesinn oder net. Vläicht ass et och ze fréi fir et ze soen, respektiv wat domat geschitt, ass dat eppes wat mer ausbauen, ass dat eppes, wou ee restauréiere muss, iergendwéi esou peu à peu, wann déi éischt ufänken, futti ze goen. Also, ech kennen déi bei mir aus dem Gaart, do fiert reegelméisseg esou en Dëppchen awer ewech an déi mussen ersat ginn, bei mir mol zumindest, ech ka mer denken, dass Dir do anerer hutt, wéi déi normal 0815. Flott ass et dann awer och, an domat géing ech dann op en Enn kommen, déi pedagogesch Aktivitéiten nach eng Kéier ze ënnersträichen, déi an eise Bëscher stattfannen.

Mir waren och frou, an der Kommissiounssëtzung ze héieren, dass eng Toilette op de Site vun der Affilux kënnt, well ech mengen och dat hëlleft den natierleche Bedürfnisser an engem natierlechen Habitat kënne Rechnung ze droen. Op d'Blockhaus an der Le'h freeë mer eis och, well mer denken, dass dës flott Usätz ganz wichteg sinn, fir d'Generatioun vu muer, fir deenen och d'Léift zu der Natur nozebréngen, an se vu fréi un am Fong domat auserneenzesetzen, dass d'Bëscher wichteg fir de Mënsch sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen, fir déi dote Stellungnam.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Vu menger Säit och e grousse Merci éischtens emol fir d'Presentatioun, virun allem déi ausféierlech Presentatioun, déi am Oktober um Site vun der Affilux virgedroe gouf. Et huet een direkt gesinn, dass Dir lech ganz seriö Gedanken ëm d'Zukunft vun eise Bëscher maacht, wat mer ganz gutt gefall huet, an och op all Fro, egal wéi detailléiert se war, konnt äntweren, dass ee gesinn huet, dass Dir déi richteg Ekipp op der richteger Plaz sidd. An dat véier Joer aalt Pola huet natierlech dann och gewisen, dass hatt eng wäertvoll Mataarbechterin do wäert sinn, et ass, wann ech richteg leien, nach an der Formatioun, déi awer deemnächst da wäert ofgeschloss sinn an dann hoffen ech, dass mer hatt eng Kéier dann a ganzer Aktioun kënne bewonnere kommen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter. Just eng Klengegkeet. Ech wollt just nach eng Kéier, fir d'lescht dann elo. Ech war mol President vun der Familljekommissioun an hat dee Projet do, deen d'Madamm Thoma elo grad gesot huet, nach mam Guy Rassel ugefaangen. Et war allerdéngs, et ass och schéin dat ze héieren, dass en lech gefall huet, mä et huet wierklech laang gedauert, bis mer wierklech d'Arrivée gesinn hunn. Also, nach eng Kéier Merci, trotz allem. Et waren Deng Beméiungen ëmmer, fir am Sënn och vun de Kanner ze hëllefen, mengen ech, an dat verdéngt awer e gewëssene Luef. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Sinn nach weider Froen? Nee. Da géif ech vläicht d'Wuert zeréckginn un de Guy Rassel.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP - SCHÄFFEN): Ech proposéieren de Guy Rassel äntwert op déi Froen an da musse mer de Plan de gestion kuerz nach eng Kéier presentéieren an dann déi zwee separat zum Vote awer komme loossen. Mir haten elo hei e bëssen duerchernee geschwat am Ganzen.

GUY RASSEL (FIERSCHTER): D'Personal, dat war jo déi éischt Fro. Eigentlech si mer do gutt. Mir hu siwe Leit, zesummen zwar mat Beetebuerg, wou mer eis esou ausléinen, et si jo Staatsaarbechter an da ginn se au prorata, wat se bei der Gemeng geschafft hunn, um Enn vum Joer facturéiert. Mir wëllen och elo net onbedéngt do nach méi Leit astellen, well dat sinn esou Frais-récurrenten, déi een ëmmer huet. Wat een nach kéint envisagéieren, dat wär ee Mann, wéi ech soen, wéi eise Marc Hoffmann, deen déi flott Saachen do ka maachen, déi flott Bänken, déi flott Blockhaiser an esou. Dat feelt eis effektiv. Dofir komme mer mat deene Projete, wou mer hunn, och net onbedéngt esou weider, wéi mer eis dat heiansdo wënschen. Déi eng Säit ass Personal, Salaireskäschte, mä wéi gesot, déi kommen ëmmer erëm. A wa mer méi grouss Projeten hunn, da kënne mer jo nach op Entreprisen zeréckgräifen. An dat ass jo deen aner Punkt vum Plan de gestion och. Et ass u sech flott, well do muss een och d'Gemeng luewen, datt dat ëmmer esou fonctionéiert huet, och mam Material. Do war Diddeleng eng vun deenen éischte Gemengen, wou immens gutt ausgerüst war, wou ëmmer gutt verwinnt gouf an och deementspriechend konnt dann och hire Bësch esou bewirtschaften.

Déi Fro mat 54 % endomagéiert am Bësch. Effektiv, dat ass multifaktoriell, dat huet domat ze dinn, mat Krankheeten, déi opgetaucht si wéi Eschentriebsterben, wou effektiv ganz Parzellen einfach futti gaang sinn. Mir hunn och esou eng uewe beim Sender, déi ass och amgaang futti ze goen. Mä duerch de Som, wou eraflitt, kommen awer erëm aner Saachen drënner. Mir wëllen do och elo net ze vill stéieren. Ech mengen do wäert sech e Bësch erëm installéieren. Et brauch eebe just e bësse méi laang Zäit. Dat ass dat eent. Dann huet een de Borkenkäfer, dann huet een déi Drécheten, wou de Buche elo zougesat hunn, deemno a wéi eng Biedem een ass. Also, et ass wierklech multifaktoriell, déi ganz Saach. An déi Beem eebe, wou net standortgerecht sinn, notamment d'Fichten, déi op eng aner Héicht am Ausland virkommen. A wann se hei geplanzt goufen, och wou den Nidderschlag nach méi héich war, an elo eeben déi lescht Jore manner war, leiden déi immens an déi ginn dann einfach, stierwen of.

Punkto Strategie Doudholz, do ass et esou, datt mir immens vill Wäert drop leeën, op steeëndes a liegendes Doudholz, well do verschidden Déierenaarten dorop ugewise sinn. Et ass allerdéngs esou, datt de Recensement vun deem Doudholz wär immens opwenneg. Do ass et emol eng Direktiv ginn, datt mer misste véier Beem pro Hektar ausweisen. Dat ass och an deem meeschte Revéier gemaach. Diddeleng ass net ganz komplett. Mä do ass et awer esou, datt d'Verwaltung mam Ministère amgaang ass, eng aner Méiglechkeet do probéieren ze entwéckelen, wéi mer dat kéinten opschreiwen, respektiv et geet do drëms, et och ze dokumentéieren. Mä et ass immens opwenneg, well dann huet een e Biotop an dee stierft dann of, da misst een erëm en neie sichen. Also, dat ass schonn och nach eng Kéier puncto Manpower opwenneg. Mä mir si sécher iwwert deenen - mir probéieren herno mat Stéchprouwen ze maachen, fir ze kucken, wéi héich mer sinn, mä mir leien iwwert deene véier pro Hektar.

Dann d'Stroossebeem. Ech mengen déi 15 %, déi kommen aus dem IFN, den Inventaire forestier national. Iwwert zéng Joer ass do gekuckt ginn, wéi de Bëscht sech entwéckelt huet. An dee leschten IFN, den Inventaire forestier national, deen huet gesot, datt eebe just nach 15 % vun de Beem gesond sinn. Ech mengen, et war elo net direkt op d'Stroossebeem gemengt, mä de Constat ass awer en änlechen. Ech kommen elo am Plan de gestion nach eng Kéier dorop zeréck. Den EPS, ob et do schonn Auswäertunge ginn, punkto Blomeesen, do kann ee soen, datt et sécherlech eppes déngt. Wéi vill, ass schwiereg ze soen, och am Ausland probéieren se dat ze chiffréieren. Et ass hinnen awer och nach net gelongen, wat kloer ass. Wann esou eng Populatioun explodéiert, da sinn d'Blomeesen och nëmmen negligeabel, wat se do bréngen. Mä wann een awer elo Populatioune wéi dëst Joer huet, wou et net grad esou héich war, do kann et scho sinn, datt se

dann awer e gudden Deel vun den Eecheprozessiounsspënner do friessen an och manner Näschter ronderëm ze fanne sinn. Mir haten och do mat der Ornithologin gekuckt. Et mécht elo net méi Sënn, nach méi Nistkästerchen dohinner ze hänken. Ech mengen, mir hunn an déi siwwenzeg Stéck. An dat war och esou vun den Ornithologin virgi ginn. Voilà, ech géif proposéieren, datt ech da weiderfuere mam Plan de gestion.

Dann de Plan de gestion fir d'Joer 2025. Déi 222 Hektar, wat mer elo gesinn hunn, wat exploitabel ass, d'Le'h ass do ewech gerechent, well dat éischter ee rekreative Charakter huet. Bois long, dat ass quasi dat integral wat an d'Brennholz geet. „Grume", dat si Stämm, Eechestämm, Buchestämm, Eschen, Ahorn. Diddeleng huet do eng immens Diversitéit, notamment ronderëm de Sender, well de Buedem dat einfach zouléisst och. Do komme mer op eng Recolte vun Holz vun 368 Meterkibb. Do si mer wäit ënnert deem, wat mer u sech nach dierfen. Dat wäre jo dann tëscht 700 Meterkibb. Also, mir halen eis do bewosst drënner, well mir wëssen, mir hu vill al Beem. Mir hunn dat virdru gesinn an der Grafik. A wa mer déi al Beem, déi hu riseg Krounen, wa mer déi oprappen, da kréie mer wuel d'Naturverjéngung, mä da leiden all déi Beem ronderëm, wou de Sonnebrand kréien, aAn da ginn déi natierlech méi séier futti. Dofir gi mer am Moment duuss dran, ausser an Eechen, wou mer eventuell punktuell méi staark dra wäerte goen.

Punkto Brennholz. Jo, do ass et esou, datt dëst jo eeben e bëssen erofgaange ass, wa mer et limitéiert haten op déi zwee Stär pro Menage. Dat war och gutt esou, well mer jo dovun ausgaange sinn, datt op der Afilux elo ugefaange gëtt ze bauen. Bon, dat gëtt elo e bësse méi spéit. Dat gëtt dann Ouschteren d'nächst Joer, wou se ufänken. Mä mir kënnen de Site elo net méi esou benotze wärend där Bauphas, wéi virdrun. Dat heescht, ech géif proposéieren, datt mer do op deenen zwee Stär bleiwen. Punkto Präis, do kann een envisagéieren, mä dat ass dann éischter d'Politik, wou dat soll entscheeden. A mir huele do eng Kéier Récksprooch och mat den Nopeschgemengen, wéi déi dat gesinn. Mä et ass alles an d'Luucht gaang vun de Präisser. Dat ass richteg, datt een dat kann eng Kéier uschwätzen. Jo, mat all deem aneren Holz, wéi déi 60 Meterkibb wat ufält oder duerch d'Securisatioun, kucke mer dat sou gutt wéi méiglech ze notzen. Wann et elo net grad Wäertholz ass, kënne mer Bänken draus maachen. Do gesitt Der, den Aarbechter, deen ass amgaangen do fir e Blockhaus d'Schuel erofzehuelen.

Dann, fir d'Schoulen, fir d'Schräinerei oder d'Gäertnerei, do hate mer dëst Joer relativ vill, fir Projet-Spillplazen, wou Eeche ronderëm gesat gi sinn, fir sech drop ze sëtzen. Hochbeeter hu se och gebaut. An dann um Site selwer hu mer nach eng Annexe, en Hangar bäigebaut, och dann aus dem Holz hei aus de Bëscher. Dann, Dir hätt et ugeschwat, dat do ass am Bësch, also dat baséiert op deene Prozenter op den Inventaire forestier national, dat heescht, op de Bësch selwer.
Mee, wat mer gesinn am Stadbild, do war eng Zeder beim Spidol, an all de Stroossen, sinn d'Stroossebeem, déi sinn ofgängeg. Wann se net grad ganz futti sinn, stierwen se an de Krounen of, d'Tribäscht. Et ass wierklech alarmant an ech hat elo eng Kéier nogekuckt, wéi vill Beem ugefrot goufen. Et goufen 78 Beem bis elo dëst Joer ugefrot. Dat ass effektiv méi héich wéi déi Jore virdrun. Mä de Service Jardinage kuckt awer fir déi alleguerten och ëmmer erëm direkt ze ersetzen. An notamment hu mer och do e gudden Austausch, si kucken och d'Baminselen, ob se waasserduerchlässeg sinn oder net. An noutfalls maache se e Bamsubstrat dran. Dat ass zwar käschtenintensiv, mä domadder hunn d'Beem effektiv méi Chancë fir méi al ze ginn. Dat hei war elo d'Zeder beim Spidol. Wa mer schéi Beem hunn, dann hale mer déi och, déi huele mer mat op de Site op d'Affilux. An do ginn se opgeschnidden, fir se da spéiderhin an der Schräinerei eng Kéier ze verwäerten. Voilà, da ginn ech eng Kéier duerch all Massif forestier hei aus dem Daerebësch-Waal.

Do, wéi gesot, setze mer op d'Eecheverjéngung, well dat och esou am Naturschutzgebitt virgesinn ass, och am Natura 2000 Gebitt. Mir mussen se clôturéieren, well effektiv d'Réiwëld huet esou eng héich Densitéit, datt mer soss net méi reusséieren, do d'Eechen opzekréien. Dat ass esou, et ass net hei eleng am Triage, dat ass am ganze Süde vum Land, wann net am ganze Land souguer. Dann, d'Weeër ginn nach ëmmer eemol d'Joer mam Päerd geméit. Dann, wat nei ass, bon, op der Haart hutt Der d'Schof nach ëmmer gesinn, all Joers, an elo ass eng Parzell déi vun der Gemeng, do misst och elo Kontrakt mengen ech ënnerschriwwe sinn, mam selwechten Hiert, deen op der Haart ass, wou eng Fläch ass, do ware mengen ech fréier Fichten - Richtung Zoufftgen - an dat ass eng Wiss, an dat géif den Hiert dann och elo mat beweeden. Dat ass dann eng Gemengefläch. Well ee souwisou um Wee aus dem Waal do laanscht geet, bitt dat sech un, fir dat do matzemaachen.

Dann de Waal selwer, do hu mer nach en zweete Projet fir, do gesitt Der eng Kéier alleguerten eis Mardellen. Do sinn et der vill am Wal, ech menge fréier war dat och dofir bekannt, datt de Waal geféierlech wier, zielen d'Leit mer. Hanne gesitt Dir de Parking. An déi Mardellen, et ass natierlech esou, doduerch datt schonn Holz do erausgeholl ginn ass, kënnt d'Luucht eran an do sinn déi komplett zougewuess. Dat heescht, déi erfëllen hir Funktioun net méi. An do fänke mer un, hei ass nach eng, déi e bëssen erop ass, mä déi aner, do konnt ech keng Foto maachen, do gesitt Der just Beem. An do wäerte mer elo do en Defraîchement maachen, dat heescht Beem, eraushuelen, awer just Beem, well mer net elo an d'Mardell selwer elo dra gi mam Bagger, op jidde Fall net an se alleguerten, fir se auszehiewen, well vun de Klimafuerscher ass dat als immens wäertvoll ugesinn, fir do Réckschloss ze kréien, wéi d'Klima sech entwéckelt huet op eng ganz laang Period. Dat heescht, mir maache just den Defraîchement.

An dann am Thilleweier, Richtung Zoufftgen och, do hate mer jo schonn d'lescht Joer, d'virlescht Joer déi Renaturéierung gemeet, méi natierlech de Baachlaf gestalt. D'CFL ass amgaang, uewendriwwer och eng Mesure ze maachen, fir do wou d'Waasser aus dem Quartier Lenkeschléi gëtt bis dohinner geleet duerch de Bësch, verschwënnt dat ënnert d'CFL. Do hu se elo missen eng Mesure maachen, datt d'CFL-Streck stabil

bleift, datt do kee Risiko ass. Do hu se dat versickert do am Buedem an do hu se dat missen opmaachen, duerch e Rouer, en dann eng Kéier renaturéieren. An da bleift nach dee leschten Deel hannert dem Thilleweier, do ass d'Digue am Moment futti, déi musse mer flécken. An da géife mer dat selwecht maachen, wéi mer d'lescht Joer, d'virlescht Joer gemaach hunn - dat ass zimmlech rectiligne, zimmlech geruedlinneg - an dat da méi natierlech gestalten, datt de Gruef net grad sou déif ass, dann hätte mer déi ganz Partie do vun der Baach renaturéiert. Do ass et och esou, well et am Natura 200 Gebitt ass, ech mengen, do iwwerhélt d'Gemeng d'Planung an de Staat ka souguer do Sue mat finanzéieren, fir d'Exekutioun.

Voilà, dann de Waal, nach eng Kéier den Daerebësch, dee ganze Massiv, do ass och elo d'Naturschutzgebitt drop. Dat do ass d'Wëldbréck. Esou gesäit se aus, dat war elo leschte Mount. An do probéiere mer och elo, lénks a rieds eng Alholzinsel ze leeën, datt mer do net méi dra schaffe ginn, datt do effektiv Rou ass an deem Beräich vum Bësch, datt d'Wëld do kann a Rou iwwert d'Autobunn do, iwwert déi nei Wëldbréck trëppelen. En Austausch do.

Voilà, da komme mer an d'Le'h. Bon, do den Haaptproblem ass den EPS an eeben d'Sécurisatioun, wou effektiv en Challenge bitt. Den EPS, dat huet sech elo da vun der Natur selwer, ass dat e bëssen ofgeklongen. 2022 hu mer jo nach ganz gesprëtzt. 2023 hu mer nach, ech mengen aacht oder zéng Hektar gesprëtzt, just déi rout Saachen. Virdru gëtt ëmmer e Monitoring gemaach, do gëtt kuckt, wou am meeschte Befall ass vun de Beem vum Eecheprozessiounsspënner, wou déi Näschter sinn. Do waren et der dann nach relativ vill. An dëst Joer gesi mer, just nach südlech waren nach déi rout Punkten do. Dat ass do, wou méi grouss Näschter sinn a méi beieneen. Déi leien awer ausserhalb vun der Waldschoul, wat mer definéiert haten: de Bëschrand laanscht den Déierenasyl, de Kloterpark, de Restaurant an d'Spillplazen. Dat do läit ausserhalb, do hu mer gesot, da probéiere mer eng Kéier, ech mengen do hate mer mat de Gemengeresponsabele rieds, do probéiere mer eng Kéier net ze sprëtzen. Et war e bëssen e Risiko, mä et ass awer gelongen, well esou vill Reklamatioune krute mer net. Aus dem Kloterpark e puer. Awer net esou, datt ee misst elo nach eng Kéier sprëtzen. D'nächst Joer ass dann nach ëmmer e Monitoring virgesinn. Dat sinn 12.000 Euro ongeféier. Et sinn der 35.000 Euro am Budget, wann ee misst sprëtzen. Mä mir hoffen emol, datt mer déi dann net brauchen.

Voilà, da mer de Bamkadaster, dee wollte mer iwwert d'ganz Le'h op déi sensibel Plaze leeën. Mä do ass et esou, datt déi Firma, déi Entreprise, déi et hei zu Lëtzebuerg gëtt, do gëtt et eigentlech momentan just eng, déi dat esou ganz exakt mécht, an déi ass awer därmoosse surchargéiert, dat se dat elo am Moment net ka maachen. Mir hunn elo e Kontakt am Ausland, wäerten déi lo nach eng Kéier uschreiwen, ob déi eis dat kënne maachen. Jiddefalls geet et drëms, en Historique ze hunn, fir wann eng geschitt, datt mer kënnen noweisen, datt mer eng Analys gemaach hu vun de Beem, datt mer se all eng Kéier gekuckt hunn, pro Joer, oder zweemol pro Joer, an datt déi Mesuren, wou mer gemaach hunn, datt déi och niddergeschriwwe sinn a grafesch festgehale sinn. Do schaffe mer drun, mä do musse mer elo kucken, ob mer do e Büro fannen, deen eis do mathëlleft.

De Kannerwanderwee ass zu 90 % fäerdeg, et feelt nach ee Spill. Hei ass mol nach eent elo gesat ginn, d'lescht Woch, ënne riets, an et feelt lo nach eent. Déi gi gesat an da kënnt Luxcontrol fir et ofzehuelen an da kënnen d'Kanner drop goen. Dann, wat an der Le'h elo nei war dëst Joer, do hu mer nach eng nei Krankheet bäikritt, dat gesitt Der un den Ahornen, dat ass d'Ahornrusskrankheit. D'Schuel gëtt ganz schwaarz an déi bréckelt och esou of a fir d'Otemweeër ass dat relativ geféierlech. Dat sinn esou Sporen, déi kënnen an d'Otemweeër goen. Wann een Asthma huet, wann een elo no bäi wier an et géif ee mat der Motorsee dra schneiden an déi Spore géifen dann an d'Longe kommen, da kéint ee mol eng Kris maachen. Wann en einfach esou do steet oder fält ëm, ass keng Gefor. Mä wann eis Aarbechter d'Beem ëmmaachen, da musse se Masken droen, wéi wann een Asbest erofhëlt. An déi mussen dann an engem zouene Container oftransportéiert ginn. D'Verwaltung ass amgaang ze kucken, ob et do net eng Méiglechkeet gëtt mat Sidor, datt se do kënne verbrannt ginn. Mä elo hu mer se mol an de Bësch gefouert, wou keng Ahorne sinn - net datt mer déi dann ustiechen - an hu se do getippt.

Da komme mer op de Gehaansbierg. Do am gréngen Deel gesitt Dir eng Kéier, wat d'Gemengefläch ass, well mir kréien ëmmer erëm vill Remarken iwwert de Gehaansbierg. Mä dee gréng schrafféierten Deel, dat ass dee Wee, wou ronderëm geet, dee mécht d'Limitt. Ënnert deem Wee, dat ass Gemengebësch a wat driwwer ass, dat ass privat. Do gëtt et zwar eng Konventioun mat der INPA, fréier Sites et Monuments. Mä do hu mir als Verwaltung eigentlech näischt domat ze dinn an d'Gemeng och net. Net direkt zumindest. An do läit de Fokus, bon, do hu mer elo d'lescht Joer dee Wee jo nei gemeet, well dee jo relativ futti war, aus der Rue du Chateau-Fort op. An elo dëst Joer sollt nach de Wee gemeet ginn um Bëschkierfecht. Mir waarden nach op d'Autorisatioun vum Ministère, datt déi zeréckkënnt. Soubal déi do ass, wäerte mer dann déi Aarbechte maachen. Do si Fotoe vu Beetebuerg, déi mer virun zwee Jore gemeet haten. Mir ginn do net an de Buedem gruewe mam Bagger, do gëtt just lénks a riets en Holzstamm gemaach vu fofzéng Zentimeter. An da kënnt Concassé aus der Karriär, kënnt dann drop. Mir ginn elo net an déi Wuerzelen do baggeren. Mä d'Leit hu Recht, datt wann et naass ass, notamment well de Bëschkierfecht hei zu Diddeleng och nach an der Pente läit, datt dat net esou gutt accessibel ass, zemools wann ee lo eeler ass an net méi esou gutt op de Féiss. Dat versti mer. Den Daach, dee misst och nei gemaach ginn. Do reent et am Moment eran. An d'Kulange sinn och, wéi Der gesitt, kromm a futti. Do kucke mer elo duerno, dat ass am Budget fir d'nächst Joer dran.

De Ginzebierg, do ass et esou, datt d'CREOS eng nei Leitung muss zéien, fir erop bei de Sender. Do ginn et awer nach e puer Varianten, mä mir sinn do a Gespréicher mat der Gemeng a mat hinnen zesummen.

Eventuell wär dat doten eng Variant. Dat ass dee Wee, wann der laanscht Bouclub weidergeet. Wann d'CREOS déi Aarbechte mécht, hätten se och gären eng Accessibilitéit. Déi géifen deen da fir näischt och op hir Käschte consolidéieren. Dat ass en immens Bulliswee. Et misst een dee jo elo net esou grouss maache wéi déi aner Bëschweeër, mä fir d'Leit wär et natierlech e Plus, wann dee géif och befestegt ginn. Et muss jo elo keng dräi Meter fofzeg sinn. Voilà, de Sentier transfrontalier, deen ass begeebar. Just dee leschte Punkt krute mer nach net hin. Wann et dréchen ass, kann een e roueg goen, en ass op, en ass och securiséiert. Et ass just déi lescht 50 Meter, 100 Meter. Do geet et därmoosse géi erop mat Trapen, do konnte mer nach net intervenéieren, well d'Wieder et nach net zougelooss huet.

Dann de Parking Ginzebierg, bon, do wäert d'Bild sech e bëssen änneren, well aus Sécurisatiounsgrënn musse mer och do déi dräi déck Beem, déi do stinn, ewechhuelen, déi setzen d'Krounen zeréck, do sinn all Joer méi doudeg Äscht, wou do kommen, wou do erëm um Buedem leien, et sti vill Autoen drënner, et gi vill Leit drënner fort, kommen erëm un. Dat heescht, déi musse mer ewechhuelen. Mir probéieren, op där doter Plaz, well et wierklech en Accueil ass jo fir d'Leit vir ronderëm, datt mer vläicht do direkt dräi méi grouss Beem erëm an d'Plaz setzen, datt dat direkt no eppes ausgesäit. Mä déi do mussen op alle Fall aus Sécherheetsgrënn, sou déck an esou schéi wéi se och sinn, ewechkommen.

Dann hate mer dëst Joer, exceptionell, do war e ganz Feld ënner Waasser. De Bauer wollt derduerchfueren, mä ee war hänke bliwwen. Dat war doduerch, datt eng al Quellefaassung, déi soss an de Waasserbaseng gaang ass, déi awer net méi dierf ugeschloss sinn, datt do ee Rouer zou war, an do ass et iwwert deen zweeten Iwwerlaf gelaf, do duerch de Bësch iwwert de Bëschwee an d'ganz Feld. An déi Quell, déi bréngt immens vill Waasser iwwert d'ganzt Joer. Do hate mer da gekuckt, wou effektiv wou d'Waasser hierkënnt, wou et hi leeft mat deem Produit. An déi kënnt elo laanscht dem Bëschwee eraus, also duerch den Iwwerlaf, eigentlech flott, well do ginn immens vill Beien drénken, d'Hënn kënnen do am Summer drénken, d'Wëld och. An amplaz dee Rouer elo nach eng Kéier opzemaachen, hu mer gesot - d'Waasserwirtschaftsamt prekoniséiert dat och - datt mer et éischter iwwerflächlech lafe loossen, wéi an engem Rouer. Dat heescht, da géife mer déi do um Punkt oploossen a laanscht de Bëschwee probéiere mer elo ze leede bis bei d'Strooss, datt et do da fortleeft. Mir hunn dat elo provisoresch gemeet, mä do wäerte mer nach eng Kéier laanscht de Bëschwee dat nei gestalten. An dann hu mer zwee Point-d'eauen, eng Kéier d'Dauwequell, déi Säit zu Frankräich, an dann hei och fir d'Déieren dann. Voilà.

D'Frankelach hutt Der vläicht scho gesinn. Bon, déi op der Visitt ware jo och, dat gesäit elo méi schéin aus. Deen ale Parking ass elo schlussendlech dann nei gemaach ginn. Als Accueil och fir d'Réserve naturelle Haart ass dat natierlech vill méi flott. An integréiert gouf och en Deel vum Projet participatif, wou jo d'Demande war fir déi Weeër op der Haart, wann een elo net grad vum Diddeleng ass oder ëmmer an de Bësch spadséiere geet, datt een sech do besser erëmfënnt. Eng Säit ass de Panneau mat den Explikatiounen zu der Haart an déi aner Säit ass de Panneau mat de Weeër, deen do steet, an och an den Nopeschgemengen, déi dann un d'Haart do ugrenzen. Rekreatioun, wéi ëmmer op Demande, am Moment gëtt vill bestallt, well gläich Kleeserchersdag ass. Da sinn eis Aarbechter elo amgaang dat ze maachen. Waldschoul, déi komme jo mëttlerweil iwwert e Mount, souguer zwee Méint d'nächst Joer mengen ech, bei eis op de Site. Da si se och eraus aus dem Eecheprozessiounsspënner-Gebitt. Dann ass do keng Gefor. Si maachen dann den Tour iwwert d'Haart. D'oppe Land kréien d'Kanner dann erkläert a kommen da jo bei eis op d'Affilux zeréck a benotzen do deen Hangar, wou dee och d'lescht Kéier war.

Mam ORT si mer och amgaang eng Kéier ze kucken, ob mer net kënnen op verschiddenen Accèsen, wéi am Ellergronn, do gëtt esou eng Bande an de Buedem gemaach, ob mer kënne kucke wéi vill Visiteuren effektiv d'Haart benotzen an och de Ginzebierg. Mir haten do mam ORT an hei mat der Gemeng och geschwat, fir dat vläicht op verschiddene Punkten ze maachen. Dann hätte mer e Vorher an nachher, notamment wann de Quartier NeiSchmelz herno fäerdeg ass, da gesi mer, wéi dee Flux do wäert evoluéieren. Voilà, an dann ee vun eisen Aarbechter mécht ëmmer eng Krëppchen am Altersheim, mat opgestoppten Déieren, dat ass och ganz léif. An da kommen och nach d'Cyclen 1. Mir wollten dat och elo op de Cycle 1 limitéieren, datt se op d'Affilux kënne kommen. Well, wéi gesot, mir schaffen nach do, och deen Hangar brauche mer fir d'Geschier ënnerzestellen. Mir raumen dee gär, wann d'Klasse kommen, mä mir kënnen elo net all Cycle do empfänken. A fir de Cycle 1 mam, mir hunn do en Nistkästchen, wou ee kann erakucken, mir maachen hinnen dann e Feier un, dat kréie mer nach gemeet mam Personal.

Do war jo d'lescht Joer rieds, do hate mer jo gesot, mir géifen analyséieren, et war jo ëmmer eng Demande fir en Haische vum Schoulpersonal op der Haart. Bon, déi do zwee waren a Fro komm. Dat uewe rieds war ee Moment zeréckbehale ginn, datt mer dat géifen e bëssen an d'Rei maachen. Mä do koum direkt hannendrun vum Schoulpersonal och, datt d'Toilettë gutt wiere fir do ze sinn. Bon, da krute mer natierlech e Refus och, am Naturschutzgebitt gi mer elo keng Toiletten hin installéieren. Dofir si mer eis elo eens, datt mer op der Affilux selwer, do wou deen ellene Container elo steet, datt mer deen ewechhuelen, an datt mer do och e klengt Blockhaus bauen, wat da fir eis och fir d'Lasermaschinn wier, déi am Moment zu Fréiseng an eisem Büro steet, da kënne mer déi dohinner huelen, well dat isoléiert ass, a fir de Cycle 1 a fir d'Waldschoul, déi zwee Méint kënne si deen da benotzen. Do hu mer och clôturéiert hannendrun, datt d'Kanner net an dee Beräich kommen, wou mir schaffen.

Voilà, dat ass och am Budget mat dran. D'Holz géif de Staat stellen an dann eng Dall géissen an den Daach maachen, dat hat ech elo an d'Gemengebudget gesat. Do ass eng Maschinn, wou mer elo nach kaf hunn, fir och d'Kannersaachen ze maachen, mä dat muss och alles dréche stoen. Am Moment hu mer keen a fir d'Iw-

wergangszäit, ier deen aner Projet fäerdeg ass, géife mer dann déi Saachen do erastellen. Ee vun eisen Aarbechter wäert ab Januar just nach um Blockhaus schaffen. Dat war jo scho presentéiert ginn. Do waarde mer op d'Autorisatioun fir d'Holz erauszehuelen. D'Holz kënnt jo e groussen Deel aus der Réserve forestière intégrale an doduerch hu mer missen eng Demande d'autorisation ufroen. Déi hu mer nach net zeréck, mä soubal déi do ass, gëtt d'Holz gehaen, kënnt op d'Affilux a gëtt da geschielt an da kann de Marc Hoffmann ofhänken.

Voilà, dann hu mer och e klengen Ausfall gehat, dofir si mer e bëssen hannendra komm. D'Kranremork, fir d'Holz ze lueden, déi mer quasi alldeeglech benotzen, ass futti gaangen, déi ass gebrach. Eng Schweess ass do gebrach. Déi gouf och schonn zweemol geschweesst. Dat do war Chance, datt kengem eppes geschitt ass, well mer eng Telecommande hunn a mam Funk kënnen de Kran dirigéieren. Et ginn och Modeller, do sëtzt een drop. Mä da gëtt et spannend. Dofir hu mer de Budget extraordinär, do hu mer elo e Präis vun 130.000 Euro agesat. Dat war elo kuerzfristeg do derbäi komm. Mä bon, déi ass essenziell fir d'Blockhaus ze bauen. An ech verstinn och, déi do ass zwar elo gefléckt ginn, mä déi Leit, wou ënnert deem Kran schaffen, hu kee Vertraue méi. Well wou se dat do gefléckt haten, hu se gesot, am Aarm, deen erausgeet do, ass och eng Schweess, do huet misste gefléckt ginn erëm. Also, ech mengen et ass d'Usure, wou do seet, datt et net méi geet. Mä dat ass zousätzlech dann, hei gesitt Der dann den Tableau comparatif zu de Joer virdrun. Also mir si méi héich souwuel am Salaire, dat hänkt ëmmer dovun of, mir hu siwen Aarbechter, wéi vill déi eis schaffen.

Duerch d'Blockhaus schaffe mer elo essentiellement zu Diddeleng. Mä och d'Indextranchen, et ass alles méi deier ginn. D'Facturen, och d'Reparaturen, wou mer haten, waren och méi deier. Dofir hu mer elo mol fir d'nächst Joer och méi dra gesat. An da sinn eeben e puer Punkte wéi dat Blockhaus op der Affilux, wéi d'Reparaturen, d'Blockhaus, den Eecheprozessiounsspënner. Déi Sue ginn net onbedéngt gebraucht. Mä déi stinn awer dran, wa mer se missten hunn. Doduerch ginn d'Investissementer an 39.000 Euro méi an d'Lucht an d'Recettë sinn 8.000 Euro méi erofgaangen. Mä dat ass bedéngt, well mer jo op zwee Stär pro Menage limitéiert hunn. Dat heescht, et ass manner verkaf ginn. Déi Diskussioun vun enger Präishausse, jo, dat muss een da politesch analyséieren. Voilà.

Da war nach eng Fro komm vum Point de secours. Do ass et esou, datt dee Projet 2023 ugefaang huet. Dat ass esou, datt den Arrondissementsfierschter dee mécht. An do war herno e Personalwiessel. Doduerch huet dat elo e bësse méi laang gedauert. Et sinn 39 Punkte festgehale ginn am Mäerz 2023. Do ware mer se all ofgefuer, den Arrondissementsfierschter, d'Pompjee vun Diddeleng an ech, fir ze kucke wéi eng Barrièren do sinn, wéi mer déi kënnen amenagéieren. Zwee hu mer op eng Plaz gesat op der Haart, wou net accessibel si mat der Ambulanz. Dat heescht, do musse am 4x4 hi gefuer ginn. Dat gouf och vum CGDIS validéiert 2023.

Modifikatiounen, wou mer musse maachen, et ass esou, datt de CGDIS permanent en Accès wëll, also sou einfach wéi méiglech. Ech mengen et ass esou, also mir hu jo hei e Mann am CGDIS, dee ka mech vläicht rektifizéieren, mä wann d'Ambulanz fiert, wann eng Barrière do ass, da misst de Pompjeescamion, huelen ech un, matfueren, fir d'Barrière opzemaachen. Sou kann d'Ambulanz, dann huelen ech un, et ginn zwee Schlässer drop gemaach. Mir maachen e Bolzen, riets ass dann e Gemengeschlass a lénks ass dann d'CGDIS-Schlass. Dat ass uniform dann hei am Süden zumindest emol. An esou hu si e permanenten Accès ouni Komplikatiounen. Vläicht kann hien elo nach den eppes dozou soen. Voilà, dat si mer amgaangen ze maachen. Sou gesäit dat ongeféier aus.

An de Rettungspunkt, deen ass dee selwechte Schema wéi iwwerall hei am Land. Dat war elo vu Käerjeng, wou ech déi Foto do geholl hunn. Dat ass d'DU 001 bis 0039 momentan. Mä do waren nach e puer Modifikatiounen. Dat do war elo de Stand Mäerz 2023, mä mir waren elo am Oktober nach eng Kéier ronderëm gefuer, well e puer Ännerungen um Terrain sinn, och mat de Barrière, wou mer do nach eng Kéier änneren. D'CGDIS kritt dat nach eng Kéier pour avis. An dee Moment kënne mer d'Schëlter bestellen. Punkto Budget ass et esou, datt d'Planifikatioun vun der ANF a CGDIS gemaach gëtt, ouni Käschte fir d'Gemeng, an da mécht de Staat d'Finanzement vun de Schëlter an de Poteauen an eeben am Gemengebësch d'Gemeng selwer. Mä bon, dat ass Poteauen, dat fält elo net vill an d'Gewiicht, well déi ginn aus eisem Holz gemaach mat der mobiller See, wou d'Gemeng jo kaf huet. An d'Schëlter kann d'Gemeng deemno selwer och drécken, well och do huet d'Gemeng eng Maschinn dofir. Voilà, sou datt mer spéitstens am August wäerten déi Saach fäerdeg hunn an och dann um Geoportail drop sinn.

Dann hu mer deen neie Member vun der Ekipp. Dat ass d'Pola, effektiv, wou derbäi ass. Et war an der Formatioun. Mä et war elo schonn am Asaz um Sender. Well mer do nach Holz dran haten, wou d'Pompjeeën trainéiert haten an d'Ekipp Jardinage fir Beem ëmzemaachen. Do hu mer déi domadder erausgezunn. Well am Moment kënne mer net mat enger Maschinn erafueren, well et ëmmer naass war elo. Mä d'Pola krut dat super hin. An op Lenkeschléi, do ass dee Bësch ënnert der Spillplaz. Do huet d'Pola och säin Déngscht scho gemaach. Do si mer ganz frou, datt mer hatt hunn. Och do ass et drëms gaang, bon, deen Aarbechter, do sinn ech frou, datt dee vu sech aus d'Iddi hat. De Virdeel ass, virun eis wollten och schonn aner Gemengen Ardennerpäerd hunn. Mä dat ass mat Fraise verbonnen. Weekends muss ee kucke goen. Dat sinn all déi Frais-récurrenten, wou mer probéieren ze invitéieren. Dat Fudder geet integral jo op de Proprietär da vum Päerd. Dat ass ee vun eisen Aarbechter. An dee bréngt et dann an der Woch mat a kann et op der Affilux stoe loossen. Do ass och en Ënnerdaach do. Mä mir hunn u sech de Weekend näischt domat ze dinn. A wann et net hei schafft, do hu mer och näischt domat ze dinn. Mä mir sinn awer immens frou driwwer, datt mer déi Méiglechkeet hunn an dat den Aarbechter esou engagéiert ass an dat och nach wëll maachen.

Voilà, dat war et. Ech soen lech villmools Merci. Wann nach Froe sinn, ganz gären.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och nach eng Kéier fir d'Presentatioun vum Plan de gestion. Ech kucken nach eng Kéier an d'Ronn, ob een nach eng Fro huet. Madamm Kayser.
Michèle Kayser-Wengler (CSV): Eng ganz kleng Fro. Merci fir déi exzellent Presentatioun. Dir hat gewisen, déi Haisercher op der Haart, wou mer rieds haten, ob dat en Ënnerstand geholl sollt kéint sinn. E Polferhaus, hat Der d'lescht Joer gesot gehat. Ech hat dat eng Kéier nogekuckt gehat. An ech denken, et muss jo keng Toilette dohinner kommen. Et ass jo geduecht fir einfach en Ënnerstand ze hunn. Ass awer do nach weider geduecht, fir awer vläicht op eng ganz simplistesch Aart a Weis iergendwéi eent vun deenen zwee Haiser an d'Rei ze setzen?

GUY RASSEL (FIERSCHTER): Dat kënne mer gär maachen, dat ass eng Saach vu Budget. Also, ech fannen et och schued, wann d'Polferhaus géif zerfalen. Et waren och elo Beem drop gefall, déi hu mer elo erofgeholl. Mir mussen do vläicht eng Kéier mat INPA och kucken, well et ass ee vun deene leschten Zäitzeien, wou mer an deem Beräich do hunn, mam Agang vun der Galerie. Do gouf et och eng Kéier en Haus, wou Päerd drënner stoungen, dat ass awer ganz zesummegefall. An hei misst een eigentlech just den Daach nei maachen. Mä bon, et ass elo net envisagéiert d'nächst Joer. Mä et kann een awer gären eng Kéier driwwer schwätzen.
Och dat op der Haart. Mä dat misst een anescht d'Amenagéieren e bëssen, datt dat méi accueillant ass. Well et ass immens däischter bannen. Da misst een do aner Ouverturen dra maachen an eng Autorisatioun eeben ufroen, jo.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Gutt, ech mengen da wär all d'Fro geäntwert ginn. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mam Plan de gestion, souwéi dat presentéiert gouf, averstanen? ***Dat ass unanime.*** Wien ass mam Plan d'aménagement averstanen? Souwéi dat presentéiert gouf, ***och unanime***. Villmools Merci. An och dem Guy Rassel Merci fir seng Presenz a seng gutt Erklärungen.

9. OFFICE SOCIAL

Approbatioun vum Bilan a vun der Gewënn- a Verloschtrechnung fir d'Geschäftsjoer 2022

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dëse Punkt betrëfft d'Approbatioun vum Bilan a vum Compte Pertes er Profits vum Joer 2020 vum Office social, an do ginn ech eisem Sozialschäffe René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Ech konnt dat ganz kuerz maachen, Dir wësst, dass mer déi Exercicer do vun deem Bilan allkéiers zwee Joer méi spéit maachen, dat heescht, dat ass am Fong den administrative Volet, an ech halen elo net laang Rieden hei, ech géif dann hei d'Carole Wagner begréissen, eis Comptabel beim Office social, an déi wäert eis dann déi Zuelen do presentéieren an da kucke mer, wéi et weidergeet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci.

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL): Also, Zuele wollt ech elo hei net presentéieren, et ass u sech schonn alles hei approuvéiert. Et ass haaptsächlech drëm gaangen, datt de Contrôle eeben alles kontrolléiert huet, datt alles OK ass, respektiv, datt mer verschidde Remarke gemaach kritt hunn an datt mer do och eng Prise de position gemaach hunn, a wann elo Froen dozou wären, da kënnt Dior déi natierlech gär stellen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Si Froen dozou?

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Also ech hätt just zwou Froen zum Office social, an zwar wier dat: Ass d'Augmentatioun vun den Depensë vum Office social duerch d'Inflatioun bedéngt oder ass et och, datt ëmmer méi Leit d'Prestatioune vum Office social an Usproch huelen? Dat wier meng éischt Fro.

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL): Also, elo am Bilan, sou gesinn, ass effektiv éischtens emol d'Personalkäschten, wou natierlech - genee esou wéi op der Gemeng - ëmmer an d'Luucht ginn. Dann hu mer och ganz vill d'Gestioune vun eise Leit, wou Suggestioune sinn, do sinn der och ganz vill, wou eeben an der Gestion locative sociale sinn, déi hunn alleguerten eng Gestioun, där hu mer och ëmmer méi, dat heescht, datt och dat

dréit dozou bäi, dass ëmmer méi Depensë sinn. Op enger anerer Säit natierlech och Recetten an deem Fall. An, vun de Secoursen hier, ass natierlech och d'Tendenz ëmmer steigend, awer et hält sech nach a Grenzen trotzdeem. Voilà.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, dann hätt ech just nach eng aner Fro: Kënnt Dir mir wann ech gelift soen, wéi vill Prozent vun den Awunner vun der Gemeng Diddeleng hei beim Office Social ageschriwwe sinn, an ass déi Zuel konstant oder geet se permanent an d'Luucht? Merci.

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL): Also, wann ech elo zeréckdenken un eise Rapport d'activités, vun de Menagen, déi an den Office social kommen, leie mer sou ëm aachthonnert Menagen an dat ass plus minus elo déi lescht Joren ëmmer d'selwecht bliwwen. Voilà, dat sinn da knapp néng Prozent vun der Populatioun.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Voilà, wa kee weider Froen huet, géif ech proposéieren, dass mer zum Vott, iwwerginn. Wien ass mam Bilan et Compte Pertes et Profits 2022 an och mat der Stellungnam vum Office social averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech lech villmools Merci. An och dem Carole Wagner Merci fir hir kuerz Presenz an hire kuerzen Asaz.

10. PACTE COMMUNAL DU VIVRE ENSEMBLE INTERCULTUREL

Presentatioun vum kommunale Pakt vum interkulturellen Zesummeliewen an Ernennung vun de Memberen am Comité de pilotage vum kommunale Pakt

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat ass d'Presentatioun vum Pacte communal du Vivre ensemble interculturel an do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, Merci. A mir begréissen dann och de Félix Bonne an de Cédric Czaika, eis Coordinateuren. Ech hunn déi grouss Freed, lech haut zu dëser spéider Stonn de Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewe virzestellen, deen de Schäfferot den 18. September am Familljeministère, zesumme mat nach anere Gemengen natierlech, ënnerschriwwen huet. Stand haut sinn et 24 Gemengen, déi dëse Pakt ënnerschriwwen hunn, mä ech krut awer gesot, datt de 27. November nach eng Partie aner Gemengen dobäi kommen. Wéi koum et elo iwwerhaapt zu dësem Pakt? Dir wësst, datt et en neit Gesetz gëtt, d'Gesetz vum interkulturellen Zesummeliewen, dat den 23. August 2023 och a Kraaft getrueden ass an domadder sinn ënner anerem zwee grouss Voleten ofgedeckt ginn, nämlech éischtens de Gemengepakt an zweetens dee sougenannte Biergerpakt.

Fänke mer awer elo mol vläicht mam Gemengepakt un. De Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen, dat ass e Pakt, deen tëschent der Gemeng Diddeleng, dem Syvicol an, wéi ech virdru scho sot, dem Ministère de la Famille, an, wéi e richteg heescht, de Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Acceuil, MIFA ofgekierzt, ënnerschriwwe gëtt. Wéi scho gesot, hu mer dat dann och den 18. September dëst Joer gemaach. An d'Dauer vun dësem Pakt ass op sechs Joer virgesinn. De Gemengepakt vum Zesummeliewen, deen huet u sech als Missioun, d'Leit, déi hei zu Diddeleng wunnen oder awer och schaffen, ze engagéiere fir e bessert Zesummeliewen.

D'Gemeng gëtt am Prozess vun der Ëmsetzung vun deem Pakt vun zwee Conseilleren du Vivre ensemble ënnerstëtzt, esou heeschen déi zwee Conseilleren, déi fir d'Stad Diddeleng zoustänneg sinn. Dat sinn den – an elo probéieren ech säin Numm net ze vernennen – de Shpat Miftari. Hunn ech dat elo richteg ausgeschwat? Genau. An deen zweeten Numm ass e bësse méi einfach. Dat ass de Yanick Nicolas. A si zwee si vum Ministère och agestallt. D'Koordinatioun vum Pakt gëtt vun zwee Coordinateuren iwwerholl. Dat ass fir de Service Ensemble, ech mengen, Dir kennt en, de Cédric Czaika. A fir de Service de la démocratie participative, fir déi, déi en nach net gesinn hunn, de Félix Bonne, deen zënter dem 1. August – ass dat richteg? – bei eis ass, an déi dann och den Owend bei eis komm sinn.

Nodeems de Gemengepakt ënnerschriwwe ginn ass, krut d'Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen en den 23. September virgestallt. An dat och a Presenz vun engem vun deene staatleche Conseilleren, déi ech virdru genannt hunn. An enger zweeter Phas sinn d'Biergerinnen an d'Bierger den 9. Oktober dëst Joer a Form vun engem Informatiounsbréif iwwert d'Adhesioun vum Gemengepakt informéiert ginn. A mat dësem Bréif krute se awer och e Questionnaire geschéckt, dee se ausfëlle kënnen, a wou se gefrot ginn, wéi eeben d'Zesummeliewen oder d'interkulturellt Zesummeliewe vun Diddeleng ass a wat se eventuell wéilte verbessert hunn. Dee Questionnaire, deen ass awer nach op bis Enn Dezember. An d'Leit hunn dann eeben esou laang Zäit, fir drop ze äntweren.

D'Gesetz, wat ech virdru schonn zitéiert hunn, vum 23. August 2023 schreift am Kader vun der Ëmsetzung vum Gemengepakt d'Kreatioun vun engem sougenannte Comité de pilotage vu mindestens fënnef Membere vir, deen dann, wéi gesot, dee Pakt, deen op sechs Joer virgesinn ass, déi sechs Joer dann och soll begleeden. De Comité de pilotage, dee setzt sech laut Gesetz, wéi gesot, aus minimum fënnef Memberen zesummen. Ee Member vum Gemengerot, zwee Mem-

bere vu lokale Veräiner, zwee Membere vun der Kommissioun vum Zesummeliewen an dem Coordinateur fir d'Gemengen, déi dann eeben een hunn. Wéi gesot, dat ass de Minimum, deen d'Gesetz virgesäit.

De Schäfferot géif an deem Kader eng Kompositioun vun néng amplaz vu fënnef Memberen am Comité de pilotage proposéieren, sprech dräi Memberen aus der Kommissioun vum Zesummeliewen an dräi Representanten aus de lokale Veräiner, ee Member vum Gemengerot, – dat wär ech selwer als Responsabel vun der Integratioun am Schäfferot – dann natierlech eis zwee Coordinateure vum Pakt, de Cédric Czaika an de Félix Bonne, aus der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen d'Madamm Kohn, déi vum Schäfferot proposéiert gëtt, well si eeben d'Presidentin ass vun der Kommissioun, der Madamm Catherine Richard an dem Här David Mahnen, déi an der leschter Sëtzung duerch e Vott an der Kommissioun den Optrag kritt hunn, eeben hir Kommissioun am Comité de pilotage ze vertrieden.

Fir de Recrutement vun den dräi Representanten, vun de lokalen Associatiounen, do hat de Schäfferot all d'Clibb aus der Gemeng iwwert en Appell à candidature opgeruff, fir hir Kandidature fir déi dräi Plazen ze stellen. A mir kruten dräi Retouren. D'Madamm Annette Kemp-Klemann fir Diddeleng Hëlleft, den Här Christian Thill fir de Karateclub Samurai Diddeleng an den Här David Hallany fir de Club Diaspo Afro Comédie. A mir géifen lech dann och proposéieren, déi dräi Persounen ze stëmmen als Member vum Comité de pilotage. Ech géif lech froen, dann herno eeben déi Konstellatioun am Vott no dëser Virstellung matzedroen. Da kann dee Comité de pilotage sech dann och zesummesetzen.

Nieft dann awer dësem Comité de pilotage gëtt och en État des lieux gemaach vun deem, wat mer zu Diddeleng elo souwisou scho maachen. Dir wësst, Diddeleng ass a punkto Aktivitéiten, wat d'Zesummeliewen ubelaangt, ganz gutt opgestallt. Ech gräifen elo e puer Saachen eraus: de Café des langues, eis interkulturell Fester, Formatiounen, Table-ronden, Konferenze ronderëm d'Theema Antidiskriminatioun, Sproochecoursen et j'en passe. Mä awer och am Volet Biergerbedeelegung spillt d'Stad Diddeleng mat hire Projete wéi dem Biergerrot, dem Panel oder och dem Budget participatif eng national Virreiderroll. Ech mengen, do zielen ech lech alleguerten elo näischt Neies. Hei gëtt also elo gekuckt, wat ugebuede gëtt. Den État des lieux vun den Aktivitéite gëtt vu verschiddenen Entitéite gemaach an zwar maachen natierlech d'Diddelenger Coordinateuren an de Conseiller à l'intégration den Inventaire vun de Projeten. An de CEFIS, deen iwwerhëlt de Volet vun de Statistiken an d'Auswäertung vum Sondage, op deen ech och nach wäert agoen.

Am Januar 2025 ass virgesinn, datt de CEFIS dann op Diddeleng d'Resultater vun där Enquête, also deem Questionnaire, also wou ech virdrun dervu geschwat hunn, an aktualiséiert Statistiken iwwer Diddeleng virstelle kënnt. Hei sollen dann d'Kommissioun, de Comité de pilotage an awer natierlech och de Gemengerot invitéiert ginn, fir datt jidderee sech kann e bessert Bild maachen iwwert eis Stad. Kuerz duerno géif dann awer de Comité de pilotage sech treffen, fir eng Prioritéit auszewielen unhand vun de Resultater eebe vun deene Statistiken, déi mer do wäerte virgestallt kréien. Dës Prioritéit gëllt da fir ee Joer an ass d'Thematik vum Biergeratelier, deen dann an deem Joer soll organiséiert ginn. Dat kënnen elo follgend Theemae sinn: Participation citoyenne et politique, bénévolat et rencontres interculturelles, diversité et lutte contre la discrimination, langue, éducation et formation oder och accueil et intégration.

Vu datt et sech beim Gemengepakt vum Zesummeliewen ëm e participative Projet handelt, ginn eebe wéi gesot d'Biergerinnen an d'Bierger op en Atelier citoyen invitéiert. Hei ginn dann eeben d'Leit och gefrot, wéi eng Prioritéiten an der gewielter Thematik ausgeschafft kéinte ginn. D'Conseillere vum MIFA souwéi de konventionéierte Partner Asti ënnerstëtzen d'Gemeng bei där Organisatioun vun dësem Atelier a schaffen och e Rapport aus mat den Iddien, déi dann an deem Atelier opkomm sinn. De Comité de pilotage kritt dann dee Rapport dovunner virgestallt an entscheet dann och, wat realistesch ass, well Dir wësst genau esou gutt wéi ech, an deenen Atelieren, do kommen och alt emol Saachen, déi een net esou séier ka realiséieren. Nodeems dann déi Projeten determinéiert an ëmgesat gi sinn, gëtt eng Evaluatioun gemaach. Hei gëtt also gekuckt, wat gutt gelaf ass, wat nach besser lafe kéint a wat dann awer och als nächst Thematik eraus-gesicht soll ginn.

D'Gemeng kann och vu Subside beneficiéieren. Dës Subventioun ass gestaffelt, jee nodeem wéi vill Memberen de Gemengerot huet. Mir kréie pro Joer 8.000 Euro zougestallt. Ausserdeem kann eng Gemeng 30.000 Euro Subsid pro Joer kréien, fir e Coordinateur vum Gemengepakt anzestellen. An ech mengen, déi hu mir jo mam Félix a mam Cédric. Da muss ech nach op de Biergerpakt agoen. De Biergerpakt, dee went sech un d'Biergerinnen a Bierger aus der Stad Diddeleng. Jiddereen, dee volljäreg ass, kann dee Pakt ënnerschreiwen. Dat heescht, jiddereen, deen zu Diddeleng wunnt oder zu Diddeleng schafft, kann dësen ënnerschreiwen. D'Leit kënne sech um Site biergerpakt.zesummeliewen.lu informéieren a ginn op MyGuichet weidergeleet, fir sech dann do umellen ze kënnen.

Dee Biergerpakt, dat ass u sech den Nofollger, fir déi, déi sech nach dorunner kënnen erënneren, vum CAI, C-A-I, Contrat d'accueil et d'intégration. D'Haaptännerung ass awer elo, datt elo net eebe just Netlëtzebuerger dësen ënnerschreiwe kënnen, mä eeben, wéi gesot, och déi lëtzebuergesch Awunnerinnen an Awunner. A mam Bäitrëtt engagéiere sech d'Biergerinnen an d'Bierger, aktiv um kulturellen, um interkulturellen Zesummeliewen zu Lëtzebuerg dann och deelzehuelen. Duerch dee Biergerpakt entdecken d'Bierger Lëtzebuerg, seng Sproochen, seng Traditiounen, seng Wäerter, seng Veräiner an nach ganz villes méi. D'Zil ass, d'Leit och ze orientéieren, se ze informéieren an hinnen d'Chance ze ginn, sech um lokale Liewen och kënnen ze bedeelegen. Leit, déi sech aschreiwen, ginn allerdéngs net forcéiert, u Modüllen deelzehuelen, kréien awer eng Newsletter mat verschiddenen Aktivitéiten, un deene se deelhuele kënnen.

Wéi gesot, et gëtt hei kee forcéiert an déi Aktivitéiten, déi sinn deels lokal awer och national. An hei kënnen dann d'Biergerinnen an d'Bierger un Aféierungsmoduller, wéi gesot, deelhuelen, wann se dat wëllen, déi haaptsächlech, mengen ech, awer interessant si fir net-lëtzebuergesch Matbierger, zum Beispill en Orientatiounsdag, fir am alldeegleche Liewen eens ze ginn an um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen. E Sproochemodull. Hei hunn d'Leit d'Chance, un Online-Sproochecoursen deelzehuelen an dës wären och gratis. An dann „Entdeckt d'Groussherzogtum Lëtzebuerg". Hei kréien d'Leit an enger Zort Civiquescours Lëtzebuerg, seng Geschicht, Traditiounen, mä awer och d'Geografie a villes Aneres erkläert. Et ginn awer och individuell Moduller, déi amgaang sinn, ausgeschafft ze ginn an interessant solle sinn, oder méi intressant vläicht solle sinn, och fir lëtzebuergesch Matbierger a Matbiergerinnen. Pro Bierger oder Biergerin, déi um Biergerpakt deelhëlt, kritt d'Stad Diddeleng iwwregens fënnef Euro.

Ech mengen, dat war et elo sou kuerz wéi méiglech als Explikatioun vu menger Säit zum Gemengen-, mä awer och zum Biergerpakt. Ech hoffen, Dir sidd genau esou begeeschtert wéi ech, datt mer séier virukommen am Sënn vun engem gudden a besseren a respektvollen, virun allem, Zesummeliewen hei an eiser Gemeng an, ech mengen, awer och all Gemeng hei zu Lëtzebuerg. An ech mengen, fir d'praktesch Froen, dofir sinn zu dëser spéider Stonn de Félix an och de Cédric hei. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol, fir d'Virstellung an d'Erklärung. An elo ass d'Diskussioun op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci, fir d'Wuert. Bon, mir hunn eis och gefrot, wat ass dat ganz genau? An, bon, wéi gesot, d'Explikatioune si jo elo komm. Mir krute jo och schréftlech d'Explikatioune matgedeelt. Nach heescht et ëmmer, et ass ëmmer schéi, wa mer esou e Pakt maachen, ëmmer herno ze kucken, wéi vivabel et ass a wéi participativ ass et effektiv. Mir hoffe jo, dass dat gutt klappt. Ech hu just eng Fro. Et solle jo och les travailleurs transfrontaliers – oder e puer Froen – les travailleurs transfrontaliers sollen och do matmaachen „dont le lieu de travail se trouve dans la commune." Hutt Dir do schonn ongefeier eng Anung, kann een dat scho chiffréieren, vu wéi vill Leit schwätze mer do? A wéi joignabel sinn déi Leit? Ech denken, do ass de Knackpunkt bei eis zu Diddeleng. Mir hunn d'Blietchen, d'Leit sinn alleguerten, oder vill sinn um Site vun der Stad Diddeleng, um Internet kucke se dat. A wéi wëllt Der do dat upaken, dass mer déi Travailleurs transfrontaliers „dont le lieu de travail se trouve dans la commune," wéi mer un déi erukommen? Dat ass sécher emol eng Fro, déi ech wollt stellen.

An dann, mir hunn elo gesinn, déi zwee Leit, déi hei aktiv dann am Numm vun eiser Gemeng un deem Projet matschaffen, ass meng Fro: Maacht Dir dat an de Raimlechkeete vum Ensembel, well Dir jo och do täteg sidd? Oder kënnt do en extrae Büro? Oder kréie mer do en extrae Guichet? Wéi ass dat ugeduecht? An ech hat mer d'Fro gestallt mat deem Retour vum Questionnaire, wéini mer dee kritt hunn? Mä dat hat Claudia Dall'Agnol jo gesot gehat, dass do ee vum Ministère eis dann opkläre kënnt. Wat ech ganz flott fannen, wann ech duerchgekuckt hunn hei och vum Calendrier, dass effektiv och reegelméisseg de Gemengerot informéiert gëtt, wat erauskënnt. Dat fannen ech zum Beispill och eng ganz wichteg Saach, dass mir net außen vor gelooss ginn. An dat ass hei definitiv, niewent de Bierger, déi reegelméisseg informéiert sinn, och festgehalen.

An ech hunn och nach mech gefrot, do sti bei der Checklist verschidde Saachen, déi mir schonn hunn, vill Saachen, déi mir schonn am Fong zu Diddeleng och applizéieren. An et gëtt beim Punkt 1, Communication des activités liées au Gemengepakt, „utiliser fréquemment la mailing list du Gemengepakt". Wéi geet dat? Wie kënnt do dran? Gëtt een do automatesch dra gesat? Oder wéi geet dat? Dat ass jo dann och ëmmer d'Saach mat der Protection des données. Mol d'Fro, wéi dat dann ofleeft. Dann hunn ech eng Kéier esou derduerch gekuckt, wéi gesot, wat do alles scho proposéiert gëtt a beim Accueil des nouveaux habitants, do steet jo och „que la commune organise un moment convivial et informatif une fois par an pour les nouveaux résidents." Mir maachen dat jo schonn all zwee Joer. E Samschdeg war eng ganz flott Rencontre, wat och ganz, ganz wäertvoll war, well een och do vill Leit kenne geléiert huet. Da gi mer elo op de Schrëtt, fir dat all Joer ze maachen. Dat hate mir jo och schonn eng Kéier gefuerdert an dat fannen ech och eng ganz flott Saach souwisou, wat mir jo scho maachen.

Wéi gesot, am grousse Ganze fanne mer dat ganz gutt. Ech hunn awer nach eng Fro. Ech mengen, mir huelen dat jo an engems mat deenen, mat deem … Wéi heescht dat elo? Composition du comité de pilotage. Do sinn d'Veräiner ugeschriwwe ginn. Do ass zum Beispill ee Veräin, wou mer, a mengen ech, heibannen nach ni een eppes dovunner héieren huet, deen och net an eiser Subsidelëscht dropsteet. Meng Fro ass just: Wéi geet dat? Dat sinn elo dräi Leit vun dräi verschidde Veräiner. Wann elo een net méi kann, well dee ganze Kontrakt, dat geet jo iwwer bis 2030, wann ech dat gutt gesinn. Ginn do och Suppleanten zum Beispill genannt?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Et huet kee sech gemellt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ma nee, ech soe just, mä kann dann zum Beispill, wann een net kann, kann dann een aus där Associatioun goen? Wéi ass dat ugeduecht? Oder bleiwen déi dräi elo bis … Déi dräi nominell, soe mer mol esou – dat war meng Fro – nominell an deem Comité bis un d'Enn vun hiren Deeg, souzesoen, bis 2030. Ech hoffen, net un d'Enn vun hiren Deeg, mä dat ass jo awer relativ eng laang Zäit. Well wa mir déi esou fix draschreiwen, Membres des associations locales, wär et do net besser, wa mer d'Associatioun géifen drasetzen? Ass dat net esou virgesinn? Dat war just eng Iwwerleeung, déi ech hat. Dann déi zwee Leit, déi aus der Commission consultative du Vivre ensemble interculturel nominéiert gi sinn, well d'Fro ass elo, wéi ee Rôle huet elo nach d'Commission consultative du Vivre ensemble interculturel? Verléiert déi do net e bësselchen un hirer Wichtegkeet? Well do

jo och ëmmer genau gekuckt ginn ass, sou vill Lëtzebuerger, sou vill Netlëtzebuerger. Wann ech elo richteg informéiert sinn, also deen een, deen nominéiert ass, wier mol op jidde Fall Lëtzebuerger. Déi aner Madamm, déi kennen ech elo net. Feelt eis do net e bëssen och dat Interkulturellt och schonn an der Representatioun vum Comité de pilotage.

Just Saachen, déi mer esou duerch de Kapp gaange sinn. Wéi gesot, mir begréissen dat do. Nach ass ze kucken, wéi aktiv eis Bierger matmaachen. Dat ass ëmmer e bëssen de Problem, dass d'Leit awer vill hunn an oft net ëmmer laang sou super ze motivéiere sinn, fir sech dann nach eng Kéier an eppes ze engagéieren. An et war mer och net ganz kloer elo, dat wat Der do zum Schluss presentéiert hutt, dee Biergerpakt. Also dat hunn ech elo hei awer net esou richteg erëmfonnt oder ass dat eppes anescht? Op wéi enger Säit steet dat elo vun deem Biergerpakt? Dat war mer elo net ganz gewosst. Voilà. Affaire à suivre. Mir si mer frou, dass mir elo mol informéiert gi sinn, dass mer och weiderhi wäerten informéiert sinn. An da kucke mer, wat draus gëtt. Ech wënschen lech zwee vill Spaass a vill Chance an dass vill Leit mat op de Wee ginn, fir mat lech zesummen ze schaffen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Et ass scho spéit. Et ass scho ganz spéit an ech versprieche n och, mech kuerz ze halen, mä ech géif gären dee Pakt hei eng Kéier kuerz an de Kontext hei fir Diddeleng setzen, well ech mengen, dass dat awer och dozou gehéiert. Diddeleng ass eng multikulturell Stad. 40 % vun eiser Populatioun sinn Netlëtzebuerger, mä hunn eng vun 114 aneren Nationalitéiten. An déi Kulturen, déi liewe gréisstendeels immens gutt zesummen, well mir et hei zu Diddeleng och guer net anescht gewinnt sinn. Eis Stad, déi ass gewuess an huet ëmmer vun der Migratioun gelieft, wou d'Lëtzebuerger an d'Netlëtzebuerger schonn an de Minnen an tëscht den Héichiewen zesummegeschafft hunn. Wéi gesot, dat Zesummeliewen, interkulturell, dat funktionéiert relativ gutt hei zu Diddeleng, mä et gëtt e klenge Bemol an op dee muss ech awer elo eng Kéier ganz kuerz agoen. Mir hunn ee Member hei am Gemengerot, deen ech elo guer net wëll perséinlech attackéieren, well e ganz léif ass, mä et ass eng Vertriederin vun enger Partei, déi ëmmer méi rietsextreem gëtt, déi géint LGBTIQ+-Persounen hetzt, déi d'Pressefräiheet wëll aschränken, déi oppe Rassisten a Faschiste wéi AfD an Trump ënnerstëtzt an déi net verurteelt, schlussendlech, wann hir Memberen ëffentlech dozou opruffen, Lénker ze erstiechen.

Den Opruff zu Mord gouf virun zwee Méint op Facebook vun engem Diddelenger, deemolege Member vun där Partei, publizéiert. Vill Leit an och dräi Parteien, déi hei am Gemengerot sinn, déi hunn hir Solidaritéit ausgeschwat par rapport zu deene Leit, ënner anerem mir perséinlech, déi do attackéiert goufen, an deene wëll ech och villmools Merci soen. Mä déi Partei, déi huet decidéiert, dat net ze verurteelen. An ech mengen, dass mer dovunner och eng Kéier hei am Gemengerot sollten Akt huelen. Et ass dowéinst wichteg, dass mer als demokratesch Parteien zesummenhalen, well deen Haass, dee jiddereen, dee sech als Lénke vläicht identifizéiert, soe mer et emol esou, dee mir do eng Kéier kuerz erlieft hunn, deen erliewen anerer, Netlëtzebuerger, Geflüchteter, LGBTIQ+-Persounen an aner Leit zum Deel all Dag. An dat konnte mer och gesinn, fir déi Leit, déi virun e puer Wochen um Vernissage waren am Lycée, wou eng ganz gutt a krass Ausstellung war mat krassen Aussoen a Mobbing, déi Schüler ënnert sech – a mer hu virdru kuerz eng Kéier driwwer geschwat, iwwert d'Chat-Funktiounen – an déi ganz krass Saachen do zum Deel geschriwwen hunn. A mir wëssen also, dass dat net just verschidde Generatioune sinn, mä dass dat generatiounsiwwergräifend och eng Problematik hei zu Lëtzebuerg ass an eng Erausfuerderung fir eis alleguerten als demokratesch Parteien.

An an deem Kontext begréisse mer selbstverständlech dëse Pakt, deen d'Gemeng ënnerschriwwen huet. D'Madamm Kayser huet scho gesot, villes ass schonn ëmgesat, wat och op där Checklist do steet. Ech mengen, d'Commission du vivre ensemble, déi funktionéiert ganz gutt. D'Kommunikatioun vun der Gemeng, déi gëtt op ville Sprooche gemaach. Mir hunn de Café des langues. De Service ensemble mécht, mengen ech, eng ganz gutt Aarbecht. Aner Saachen, déi kënnen nach verbessert ginn, zum Beispill de Punkt fir Awunner ze motivéieren, sech op Wallëschten anzeschreiwen. Do si mir an der Moyenne. Ech soen do net, dass mir méi schlecht sinn, mee, ech mengen, do hu mer am ganze Land nach wierklech e bëssen Aarbecht ze maachen.
E ganz klenge Punkt, deen ech mer notéiert hat. Bei sou Saache wéi der Remise des certificats vu Sproochecoursen, do wär et gutt eng Iwwersetzung ze maachen op franséisch, well do sinn effektiv gréisstendeels Leit, déi eeben e Certificat kréien, well se emol vläicht Franséisch léieren an da kee Lëtzebuergesch verstinn. Dat si esou Klengegkeeten einfach. Ech mengen, do kann ee sech ëmmer nach verbesseren.

An dowéinst ass et och ganz interessant, dass dee Pakt eebe virgesäit, ee järleche Rapport ze maachen an dann och eng Diskussioun ze hunn an dann iwwert déi Thematiken eeben ze schwätzen, déi mer do wëllen an de Vierdergrond stellen. Ech hat mer d'Fro effektiv notéiert, ob am Januar, wann déi Analys vun deem Inventaire gemaach gëtt, wien do alles agebonne gëtt, mä do ass d'Madamm Dall'Agnol schonn drop agaangen. Dat ass jo da ganz flott. Ech hunn och gelies am Pakt, dass et esou ee Forum d'échange gëtt mat anere Gemengen, dee vum Ministère organiséiert gëtt. Do weess ech elo net, wéi dee Forum organiséiert ass an ob do och kënnen d'Membere vum Gemengerot invitéiert ginn, well dat vläicht och interessant wär fir eis, wa mer do kéinten den Echange hu mat deenen anere Gemengen, déi de Pakt ënnerschriwwen hunn.

De Pakt ass eng gutt Initiativ, mee, an et ass och elo scho kuerz ugeschwat gi vun der Madamm Kayser, ech mengen, dass mer eis och musse bewosst sinn, dass eng aktiv Participatioun e Privileeg ass. E Privileeg, deen ebe verschidde Leit kënne maachen an deen awer vill strukturell Barriären huet, fir Leit, déi an der Pre-

karitéit liewen, déi vill a schwéier Aarbecht maachen, déi keng Kannerbetreiung hunn. Do gëtt et immens vill Grënn, firwat d'Leit net kënnen sech eeben esou bedeelegen, wéi se et vläicht wéilte maachen. Dat ass natierlech virun allem eng national Problematik a keng lokal, déi mir kënnen elo als Gemeng léisen onbedéngt. Et ass och e bëssen absurd, wann ee wëll d'Benevolat stäerken an dann d'Sonndesaarbecht flexibiliséiert, mä do muss d'Regierung wëssen, wat se mécht. Ech mengen, dass mir mat dësem Pakt als Gemeng eis Responsabilitéit huelen an dat probéieren, hoffentlech, esou gutt wéi méiglech ëmzesetzen.

De Comité de pilotage ass eiser Meenung no ganz gesond zesummegestallt a mir haten do natierlech elo Chance, dass sech iwwerhaapt Veräiner gemellt hunn a gläichzäiteg, dass sech keng honnert Veräiner gemellt hunn. Da musse mer do kee Choix huelen, soudass mir dat esou kënnen ënnerstëtzen. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech muss der Madamm Thoma och Merci soe fir scho ganz vill Saachen, déi si scho gesot huet. Da brauch ech déi net ze soen. Ech wollt awer trotzdeem eng kuerz Stellungnam an zwou kleng Froen dozou stellen. Also mir sinn och der Meenung, datt vis-à-vis vun enger ëmmer méi wuessender Radikaliséierung, sief et um Internet, also online, oder och an der Realitéit, gëtt et eng Urgenz, communitaire Projeten ze förderen, déi de sozialen Zesummenhalt stäerken, déi den interkulturellen Dialog an d'Inklusioun virubrénge souzesoen. Projete vum Vivre ensemble an der Gesellschaft ze förderen, spillt eng fundamental Roll an der Schafung vun Inklusioun, vu gerechten a frëndleche Gesellschaften. Si hëllefen, eng méi staark Kohäsioun a resilient Communautéiten opzebauen. Fir eng Gemeng geet et net nëmmen drëms d'Liewensbedingungen ze verbesseren, mä och eng Zukunft ze bauen, an där all Awunner sech gehéiert fillt, respektéiert a gestäerkt fillt.

Kommend – also meng eegen Erfarung – kommend aus enger Immigratiounsfamill hunn ech dat ëmmer erëm, ëmmer erëm materlieft, datt meng Elteren, dat si ganz jovial Leit a si si gären an enger Gesellschaft, mä ech hu gesinn, datt mir, soubal mer hei zu Lëtzebuerg waren, si e ganz anere Liewensstil hate wéi an eisem Land. Also ech weess, datt deemools, mir sinn immens vill an den Theater gaangen a op ganz vill esou Eventer an op eemol hei guer näischt méi ausser schaffe goen. An, jo, dat war ëmmer schued. An, wéi gesot, dat war vläicht eng Sproochebarriär am Ufank, elo mëttlerweil net méi, mä meng Elteren, dat ass keen Eenzelfall. An ech ka mer virstellen, datt vill Auslänner, zemools am Ufank, wann se op Lëtzebuerg, zemools op Diddeleng, da kommen, datt et hinnen och esou geet. An et ass sécherlech kee schlecht Wëlle gewiescht bis elo, déi Leit net mat anzebannen. Mä vläicht hate mer dat net onbedéngt esou um Radar. An déi Leit, déi wëlle vläicht och e bësse méi mat der Hand geholl ginn, fir datt si sech trauen och erauszegoen, fir datt si sech trauen och bei verschidde Servicer an enger Gemeng iwwerhaapt tocken ze goen a Froen ze stellen, well et ass net esou evident. Also mir verstinn alles. Mir kënnen och www.diddeleng.lu maachen an alles liesen, mä et ass net evident fir jiddereen. An dat däerf een net vergiessen.

Dofir begréisse mer dat wierklech ausféierlech, datt mer elo wierklech déi Initiativ ergräifen a mir hoffe ganz, ganz staark, datt dëse Projet an all Hisiicht wierklech Erfolleg wäert hunn an datt natierlech sou vill wéi méiglech Bierger sech wäerten do ugesprach fillen, egal a wéi enger Sprooch, an do wäerte matmaachen. Well sozial Inklusioun, et ass ëmmer ganz einfach gesot, et schreift een et och ëmmer rëm, wann ee muss en Discours halen, mä déi Iwwerleeung muss awer och konkreet um Terrain ëmgesat ginn.

Mam Pacte du vivre ensemble wäerte mer hoffentlech dat Stéchwuert och um Terrain konkreet kënnen ëmsetzen. Mä déi Aktioune sollen och – et ass e Wuertspill, ech hoffen, als Lëtzebuerger versteet een et och – mä déi Aktioune sollen och faarweg gefierft gi mat anere Stéchwierder, déi ganz interessant sinn, nämlech Prévention de l'isolement, besser Liewensqualitéit, Respect mutuel, Toleranz an d'Stäerkung vun der kollektiver Resilienz allgemeng. Dat gesot, Merci fir d'Nolauschteren. An ech hat, wéi gesot, nach zwou kleng Froen. Also ech hat e bësse méi, mä ech mengen dat bleift da fir d'nächst Joer, wa mer kënnen de Bilan zéien. Vläicht just, vu datt mer awer trotzdeem hei an der Gemeng immens vill Projeten hunn, déi a ganz verschidde Richtunge ginn, hutt Der vläicht schonn eng Analys gemaach, wou ee souguer bei existéierende Projete Prioritéite kéint setzen, fir eng Iwwerschneidung mam Vivre ensemble ze fannen. Ech weess net, hutt Der vläicht Projeten identifizéiert, déi och schonn an déi Richtung kéinte goen? Oder wéi gesot Iwwerschneidungen. An déi Fro ass scho komm, mä ech stelle se awer trotzdeem, well et ass awer ëmmer erëm wichteg. An ech weess, datt ech ëmmer erëm vu Kommunikatioun schwätzen, mä wéi ginn d'Awunner mat an de Projet involvéiert? Mä virun allem virun der Involvatioun, also wéi gëtt do kommunizéiert fir eeben déi, déi net esou gutt an de Sprooche sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, fir déi doten Interventioun.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Jo, Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Als laangjäreg Presidentin vun der Integratiounskommissioun, bezéiungsweis, wéi se elo heescht, Commission consultative du vivre ensemble interculturel, wëll ech och hei nach kuerz menger Satisfaktioun Ausdrock ginn. Wéi gesot, d'Madamm Claudia Dall'Agnol huet wierklech all Detail elo scho gesot, mä trotzdeem wëll ech nach op e puer Eckpunkten awer trotzdeem zréckkommen, déi awer wichteg sinn, och eis als Vue vun der Kommissioun. Also den 23. August 2023 ass per Gesetz decidéiert ginn, dem interkulturellen Zesummeliewen hei zu Lëtzebuerg e gesetzleche Kader ze ginn. Instrumenter si geschaf gi wéi eng Marge à suivre, eng Agenda, mä awer och, an dorop wëll ech eraus, eng finanziell Ënnerstëtzung fir d'Gemengen, déi sech an deem Beräich engagéieren. Et ass jo net esou, datt mir hei elo

zu Diddeleng bis elo näischt gemaach hunn an datt näischt geschitt ass an deem Beräich Integratioun, bezéiungsweis Vivre ensemble interculturel. Schonn am Ufank vun der leschter Legislaturperiod hate mer eis hei zu Diddeleng schonn eng Charte vum Zesummeliewe ginn, wann Der lech nach dorunner erënnere kënnt, déi vu Veräiner a Bierger a Biergerinne gutt ugeholl ginn ass an och fläisseg ënnerschriwwe ginn ass. Mir sinn also schonn deemools proaktiv op d'Veräiner an och op d'Leit duergaang, fir si ze sensibiliséieren an ze motivéieren.

A wéi och schonn heibannen ugeklongen ass, mir sinn zu ongeféier honnertdräizéng Nationalitéiten. Dat ännert andauernd. An dofir hate mer eis och ganz matzäite scho mam Service Ensemble en immens performante Partner gesicht, deen um Terrain an an de Quartieren Aktiounen a Manifestatiounen organiséiert, Workshoppen, Ausflich an Ateliere fir Grouss a Kleng a bei hinne steet och d'Dier ëmmer op, fir op ganz individuell an och op perséinleche Kontakt Léisunge fir Problemer ze fannen. D'Kommissioun huet mat der mëttlerweil 20. Editioun vun der Fête des cultures bewisen, datt dëst Fest e feste Bestanddeel vum Diddelenger Kalenner huet. Säit dem leschte Joer gëtt dat elo zesumme mam Marché du monde gemaach an hei och e Merci nach un Diddeleng Hëlleft. D'Kommissioun organiséiert och säit Joren, zesumme mam Service Ensemble, eise Café des langues, deen ee vun deenen éischten hei am Land war an deen en enorme Succès kennt.

Vun der Gemeng aus ginn nach Sproochen- an Alphabetiséierungscoursen organiséiert, Quartiersveräiner ginn ënnerstëtzt, den Dialog mat hinnen explizitt gesicht. Ech géif souguer behaapten, de Service Mediatioun ass e Bestanddeel vum Vivre ensemble, guer net ze schwätzen, wat an deem Sënn am Service Égalité des chances geschafft gëtt oder am Office social. Ech hunn der bestëmmt nach vergiess, well Vivre ensemble, dat ass transversal. Dat ass iwwerall. Dofir reechen déi Mesüren, déi mir an eiser Gemeng huelen, och an all Beräich eran an dës Politik verfollegt dës Majoritéit schonn ëmmer. Et ass lo grad vun eiser Geschicht rieds gaang an ech soen och ganz iwwerzeegt, datt dat zu eiser DNA gehéiert an datt dat och einfach e Stéck Diddeleng ass. An dofir gëtt Diddeleng net fir näischt e bëssen als Musterschüler duergestallt, Virbild a Virreider am Beräich Integratioun. Ech mierken dat op d'Table-ronden oder, d'Madamm Thoma, déi hat elo nogefrot – déi kritt d'Explikatioun dann nach duerno – fir dee Forum zum Beispill vum Zesummeliewen, dee fréier GRESIL geheescht huet.

Alles kritt en neien Numm, alles gëtt besser. An doweinst si mer do gär ëmmer zitéiert ginn an dofir hu mir och schonn immens vill op där Checklëscht, ech wëll net soen ofgehaakt, mä mir erfëllen déi Erwaardungen awer trotzdeem, déi och elo vum Ministère aus un d'Gemenge gesat ginn. An ech mengen, dat huet och domadder ze dinn, datt, ech mengen, déi fréier Integratiounskommissioun, dat war eng vun deenen eenzegen, déi per Gesetz virgeschriwwe war an alle Gemengen. An obwuel se an all Gemeng, ënner Gänsefüßchen, fonctionéiert huet, huet se net ëmmer gutt fonctionéiert. An ech mengen, dofir ass och déi Initiativ op eemol geholl ginn, datt dat misst besser encadréiert vläicht ginn, och méi d'Gemengen ënnerstëtzt ginn, fir se eeben an deem Beräich ze begleeden. Mä ech wëll awer elo och nach eng Kéier op dat neit Gesetz ze schwätze kommen. Wat mech am allermeeschte freet, dat ass, datt de Staat sech eeben hei och elo finanziell engagéiert an d'Gemengen net eleng léisst bei dëser Aufgab. Dir hutt an Ären Annexen d'Agenda vum Gemengepakt gesinn. Do gëtt engem bewosst, datt dat eng immens grouss Aufgab ass an deementspriechend muss encadréiert ginn. Ech sinn dofir besonnesch frou, datt mer och elo mam Félix Bonne a mam Cédric Czaika zwee Coordinateuren hunn, fir dës Aarbechten an Initiativen ze encadréieren. A wann ech déi zwee sou kucken, da si mer gutt gefall.

Wat d'Zesummesetzung vun deem neie Comité de pilotage vum Gemengepakt ubelaangt, sou sinn ech eeben och ganz frou iwwert déi Zesummesetzung. An der Kommissioun gouf e geheime Vott gemaach an d'Entscheedung war denkbar knapp. Mir proposéieren also d'Catherine Richard an den David Mahnen. Ech wëll vun hei aus awer och Merci soen deenen, déi net zeréckbehale goufen, déi sech gemellt hunn an et ass eeben net gaangen. Och si wieren e gudde Choix gewiescht. Frou sinn ech och iwwert d'Vertrieder vun den Associatiounen. Mat engem Sportsveräin, mat Diddeleng Hëlleft, mat enger afrikanescher Associatioun ass, mengen ech, e breede Creneau hei zustane komm. Elo gëllt et awer eng transparent a konstruktiv Zesummenaarbecht vu Kommissioun a Comité de pilotage ze organiséieren, op déi ech mech natierlech scho freeën.

Mä et bleiwen och Erausfuerderungen nach. An deene leschte Joren, a mir hunn dat ëmmer gemierkt schonn, och wa Wale waren, fir Leit ze motivéieren, fir emol Leit ze erreechen iwwerhaapt, ass guer net esou einfach. Et ass elo e puermol ugeklongen, et huet sécher jiddwereen e gudde Grond, firwat e sech vläicht net ageschriwwen huet oder vläicht net op eppes geäntwert huet, mä mir mussen deem nogoen. Kommunikatioun bleift fir mech nach ëmmer eng grouss Erausfuerderung, net nëmme well d'Generatiounen änneren, mä well et eeben och verschidden, wéi gesot, Sensibilitéite ginn, well d'Leit genuch de ganzen Dag mat hirem Alldag ze dinn hunn. well se selwer eng schwiereg Situatioun hunn. A wann déi Grondbedierfnesser net realiséiert sinn, dann denkt een och net u politescht Engagement. Dat heescht, do musse mer einfach dat zur Kenntnis huelen an dat och a Betruecht zéien, fir se nach méi ze motivéieren an hinnen och d'Angscht ze huelen, fir e Schratt op eis als politesch Vertrieder an op d'Gemeng ze maachen.

Eng Erausfuerderung bleift och fir mech, an dat hat ech schonn an enger Table ronde mam Minister gesot, déi Motivatioun vun de Frontalieren an dësem Kader, well, ech mengen, dat ass net esou einfach. Ech mengen, kuckt, um fënnef Auer oder ab véier Auer ass Stau op der Autobunn an déi Leit hu just nach am Sënn fir heem. An zwar si se warscheinlech do an hire Gemengen engagéiert a wëllen eeben do a Veräiner hir Fräizäit verbréngen oder sinn do politesch interesséiert. Dat heescht, do misste mer eis vläicht Synergië fanne mat vläicht Gewerkschaften.

Ech weess et net, mä op alle Fall op all eis Iddien, déi heibanne sinn, wëll ech elo mol net virgräifen, well dat hei ass e participative Projet. Dat heescht, ech wëll awer och elo, oder géif gär Terrain loossen, fir eeben déi Leit, déi elo sech do gemellt hunn, datt déi elo kënnen hir Aarbecht ophuelen an deem Comité de pilotage an Zesummenaarbecht mat der Kommissioun. An op dee Prozess freeën ech mech och elo schonn, natierlech mat eisen zwee Coordinateuren, déi mir ganz vill Aarbecht ofhuelen. Ech si richteg frou an dofir elo schonn am Viraus villmools Merci a villmools Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech hale mech ganz kuerz. Fir all déi ënnert eis, déi sech Zäit geholl haten, an de Lycée ze goen, fir déi Hate-Speech-Ausstellung ze kucken, déi waren deels schockéiert iwwert dat, wat do vu Schüler ausgaangen ass iwwer hir Matkolleegen. Interkulturellt Zesummeliewen ass wichteg an et ass un eis, déi dofir stinn, ze suergen, dass d'Mesüre getraff ginn, dass dëst weider gepusht gëtt an net toleréiert gëtt, wann esou Saache virkommen, wéi op der Ausstellung do presentéiert gi sinn. Mir maache vill flott Projete wéi zum Beispill de Café des langues, deen hei ernimmt ginn ass, deen e grousse Succès huet, an esou wënschen ech och dem Comité de pilotage och e ganz grousse Succès a vill Freed och un hirer Aarbecht, fir dass d'Zukunft vun eiser Gesellschaft op de richtege Wee geet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci. Sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da ginn ech d'Wuert zeréck un d'Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Ech ginn emol op deen Deel an, deen ech mer elo opgeschriwwen hunn, ier ech dann dem Félix an dem Cédric dohannen d'Wuert ginn. Ech mengen, d'Madamm Kayser an och d'Madamm Kohn hunn dat vun de Frontaliere gesot. Bon, dat ass u sech elo kee Problem, dee just Diddeleng betrëfft, an ech mengen, dat ass eppes, wou ee muss kucken, och mat eise Coordinateuren, déi mer vum Staat zur Hëllef gestallt kréien, – déi schaffe jo net nëmmen an enger Gemeng – mä kucken, datt mer dat op, ech wëll elo net soen, op nationalem Niveau, mä eeben op kommunalem Niveau awer alleguerten d'nämmlecht geléist kréien, well, ech mengen, jiddereen huet deen nämmlechte Problem. Natierlech huet déi eng Gemeng méi Frontaliere wéi déi aner. Dat hänkt dovunner of, wou s de grad bass, mee, ech mengen, datt de Problem sech awer fir jiddereen d'nämmlecht stellt a jiddereen, deen dee Pakt hei ënnerschriwwen huet, huet sécherlech och deen een oder anere Frontalier.

Mat de Bureauen, mengen ech, kënnt Der och selwer eng Kéier drop agoen, mä jidderee behält natierlech säi Bureau. Mir hunn et awer gutt fonnt, datt eeben alles, wat participativ Biergeraarbecht ugeet an eeben eise Service Ensemble, mat deem mer jo scho laangjäreg zesummeschaffen, ënner anerem och mam Cédric selwer, datt en déi dat dote solle gemeinsam maachen, well déi zwee Voleten eeben do behandelt ginn. Ech sot och net, datt dat eent, de Biergerpakt, also datt de Biergerpakt hei dra steet. Ech sot d'Gesetz deckt déi zwee Voleten of. Ech wollt et awer erklären, gell? Voilà. Et ass driwwer rieds gaangen, déi Leit, déi mer elo an d'Kommissioun nennen, ob déi kënne vun engem aneren ersat ginn? U sech net, well mir musse se nominativ mellen.

Wann ech dat awer richteg verstanen hunn, an do könnt Dir mech awer dohanne verbesseren, wann awer elo een net méi wéilt kommen an deen demissionéiert, dann ass et e bësse wéi an enger Gemengekommissioun. Da kann natierlech, kann en Neie sech mellen, mä ech muss éierlech soen, mir haten éischter e bëssen d'Angscht, wou mer alleguerten eis Clibb ugeschriwwen hunn, datt mer hei, datt mer hei misste würfelen oder d'Lous zéien. An ech muss ganz éierlech soen, ech si perséinlech awer enttäuscht. Richteg enttäuscht. An ech weie wierklech meng Wierder, well ech mengen, Dir wësst, wéi et ass. Ech mengen, mir si jo awer ëmmer fir eis Clibb do. An, wéi gesot, dräi Reponsen op all déi Bréiwer fannen ech perséinlech enttäuschend. Natierlech kënne mer keen dozou zwénge matzemaachen, wëlle mer och net. Dat bréngt näischt.

Ech mengen, dann ass iwwer d'Kommissioun rieds gaangen. Bon, do huet en demokratesche Vott stattfonnt. Do gëllt dat nämmlecht. Wann elo ee vun deenen zwee eng Kéier net méi wéilt kommen, da gëtt nei gewielt. Voilà. Da gëtt nei gewielt respektiv wann d'Kommissioun sech eens ass, et ware jo nach aner Kandidaturen do, ob dann een noréckelt. Mee, ech mengen, dat musse si dann an hirer Kommissioun gesinn.
Ech mengen, dat heiten ass elo eppes ganz Neies, wat uleeft, net nëmmen an eiser Gemengen, mä och an all deenen anere Gemengen, an ech mengen, mir mussen do aus den Erfarunge léieren, wann et bis u gelaf ass, an och aus den Erfarunge vun deenen anere Gemengen.

Bon, d'Madamm Thoma huet richteg gesot. Bon, mech huet natierlech dee Facebook-Post deemools och schockéiert, virun allem well ech mech selwer och als lénk Politikerin identifizéieren. An ech hunn deemools, mengen ech, a mengem Facebook-Post och ganz kloer gemaach, wat ech dovunner halen a wat ech vun där Partei erwaarden. Ech wëll natierlech, an dat weess de, dech net perséinlech ugräifen, well ech dech schätzen. Ech sinn awer trotzdeem der Meenung, du hues genau esou en auslännesche Background wéi déi meescht heibanne vun eis an, ech mengen, dass de der eng Kéier misst duerch de Kapp goe loossen, ob s de mat deenen Tendenzen do an denger Partei d'accord bass oder net. Dat ass einfach mäi Rot vläicht un dech am Zesummenhang mat dësem Dossier.

D'Madamm Thoma sot och, wann een all Dag muss kucken, eppes op den Dësch ze kréien, dann hues de Besseres ze dinn, wéi dech vläicht am Benevolat oder hei an engem Pakt ze engagéieren. Ech muss awer och soen, wann ech virdru sot, datt mer nëmmen dräi Réckmeldunge kruten, da gëllt awer och de Contraire.

Du hues ganz vill Leit, déi sinn einfach sat, déi hunn alles an déi wëlle just Saachen um gëllene Platto zerwéiert kréien, gell, am beschten nach gratis, awer selwer näischt dovunner maachen. An dat ass och e groussen Deel vun der Gesellschaft. Du hues déi eng an du hues déi aner. An ech mengen, datt mer fir déi zwou, wéi soll ech dat elo soen, fir déi zwou Parte mussen eppes fannen, fir datt mer se un d'Matmaache kréien. An ech wëll déi eng net mat deenen anere gläichstellen, mä et gëtt se awer nu mol.

D'Madamm Ahmedova huet vu Radikaliséierung geschwat. Bon, wa mir nëmme kënnen e bëssen duerch déi Projeten, déi mer hei an där Gemeng maachen – sief dat elo duerch dee Pakt oder wat mer virdru gemaach hunn – kënnen dozou bäidroen, datt d'Kulture sech ënnerenee mëschen, datt déi och mateneen an d'Gespréich kommen, ech mengen, dann hätte mir scho ganz vill gemaach, fir Rassismus oder och Radikaliséierung ze verhënneren. An allgemeng, mengen ech, d'Walen am Oste vun Däitschland, d'Walen an Éisträich, nach méi rezent d'Walen an den USA, all déi Resultater, mengen ech, déi sollen eis ze denke ginn, wat ka geschéien, wann den Dialog zwëschent de Leit oder zwëschent de Kulturen oder zwëschent zwee verschidde Bléck einfach net méi do ass.

Wat ech effektiv vergiess hat, d'Madamm Kohn, huet virdru gesot, d'Charte vum Zesummeliewen, hate mir scho virdrun. Et ass gutt, dorunner erënnert ze hunn, well dat hat ech effektiv net gesot. Den Här Meyer ass nach eng Kéier op den Hate Speech agaang. Jo, ech menge Mobbing, Bullying op de sozialen Netzer, am Schoulhaff, mëttlerweil souguer am Klassesall selwer, dat ass eng Realitéit an, ech mengen, do musse mer alles maachen, datt esou eppes net weidergeet. A vläicht, wéi gesot, ass dat heite jo de richtege Wee. An dann nach, ier ech hinnen zwee dann d'Wuert weiderginn, soen ech dem Cédric an dem Félix e ganz, ganz grousse Merci, ech mengen, an Ärer aller Numm, fir déi Viraarbecht, déi se hei gemaach hunn. Voilà. Dat war et vu menger Säit. An da weess ech net, wéi Dir lech opdeelt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Félix Bonne oder Cédric Czaika. Et ass un lech zwee.

FÉLIX BONNE (SERVICE DE LA DÉMOCRATIE PARTICIPATIVE): Ok. Ech mengen, ech ginn eng Kéier op zwou, dräi Froen a vun deenen dräi Leit, déi geschwat hunn an da ginn ech einfach un de Cédric weider. D'Madamm Kayser hat gefrot, ob mer do scho Chifferen hätten. Stand haut ass et esou, datt de CEFIS op där enger Säit d'Analys mécht vun deene Questionnairen, déi d'Leit kritt hunn, déi se jo da souwuel konnten iwwert hir Handye respektiv och hei am Guichet kënnen ausfëllen. Op där anerer Säit hu si awer och duerch eng Approbatioun vu Säite vun der Gemeng Accès op d'Donnéeë vum SIGI kritt. An do kënnt nach eng zousätzlech Analys mat derbäi. Dat heescht, ab dem Moment, wou déi Analys dann eis virgedroe gëtt, kënne mer op déi Fro, mengen ech, méi genee äntweren. Et ass eng ganz interessant Fro, effektiv, déi Der frot: Wéi kënne mer eis Frontaliere besser erreechen? Dat ass eng Fro, déi ass, mengen ech, jo, national effektiv. A firwat soen ech elo national? Ma doduerjer, datt mer elo an de Gemengepakt eragaange sinn, si mer och an e Reseau eragaangen, an e Reseau vu ville Gemengen. Och do ass en Echange, e stännegen Echange mat deene verschiddene Forumen, déi mer hunn, ënnert de Coordinateuren och. An ech mengen, dat ass eng gutt Source och, fir Methoden ze fannen, déi vläicht, voilà, méi innovativ sinn oder mol nei Saache kënne mat erabréngen. Och do kréie mer vill Ënnerstëtzung vum Ministère. Mir hunn e Kit de communication.

Dann ass et natierlech och esou, datt d'Reegel souwisou jo scho vun eiser Kommunikatioun ass, datt mer an esou vill Sprooche wéi méiglech iwwersetzen an och kommunizéieren an dat probéiere mer och, oder dat setze mer och esou gutt wéi méiglech duerch. Dann hunn ech nach opgeschriwwen, bon, bei der Analys, effektiv, d'Madamm Ahmedova huet gefrot, wéi mer mat eiser Analys de Moment, Stand haut sinn. Bon, effektiv, mir hunn extreem vill Saachen en place haut schonn, wäit Jore virun der Signature oder der Adhesioun vum Pakt. Elo gëllt et effektiv ze kucken, wat passt an dee Pakt a wat hale mer do separat. Mee, ech mengen, do ass den Expert, Stand haut, awer de Cédric.

CÉDRIC CZAIKA (SERVICE ENSEMBLE QUARTIERS DUDELANGE): Moien. Also ech hat virun e puer Wochen den Optrag kritt, fir e bëssen esou en État des lieux ze maache vun den Aktivitéiten. Mir sinn op 19 Projeten an Aktivitéite komm. An dobäi ass nach ze soen, dass dat ouni déi Aktivitéiten a Projete vum SEGA sinn. Dat heescht, do kënnt nach eng Kéier e ganze Batz bäi. Respektiv och Veräiner droen do nach bäi, maachen Aktivitéiten, Projeten, wou si mol selwer net wëssen, dass se Vivre-ensemble-Projete maachen. Si maachen dat niewelaanscht, ouni dass se sech et bewosst sinn a si maachen eng wäertvoll Aarbecht. Dat heescht, fir alles, fir e Gesamtbild ze hunn, dat ass praktesch onméiglech. Dat heescht, mir hunn elo mol fir d'éischt mol gekuckt, wat kënne mir maachen. Mir hunn nach de Service à l'égalité des chances gefrot, fir eis och e bëssen e Feedback ze ginn a mir wäerten dann an e puer Wochen och vun hinne wëssen, wat si maachen. Dat heescht, fir de Moment, alles, wat mir maachen a wat de Félix mécht, do komme mer op 19 Punkten.

D'Madamm Kayser hat nach gefrot mat de Büroen. Also, de Félix hält säi Büro, ech hale mäi Büro. Mir schaffe ganz enk zesummen an de Pakt vum Zesummeliewen ass een Deel vun eiser Aarbecht. Dat heescht, dat kënnt elo nach zousätzlech mat dobäi. Wat awer elo ass mat de Lokalitéiten, do musse mer ëmmer kucken, wa mir elo zum Beispill e Workshop vun de Citoyens maachen, musse mer natierlech op d'Gebailechkeete vun der Gemeng zeréckkommen a musse froen, hei, wéi ee Sall kënne mer da benotzen. Mat esou vill Leit rechne mer an dann, voilà, ma mer dat. An dann nach den Ënnerscheed tëschent der Rôle vun der Kommissioun a vum Comité de pilotage. Also d'Kommissioun mécht net nëmmen de Pakt vum Vivre ensemble, mä se mécht jo nach aner Saachen. An de Comité de pilotage këmmert sech da just ëm ee Projet, deen da wärend deem enge Joer soll determinéiert ginn. An et sinn natierlech och am Comité de pilotage nach Leit

mat dobäi, déi vun de Veräiner sinn an do sinn dann och nach aner Leit, déi do matmaachen. Dat heescht, et ass nach e bësse méi grouss.

D'Madamm Thoma hat nach gefrot, fir d'Leit anzeschreiwen zum Beispill bei de Wallëschten. Mir hunn dat och ëmmer probéiert, dat heescht, fir d'Leit ze gewannen, fir bei esou Saache matzemaachen. Dat ass ëmmer schwiereg. Mir haten zum Beispill, dëst Joer ware Wale, gell? D'lescht Joer hate mer du probéiert, d'Leit anzebanne mat e puer Aktivitéiten, mä dat ass immens schwiereg, well d'Leit lauschteren engem net ëmmer no, lafe fort, wann se eis scho gesinn. Mir hunn da probéieren dann d'Leit … Well d'Leit mengen, mir wéilten hinnen eppes verkafen. Dat heescht, mir probéieren, se dann e bëssen esou anzebannen. Mir haten d'lescht Joer zum Beispill dann eng Museksgrupp gehat a mir hunn d'Kannerspiller gehat, dass d'Kanner dann dohinner ginn an dass mer dann e bësse mol konnte mat den Eltere schwätzen. Mä hei wäert et och net anescht sinn, an deem Fall.

Dat heescht, et wäerten ëmmer erëm déi selwecht sinn, déi souwisou scho begeeschtert si vun der Saach a fir déi aner, do musse mer dann eebe schaffen. A mir kréie jo och ëmmer permanent eng Evaluatioun gemaach mat dem Conseil à l'intégration, déi da kucken, wat huet geklappt, wat huet net geklappt a wou kann ee verbesseren. An dat selwecht kann een och mat den Aktivitéite maachen, wou mer amgaange sinn. Mir mussen net elo 20 nei Projete maachen, mä mir kënnen och déi emol kucken, wou mer amgaange sinn ze maachen an déi vläicht einfach just verbesseren. Et muss een net ëmmer eppes Neies maachen. An, ech mengen dat war et. Oder vläicht hunn ech eng Fro vergiess?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat schéngt net de Fall ze sinn, wéi ech hei vun de Reaktioune gesinn. Gutt, ech mengen, dann hätte mer den Tour gemaach. Claudia Dall'Agnol, wollts du nach eppes soen? Soss soen ech nach eppes zum Schluss.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Nee. Mir mussen de Comité u sech nach guttheeschen, de Comité de pilotage.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da kommt, mir maachen dee Punkt da fir d'éischt, mam Comité de pilotage. Wien ass mat der Kompositioun vum Comité de pilotage esou wéi en hei an den Dokumenter ass, Member vum Gemengerot Claudia Dall'Agnol, vun der Commission collective du vivre ensemble interculturel, d'Martine Bodry-Kohn, d'Catherine Richard, David Mahnen, Member vun de lokalen Associatiounen, Christian Thill, Annette Kemp-Kleman, David Hallany an d'Coordinateure Cédric Czaika a Félix Bonne, averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech lech villmools Merci.

Ech wollt just nach vläicht ee Punkt opgräifen awer, fir och do par rapport zu den Diskussiounen, déi gehale goufen, notamment och vun der Madamm Thoma, awer och do d'Ënnerstëtzung effektiv nach eng Kéier ausdrécken, par rapport zu deem, wat si gesot huet.

Well, jo, interkulturellt Zesummeliewen, d'Zesummeliewen tout court an enger Gesellschaft, an enger Stad, huet net nëmme mat de Matbiergerinnen a Matbierger ze dinn, awer virun allem mat de Matbiergerinnen a Matbierger, an dozou gehéieren och Leit, déi Member sinn an enger politescher Partei. An ech mengen, do gëllt et och, Respekt ze hunn tëschent de politesche Parteien, och de Respekt tëschent Memberen aus verschiddene politesche Parteien, och wann een eng aner politesch Meenung huet.

An, ech mengen, och d'Zesummeliewen op engem sozialen, ekonomeschen an engem gesellschaftleche Plang, dat ka jo ganz divers sinn. A wann hei mat enger gewëssener Verve gesot gëtt, jo, oder Referenz gemaach gëtt op déi Ausstellung – et si jo e puer Riedner, déi dat hei gesot hu ronderëm den Hate Speech am Lycée Nic-Biver – ma am Strofgesetzbuch, d'Incitation à … ass grad esou grav wéi den Hate Speech. An ech mengen, dass dat kloer ze condamnéieren ass. Dëst gesot, et war elo d'Presentatioun vum Pakt. Et ass gewielt ginn. Solle mer de Pakt och nach eng Kéier ofstëmmen? En tant que tel? Nee? Gutt. Dann, mengen ech, kënne mer op den nächste Punkt iwwergoen. Ech soen eise Mataarbechter Merci, wéi gesot, souwuel dem Cédric Czaika wéi och dem Félix Bonne, fir hir Presenz.

11. APPROBATIOUN VUN ÄNNERUNGEN AN DER ZESUMMESETZUNG VUN DE BERODENDE KOMMISSIOUNEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ënnert dësem Punkt geet et ëm eis Kommissiounen, eis Commissions consultatives. Do hu mer follgend Propositiounen: An der Commission de l'enseignement musical soll, bei deene Gréngen, de Sandro Farnetti d'Celia Seil ersetzen. An der Commission de l'égalité des chances, de la non-discrimination, soll fir d'DP dann d'Anne Leser d'Françoise Binsfeld ersetzen. An da setze mer de Grupp, den Experte d'Urbanisme, an. Deen hate mer an der leschter Period och agesat, dee soll e puer Avise kënnen ofginn. Do ass engersäits, vun de Memberen, den David Kalen, den Alex Faber vum Büro Zeyen & Baumann, d'Eva Gottschalk vun eisem Urbanismus, Service d'Architecture & Domaines, de Carlo Mersch vu Mersch Ingénieurs-Paysagistes S. à r.l., de Marco Bidaine vu Beng Architectes Associés, de Florian Hertweck, Architekt vun der Uni Lëtzebuerg, d'Cathi Mambourg, de Romain Molitor, de Pit Demuth, d'Lis Cloos, de Serge Welscher vu Schroeder & Associés, den Nic Krumlovsky, den Tom Bernard an de Christophe Da Silva. An dann an der Ekipp Klima soll den Diogo Costa d'Fabienne Dimmer ersetzen. Dat zu de Kommissiounen.

Ass de Gemengerot mat averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech lech villmools Merci.

12. PERSONALWIESEN

Approbatioun vun der Lëscht vun de Persounen, déi fir 20 Joer trei Déngschter eng Auer geschenkt kréien, an der Lëscht vun de Persounen, déi fir hir Pensioun en Akafsbong kréien

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer zu eisem Personal, dat am Dezember geéiert wäert ginn, wou mer jo eng Feier virgesinn hunn, fir zwanzeg Joer am Déngscht vun der Gemeng, respektiv, déi Leit, déi am Joer 2024 an d'Pensioun ginn. Déi follgend Leit gi fir déi zwanzeg Joer Déngscht an der Gemeng geéiert: AFONSO Maria Fernanda, BARCADORO CIAFFALDANO Vito, CASARIN Serge, DELLI CARPINI Marilena, FANELLI Steve, FERRUCCIO Antonietta, HIM Jean-Marc, PALZER Alain, TOCK Nadine, VESQUE Carole, LEY Andy, PIERSON Dany, PIERSON Roby, GUIDORENI Fabienne, PORINI Monia, LEYERS Gilles, SCHEUER Michel, BEMTGEN Georges a LORENZINI Emile. Si si schonn zwanzeg Joer dobäi an ech hoffen, dass si nach eng Rei Joer dobäi bleiwen.

An déi, wou natierlech elo dëst Joer no bons et loyaux Services d'Pensioun ginn, dat sinn: ALLES Anne, ALMEIDA GONCALVES Célia, ARENSDORF Nicole, AZZOLIN Angèle, CAMPORESE Raymond, CASOLI Agata, CONTER Dorothée, COSTANTINI René, FISCHER Marie-Josée, GRUEN Marco, HELLERS Guy, HOSS Patrick, HOUTSCH Yvonne, JACOBS Joëlle, KOSCH Robert, KUGELER Maurice, MARIN Patrick, MIGNECO Friederike, NILLES Chantal, PETRELLA Nicoletta, SAVINI Romano, TEUWENS Eric, THILL Patrick, THOME Carlo, DIFFERDING Jeff, BECKER Karin a BUSCH Paul. Hinnen e grousse Merci alleguerte fir hiren Asaz an - wéi gesot - déi, wou zwanzeg Joer hei sinn, déi kréien e Bong vun 1.000 Euro an déi, wou d'Pensioun kréien, kréien e Bong vun 200 Euro.

Ass de Gemengerot domat averstanen, datt mir hinnen dëse Kaddo maachen? ***Dat ass unanime***, villmools Merci.

13. VERGÄNGLECH GÄERT ZU DIDDELENG

Motioun vun der Partei „Déi Gréng" - Jardins éphémères - Vergänglech Gäert zu Diddeleng

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Hei geet et ëm Motiounen, an do hu mer eng Motioune vun deene Gréngen an eng vun der CSV virleien. An éier ech elo den Auteuren d'Wuert ginn, kuerz hei nach eng Kéier d'Prozedur: Den Auteur ka kuerz op d'Motioun agoen, fir se ze erklären, dann eng éischt Prise de position vun Schäfferot, dann huet natierlech vun all Partei een Orateur hei och d'Méiglechkeet, Stellung zu der Motioun ze huelen, dann nach eng Kéier den Auteur als Reaktioun, dann de Schäfferot an dann ass de Vott, dat ass déi Prozedur, un déi mer eis mussen halen. Dann huet den Auteur oder Auteure vun der éischter Motioun d'Wuert, an déi gouf vun deene Gréngе gestallt an dofir ginn ech d'Wuert un d'Madamm Ahmedova an den Här Steffen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, ech probéieren dann effektiv fir et kuerz ze maachen a géing dann direkt ufänken. Et geet ëm d'Jardin-éphémèren vun Diddeleng. Ënnert engem Jardin éphémère versteet een temporär Gréngflächen, déi meeschtens am urbane Raum geschaf ginn, fir méi Gréngflächen a Stied ze schafen. Dës Gäert kënne fir e puer Deeg, fir eenzel Evenementer, e puer Wochen an esouguer e puer Méint ugeluecht ginn. Mär viséieren awer an dëser Motioun schonn an éischter Linn déi Variant, wou een eppes dovun huet iwwer e puer Wochen, respektiv e puer Méint.

Dës Jardin-éphémèrë verwandele versigelt Flächen ewéi Parkinger, Parkplazen. Ëffentlech Plazen oder Foussgängerzonen a friddlech Plazen, wou d'Leit an d'Déiere mat der Natur kënnen interagéieren an entspanen. D'Zil heivunner ass och, de Public ze sensibiliséieren a puncto Wichtegkeet vun der Natur an de Stied a lokal Planzen duerch Beplanzung a verschidden Installatiounen anescht a Valeur ze setzen. Et kann och mat Konschtwierker a Statuen interagéieren an eenzel Quartieren oder Plaze redynamiséieren. Et kënnen och op dësem Wee längerfristeg Léisunge erprouft ginn, esou kann och au cas par cas gekuckt ginn ob dëse Provisorium eventuell méi laang bleiwe kann oder op eng aner Plaz, respektiv fir d'Iwwerwantere verréckelt ka ginn. Planzen eventuell kënnen ëmgeplanzt ginn oder an e Park oder e Bësch oder, oder, oder hir definitiv Plaz kënne fannen.

Dofir, dat elo kuerz zur Erklärung, wat mer drënner verstinn, géife mer soen de Gemengerot stellt fest, dass mer an enger Biodiversitéits- a Klimakris sinn. Ech denken, hei muss ech net vill erklären an ech mengen oder hoffen emol zumindest, dass heibanne keen dëse Considérant bestreit. Nieft de Mesuren, d'Aartestierwen ze verhënneren an d'Emissiounen ze reduzéieren, gëtt lokal och d'Upassung un d'Klimaverännerungen ëmmer méi wichteg, well eis Bëscher a Baminselen déi lescht Joren ënnert de klimatesche Konditioune gelid-

den hunn. Déi lescht Ëmweltkommissioun an och Diskussiounen elo just ronderëm de Forstplang weisen am Fong, dass d'Planzen an d'Déieren extreemen, stressege Situatiounen ausgesat sinn, duerch déi klimatesch Verännerungen.

An de leschte Jore goufen et flott Beispiller vu sougenannte Jardin-éphémèren zu Lëtzebuerg, an der Groussregioun an och soss ronderëm d'Welt. Ech mengen, ech hunn lech an der Annex eent lauter Beispiller dra gesat, wéi dat flott kann ausgesinn, ënner anerem vun e puer franséische Stied an och Esch, hunn ech relativ vill Beispiller dra konnte setzen. Esch hat elo dëst Joer beispillsweis eng grouss Panoplie u Beispiller, déi wierklech weise wéi dat kann ausgesinn. Fir déi heibannen, déi jo elo net d'Geleeënheet haten, sech et eeben ukucken ze goe sur place, et hat e relativ grousse Succès bei de Leit. Et huet wierklech verschidde Plaze redynamiséiert.

Och vill Beispiller aus Frankräich, wou dës Praxis eigentlech schonns e bësse méi laang stattfënnt. Beispillsweis hunn ech erausfonnt, Diddenuewen mécht dat elo säit 2019. D'Beispill vun de Grätzloasen zu Wien hunn ech elo éischter dru gehaangen, fir nach Beispiller ze ginn, wéi d'Gestaltung vun eenzelne Parkplaze kann ausgesinn. Do hunn se en anere Prinzip gewielt. Do huet den Awunner e gewëssene Budget, wou e mat der Gemeng ausmécht, fir d'Parkplaze selwer kënnen ze gestalten. Dee reecht ee Projet eran. Jee, et geet hei haaptsächlech drëms, einfach ze weisen, wat alles machbar ass, och op klengstem Raum. Den nächsten Considérant, d'LUGA, d'Luxembourg Urban Garden Ausstellung d'nächst Joer vum 7. Mee bis den 18. Oktober hei am Land stattfënnt a Satellitteprojeten heifir postuléiere kënnen. Wat ass ee LUGA-Satellitteprogramm iwwerhaapt? Ma jo, et ass e Programm, deen eemoleg a repetitiv Veranstaltungen a permanent oder temporär Installatiounen, déi sech ausserhalb vun der Haapt-LUGA-Zon befannen, vereent.

Beispillsweis d'Péitruss an den Uelzechtdall, Ettelbréck an de Kierchbierg. Dës Projete gi mam Label Satellitteprojet an den Ausstellungsprogramm vun der LUGA opgeholl, kommen op hiren Internetsite a kréien am Kader vun der LUGA och hir Bün an hir Valorisatioun. Sou kënnen d'Visiteure Projeten entdecken an op d'Theema Ekologie sensibiliséiert ginn, och ausserhalb vun der Haaptausstellung. Dann, esou Pop-Up-Gäert d'Liewensqualitéit vun den Awunner steigeren, d'Begréngung vu versigelte Flächen d'Temperaturen an Diddeleng erofdréckt a méi en agreabelt Klima, ënner anerem bei Hëtztwelle schaaft. Dat hänkt e bëssen zesummen. An der Annex zwee gesitt Der och, op wat ech mech do beruffen. D'Liewensqualitéit engersäits duerch flott Installatiounen, duerch méi Natur, eventuell mat Sëtzgeleeënheet, Bänken, Trëppelpied an esou weider, erhéijen.

Dann awer, anerersäits och déi gesteigert Liewensqualitéit andeems een effektiv deem Rechnung dréit, wat d'Bioklimaanalys fir d'PRO-SUD-Regioun seet. An zwar bestätegt si nach eng Kéier, datt d'Versigelung vu Flächen den thermesche Stress an eisen Uertschafte

weesentlech erhéicht. Den Endbericht ass elo vu Juni 2024, dee fannt Der am Link an der Annex zwee, an op d'Geoportail kann ee genau kucken, wou d'Begréngung dréngend gebraucht gëtt.

An hei sollte mir de Pop-Up-Charakter elo notzen an d'Moossnamen ergräifen an d'Zenarien testen, éier gréisser Renovatiounen ustinn. Dëst ka gären och e Sensibiliséierungs- respektiv Informatiounscharakter hunn a mat Schëlder a Backen drop hiweisen, dass d'Planzen op dëser an op där Plaz grad hëllefen, d'Temperatur vun der Strooss ze drécken oder Waasser opsammele bei Staarkreen. Mir denke souwisou, dass och soll profitéiert gi vun dëser Aktioun fir eng allgemeng Sensibiliséierungsaarbecht mat ze bewierken. Dass d'Iddi vu méi Gréngs an de Quartieren et an d'Schäfferotserklärung gepackt hat, ech zitéieren „zur Andämmung vum Klimawandel", huet eis gefreet gehat. Dat hate mir änlech och am Walprogramm. Da si mir eis, denken ech, eens. Mir fannen hei déi proposéiert Pop-Up-Gäert e flotten éischte Schratt. Da kommt mir paken et och elo un.

D'Insekten, d'Villercher a weider kleng Déieren duerch Jardin-éphémèren nei Liewensraum geschaf kréien. Dat, denken ech, erkläert sech vum selwen. Diddeleng huet vill versigelt Fläschen, déi temporär kéinte begréngt ginn. Beispillsweis onbenotzte Parkplazen, ëffentlech Plazen, mir denken hei beispillsweis un d'Parkplazen hei virun der Gemeng, wärend dem Vëlosummer, wou véier Woche keen duerft parken, just ee Lokal eng Pop-Up-Terrass gemaach hat an déi reschtlech Parkplazen eigentlech hätte kënne begréngt, e wonnerschéint Bild an en plus nach en effektiven Notze fir d'Allgemengheet kënnen duerstellen.

Awer och vereenzelt Parkplazen uechter d'Quartiere kéinten hei eng Méiglechkeet sinn. Dës kéinten e grousst Ganzt bilden, an zwar an der Form vun engem Trëppeltour duerch Diddeleng, wou déi Installatioune kéinte matenee verbonnen eng flott Entdeckungsrees fir de Visiteur duerstellen. Oder et kéint ee sech un Esch inspiréieren, andeems ee sech traut, wéi um Beispill vun der Rue du Fossé beim Diederich, fir en net ze nennen, d'Stroosseféierung unzepassen an nei Plaze fir Mënschen do ze schafen. Och hei gouf deemno d'Situatioun genotzt, flott Modalfilteren heimadder ze schafen an ze testen. Och hei kéinte Quartiersversammlunge gemaach ginn a mat de Leit zesummen dës Plaze gestalt ginn.

Mat all där Panoplie vu gudden Argumenter géife mer de Schäfferot invitéieren, déi néideg personell an am

Kader vum Budget 2025 och déi finanziell Mëttelen virzegesinn, fir zu Diddeleng Jardin-éphémèren unzeleeën. Hei profitéiere mir dann dervun, dass d'Theema Budget 2025 grad bei lech ganz aktuell wäert sinn. A wa mir dës Motioun haut géife stëmmen, dës Jardin-éphémèren am Budget vum nächste Joer kéinten dran optauchen. Grad elo, wou mir an der Woch sinn, vum nationalen Dag vum Bam wier dat e flott Zeechen. Mat der Ëmweltkommissioun an de betraffene Servicer, d'Coordinatrice vum Urban Garden Neischmelz an d'LUGA ASBL ze consultéieren, fir d'Ëmsetzung vu Jardin-éphémèren zu Diddeleng ze plangen.

Onbedéngt eis Servicer hei mat abannen. Déi maachen all eng gutt Aarbecht an hunn ëmmer gutt Iddien a kréien och ëmmer erëm flott ëmgesat, wann ee beispillsweis d'Hochbeeter bei de Schoule kuckt, mir hate virdrun doriwwer geschwat, just fir déi elo ze nennen. D'Expertise bei esou Projete brauch ee selbstverständlech och beim Choix vun de Planzen a beim Entretien, deen et mat sech spréngt. Ze kläre wier hei den Entretien, sprech, wou setzt ee wat hin? Wat brauch méi, wat brauch manner Waasser? Oder ass et och eng Optioun, e sougenannt Wicked bath ze huelen? Dat sinn esou selbstbewässerend Backen. Oder wëll ee vläicht eventuell mat engem System vun engem Parainage fueren, wéi mer et och scho bei de Beem hunn, dat wier eeben ze kucken? Ech wëll net ausschléissen, dass een hei och op d'Expertise vun de concernéierte Servicer an op d'Erfarunge vu Good-Practice-Beispiller, beispillsweis déi vun Esch, kéint zeréckgräifen. D'LUGA Asbl bitt eng Begleedung un, wann eng Gemeng sech wëllt hirem Satellitteprojet uschléissen.

Eis ass et wichteg bei dëser Motioun, dass et hei reng elo ëm de politesche Wëlle geet, méi Gréngflächen hei ze schafen. An d'Ëmsetzungsdetailer sollte mer elo, denken ech, eis dann net weider verrennen, wa mer schonn eng ageschränkten Zäit kréien an dann eeben d'Experteronn dozou consultéieren. Am Kader vun der LUGA, dat ass dann déi lescht Invitt, Participatioun als Satellitteprojet ze préiwen. Dës géing Visibilitéit fir eis Staat schafen a mir kéinte vun der Expertise, déi ech virdru genannt, profitéieren. Och wann et keng Subsiden oder Änleches ze huele gëtt, gesi mir e ganz klore Méiwäert fir Diddeleng heiranner, vu dass d'Publikatioun, vu dass de Reseautage géif geschafe ginn, fir Diddeleng als eng Gréng Stad ze promouvéieren. Ech soen lech Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Okay, elo hutt Dir ganz vill gesot. Ech deelen och ganz vill vun deem, wat Dir gesot hutt. Wann ech hei kucken, Är Motioun, de Gemengerot stellt fest, do kann ech bal alles matdroen. Alles fannen ech gutt. Et ass awer esou, dass mer schonn als Gemeng, scho laang ier déi Motioun hei um Dësch louch, hu mer scho laang en Aarbechtsgrupp dëst Joer op Bee gestallt gehat, mat eise Servicer alleguerten zesummen, dat ass eisen Domaine Architekture et Domaines, GMP, Service Jardinage a Service Ecologique, a mir hunn, an dat fannt Der och am Budget 2025 erëm, eng ganz Panoplie vu konkrete Projete scho um Pabeier, déi mer wäerten an deenen nächste Jore konkreet ëmsetzen. Ech soen elo als Beispill, ouni elo mech festzeleeën, awer dee grousse Parvis beim Centre culturel zum Beispill, dat ass jo eng ganz grouss versigelt Plaz, do kann een esou ee Jardin hisetzen. Dat ass eng vun eis Iddien, wéi gesot, déi do, wat Dir elo alles hei eis sot, A. wësse mer, B. hu mir schonn an enger Aarbechtsgrupp dëst Joer op d'Schinn gesat um Pabeier. A wéi gesot, Der fannt schonns am Budget 2025, elo wa mer deen am Dezember presentéieren, fannt Der scho déi éischt Montanten dran, fir kënnen déi Saachen do ëmzesetzen. Mer waren och souguer mat där ganzer Ekipp do am Juli op Karlsruhe gewiescht. An do steet, déi haten dann do e Stadtplang eis ginn an do waren effektiv och vill Best Practices, gutt konkreet Beispiller, déi mer eis ugekuckt hunn, mat eise Servicer. An déi sinn natierlech och an eis Pläng, eis Iwwerleeungen agefloss, fir kënnen dann och an Zukunft zu Diddeleng esou Saachen ze maachen.

Fir op d'LUGA zeréckzekommen, och do hu mer schonn, op Initiativ vum PRO-SUD, éischt Kontakter ënnerholl, fir Projeten ze entwéckelen. Eise Service Ecologique huet, wéi gesot, mat deene Kontakt opgeholl, mam Claude Kugeler, eis Mémoire collective an och mam President vu Gare an Heem, hunn se mat PRO-SUD schonn diskutéiert an och probéiert, nei Schrëtt an d'Weeër ze leeën. Och eise Bannhidder, de Serge Binz, huet sech schonn zu Diddeleng ëmgekuckt, fir historesch bekannte Gäerteplazen oder gemeinschaftlech Gäert kënnen ze erkunden. An och de Fierschter ass mat am Boot, och deen huet Randinformatioune bäigesteiert a mir hunn esouguer eng Zäitzeiin, d'Madamm Julie Hurt-Diederich gefrot, wou haut d'Jugendhaus ass, déi do gelieft huet. An och si huet eis déi eng oder déi aner Iddi mat op de Wee ginn. Dir gesitt, mir hu scho laang déi éischt Weiche fir esou e Satellite-Projet zu Diddeleng gestallt a mir wäerten och dat probéieren an d'Dot ëmzesetzen. Langer Rede kuerzer Sinn, ech proposéieren dem Gemengerot, dës Motioun, sou wéi se hei ass, net unzehuelen, well mer all déi Saachen, déi hei scho stinn, amgaang sinn, ze maachen.

A wéi gesot, Dir fannt déi éischt Tracen am Budget 2025. Dat hei ass, an ech soen et elo net béisaarteg, mir sinn eis jo eens, d'Motiounen, dat ass e politescht Spill, mir loossen eis hei net vun deene Gréngen ënnert Gänseféisercher dreiwen, well mer scho laang déi Saachen do op d'Schinn gesat hunn. A wäerten och ëmsetzen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, fir d'Stellungnam. Ech mengen, elo kënnen déi politesch Parteien och nach dozou Stellung huelen. Also, wéi gesot, kuerz. An dann, mengen ech, kann dWuert eng Kéier zeréckgoen un den Auteur. An da kënnt nach eng Kéier de Schäfferot an dann de Vott.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, ech wollt och soen, genau wéi den Här Manderscheid dat betount huet, dass och scho ganz vill hei zu Diddeleng geschitt ass. Et ass iwwerall Gréngs, wou ee kuckt. Mir hunn ëmmer eis Rond-pointen, déi fantastesch sinn, bei den Denkmaler. D'Beem hei ronderëm d'Gemengeplaz, déi Schiet maachen, och wann d'Dauwen dann op ee kacken. Fir elo dann nach hei eng Gemengeplaz zum Beispill mat klenge provi-

soresche Gäert zouzeplasteren, dass de Maart herno sech muss anenken an dat dann och ganz vill Sue kascht fir e puer Wochen, dat gesinn ech net an. Da géif ech besser fannen, mir géife Plaze sichen, wou et dauerhaft och kéint stoe bleiwen. Dat wär besser géif ech soen. Mir sinn och als Diddelenger Gemeng vu lauter Bëscher a Felder ëmginn. Mir hunn d'Le'h, de Gehaansbierg, de Ginzebierg, Kalebierg, Gaalgebierg, Roudebierg, wéi se alleguer heeschen, wou eis Insekten och ganz vill Plaz fannen, fir ze wunnen. Des Weidere muss all Terrain hei, wann ech richteg sinn, mindestens 30 % Gréngfläch hunn. D'Leit komme vun de Steegäert erof. Och do kommen e ganze Koup Planzen, déi Diddeleng gutt sinn. A wann et ass, wéi den Här Manderscheid seet, an dat ass jo esou, dat wësse mer jo, dass e ganze Koup Projete scho virgesi sinn, déi an déi dote Richtung ginn, da bréngt déi Motioun absolut guer näischt a mir géifen déi och dann net matdroen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Also zu de Jardins éphémères, ech si kee risege Frënd dovun, well ech d'Gefill hunn, dass se heiansdo e bëssen esou no virgedréckt ginn an esou als Excuse, wann eng Gemeng net vill mécht. Also, zu Esch hunn ech heiansdo e bëssen d'Gefill, dass een do kéint e bëssen definitiv Begréngung maachen amplaz vun deene Jardins éphémères. Wann et awer einfach en Zousaz ass, an ech mengen, et gëtt jo schonn hei gemaach, ech mengen awer, dass mer nach kënne méi definitiv och verschidde Raim méi begréngen. Ech mengen awer, also zum Beispill op der Stadhausplaz zu Esch fannen ech et ganz flott, wann et kee Maart ass, wann een do e bëssen esou e Jardin éphémère mécht, dat ass ganz flott. Dat heescht, ech mengen et ass ëmmer d'Fro, wéi een dat ëmsetzt, an dass een et net als Excuse hëlt fir, bon, mir hu jo do e puer Méint eis Backe stoen, da musse mer soss näischt maachen, dat wär dee falsche Wee. Ech mengen awer net, dass dat Iddi dohannert ass, an hannert der Motioun vun deene grénge Kolleegen an dowéinst hate mir eigentlech vir, d'Motioun matzestëmmen.

Ech fannen et awer elo e flotten Zoufall, wann elo de Schäfferot seet, dass se dat dote souwisou schonn déi Iddi haten, an déi zweet Motioun vun der CSV, do richen ech schonn e bëssen, dass do dat selwecht wäert eropkommen, soudass ech mer iwwerluet hunn, mir mussen als déi Lénk einfach vill méi oft Motioune schreiwen, an der Hoffnung, dass se dann ëmmer als superfétatoire ofgeleent ginn, well dann hätte mer jo eigentlech alles erreecht, wat mer wëllen erreechen. Bon, et ass einfach, et ass elo schwéier, hei eppes ze soen, well mer net wëssen, déi Gréng hu jo dann am Fong d'Méiglechkeet hir Motioun zeréckzezéien, wann se d'Äntwert vum Schäfferot héieren oder se zum Vott ze halen, mam Wëssen, dass dann d'Majoritéit wäert dogéint stëmmen, obwuel se eigentlech mat allem d'Accord ass, wat drasteet, dat ass dann de Choix vun deene grénge Kolleegen. Wann se zum Vott kënnt, mir wäerte se matstëmmen, well mer eigentlech alles ënnerstëtzen, wat do dra steet, sachant awer, dass fir eis Jardin-éphémèren en „nice to have" sinn, awer elo net kënnen definitiv Mesuren ersetzen. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma. Nach weider Stellungnamen?

DIOGO COSTA (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter. Jo, ech mengen, dass mer an enger Biodiversitéits- a Klimakris sinn. Dat hu mer all erkannt. Dat hu mer och haut schonn e puermol héieren. Dir sot, Dir wëllt, dat de politesche Wëllen do soll sinn, fir dat esou ëmzesetzen, dass dat Haaptzil vun Ärer Motioun ass. An ob dat Zoufall ass oder net, bon, ech roden lech un, d'Schäfferotserklärung eng Kéier duerchzeliesen op der Säit 8, an eise Stadvéierel nei Gréngfläche maachen, op der Säit 15 d'Erweiderung vun der Cité jardinaire, méi Gréngflächen an de Stadvéierel, op der Säit 20 Initiative wéi d'Aféierung vu Gemeinschaftsgäert weiderzeverfollegen, jee, et geet esou weider. An et gouf och scho gesot, dass déi Projeten och schonn am Budget virgesi sinn. Dofir, jo, Zoufall ass et mengen ech net, wann een dat hei duerchliest. An dofir stëmme mir dat do net mat, falls et zum Vott ass.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Dat ass natierlech eng delikat Diskussioun. Ech mengen, et muss een awer luewen, wann eng Partei hei am Gemengerot eng flott Initiativ hëlt, och wann der nogesot gëtt, dat gëtt et schonn, mä awer et ass awer ëmmer mol gutt, fir eng Initiativ ze huelen, dat fanne mer gutt, mä anersäits, wann et awer effektiv dat anert schonn alles gëtt, bon, da musse mir elo mea culpa soen, mir wossten dat net, well mir liesen net all Dag d'Schäfferotserklärung zweemol no. Mä ech huelen un, den Här Manderscheid wier hei spéitstens bei der Budgetsdiskussioun mat sengem Dossier do komm. Dann, anerersäits kann ee sech awer soen, wann dat awer schonn alles an d'Wee geleet ass, dann, ech kéint elo soen, all Respekt fir de Schäfferot, mä da ginn ech erëm vernannt vun der Presidentin, ech hätt dat net solle soen, mee, ech mengen, da kënne mer jo elo net awer eng Fuerderung stëmmen, déi am Fong dat fuerdert, wat schonn do ass.

Mir sinn do e bësse ganz schlecht drun do. Ech mengen net, dass mer géint déi Motioun stëmmen, wéi dat jo awer Äert gutt Recht ass. Ech mengen awer och net, dass mer dofir stëmmen, well mer fillen eis awer elo e bëssen an engem double emploi. Ech géif proposéieren, diplomatesch géife mer eis vläicht éischter enthalen. Domat drécke mer aus, dass déi Gréng awer eng gutt Initiativ bruecht hunn an anerersäits respektéiere mer awer, dass eise Schäfferot schonn esou vill Guddes gemaach huet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Gangler. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da géif nach eng Kéier den Auteur kuerz Wuert kréien an dann hei de René Manderscheid an da gi mer zum Vott iwwert.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech hu mer elo fläisseg alles opgeschriwwen, fir dann och

net fënnef Mol mech zu Wuert ze mellen, mä fir eemol kënnen hei Retour ze ginn op all déi dach interessant Positiounen, déi komm sinn. Als alleréischt vläit eng Kéier méi allgemeng, mir schwätze ganz vill vun engem respektvolle Vivre ensemble, da stellen ech awer fest, dass hei gutt Rotschléi kommen, dass hei vill belächelt gëtt an dass vu politeschem Spill geschwat gëtt, dass sech net dreiwe gelooss gëtt. Ech mengen, wann d'Leit d'Untrëttsried héieren hunn, mat där ech ugetruede sinn, da war dat fir eng konstruktiv Oppositiounsaarbecht ze schafen.

Wann ech dann d'Schäfferotserklärung liesen, an ech mengen, ech hunn de gudde Rotschlo vum Här Da Costa och héieren, ech sollt déi dann eng Kéier liesen, da géing ech einfach eng Kéier zeréck uroden, eng Kéier nozelauschteren, wann ech se zitéieren a mengen Ausféierungen zu deenen eenzelne Punkten. Ech denken, dass do ganz vill Elementer dra stinn, wann ech awer och feststellen, dass bei engem Vëlosummer zum Onverständnis vu Vëlofuerer, vun Autofuerer, Parkplazen einfach eidel stoe gelooss ginn, an dass do keng Pop-Up Blummebacke a Beem histoe kommen, wou se theoreetesch kee géife stéieren. Da froen ech mech dach awer, wat een alles wéi wéilt maachen.

Dann nach zu deem anere Punkt, wou den Här Schäffen elo just gesot huet hei, voilà, do geet et dann net just ëm dat politescht Spill, mä et ass och mat der LUGA scho gekuckt ginn. Ma dat ass menges Wëssens no op jidde Fall net gewiescht zu deem Zäitpunkt, wou ech mech informéiert hu bei der LUGA fir eeben ze froen, ob do schonn eng Demande oder eng Kontaktopnam mat hinnen do gewiescht wier vu Säite vun Diddeleng. Well ech mengen, mir hate jo d'lescht Kéier schonn eng Kéier esou eng Motioun wollte stellen, hu se dunn net gestallt, well mer scho vun der Fondatioun gesot kritt hunn, dass de Schäfferot effektiv schonn eng Demarche do hätt an dass mer du fonnt hunn, mer géife just Froen driwwer stellen an net eng Motioun stellen. Dat wier da warscheinlech hei d'selwecht gewiescht.

Vum Här Meyer sinn ech och e bëssen iwwerrascht, do wéilt ech elo net allze vill drop agoen. Verschidden Aussoe weisen allerdéngs drop hin, dass dee Link mat der Bio-Klima-Analys vun der Regioun PRO-SUD net consultéiert ginn ass, well do ass ganz genau ze gesinn, dass mer net genuch Grénge hunn an eise Stroossen. Do si verschidde Plazen, déi sinn donkelrout gefierft, dass effektiv en enormen Hëtzestau ass an dass wierklech gerode gëtt, déi Plazen do dréngendst ze begréngen. Dann, d'Madamm Thoma, jo voilà, ech hat jo och iergendwéi e bësse gesot gehat, dass schonn och sollt gekuckt ginn, wat herno mat deene Planze geschitt, dass net einfach geplanzt gëtt fir ze planzen an dann no sechs Woche flitt dat dann iergendwéi an den Eck, mä dass scho gekuckt gëtt, eng méi nohalteg an e bësse méi laang Utilisatioun dovun ze huelen.

Wat elo eis Motioun ubelaangt, déi - géing ech soen - stelle mer weiderhin zum Vott, well mer haten an der Zäit och emol déi e bësse méi zäitopwenneg an awer konstruktiv Method fonnt, fir Motiounen unzepassen un d'Gegebenheeten, wéi se den Auteur da gestallt huet, mam Wëssen, dass een net alles matkritt, wat de Schäfferot hannert verschlossenen Türen dann decidéiert, dass do Saache lafen, dass do Iddie sinn, aleng fir d'Valoriséierung vun enger Motioun, wou ee sech dann awer Aarbecht mécht. Wann ech den Ëmgang mat eise Motiounen, an net just mat eise Motiounen, mä ech mengen d'Kolleege vun der CSV kënne geschwënn och e Liddchen dervu sangen, wann dat mat deene Schëlder do kënnt, et ass awer e bësse schwiereg, wann ee sech dann d'Aarbecht mécht an da gëtt gesot, maache mer schonn alles, hu mer schonn alles, plange mer schonn alles.

Voilà, ech mengen dat, also et ass natierlech ëmmer schwéier ze kucken, ween huet do elo Recht, ween huet Onrecht? Wie war deen éischten? Wie war net deen éischten? Ech mengen, do kann een ëmmer, wann een um längeren Hiewel sëtzt als Schäfferot, kann een herno soen, jo, dat hate mer jo schonn. Bon, mir stellen einfach fest, dass dat dann esou hei gesot ginn ass. Mir wäerten déi Motioun hei net zeréckzéien. Mir wieren averstanen domat, wa mer verschidden Invitte géingen ëmformuléieren. Ech mengen, domat si mer souwisou ëmmer hei an d'Course gaangen, dass mer gesot hunn, mir stellen emol déi Motioun mat eisen Haaptfuerderungen an dann treffe mer eis bestëmmt iergendwou um Konsens erëm zeréck. Esou verlafe Verhandlungen dann awer iergendwéi. An, voilà, dat wier et am Fong vun eiser Säit gewiescht. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Wéi stellt Der lech dann déi Ëmschreiwung vun der Motioun vir?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Also, vu dass mer net déi sinn, déi e Problem mat der Motioun hunn, kéinte mer soen: Wat sinn Är Virstellungen, fir se kënne matzestëmmen? Well mir fannen dat do jo gutt, wat do steet.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Mir hu kee Problem mat der Motioun. D'Motioun ass fir eis net néideg, well, wéi gesot, an der Schäfferotserklärung ass dat zitéiert ginn. A virun allem hu mer en cours de route, nieft där Schäfferotserklärung hu mer effektiv eng Aarbechtsgrupp gegrënnt mat all eise Servicer, well mer effektiv der Meenung sinn, dass mer mussen nach e bësse méi drop setzen. An dat hu mer och gemaach gehat. A wéi gesot, dat mat der LUGA, dat wäerte mer och weider verfollegen. Dofir ass déi Motioun an eisen Aen net néideg. Wann Dir se net zeréckzitt, da stelle mer se hei zum Vott, dat ass ganz kloer. Mir wësse jo och wéi d'Resultat ausgeet. Ech bleiwen awer op menger Ausso.

Mer wëssen awer och, dass d'Motiounen ëmmer e politescht Spill sinn, egal wat fir ee Sujet et ass. Jiddweree wëllt sech dann do als Partei an engem gudde Liicht stellen. Si wëllen hei, mir dreiwen, mir hunn Dynamismus, mir maachen eppes. Mä wéi gesot, an dësem Fall hei ass alles op der Schinn. Et gëtt gemeet. D'Tracë fannt Dir am Budget 2025 rëm. An nach eng Kéier, länger Rede kurzer Sinn, déi Motioun ass net néideg a mengen Aen, well de Schäfferot, well d'Ge-

meng hei alles mécht, fir kënnen Diddeleng méi gréng ze halen. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Dat ass d'Stellungnam vum Schäfferot, elo gi mer zum Vott iwwer. Ech halen hei gären d'Prozedur an, well soss dréine mer nach eng Kéier eng Ronn, da komme mer an dee selwechte Zenario, wéi mer d'leschte Kéier schonn déi Motioun haten. Ech géif dann effektiv proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn.

Wien ass mat dëser Motioun averstanen? Dat ass dann déi Gréng an déi Lénk. Wien ass net domat averstanen? Dat ass LSAP. Wien enthält sech? Dat ass CSV, ADR an DP. Villmools Merci. An da komme mer bei déi nächst Motioun. Déi ass da vun der CSV.

14. RETTUNGSPUNKTEN ZU DIDDELENG

Motioun vun der Fraktioun „CSV“

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Do géif ech do der CSV d'Wuert ginn.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert. Mat der steigender Unzuel u Visiteuren, déi sech mat Vëlo oder ze Fouss an de Bëscher an op de Feldweeër begeet, entsteet de Besoin fir méi Sécherheet. Net nëmme sinn ëmmer méi Leit am Fräien ënnerwee, mä och Bëschaarbechter, déi vum Fierschter oder a private Bëscher duerchgefouert ginn, droen zur Aktivitéit an dëse Gebitter erbäi. Zanter 2016 besteet e Pilotprojet am Gréngewald, deen op ville Plazen am Land d'Installatioun vu Rettungspunkte gefuerdert huet. Bei dëse Rettungspunkten handelt et sech ëm d'Schëlter op strateegeschen Uertschaften am Bësch, op deenen d'Noutruffnummer 112, eng Identifikatiounsnummer an déi geografesch Koordinate vum Punkt vermierkt sinn.

Am Noutfall kënnen d'Spadséiergänger a Spadséiergängerinnen dës Informatiounen un den Noutdéngscht weiderginn, fir hiren exakte Standuert matzedeelen. Doduerch kann de Rettungsdéngscht net nëmmen de kierzte Wee erausfannen, mä och dat eegent Gefier schécken, fir séier um richtege Punkt ze sinn. Dës Rettungspunkte si schonn am Einsatzleitsystem ELS vum 112 verbonnen a kënne domat direkt vum Rettungsdéngscht agebonnen a geziilt genotzt ginn.

Duerch de Geoportail ka jiddereen dës Punkten online gesinn an et fält op, datt verschidde Gemengen, dorënner d'Diddelenger Gemeng, nach keng esou Punkten installéiert huet. An och hu mer gesinn, dass am Dokument vum Aménagement forestier vu 2024 bis 2033 drasteet: „Aucun point de secours ne se trouve actuellement sur la propriété". Domat invitéiere mir eeben de Schäfferot am Numm vum Gemengerot ëm d'Ëmsetzung vun de Rettungspunkten am Bësch virzegesinn, fir eng besser Sécherheet am Bësch ze garantéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kemp.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Jo. Ech ka mer et am Fong einfach maachen. Mir hu jo virun e puer Minutten de Fierschter héieren, dee jo gesot huet, an ech hu säin Text hei viru mer leien, dass dee Projet vun den Rettungspunkten vun der Gemeng Diddeleng am Joer 2023 ugefaangen huet beschafft ze ginn. Am November 2023 si se dann zesumme mam CGDIS, an et huet hei den Här Goergen bei eis, all Rettungspunkt si se ofgefuer, fir hir Accessibilitéit ze préiwen. Verschidde Weeër hu missen opgeäscht ginn, huet de Fierschter jo gesot, fir en zougänglechen Accès ze kréien a fir d'Ambulanz ze garantéieren. Aktuell hu mer 39 Rettungspunkten um Territoire vun der Gemeng Diddeleng geplangt, vun deenen zwee, wéi gesot, just mat 4x4 Allrad zougänglech sinn, wéi dat och vum CGDIS guttgeheescht ginn ass.

An dann, wéi gesot, mir hunn dovu geschwat, wéi et bei de Barrière musse gemaach ginn, wéi d'Gemengeschlass an och d'CGDIS-Schlass kënnen ubruecht ginn, fir e séieren Accès ze garantéieren. An dann, wéi gesot, dat leeft alles a spéitstens am August 2025 soll dee ganze Projet definitiv fäerdeg sinn. An dann ass et nach um Geoportail.lu ofruffbar. Wéi gesot, elo kann ee jo erëm soen, jo, et ass scho gesot ginn, déi Motioun hei ass och „moutarde après dîner", well schonn 2023 ugefaange ginn ass mat deem Projet an d'Motioun kënnt elo eréischt am November 2024 op den Dësch. Also, et kann ee bal dat selwecht Zenario ëmmer soen. Vu dass déi gesote Virstellung et nach eng Kéier confirméiert, de Projet ass 2023 ugaangen. Dat heiten ass eppes, wat scho laang leeft, éier déi Motioun haut am November 2024 presentéiert ginn ass.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Sou, elo kënnen no där doter Stellungnam och nach hei d'Memberen am Gemengerot vun de politesch Parteien nach Stellung huelen, wann se wëllen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Ech enchaînéieren dann e bëssen an deem Esprit, wou ech virdrun drop war. Ech hunn dann einfach och hei d'Gefill, mir hunn awer verschidde Kommissiounen, wou een dann iwwer eenzel Dossiere kéint schwätzen. Dat heescht, wa mer allkéiers „moutarde après dîner" brénge bei eise Motiounen, da kéint ee vläicht och einfach soen, dass entweeder brauch Dir ze laang, fir verschidde Saachen ëmzesetzen oder Dir sidd einfach net transparent an de Kommissioune mat verschiddene Saachen, déi ustinn. Well da géinge mer eis Zäit

spueren a mer géingen net iwwert déi Saachen als Motioun diskutéieren. Par contre, anescht wéi d'Kolleege vun der CSV bei eisem Vott sech enthalen hunn, géif ech dës ganz gäre matstëmmen. Ech hunn dat zwar grad nach net ofgeschwat. Op jiddwer Fall steet do, dass mer de Schäfferot invitéieren am Numm vum Gemengerot d'Ëmsetzung vu Rettungspunkten am Bësch virzegesinn, fir eng besser Sécherheet am Bësch ze garantéieren. An ech kéint schonn am Numm vum Gemengerot, a mengem Numm, dat dote mat wëllen ënnerstëtzen. Dat heescht, wann d'Semiray Ahmedova elo averstanen ass, da stëmme mer dat mat.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen.

ROBY GOERGEN (LSAP): Ech kann eng Kéier kuerz drop agoen, well ech selwer och betraff sinn an deem Dossier do. Ech mengen, et ass, wéi gesot, d'Ëmsetzung, déi geschitt. Dat heescht, d'Ëmsetzung, dat ass alles scho fäerdeg. Wéi de Fierschter virdru schonn erkläert huet, hate si e Wiessel vun der Persoun, déi um Projet geschafft huet. Ech ka soen, a mengem Service ass och e Wiessel komm vun där Persoun, déi um Projet geschafft huet. A wéi gesot, viru kuerzem ass de CGDIS mam Fierschter duerch d'Bëscher gaang, déi Rettungspunkten nach eng Kéier kucken. An déi ginn elo gemaach. Also déi sinn an der Maach. Dat heescht, et sinn nach verschidden Hecke vläicht ze schneiden, dass och eng Ambulanz duerchkënnt bis op de Rettungspunkt. Dat ass jo Zil an Zweck vun deene Rettungspunkten, dass d'Gefierer kënnen och dohinner kommen, respektiv d'Leit kënnen esou no wéi méiglech siche goen. A wéi gesot, dat do leeft alles. Do si verschidde Barrièren, déi mussen nach ëmgeännert ginn.

Ech mengen et ass eng, wann ech dat elo nach richteg am Verhalt hunn, an da kënnt do en Zylinder drop, deen d'Rettungsdéngschter hunn, en Universalzylinder. Dass och all RTW, also all Ambulanz aus dem ganze Land do erakënnt bei dee Rettungspunkt kënnt. A wéi gesot, ech mengen, d'Ëmsetzung brauch d'Gemengen net méi ze maachen. Déi ass amgaangen. Dat leeft. Dat ass, wéi de Fierschter och scho virdrun erkläert huet, 2024 soll dat nach fäerdeg ginn. Et ass elo just nach eng Fro vun der Zäit, wéini déi Weeër fäerdeg sinn. An dann déi Schëlter, déi ginn dann och direkt gemaach an da ginn se an de Geoportail gesat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och nach eng Kéier, fir dote Erklärungen.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech maache mech och ganz kuerz. Ech hat där dote Schëlter am Schwarzwald gesinn, an déi waren natierlech schonn e bësse méi al, warscheinlech virun der Zäit vun den Handyen.
An ech hu geduecht, dass hei am Land, wann eppes géif geschéien, kéint een unhand vum Handy lokaliséiert ginn, wéi dat beim Här Steffen och de Fall war, wou hien eng Kéier mam Vëlo gefall war. An net méi spéit wéi elo de Weekend, hate mer mam Här Goergen rieds doriwwer, an deen huet eis erkläert, wat dann awer dee richtegen Zweck do hannendrun ass, an dass déi Schëlter effektiv nëtzlech sinn, net nëmme fir ze wëssen, wou een drun ass, mä och fir ze wëssen, mat wéi engem Gefier een eventuell kéint dohinner fueren, fir eeben da gegeebenefalls eng Persoun da retten ze kommen. Dass dat awer natierlech elo och schonn an all eise Bëscher zukünfteg elo géif gemaach ginn, war aus dem Gespréich elo direkt elo net erausgaangen, mä da si mer e bësse méi clever ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, Merci. Also ech verstinn, dass jo kee wëll, dass, wa Projete scho bekannt sinn, dass dann iergendeng Fraktioun hei mat enger Motioun an de Gemengerot kënnt, fir sech dee Projet, deen et scho gëtt, da selwer op de Fändel ze schreiwen. Dat wär relativ onsportlech, soen ech elo mol, a langweileg a faul. Par contre, Oppositiounsparteie musse sech Saachen iwwerleeën a sech Gedanke maachen an Initiativen eraginn an da ginn se hei wärend deem gewuer, dass et déi Initiativen anscheinend scho gëtt, dann ëmmer mat deem Argument vu superfétatoire ze kommen, ass relativ faul a frustrant fir Oppositiounspolitiker, fannen ech. Ech war an der Presentatioun vun der Ëmweltkommissioun, ech hunn déi ganz Presentatioun, déi mer virdru vum Fierschter gehale kruten, schonn héieren. A komescherweis war do dee Slide net dran, mat deene Sécherheetspunkten, well soss wier dat nämlech och a mengen Notten an soss hätten d'Kolleege vun der CSV dat jo och gewosst.

Ech sinn och Member an der Sécherheetskommissioun an do ass effektiv nach ni dovunner geschwat ginn. Ech weess elo net, ob dat onbedéngt e Sujet ass, deen ee muss an der Sécherheetskommissioun diskutéieren. Op alle Fall, mir sinn do an all de Kommissiounen, wou mer kënne matschaffen, schaffe mer mat. Mir probéieren all d'Informatiounen ze kréien. Mir kréien se net. A wann dann eng Partei eng Initiativ mécht, da gëtt gesot: „Jo, mee dat war scho laang virgesinn an dat war superfétatoire". Mir fannen dat e bëssen onfair. Mir hunn d'Motioun vun deene Grénge matgestëmmt, well mer eigentlech domat d'accord sinn. Mir sinn heimadder am Fong d'accord, mir si frou, dass et da kënnt, egal wéi. Mee mir wäerten dat doten ënnerstëtzen, well mer effektiv och wëllen de Schäfferot invitéieren, am Numm vum Gemengerot d'Ëmsetzung vu Rettungspunkten am Bësch virzegesinn, fir eng besser Sécherheet am Bësch.. Dowéinst wäerte mir se matstëmmen. An da kucke mer, wéi et weidergeet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Ech géif just nach eng Erklärung soen der d'Madamm Thoma: Effektiv hat de Fierschter, wéi mer de Forstplang op der Affilux presentéiert kritt hunn, dee Slide net dobäi. Ech wousst elo net, datt hien esou e Slide hätt. De Fierschter huet et haut gutt gemengt, well ech de Fierschter kontaktéiert hunn, fir hien opgrond vun där Motioun unzeschwätzen, wéi wäit mer sinn. An dunn huet de Fierschter dee Slide, wou mer gesinn hunn, mär als Äntwert ginn. Awer ech hat keng Anung bis haut den Owend nach, dass hie géif dee Slide ma-

tabannen. Hien huet et just gutt gemengt, fir deem virzegräifen. Dat ass d'Erklärung, dass dëse Slide net deemools am Oktober gewise ginn ass. An en ass elo gewise ginn, well hien et gutt gemengt huet. Hie wollt deem virgräifen an dofir huet hien dat gewisen. Dat ass eeben domm gaangen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert. Also, ech muss lech soen, wann Der dat schonn zënter 2023 geplangt hutt, hate mer verdammt vill Sëtzungen, wou Der eis dovunner hätt kënnen erzielen, genau esou wéi an der Presentatioun vun der Ëmweltkommissioun, fannen ech et schued, dass et net dra war, zemools eeben e Saz an dem Dokument dra war vum Aménagement forestier, dass eeben näischt do wier, dann hätt Der kënne vläicht derbäi setzen „mä ass a Planung". Et stoung just do, et ass net do. Genau esou hu mer festgestallt, dass et och net an der Schäfferotserklärung ze liese war. A gläichzäiteg kënne mir och net wëssen, wat hanner verschlossenen Dieren an engem Schäfferot diskutéiert gëtt. Ech mengen, mir sëtzen net derbäi. Also fanne mer, dass et appropriéiert ass, dat zum Vott eranzereechen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Okay, da gi mer zum Vott iwwer. ***Wien ass mat där doter Motioun averstanen? Dat sinn déi Gréng, DP, ADR, déi Lénk an CSV, d'Auteuren. Wien ass net domat averstanen? Dat ass LSAP.***

15. FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER- A GEMENGEROT

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Hei hu mir eng Fro an déi gouf vun deene Grénge gestallt. An do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Voilà. D'Kolleege vun de Gréngen hunn e Froekatalog betreffend de Shared Space am Summer un de Schäfferot geschéckt. Éischtens, wéi vill Panne sinn et an deene leschte sechs Méint ginn, dass de Poller net fonctionéiert huet, wéi et sollt sinn. Bon, do kann ech lech elo keng genau Zuel soen, mä et waren der vill. Fir awer déi zweet Fro kënnen se beäntwerten, mengen ech, wär et mol wichteg, op déi Thematik vun der Feelerquell anzegoen, well déi wichteg ass, fir iwwerhaapt de Rescht ze verstoen. De Problem ass, dass sech d'Automobiliste virun dee Poller tëschent Gänseféisercher geparkt hunn, well se dann eebe kuerz Kommissioune wollte maache goen, an d'Apdikt goen, an d'Epicerie goen. Wat se awer net wossten, dat ass, datt se op enger magnéitescher Spull stoungen, déi de Kontakt zum Poller hierstellt. E Gefier muss sech nämlech op déi Spull stellen, fir dass de Poller reagéiert.

Dat ass eng Sécherheetsmesure, datt dee Poller eeben net erofgeet, wann ee mam Batch oder Techmaster vun e bësse méi wäit laanscht fiert, an eigentlech guer net wëll an d'Niddeschgaass erafueren, well dee

Badge oder deen Techmaster, dat ass esou e Pechbild, nennen ech et elo mol, en Autocollant, deen Dir an d'Fënster vun Ärem Auto pecht. Dee schéckt e Code eraus, deen de Poller opmécht, wann en eeben op där Spull steet. An aktuell hunn d'Gemengegefierer, den TICE, d'Police an de CGDIS esou Badger, fir dass si eeben zu all Moment an d'Niddeschgaass kommen. Wann elo awer esou Gefierer eng gewëssen Zäit op där Spull stinn, ouni sech ze beweegen, da mellt déi magnéitesch Spull eng Feelermeldung an dee Poller, dee geet bei der nächster Aktivatioun, zum Beispill, wann elo de Citybus gefuer kënnt, da gëtt deen an de Sécherheetsmodul geschalt an da bleift deen automatesch erof a fir dat ze behiewen, muss dann en Techniker vun der Gemeng kommen an dee Poller reaktivéieren. Zimmlech kompliziéiert also.

Niewent dëser Problematik ass awer och dräimol een an de Poller gerannt, dat muss de och mol fäerdegbréngen, zweemol dovunner och nach de Weekend, soudass eeben net direkt konnt reagéiert ginn a vun der Gemeng provisoresch Mesurë getraff gi sinn, dat heescht, de Poller gouf erofgelooss, bis dann eeben een e konnt flécken. Zweetens, wéi eng Mesurë ginn an d'A gefaasst, Feelerquell ze behiewen? Bon, fir d'Feelerquell ze behiewen, respektiv se eeben ze miniséieren, hu mer follgend Mesurë getraff. Natierlech permanent Kontroll vun den Agenten an der Niddeschgaass bei deene Polleren eeben, an, wann dann een do stoung, gouf en AT ausgestallt. Mir hunn och nach weider Parkverbuetsschëlter opgestallt gehat. Mat der Entreprise hu mer och gekuckt, déi Zäitspann, éier dee Poller eeben an de Sécherheetsmodus schalt, esou laang wéi méiglech ze maachen.

Mir hunn och eng Demande bei der Police gemaach gehat, fir méi Kontrollen ze maachen, och wärend der Nuecht, well natierlech, d'Leit kucken net no der Auerzäit, wann se sech falsch parken. Mir hunn och weider Blénkluuchten opgestallt, déi op de Poller hiweisen, um Poller selwer an och vir bei der Entrée bei der Parfumerie. Drëttens, wéi vill d'Policekontrolle sinn an deene sechs Méint an der Niddeschgaass duerchgefouert ginn a wéi vill Avertissement-taxéë sinn ausgestallt ginn? Bon, d'Police huet eis gesot, datt se reegelméisseg hir Kontrolle moies a mëttes duerch d'Niddeschgaass gemaach huet - dat sinn déi Patrullen, déi se zu Fouss maachen - an déi Leit och protokolléiert hunn, déi falsch derduerch gefuer sinn oder do geparkt ware mëttes. Si hunn och reegelméisseg hiert Tier, déi se souwisou patrulléieren, an der Niddeschgaass dobäi gehat.

Eng spezifesch Policekontroll, reng nëmmen d'Niddeschgaass gouf aacht Mol gemaach, dëst ëmmer op Ufro dann och vun der Gemeng. Zousätzlech sinn nach eng Kéier zwanzeg Kontrolle fir d'Sécherheet am Allgemenge vun hinne gemaach ginn an zesumme mat eisen Agente goufe ronn 670 ATen ausgestallt. Eng Unzuel ATe fir Falschfueren, dat krute mer aus Dateschutzgrënn allerdéngs net vun der Police matgedeelt.

Am Gemengerot vum 26. Oktober 2023 gouf an enger Motioun, déi mer gestëmmt hunn, jo eng Sensibiliséierungscampagne fir de Shared Space gefuerdert. Den 19. September hunn zwou Schoulklasse vum Strutzbierg zesumme mat der Police an de Gemengeservicer d'Campagne „Fouss vum Gas" lancéiert. Et war eng Vitesskontroll mat Verdeele vun Äppel oder Zitrounen, jee no Vitess eeben, déi d'Leit gefuer sinn.

Véiert Fro, déi Gréng froen dann nach: Goufen aner Sensibiliséierungscampagnen duerchgefouert, notamment fir Reklamm ze maache fir den autofräien Zentrum mëttes? Et waren iwwert d'Aktioun vum 19. September Artikelen an den Dageszeitungen an natierlech op de soziale Medien. Do hate mer ronn 6913 Klicks an 108 Reaktiounen. D'Iddi hei hannendru war eigentlech, d'Kanner als Vektor ze huelen, fir an de Familljen driwwer ze schwätzen. An dës interaktiv Campagne, déi huet iwwregens och d'Police begréisst an an der nächster „Meng Stad" kënnt och nach eng Kéier e klengen Artikel driwwer. Déi Sensibiliséierungscampagne war déi éischt vun e puer Campagnen, déi mer nach geplangt hunn, ënner aneren an der Niddeschgaass, also respektiv eeben am Shared Space.

Am Fréijoer 2025 plange mer eng Aktioun mam Theema Schleek zesumme mat Aktiv Plus an dem Altersheem „De Schleek". Dir kënnt lech virstellen, dee steet fir lues fueren, do lafen dann Artisten am Schleekekostüm ronderëm, déi op d'Theema opmierksam maachen, zesumme mat Leit vun Activ Plus an dem CIPA, déi Stroosseschëlter droe mat Vitesslimitatioun zwanzeg Stonnekilometer an anerer mat Schleeken drop, an deelen den Autosfuerer, déi lues mussen hannert dem Schleek fueren Schnecken aus, Schleeken.

Am Dezember d'nächst Joer kéim dann de Kleesche Boxemännercher a Rutte verdeelen, dat zesumme mam Kannergemengerot. Bei de Schoulen am Fréijoer an am Hierscht, respektiv am Fréijoer oder am Hierscht, do sollen Äppel an Zitrounen erëm eng Kéier mat de Schoulkanner vun de jeeweilege Schoule verdeelt ginn, do wou d'Léierpersonal Interessi weist, fir matzemaachen. An nieft dëser interaktiver Campagne war a gëtt natierlech reegelméisseg an de Publikatioune vun der Gemeng op d'Geforen higewisen.

Fënnefte Punkt: Ginn et Resultater zum Sondage a kritt de Gemengerot dës Resultater virgestallt a wéini ass domat ze rechnen? Do géif ech dem Buergermeeschter dann nach d'Wuert ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol. Et ass jo esou, dass d'lescht Joer am Abrëll dee Sondage gelaf ass wärend engem gudde Mount. Et ass jo virun allem d'Perceptioun ronderëm de Stadkär, respektiv d'Geschäftswelt gaangen. Do goufe souwuel Bierger befrot awer och Händler.
Ech muss soen, dass do am Fong d'Echoe positiv waren, wat am Fong d'Participatioun ugeet, waren 1.241 Bierger a BiergerInnen, déi matgemaach hunn, dovunner 92 Prozent vun Diddeleng. Et ware 55 Händler, déi matgemaach hunn, et ass jo e bëssen drëm gaangen, ze kucken eeben, wat positiv, respektiv méi kritesch eeben halt gekuckt gëtt.

Ech kann hei soen, vu dass d'Unzuel zimmlech grouss ass, sinn déi Auswäertungen amgaangen, gemaach ze ginn, si si quasi fäerdeg an da kann een eng Kéier am Laf vum Joer 2025 dat hei maachen, well, bon, verschidde Punkte sinn net onbedéngt aussokräfteg, dat heescht, et muss een e bëssen och e Lien setzen, sou dass mer dat da kënnen och hei da presentéieren. Voilà, dat dozou. Da kann een dat och an engem informelle Gemengerot maachen, da kann een lech dat weisen. Voilà, dann hätte mer dat duerch an da si mer mam ëffentlechen Deel fäerdeg an da gi mer eriwwer an de Huis clos. •

Ensemble Quartiers Dudelange

Café des Langues

À 19H00–20H30

11.02 / 25.02.2025
25.03.2025
22.04.2025
13.05.2025*
17.06.2025
01.07.2025

ADRESSE :

Au Centre culturel régional « opderschmelz »

1a, rue du centenaire
L-3475 Dudelange

*Le Café des Langues se tiendra au VEWA.

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

opderschmelz

SERVICE LOCAL DE L'EMPLOI

Commission consultative de l'Intégration de la Ville de Dudelange

Inter-Actions
Développement & Action Sociale

www.inter-actions.lu

Pour plus d'informations :
Ensemble Quartiers Dudelange
Tél.: 621 656 660 ou 621 285 149
ensemblequartiersdudelange@inter-actions.lu
www.ensemble-quartiers.lu
/ Ensemble Quartiers Dudelange